

INFO °05 17 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 22. NOVEMBER 2017

[Séance du 26 septembre 2012](#)
[Séance du 7 novembre 2012](#)
[Séance du 10 novembre 2012](#)
[Séance du 7 décembre 2012](#)
[Séance du 14 décembre 2012](#)
[Séance du 6 février 2013](#)
[Séance du 6 mars 2013](#)
[Séance du 24 avril 2013](#)
[Séance du 12 juin 2013](#)
[Séance du 26 juin 2013](#)
[Kannergemengero 2013](#)
[Séance du 24 juillet 2013](#)
[Séance du 18 septembre 2013](#)
[Séance du 6 novembre 2013](#)
[Séance du 8 janvier 2014](#)
[Séance du 22 janvier 2014](#)
[Séance du 29 janvier 2014](#)
[Séance du 12 février 2014](#)

Conseil communal du 22 novembre 2017

Conseillers présents

Roberto Traversini (bourgmestre, déi gréng), **Tom Ulveling** (1^{er} échevin, CSV), **Georges Liesch** (échevin, déi gréng), **Laura Pregno** (échevine, déi gréng), **Robert Mangen** (échevin, CSV), **Paulo Aguiar** (déi gréng), **Guy Altmeisch** (LSAP), **Fred Bertinelli** (LSAP), **Christiane Brassel-Rausch** (déi gréng), **Gary Diderich** (déi Lénk), **Serge Goffinet** (LSAP), **Jerry Hartung** (CSV), **Fränz Meisch** (DP), **Erny Muller** (LSAP), **Yvonne Richartz-Nilles** (déi gréng), **Ali Ruckert** (KPL), **Christiane Saeul** (DP), **Fränz Schwachtgen** (déi gréng), **Guy Tempels** (CSV)

Ordre du jour

1. Premier discours des nouveaux conseillers communaux.



2. Déclaration du nouveau collège des bourgmestre et échevins — présentation du programme de coalition.



3. Tableau de préséance du conseil communal.



4. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:

- a. Modification ponctuelle du PAG au lieu-dit «Route de Pétange» à Niederkorn – vote du conseil communal suivant article 14 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;
- b. Projet d'aménagement particulier au lieu-dit «Ronsweisen» à Oberkorn — convention et plans d'exécution pour les lots 1 et 2.

Infos & renseignements



Liens rapides

[Agenda](#)
[Annuaire](#)
[Carnet du citoyen](#)
[Démarches administratives](#)
[Formulaires administratifs](#)
[Galerie photos](#)
[Informationsblat](#)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT 05 17

COMPTE-RENDU DU 11 NOVEMBRE 2017

4-75

ETAT CIVIL

77-79

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
 Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 000 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Claude Piscitelli

INFOBLAT, imprimé sur du papier 100 % recyclé
 L'Infoflat est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 05/2017, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

f Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 22 NOVEMBRE 2017

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangan, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)

Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Premiers discours des nouveaux conseillers communaux.
2. Déclaration du nouveau collège des bourgmestre et échevins – présentation du programme de coalition.
3. Tableau de préséance du conseil communal.
4. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:
 - a) Modification ponctuelle du PAG au lieudit «Route de Pétange» à Niederkorn – vote du conseil communal suivant article 14 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;
 - b) Projet d'aménagement particulier au lieudit «Ronnwisen» à Oberkorn – convention et plans d'exécution pour les lots 1 et 2.
5. Finances communales:
 - a) Première modification ordinaire de l'exercice 2017;
 - b) Diverses augmentations/diminutions de crédits extraordinaires;
 - c) Fixation du taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2018;
 - d) Fixation du taux de l'impôt commercial pour l'exercice 2018.
6. Enseignement fondamental: occupation des postes 2017-2018 – listes définitives.
7. Actes et conventions:
 - a) Acte de vente d'un terrain de 2,82 a au lieudit «Cité Galerie Hondsbësch» à Niederkorn;
 - b) Acte de vente d'un terrain de 1,32 a au lieudit «Route de Belvaux» à Oberkorn;
 - c) Actes d'échanges sans soulte portant sur des terrains au lieudits «Zwischen Lanterbaennen, Mathendahl, Route de Pétange» à Niederkorn et «Rue Kelvert, Avenue de la Liberté» à Differdange;
 - d) Convention de cofinancement avec l'État du grand-duché de Luxembourg relative au projet 1535° creative hub;
 - e) Contrat de bail avec la garderie «Au pays d'Eden» au rez-de-chaussée du «Markenhaus» à Differdange;
 - f) Contrat de bail au 1535° creative hub;
 - g) Contrat de mise à disposition d'un logement d'urgence;
 - h) Contrat de bail avec Tango SA pour l'installation d'un système de mobilophonie à Oberkorn;
 - i) Convention avec une société coopérative pour la mise à disposition d'une partie de la toiture de la Maison des jeunes Fousbann afin d'y exploiter une installation photovoltaïque.
8. Office social de Differdange:
 - a) Bilans et comptes de profits et pertes des exercices 2014 et 2015;
 - b) Budget rectifié 2017 et budget initial 2018.

9. **École de musique: organisation scolaire définitive 2017-2018.**
10. **Personnel communal:**
 - a) Convention collective de travail des salariés des communes du sud;
 - b) Adhésion à la convention collective du secteur SAS pour les salariés des structures d'accueil.
11. **Proposition de classement d'un immeuble sis au no 5 de la rue du Couvent à Differdange sur l'inventaire des monuments nationaux – avis communal.**
12. **Règlements communaux:**
 - c) Modifications du règlement de circulation;
 - d) Règlements temporaires de circulation;
 - e) Relevé des nuitsblanches officielles 2018.
13. **Nomination des délégués représentant la Ville de Differdange dans les syndicats de communes.**
14. **Commissions consultatives: nomination des membres permanents ainsi que des présidents.**

1. Discours des nouveaux conseillers

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen, Dir Hären, mir géife mat eiser Sëtzung vum 22. November 2017 ufänken. Déi éischt Sëtzung no de leschte Gemengewahlen. No engem laange Wahlkampf. No ville Saachen, déi versprach gi sinn, a ville Saachen, déi gesot gi sinn, wënschen ech iech op alle Fall alles Guddes. Felicitatioun fir är Mandater. Dat ass net näischt, wann een däerf an der Gemeng Déifferdeng am Gemengerot sëtzen. Dofir meng Felicitatiounen un iech alleguerten.

Ier ech d'Wuert un eis nei Conseillëren a Conseillere ginn, wëll ech mer d'Fräiheet huelen, zwee dräi Wieder ze soen. Éischtens emol begréissen ech, eis néng nei Conseilleren am Gemengerot wëllkomm ze heeschen. De Gemengerot huet sech zur Halschent erneiert.

A mengem perséinlechen Numm, wëll ech alle Wieler a Wielerinne Merci soen, déi mech a meng Partei gestärkt hunn. Dat waren der net wéineg – dat war hallef Déifferdeng –, déi mer hiert Vertraue ginn hunn, fir mat ze decidéieren, wou eng Stad soll higoen. Ech versichen déi nächst sechs Joer wéi déi zwielef Joer virdrun déi ganz Energie, déi ech an deem Wahlowend kritt hunn, erëm auszeginn. An dat bannent sechs Joer.

Ech wäert all Dag opstoen, wéi ech dat déi lescht zwielef Joer gemaach hunn. Mäin éischte Gedanke war ëmmer un d'Gemeng geriicht. Wéi et dëser Gemeng ka besser goen, wat ee vläicht falsch gemaach huet, wat ee vläicht nach besser ka maachen. Ech versprechen iech, datt dat ëmmer mäin éischte Gedanken ass a wäert sinn. A wann et eng Kéier net méi esou wäert sinn, wäert ech och deen Éischte sinn, dee seet, et ass vläicht besser, et hält een aneren déi Fonctioun. Mä gedëllegt iech, ech hu vill Energie den 8. Oktober 2017 kritt.

A mengem Schlusswuert wëll ech mengen ale Koalitiounspartner Merci soen, fir déi véier gutt Joren, wou mer zesummeschafft hunn. Dat war wierklech ganz hëllefriich fir mech perséinlech, awer och fir d'Stad Déifferdeng. Am speziellen Dir e Merci Erny fir deng gutt Zesummenaarbecht fir d'Stad Déifferdeng.

Elo géife mer zu den Discourse kommen. Ech géif proposéieren, datt mer eng Kéier lénks, eng Kéier riets ginn. Da géif ech riets ufänke mam Här Goffinet. Här Serge Goffinet, Dir hutt d'Wuert.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Dëst ass mäin zweeten Discours als frësch gewielte Member vum Conseil. Éischtens wollt ech emol de Bierger alleguerte Merci soen, déi mech gestëmmt hunn an déi mir domadder d'Méiglechkeet ginn, fir d'LSAP am Gemengerot ze sëtzen an hei ze vertrieeden.

Mir gehéiere leider net zu de Wahlgewënner. Mä ech brauch mech net ze schummen, wann ech hei soen, dass mer ganz gutt Aarbecht déi lescht Jore gelescht hunn an dass mer vill gemaach hunn, fir dass dës Stad sech besser weiderentwéckelt.

Leider entwéckelt sech eis Stad net iwuerall ëmmer esou richteg, wéi et soll sinn, well mer hei am Land einfach ze schnell wuessen. Och Déifferdeng wiest zäitweis ze schnell. Doduerch hu mer och des Ëfteren – wat ech iwwert den Office social weess – Problemer am Wunnensbau. Besonnesch och am bezuelbare Wunnensbau an am Verkéier. Dat ass jo och bekannt.

E puer vun deenen anere grouse Problemer zu Déifferdeng, déi net ëmmer gäre genannt ginn, sinn d'Ënnerbesetzung vun der Police – do soll sech jo definitiv eppes doen –, d'Drogeproblematik, déi definitiv och muss an de Grëff geholl ginn, d'Gewalt am Stot – haut war nach e grësseren Artikel am Lëtzebuerger Wort an do si mir och net ganz gutt – an d'Gewalt ënner Kanner, oft duerch d'Gewalt am Stot bedéngt.

Mir kënnen déi schéinste Stad schafen. Wa mer déi Problemer net an de Grëff kréien, hu mer e risege Problem. Mir hunn also do akuten Handlungsbedarf.

En anere wichtege Punkt ass d'Schoulpolitik. Ech war mol dobäi, wou mer d'Initiativ ergraff hunn, e Lycée zu Déifferdeng ze fuerderen.

Déi Persoun, déi do ganz vill Initiativ gewisen hat, ass elo viru Kuerzem gestuerwen: den Zahlesen Arm. D'Iddi war ganz einfach: Eis Kanner sollten

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ouvre la première séance après les élections communales. Il souhaite bonne chance à tous les conseillers communaux et les félicite pour leurs mandats. Faire partie du conseil communal de Differdange n'est pas rien.

Avant de leur céder la parole, Roberto Traversini souhaite la bienvenue aux neuf nouveaux conseillers communaux.

Il remercie les électeurs qui ont renforcé son parti et qui l'ont renforcé personnellement. Au cours des 6 prochaines années, il compte dépenser l'énergie que sa victoire électorale lui a donnée, et ce, comme il l'a fait ces 12 dernières années. Chaque matin, sa première pensée va à la ville de Differdange et aux façons de l'améliorer. Le jour où ce ne sera plus le cas, il sera le premier à reconnaître qu'il doit laisser sa place. Mais il a encore beaucoup d'énergie.

Il remercie enfin ses anciens partenaires de coalition et en particulier M. Muller.

Il cède la parole aux nouveaux conseillers communaux et propose de commencer par M. Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP) *remercie ses électeurs, qui lui ont donné la possibilité de représenter le LSAP au sein du conseil communal.*

Malheureusement, les socialistes n'ont pas gagné les élections. Pourtant, ils ont réalisé du bon travail au cours des dernières années pour développer la ville.

D'une manière générale, le pays croît trop vite. Differdange a notamment des problèmes de logement et de circulation.

D'autres problèmes concernent le manque de policiers, la drogue, la violence conjugale — un article à ce sujet figurait aujourd'hui dans le Luxemburger Wort — et la violence entre enfants, qui est liée à la violence conjugale. Differdange peut devenir la plus belle ville, mais si elle ne trouve pas de solutions, elle continuera à avoir un gros problème.

Pour ce qui est de l'enseignement, Serge Goffinet a soutenu l'initiative pour la création d'un lycée. Les enfants doivent pouvoir aller à l'école à Differdange. Le lycée actuel ne le

1. Discours des nouveaux conseillers

permet qu'en partie puisqu'il n'accueille que 50 % de Differdangeois. Il faut donc un lycée technique ou classique adapté aux besoins des enfants differdangeois et si possible plus petit que celui de Pétange. Le collège échevinal compte d'ailleurs aménager des écoles primaires plus petites afin de minimiser certains problèmes.

Serge Goffinet passe à la construction de la nouvelle maison de soins. Il souhaiterait savoir pourquoi ce projet traîne en longueur.

La connexion directe au réseau de chemin de fer fait partie de tous les programmes électoraux depuis des années.

Serge Goffinet mentionne le tram. Il passe ensuite à la question de la capitale européenne de 2022. Differdange devra marquer cet événement et faire en sorte qu'il se transforme en succès.

Pour conclure, Serge Goffinet souhaite bonne chance au collègue échevinal et au conseil communal. Comme l'a souligné le bourgmestre, les intérêts communaux doivent primer sur les intérêts politiques et personnels.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH

(déi gréng) va prononcer un discours parce qu'on le lui a demandé. Elle a le trac bien qu'elle ait l'habitude de s'adresser aux gens parce qu'elle est actrice. Mais ce qu'elle vit aujourd'hui est une première pour elle.

Faire partie d'un conseil communal élu par le peuple constitue un grand honneur. Elle remercie tous ceux qui ont voté pour déi gréng et pour elle.

Christiane Brassel-Rausch est mariée et a deux enfants. Elle vit à Differdange depuis 1988. Avant, elle habitait à l'étranger. C'est l'amour qui l'a conduite à Differdange.

Elle se dit prête à relever ce défi avec joie et curiosité, comme elle le fait habituellement pour chaque nouvelle expérience. Elle a toujours trouvé important de s'engager pour des causes. C'est ce qui l'a fait avancer.

Plus elle y réfléchit, plus elle constate que son lien avec Differdange va au-delà de l'amour. Ses grands-parents y ont vécu et tra-

d'Méiglechkeet kréien, zu Déifferdeng an de Lycée kënnen ze goen. Mat deem Lycée, dee mer elo hunn, ass dat awer nëmme begrenzt. Et ass nëmme d'Hal-schent vun den Déifferdenger Kanner, déi iwwerhaupt do kënnen an de Lycée goen. Mir brauchen e Lycée, dee fir eis Kanner ugepasst ass, ob dat am Technique oder am Classique ass. A wa méiglech keen esou ee risege Lycée, wéi dat zu Péiteng de Fall ass.

Laut der Schoulpolitik wëll d'Gemeng jo och op dee Wee goen, dass souguer an de Primärschoule méi kleng geduecht gëtt an dass doduerch d'Problemer och minimiséiert ginn.

En anere Punkt, deen och extrem wichteg ass, ass de Bau vun engem neie Fleegehem. Dat schleeft an dat schleeft. Do kënn vläicht een eng Kéier eng Erklärung, ob dat u Servior hänkt oder un anere Problemer.

D'direkt Ubanne vun der Eisebunnstreck hate mer schonn zënter Joren hei zu Déifferdeng an all Wahlprogramm, ob dat schwaarz, rout, gréng oder wat och ëmmer war.

D'Schafe vun engem Südtram.

Da kënn ee vun deene gréisste Problemer. Ech wëll net Problem soen, mä en Dram: D'europäesch Kulturhauptstad 2022 muss Déifferdeng onbedéngt prägen a muss staark si fir eis Region. Dat ass profitabel fir eis Gemeng iwwert déi nächst Joren. Dat soll mol gewosst sinn. Do soll och esou vill wéi méiglech Energie dra gestach ginn, dass dat e Succès gëtt.

Dat sinn nëmme e puer Punkten, déi ech hei wëll ernimmen, déi a mengen Aen awer eng grouss Prioritéit hunn.

Ech wëll, fir ofzeschléissen, deem neie Gemengerot a Schäfferot eng glécklech Hand wënschen. A wéi de Buergermeeschter scho gesot huet, dass d'Interessie vun der Stad ëmmer virun de Parteiinteressien a perséinlechen Interessie stinn. Da si mer um richtege Wee.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci Här Goffinet.

Madamm Christiane Brassel-Rausch.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, Här Buergermeeschter, léiwe Schäfferot, léif Conseilleren, mir hu gesot kritt, mir missten eng Ried halen. Also halen ech elo eng Ried. Ech muss awer zouginn, dass ech e bëssen nervös sinn. Obwuel ech gewinnt sinn, Rieden ze halen, well et mäi Beruff als Schauspillerin ass virun de Leit ze schwätzen. Mä dat heiten ass elo eng Première. Eng aner Première wéi déi, déi ech e puermol am Joer am Theater hunn. Dofir vläicht och déi liicht Nervositéit, well et nei ass. A well et eppes Extraes ass.

En Deel vun engem Gemengerot ze sinn, dee vun de Bierger gewielt ginn ass, ass eng grouss Éier. Dofir wëll ech all de Leit Merci soen, déi mech an déi gréng Partei gewielt hunn an déi et domadder erméiglecht hunn, dass ech elo déi Ried halen.

Well ech eben elo nei sinn an deem Gremium, wollt ech mech einfach emol virstellen. Mäin Numm ass Christiane Rausch. Ech si bestuet mam Emile Brassel a Mamm vun zwee Kanner. Hei an der Gemeng wunne mir zanter 30 Joer. Zanter 1988. Virdu war ech zéng geschloe Joer am Ausland. A verschidene Länner, fir ze studéieren a fir ze schaffen. D'Léift huet mech op Déifferdeng verschloen.

Elo sinn ech hei. Nach ëmmer verléift. An am Gemengerot. Eng ganz nei Erfahrung. An och des nei Experienz, dësen neien Defi, wëll ech unhuele mat Freed a mat Virwëtz. Souwéi ech dat bis elo meeschtens bei allem Neie gemaach hunn. Et war mer ëmmer wichteg, e perséinlecht Engagement an Interessie ze hunn. Dat huet mech dann och ëmmer weidergoe gelooss.

Wann ech esou driwwer nodenken, muss ech soen, dass mäi Lien mat Déifferdeng allerdéngs net nëmme mat der Léift zesammenhänkt. Meng Boma a mäi Bopa hunn hei zu Déifferdeng ge-

1. Discours des nouveaux conseillers

schafft a gelieft. Si sinn och hei zu Déifferdeng op Transport gaangen. Aus der Biergstrooss op Mauthausen.

An d'Bom ënnerwee op Borgau. Si sollten allen zwee ermuert ginn. Mä wéi duerch e Wonner, hu se et allen zwee iwverlieft. Ech wëll dofir dem vieregte Gemengerot villmools Merci soen, dass se menge Grousselteren déi grouss Eier erweisen hunn, eng Strooss no menger Bom ze benennen.

Meng Tatta huet am Alter vu 14 Joer d'Brout op Zowaasch mam Auto gefouert. Dat konnt een déi Zäit maachen. Dat war net verbueden. Well mäi Bop war Bäcker. Dat geet haut elo net méi.

Wéi gesot, et besteet schonn ëmmer méi en emotionale Lien – ech mengen dir mierkt et – zu dëser Stad a si war ëmmer präsent bei eis doheem zu Esch.

Meng Fro ass: Firwat sëtzen ech elo hei am Gemengerot an däerf dës Ried halen? Well ech als Kandidatin vun de gréngen Déifferdeng gewielt gi sinn.

Firwat déi gréng Déifferdeng? Ganz einfach: An de 70er Joren – dat ass scho laang hier – ass et tatsächlech esou eng abstrus Iddi ginn, fir en Atomkraaftwierk op Rëmerschen ze bauen. Dat muss ee sech einfach emol virstellen. Mir hunn et elo zu Kettenuewen, mä et wollt een et op Rëmerschen bauen.

Do huet eng gewësse Madamm Kox vu Rëmerschen eng Initiativ gegrënnt. Déi huet „Biergerinitiativ Museldall“ geheescht, BIM. Dat war eng Biergerinitiativ, déi immens vill Leit rassembleiert huet, politescher wéi net politescher, rouser, schwaarzer... Déi gréng sinn et deemools nach net ginn, awer et ass eng ganz grouss Bewegung komm. An an déi Bewegung sinn ech eben du mat erageklommen.

Mäi Papp war Geschäftsmann zu Esch. Deen huet där Biergerinitiativ Museldall géint den Atomreakter zu Rëmerschen eng grouss Geschäftsvitrinn am Zentrum vun Esch zur Verfügung gestallt, wou se dann all hiert Material konnten histellen.

Mäi Papp war e politesche Mënsch, mat deem ech konnt diskutieren a streiden – politesch wuel verstanen –, well mer

net ëmmer där nämlecher Meenung waren a virun allem politesch net ëmmer an déi nämlechte Richtung gezu sinn. Ech erwänen et, well ech denken, dass et wichteg ass, well dat forméiert a well et Kanner prägt.

Eng aner Prägung war d'Schoul. Et ass net ëmmer esou fein hiergaangen an der Schoul, wéi et haut ass. Mä wann s de Proffen has a wann s de Gudder has, hunn déi der eppes Wichteges bäibruecht. Nämlech ganz einfach selwer ze denken. Déi richteg Froen ze stellen. Alles an e Kontext ze setzen an Zesammenhäng ze erkennen. Am Fong ass et schued, dass een dat ëmmer eréischt mierkt, wann et ze spéit ass.

D'Schoul huet sech an de 70er Jore ganz un déi politesch Bewegung an un déi politesch Zäit ugepasst. Ech widerhuelen et gär: Ech hu gären a vill an der Schoul geléiert. Dat war net nëmme fir mech de Fall, well e puer Kommilitone sinn haut a ware fréier an deene verschiddenste Regierungen. D'Jugend war politesch interesséiert. Ech erwänen dat, well ech et einfach immens wichteg fannen, dass dat och erëm en Zil gëtt, fir haut jonk Leit an d'Politik mat eranzehuelen.

Et goufen aner Mouvementer. Et goufen den MLF, de Mouvement de la libération de la femme, eng wichteg Bewegung déi Zäit. Well si huet eis jonke Meedercher einfach d'Aen opgemaach. Egal ob ee mat hinnen averstane war oder net. Et war politesch eng bewegten Zäit, déi vill bewierkt huet.

Wéi ech op Lëtzebuerg zrëckkomm sinn op Déifferdeng, huet ee gewësenen Här Schwachtgen mech gefrot – dat war esou Enn den 80er, ufanks den 90er –, ob ech interesséiert wier, fir op eng nei gréng Lëscht matzegoen. Jo, firwat net? A firwat hunn ech mech do engagéiert? D'Ëmwelt an d'Antiatombewegung waren déi konkret Ausléiser. Mä et gouf och nach aner déif Gefüller vu Gerechtegkeet an Ongerechtegkeet. Ech weess ganz genau, dass ech als Kand schonn immens traureg war, wann an der Schoul iergendeppes Ongerechtes geschitt ass oder een ongerecht behandelt ginn ass.

Ongerechtegkeet ka mech haut nach zur Wäissglut bréngen, wëll ech just einfach soen. Déi kleng Ongerechteg-

vaillé avant d'être déportés à Mauthausen et Borgau. Ils auraient dû mourir, mais par miracle, ils ont survécu tous les deux. Christiane Brassel-Rausch en profite pour remercier le collègue échevinal précédent d'avoir donné le nom de sa grand-mère à une rue.

La tante de Christiane Brassel-Rausch amenait le pain à La-sauvage en voiture. Son grand-père était boulanger.

Tout ceci explique le lien qu'elle a toujours eu avec Differdange même quand elle habitait à Esch.

Elle constate qu'elle fait désormais partie du conseil communal de Differdange parce qu'elle a été élue comme candidate écologiste. Elle rappelle que dans les années 70, il était question d'ouvrir une centrale nucléaire à Remerschen. Aujourd'hui, la centrale se trouve à Cattenom. À l'époque, Mme Kox de Remerschen a lancé l'initiative Biergerinitiativ Museldall ou BIM contre cette centrale. Cette initiative rassemblait des gens de tous bords. Déi gréng n'existaient pas encore. Le père de Christiane Brassel-Rausch, qui était commerçant à Esch, a mis une vitrine à disposition de l'initiative.

C'était quelqu'un qui s'intéressait à la politique et avec lequel elle se disputait souvent, car ils ne partageaient pas les mêmes idées. Mais cela l'a marquée et formée.

Elle se souvient aussi de l'école. Les bons professeurs permettaient à leurs élèves de réfléchir par eux-mêmes et de se poser des questions. Malheureusement, on s'en rend compte trop tard.

Christiane Brassel-Rausch aimait aller à l'école et constate que nombre de ses camarades de l'époque ont participé à différents gouvernements. Les jeunes s'intéressaient à la politique et elle voudrait que cet intérêt existe encore aujourd'hui. Dans ce contexte, elle cite aussi d'autres mouvements comme le Mouvement de libération de la femme.

À la fin des années 80, M. Schwachtgen lui a demandé si elle voulait faire partie de déi gréng. Elle avait toujours été sensible aux questions écologiques, mais aussi à l'injustice. Aujourd'hui encore, elle bouillonne face aux petites injustices du quoti-

1. Discours des nouveaux conseillers

dien comme les inégalités entre les hommes et les femmes et les injustices sociales. À l'époque, il lui semblait que déi gréng apportaient des réponses plausibles à ces questions. Et c'est pourquoi elle a décidé de s'engager dans la politique.

Entretemps, elle a été présidente de la commission à l'égalité des chances. Elle a fait partie de la commission scolaire et de la commission des finances. En effet, elle voulait savoir comment tout cela fonctionnait. Depuis quelques années, elle est aussi la présidente de la section differdangeoise de déi gréng.

Après les élections, un haut responsable politique lui a dit qu'elle était trop âgée pour se lancer dans une campagne politique.

(Rires)

Ce qui l'a dérange dans cette remarque, c'est qu'en fait, elle ne veut pas faire de carrière politique. Ce qu'elle veut, c'est s'engager en tant que femme et partager ses idées là où elles sont demandées.

Être conseillère communale est un honneur et une responsabilité. Dans les pays voisins, on voit à quel point cette responsabilité est grande pour éviter que des tendances dangereuses ne prennent le dessus.

En tant que débutante, Christiane Brassel-Rausch espère que la collaboration au sein du conseil communal se passera bien. Après tout, il est question de la commune et des habitants de Differdange. Tout le monde a à y gagner.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

signale que lui aussi a le trac avant chaque séance du conseil communal. Cela prouve que les séances restent excitantes.

GUY ALTMEISCH (LSAP)

estime que les conseillers communaux doivent se connaître entre eux. Il se présente donc. Il a 58 ans. Il est marié et père de deux garçons de 19 et 31 ans. Il habite à Differdange depuis 38 ans. Il a travaillé dans les forces de l'ordre pendant quarante ans avant de prendre sa retraite il y a trois ans. C'est à ce moment-là qu'il a décidé de s'engager dans la politique.

Il remercie ceux qui ont voté pour lui et les socialistes. Il veut améliorer la qualité de vie à Differdange.

keeten am Alldag. Geschlechterongerechtheet. Firwat verdénge Fraen haut nach ëmmer manner wéi Männer? Firwat si Fraen nach ëmmer sou wéineg präsent an decisive Posten? Déi Sozialgerechtheet. Firwat hunn déi eng esou vill? Firwat hunn déi aner sou wéineg?

Déi Lëscht kéint een nach ganz laang weiderféieren. Ob jiddwer Fall hunn déi gréng mir deemools plausibel Äntwerte ginn op meng Froen.

Ech géif soen, dat sinn déi zwou ausschlaggebend Beweggrënn firwat ech mech politesch engagéiert hunn.

Wat hunn ech Opweises am Kader vum politeschen Engagement? Ech war Presidentin vum der Chancëgläichheetskommissioun. Ech war laang an der Schoulkommissioun. Ech hu mech an d'Finanzkommissioun gemellt aus deem virdrun erwäante Grond. Aus dem Virwëtz. Wéi geet dat? Wéi funktionéiert dat? Ech wollt dat wëssen. An ech si mëttlerweil och zënter enger Rei Jore Presidentin vum der Sektoun déi gréng hei vun Déifferdeng.

Als Ofschloss wëll ech en héije Politiker zitieren, dee mer no de Wahle sot: Chrëscht, meng Felicitatiounen. Mä an dengem Alter ass et ze spéit, fir eng politesch Carrière ze maachen.

(Hilaritéit)

Ech hu laang gebraucht, fir erauszefannen, wat mech un deem Saz do géif stéieren. Mä elo weess ech et. Ech wëll iwwerhaupt keng politesch Carrière maachen. Ech wëll mech einfach engagieren als Mënsch an als Fra. Ech wëll mäi Pefferkär bäileeën do, wou ech kann, a meng Meenung do soen, wou se gefrot ass. An heiansdo och do, wou se net gefrot ass.

Et ass eng Eier, wéi ech virdu gesot hunn, mä ech si mer och duerchaus bewosst, dass et eng grouss Responsabilitéit ass, hei dierfen ze sätzen. A virun där Responsabilitéit hunn ech e ganz grouse Respekt a wäert alles maachen, fir se ze assumieren.

An eisem Nopeschland gesi mer momentan ganz aktuell, wéi grouss d'politesch Responsabilitéit ka sinn a muss sinn, fir ze verhënneren, dass mer a

politesch geféierlech Tendenzen erarutschen, an esou mouvementéierten Zäite wéi elo. Ech hoffen, dass ech d'Kraaft an d'Energie dofir hunn.

A wann ech mer eppes dierft wënschen als Novizin, also als een, deen net weess, wéi et hei leeft, géif ech elo soe souwéi am Mäerchen: Eng gutt Zesummenaarbecht vun eis all Gewielten an dësem Gremium am géigesäitige Respekt. Well et geet net ëm eis. Et geet ëm d'Gemeng. Et geet ëm d'Stad Déifferdeng. An et geet ëm d'Bierger aus der Stad Déifferdeng. Ech wënsche mer, wa mer dat fäerdeg bréngen, huet jiddweree gewonnen.

Villmools Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Rausch-Brassel Christiane. Zur Opreegung: Ech si säit zwielef Joer nach ëmmer grad esou opgereegt virun all Gemengerotssitzung wéi déi éischte Kéier. Ech fannen et och gutt, datt et esou ass. Dat weist, datt et ëmmer ganz spannend ka sinn.

Ech géif dann dem Här Altmeisch Guy d'Wuert ginn.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn der Meenung, wann een an engem Gremium schafft wéi dat heiten, an engem Gemengerot, ass et och wichteg, dass een deen anere kennt. Dass ee vun deem anere kleng Detailer weess. Dass ee weess, wou ee wunnt. Dofir wëll ech ufänken, e bësse vu mir selwer ze zielen. Mäin Numm gesitt der hei um Panneau viru mer. Ech sinn 58 Joer al, si bestuet a stolze Papp vun zwee Bouwe vun 19 an 31 Joer.

Wunnen dinn ech an der Gemeng säit 38 Joer. Ech hu 40 Joer an der Police geschafft. An ech hunn d'Chance, säit dräi Joer an der Pensioun ze sinn. An deenen dräi Joer, wou ech elo a Pensioun sinn, hunn ech mech politesch – well dat virdrun net méiglech war – méi engagéiert. A sinn dunn och mat an d'Wahle gaangen.

1. Discours des nouveaux conseillers

Ee grouse Merci wëll ech un déi Leit ginn, déi um Wahlsonndeg u meng Partei an u mech geduecht hunn. Mäin Zil ass et, d'Liewensqualität an eiser Gemeng an allen Hisiichten ze verbesseren. Et muss Spaass a Freed maachen, en Déifferdenger ze sinn.

Ech maache mech staark fir eng Verbesserung vun der Verkéierssituatioun. Sécher Vélosweeër, de séchere Schoulwee, mat Ënnerstëtzung vu Schülerlotsen. Bezuelbaren, angenehmen a flotte Wunnraum zu Déifferdeng fir all Generatioun. An all Veräin muss d'Méiglechkeet bestoe vun enger propperer, eiser Zäit entsprecher Sports- a Fräizäitinfrastruktur ze profitieren. Dës Beräicher mussen ëmmer begleet gi vun engem Sécherheetsgefill. E Sécherheetsgefill zu all Moment, op all Plaz a fir all Alter.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. D'Madamm Laura Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Häre Schäffen, Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, wann déi aner nervös waren... Majo ech sinn et nach e gudde Pak vill méi.

Et ass mer awer ëmsou méi eng grouss Eier, déi Plaz hei an direkt als drëtze Schäffen – ech hunn och nach net erausfonnt, ob ech elo soll Schäffin mat Sch oder mat Ch, also wéi ech dat elo wierklech soll ausdrécken am Lëtzebuergeresch – vun der Gemeng Déifferdeng däerfen ze besetzen.

Dës Eier kënn aus verschiddene Grënn. Ech sinn zwar en Zolwer Meedchen, sinn och do grouss ginn, ech hunn awer och vill Zäit an der Montée du Wangert verbruecht. Ech ka mech gutt erënneren, dass ech ëmmer mat menger Milchschnitte aus dem Zentrum dann do hu missen eroptrëppelen. Ech war awer ganz stolz, dass ech esou e kleng Kierfchen hat, fir déi aus dem Buttek heem ze droen.

An esou ass och u sech d'Geschicht vun eiser Famill enk mat der Stad verbonnen. Meng zwee Grousspappen hunn an de Minière respektiv an der Hadir geschafft. Op den Dag genau viru fënnef Joer, sinn ech op Déifferdeng geplënnert. Et war net just dat schéint Haus am Péitenger Wee an déi léif Nopesch, déi domadder verbonne waren, mä et war natierlech och déi Villschichtegkeet vun deser Gemeng an d'Méiglechkeet, mech hei politesch aktiv kënnen ëm d'Geschéie vun der Stad Déifferdeng ze bedeelegen, déi des Decisioun definitiv méi standfest gemaach hunn.

Politesch Bedeelegung ass wuel dat ausschlaggebend Wuert. Net ëmmer mam Kapp wénken a Jo soen. Dat konnt ech ganz fréi an ech mengen, ech hu mengen Elteren e puer gro Krauselen do weider bescheert.

Argumentieren an diskutieren hunn ech awer misse léieren. Meng Mamm huet alt ëmmer gesot: Laura, géff dech. Hal op. Sief diplomatesch. Net ëmmer mam Kapp duerch d'Mauer. Ech hunn hir dat zwar ni gegleeft. Mä mat de Joren hunn ech awer gemierkt, dass se do e bësse Recht hat.

Mir haten och ëmmer spannend Diskussiounen doheem. A mat Momenter wouss mäi Papp mat senge psychologesche Rotschléi zwar och net méi weider. Mä si hunn et awer fäerdeg bruecht. Si hu mir déi néideg Wuerzele ginn an et erméiglecht, dass ech Äscht hunn, déi a ganz vill verschidde Richtunge gewuess sinn. An ech hu mäi Wee gemaach.

Elo sëtzen ech hei. Ech hat e laange Wee bis heihinner. Deen huet ugefaangen am Escher Schülercomité vum Jonglycée. Duerno am Zolwer Jugendhaus, wou ech mech vill bedeelegt hunn op Jugendforumen, gell Gary? An duerno bei deene Gréngen zu Suessem.

Mäin Nonno, deen zum klengem Gemengerot beim Kiosk vum Park Gerlache gehéiert huet, sot zwar ëmmer, ech hätt definitiv déi falsch Parteikaart. Mä e wär awer houfreg gewiescht, wann en dëst héieren hätt.

Dës Parteifaarf huet fir mech ni zur Diskussioun gestanen. Nieft de sozialpolitesche Froen, hunn ech mech vu jonkem u fir eise Planéit interesséiert.

Parmi ses priorités figure l'amélioration de la situation sur les routes, la sécurité sur les pistes cyclables et sur le chemin de l'école, le logement pour toutes les générations et la mise à disposition de structures adéquates pour les associations. Le tout doit s'accompagner d'un sentiment de sécurité partout et pour tout le monde.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) est probablement bien plus émue que les autres. Elle se dit honorée de pouvoir faire partie du conseil communal en tant que troisième échelonne de la Ville de Differdange. Elle est née à Soleuvre, mais a longtemps vécu dans la montée du Wangert et se souvient qu'enfant, elle rentrait à la maison tous les jours avec des tranches au lait Milchschnitte. Elle était fière d'avoir un petit panier dans lequel les transporter.

L'histoire de sa famille est liée à Differdange. Ses deux grands-pères ont travaillé à la mine et à l'usine. Elle-même a déménagé à Differdange il y a cinq ans jour pour jour. Ce qui l'a attirée à Differdange, ce n'était pas seulement sa belle maison et ses gentils voisins, mais surtout aussi la diversité qui existe à Differdange et la possibilité de s'engager politiquement.

Pour Laura Pregno, la participation politique est une notion essentielle. Ne pas toujours dire oui. Elle a d'ailleurs donné quelques cheveux gris à ses parents.

En revanche, elle a dû apprendre à discuter et argumenter. Sa mère lui répétait sans cesse d'être diplomatique. Au début, elle ne voulait pas la croire, mais avec le temps, elle a compris qu'elle n'avait pas tort. Les discussions à la maison étaient intéressantes et ses parents ont réussi à lui transmettre des intérêts variés.

Le chemin vers le conseil communal a été long. Laura Pregno a fait partie du comité d'élèves du Lycée des garçons. Elle a participé à des forums pour les jeunes. Ensuite, elle est devenue membre des écologistes à Soleuvre. Son grand-père pensait qu'elle avait choisi le mauvais parti, mais il serait fier d'elle aujourd'hui. Laura Pregno s'est toujours intéressée à la planète. C'est pourquoi elle a étudié la géographie. L'aspect so-

1. Discours des nouveaux conseillers

cial et l'engagement écologique est ce qui l'a attirée chez déi gréng.

Comment combiner géographie et aspect social? L'enseignement! Depuis plusieurs années, Laura Pregno enseigne la géographie dans l'énorme lycée de Lamadelaine.

Qui dit géographie, dit jeu du baccalauréat. Et c'est vrai que Laura Pregno gagne toujours à ce jeu. Mais la géographie, c'est aussi l'environnement, la démographie, la culture et la transmission de valeurs. Elle essaie d'ailleurs toujours d'intéresser ces élèves à ces domaines et d'élargir leurs horizons.

C'est ce qu'elle fait elle-même aujourd'hui en commençant une nouvelle aventure en tant que jeune échevine. Les femmes jouent un rôle de plus en plus important en politique. Les écologistes peuvent être fiers d'être représentés par autant de femmes. Leur liste comprenait autant d'hommes que de femmes. Laura Pregno est la deuxième femme à occuper le poste d'échevin après Mady Nürnberg-Reuter il y a trente ans.

Les hommes sont généralement considérés comme forts, rationnels, actifs et surs tandis que les femmes seraient émotionnelles, douces et prudentes. Mais il ne faut pas sous-estimer les compétences des femmes en politique et dans le monde du travail. Elles sont capables de prendre des décisions et d'atteindre leurs objectifs de manière plus diplomatique. De toute façon, il n'est plus possible d'ignorer la moitié de la population.

Laura Pregno reviendra sur ces questions tout à l'heure.

JERRY HARTUNG (CSV) remercie les électeurs pour la confiance qu'ils ont accordée au CSV. Conformément au slogan du CSV, il s'engage à 100 % pour Differdange.

Jerry Hartung a 38 ans. Il est né à Niederkorn et y vit encore. Il est actif dans la vie associative et a travaillé pendant 14 ans dans les écoles de Differdange en tant que pédagogue. C'est pourquoi les écoles, le volet social et les associations constituent les thèmes lui tenant le plus à cœur. La politique doit être sociale afin que tout le monde ait la chance de réussir.

An d'Studiefach, wat ech dunn och nom Lycée gewielt hunn, wat Geo ass, huet sech do wierklech definitiv gutt gëeegent. Wéi fonctionnéiert de System Äerd? Wéi interagéiere Mënschen an dësem System? Nohalteg Entwécklung war ëmmer e grousst Thema. A wat dann och de Choix fir bei déi gréng ze goen, definitiv begleet huet.

D'Kombinatioun vu Sozialem an awer och ëmweltfrëndlechen Engagement, huet mech dunn herno och definitiv dovunner iwwerzeegt.

D'gesellschaftlech Sozialfroen hu mech awer ni wierklech lassgelooss. Wéi kombinéiert een am beschte Geo a Sozial? Do war natierlech och de Choix, fir an den Enseignement, an de Secondaire ze goen, relativ schnell gemaach no der Uni. Zënter enger Rei Jore schaffen ech an deem risegrousse Lycée an der Nopeschgemeng zu Lamadelaine a bréngte menge Schüler d'Geo méi no. Ech probéieren et op jidde Fall. Ech hoffen, et gëllt mer och heiansdo.

Lo denkt dir alleguerde Geo. Stadt, Land, Fluss. Jo, dat ass et och. Ech gewannen awer ëmmer, wann een eng Kéier wëll testen. Mä et ass awer net just dat. Et ass Ëmwelt, et ass Entwécklung, et ass Demografie, Kultur, Geografie an och Wäertevermëttlung.

Geo ass e ganz grouss Beräich. An ech probéieren, all Dag meng Schüler fir dës nei Beräicher ze begehieren an iergendwéi och ze motivéieren. Hire Horizont ze erweideren a sech op nei Weeër ze beginn. A wéi klappt dat alt besser, wéi wann een et selwer mécht? Sou fänkt haut fir mech hei en neie Wee un, en neie Posten, wou ech dann och genau wéi meng Schüler ganz vill wäert léieren. Wat et heescht Schäffen ze sinn. An dat dobäi nach als Fra an als jonk Fra. Dat si scho ganz vill Kritären. An esou gëtt – mir gesinn et an der nationaler an internationaler Politik – ëmmer méi e grouss Stellewäert op d'Fraen an der Politik gesat.

Ëmsou méi kënnen déi gréng hei houfreg sinn, dass si et fäerdeg bruecht hunn, dass duerch d'Stëmme vun eise Wieler esou vill Frae vertruete sinn. Paritéit op der Lëscht an och bei eise Spëtzekandidaten, huet dëst erméiglecht. Ech sinn déi zweet Fra, déi an der Geschicht vun der Déifferdenger Gemeng

no der Madamm Mady Nürnberg-Reuter knapps 30 Joer duerno dëse Poste ka besetzen.

Obwuel d'gesellschaftlech Bild vun eise Männer als staark, rational, aktiv a selbstbewusst duerstellt, d'Fraen anscheinend emotional sinn, matfillend, duuss a virsiichteg, sinn d'Kompetenze vun de Fraen an der Aarbechtswelt an an der Politik definitiv net ze ënnerschätzen. Frae kënnen och Entschéedungen treffen, bréngen et fäerdeg, Zesammenhalt ze schafen, a fannen ëfters en anere Wee – méi diplomatesch –, dohinner ze kommen, wou se wëllen histeieren.

Doriwwer eraus, kënnen mir eis et haut net méi erlaben, d'Halschent vun der talentéierter Bevëlkerung, spréich de Fraen, ze ignoréieren.

Ech wëll awer elo net vir ewechgräifen a weider op dëst Thema agoen, well och dëst ass ee vu menge Ressorten. Op dës Punkte wäerte mer da spéider e bësse méi genau agoen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno.

Da géif den Här Jerry Hartung d'Wuert kréien.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Gudde Mëtten. Här Buergermeeschter, léif Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot, virop wëll ech emol all de Wieler e grouss Merci soen, datt si menger Partei a mir hiert Vertraue geschenkt hunn. Wéi onse Wahlslogan war, wäert ech mech och weiderhin zu 100% fir Déifferdeng wëllen engagéieren.

Ech sinn zu Nidderkuer opgewuess a mat 38 Joer wunnen ech nach ëmmer zu Nidderkuer. Ech sinn hei an der Stad Déifferdeng doheem. Ech sinn aktiv am Déifferdenger Veräinsliewen an hunn als Sozialpädagog an deene leschte 14 Joer an eise Schoule vun der Gemeng geschafft, wou ech dann elo leider hu missen ophalen.

1. Discours des nouveaux conseillers

Dëst bréngt natierlech mat sech, datt haaptsächlech Schoulen, Soziales an ons Veräiner Theme sinn, déi mer um Häerz leien. Mir ass et wichteg, datt mer eng sozial gerecht Politik maachen, wou jidderee seng Chancen huet. A grad dës Beräicher si Schlësselementer, mat deenen een dofir ganz vill kann errechen.

Ech freeë mech awer och, zesumme mat iech d'Haaptsujetten, d'Bebauung an d'Stadentwécklung mam dozougehéierende Verkéier an der Sécherheet unzegoen. Villes ass an de leschte 5, 10 a 15 Joer gemaach ginn. Vill Projete sinn ugeduecht a sou munches läit un ons, fir Déifferdeng weider zu enger moderner Stad ze gestalten. Eng Stad, wou jidderee gäre wunnt, schafft a seng Fräizäit verbréngt.

Ofschlëssend wéilt ech natierlech och menger Famill Merci soen, déi mech ëmmer ënnerstëtzt, datt ech mäin Engagement fir Déifferdeng esou kann ausüben. Ech soen Iech Merci fir d'No-lauchteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. a géif ech d'Wuert dem Här Meisch François ginn.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wëll dervu profitéieren, fir dem neie Schäfferot ze gratuléiere fir d'Vereedegung. Dat a mengem Numm an am Numm vun der Demokratiescher Partei vun Déifferdeng.

Da wëll ech de Biergerinnen a Bierger, déi der DP hiert Vertraue geschenkt hunn, villmools Merci soen. Merci och all menge perséinleche Wieler fir mäi ganz schéint Resultat. Aus dem Stand eraus direkt an de Gemengerot gewielt. Ech wäert probéieren, mäi Bescht ze ginn.

Wéi dat fir déi nei Conseillere quasi Traditioun ass, probéieren ech vun der Geleeënheet ze profitéieren, fir mech kuerz virzestellen.

Ech si gebuer zu Péiteng. Gewunnt hunn ech mäi ganzt Liewen an der Ge-

meng Déifferdeng. Opgewuess sinn ech am Déifferdenger Zentrum als Jong vun enger Geschäftsfamill an als Mëttlere vun dräi Bridder. An d'Primärschoul sinn ech am Déifferdenger Zentrum gaangen. Mäin Abitur, Sektioon Économie, hunn ech zu Esch gemaach. Ech hunn de Staats- a Gemengenexamen erfollegräich hannert mech bruecht. Nodeems ech du siwe Joer zu Déifferdeng als Chargé du cours an als Chargé de direction am Enseignement aktiv war, sinn ech an d'Verwaltung vun der Gemeng gewieselt. Do war ech zwiefel Joer Chef vum Département culturel, während där Zäit och Coordinateur vum Centenaire vun der Stad Déifferdeng, laangjäreg President vum Comité des fêtes an hunn ënner anerem de Blues Express an och d'Bluesschoul mat initiéiert. Uschlëssend hunn ech d'Formatioun als Gemengesekretär mat Succès ofgeschloss a schaffen aktuell op der Gemeng Garnech.

Ech sinn an enger politescher Famill opgewuess. Ech mengen, kee muss sech fir säi politescht Engagement entschëllegen. Ech si stolz drop, dass meng ganz Famill sech ëmmer fir hir Stad an hir Biergerinnen a Bierger agesat huet a sech och weider wäert asetzen.

Fir eis war et ëmmer selbstverständlech, sech fir Déifferdeng ze engagéieren. Dat op politeschem Niveau, awer och an de lokale Veräiner. Dat gouf och ëmmer erëm vum Wieler gewierdegt. Dofir nach eng Kéier an där Richtung en décken, décke Merci.

Ech kann et nëmme begréissen, wann de politesche Virus op eng nei Generatioun iwwergeet. Leider geschitt dat ëmmer manner. Am Alter vun 19 Joer hunn ech d'JDL-Sektioon, also d'Jugend vun der DP, mat relancéiert zu Déifferdeng. Duerno sinn ech duerch déi regional an national Parteigremie gaangen. A mëttlerweil sinn ech säit dräi Joer Parteipresident vun der DP hei zu Déifferdeng.

Nach ëmmer war ech e Veräinmënsch. Am Alter vun aacht Joer hunn ech an der Déifferdenger Stadmusek ugefaangen. D'musikalesch Ausbildung hunn ech am Escher an duerno am Stater Conservatoire weidergemaach an ofgeschloss. Wäit iwwer Dausend Concerten an de verschiddenste Beräicher hunn ech ugesammelt. Bis haut spillt

Jerry Hartung se réjouit de pouvoir s'occuper de développement urbain, de circulation et de sécurité avec les autres conseillers communaux. Beaucoup a été fait au cours des 15 dernières années pour faire de Differdange une ville moderne où habiter, travailler et passer du temps.

Jerry Hartung remercie sa famille pour son soutien lui permettant de s'engager pour Differdange.

FRANÇOIS MEISCH (DP) félicite le collègue échevinal pour son assermentation en son nom et au nom du DP.

Il remercie ensuite les citoyens pour leur confiance. Il a obtenu un bon résultat lui ayant permis d'entrer au conseil communal dès sa première campagne. Il donnera tout ce qu'il a.

Comme le veut la tradition, il va se présenter brièvement. Il est né à Pétange, mais a passé toute sa vie à Differdange. Il a grandi dans le centre-ville en tant que fils de commerçants. Il a fréquenté l'école de Differdange-centre, puis le lycée à Esch où il a passé son bac en économie. Il a été chargé de cours puis chargé de direction pendant sept ans avant d'intégrer l'administration communale. Il a été chef du département culturel pendant sept ans et participé à la création du Blues Express et de la Blueschoul. Enfin, il a suivi la formation de secrétaire communal et travaille actuellement à la commune de Garnich.

François Meisch a grandi dans une famille engagée politiquement et ne pense pas devoir s'en excuser. Il est fier du fait que toute sa famille s'engage pour le bien des habitants. D'ailleurs, les citoyens ont toujours honoré cet engagement et il les en remercie.

François Meisch constate qu'il est de plus en plus rare de voir des jeunes s'engager dans la politique. Lui-même a relancé la section des jeunes du DP à Differdange à 19 ans. Entretemps, il est devenu président du DP Differdange il y a trois ans.

À huit ans, il est entré dans l'Harmonie municipale. Il a étudié aux conservatoires d'Esch et Luxembourg et a tenu plus de mille

1. Discours des nouveaux conseillers

concerts. Il est aussi actif dans les scouts de Differdange.

Il a aussi toujours joué au football, d'abord avec les Red Boys, puis avec l'AS Differdange et le FC Differdange 03. Il est d'ailleurs toujours speakeur au nouveau stade d'Oberkorn.

La culture, la vie associative et l'industrie créative lui tiennent particulièrement à cœur. Il rappelle que le 1535° a été initié par le DP. Bientôt, ce secteur comprendra plus de salariés que l'industrie de l'acier. Mais il ne faudra pas pour autant diluer le concept.

Les démocrates s'inquiètent du sort du centre-ville et des commerçants. Le secteur créatif peut être une solution.

Le DP a été au pouvoir pendant 20 ans et a posé le bourgmestre pendant 12 ans. Il reste beaucoup à faire. Des investissements sont nécessaires pour créer des emplois, lutter contre le chômage, construire des logements, moderniser les infrastructures et améliorer l'éducation et le volet social. Differdange doit rester une ville où il fait bon vivre pour tous les habitants sans exception.

Le DP veut pratiquer une politique d'opposition conséquente et juste. Après tout, il est question de Differdange. Les démocrates essaieront de se montrer constructifs et honnêtes et occuperont une fonction de contrôle.

François Meisch a 41 ans. Il vit avec sa partenaire, qu'il considère comme exceptionnelle. Il est papa d'un formidable garçon.

Pour conclure, il remercie sa famille et sa compagne pour leur soutien.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) considère qu'il vit un moment important de sa vie. C'est pour lui un grand honneur de pouvoir être conseiller communal de Differdange. Car ce sont les habitants qui le lui ont permis et il leur en est reconnaissant. Il est conscient de la responsabilité que cela représente et fera tout pour ne pas les décevoir.

Paulo Aguiar propose de poursuivre en français, car cela lui est plus facile et il tient à ce que ses propos soient bien compris.

d'Musek an och d'Kultur fir mech eng wichteg Roll a mengem Liewen.

Bal 20 Joer war ech och an den Déifferdenger Scouten aktiv an hunn onvergesslech Momenter kënnen erliewen.

Sportlech war ech haaptsächlech am Fussball dobäi. Mat néng Joer bei de Red Boys um Thillebiërg ugefaangen. Spéider da bei der AS Déifferdeng aktiv. An no der Fusioun da beim FC Déifferdeng 03. Dem Fussball sinn ech als Stadionspriecher um neie Stadion zu Uewerkuer erhale bliwwen.

Bei mengen haaptpoliteschen Interessen, spillen d'Kultur- an d'Veräinswelt natierlech eng grouss Roll. Speziell um Häerz läit mer awer och d'Kreativwirtschaft mat haaptsächlech eisem 1535° creative hub, wou mer konnten ënnert der Federführung vun der DP zu Déifferdeng etabléieren. Gläich schaffe méi Leit an deem Secteur wéi an der Stolindustrie. D'Konzept dierf awer net verwässert ginn. An d'Weiderentwécklung an den Ausbau mussen massiv an Zukunft geféiert ginn.

Och maachen ech mir Gedanken iwwer eisen ale Stadkär an d'Geschäftswelt, déi mer net dierfe sech selwer iwwerloossen. Och hei kann de Kreativsektor Deel vun der Léisung sinn.

20 Joer war d'DP zu Déifferdeng an der Verantwortung. Zwielf dovun hu se de Buergermeeschter gestallt. Villes ass geschitt. Et bleift awer villes ze maachen. Ech denken do u massiv Investitiounen, déi weider mussen getäetegt ginn. Dat fir weider Aarbechtsplazen ze schafen an den iwwerduerchschnëttlech héije Chômage ze bekämpfen, fir bezuelbare Wunnraum op Déifferdeng ze bréngen, fir d'Moderniséierung an de Strukturwandel nohalteg weiderzedreiwen a fir eng zäitgeméiss an ugepasste Sozial- a Bildungspolitik ze erméiglechen.

Dat och fir den Zesammenhalt vun eiser villfältiger Bevëlkerung ze stäerken a fir alle Kanner a Jugendlechen e gudde Start an d'Liewen ze erméiglechen. Dofir stoung an dofir steet d'Demokratesch Partei hei zu Déifferdeng. An dofir wäert ech mech och als Conseiller an Zukunft asetzen.

Déifferdeng muss och weiderhin eng Stad bliwwen, wou et sech lount ze

wunnen. Dat an alle Beräicher a fir all Biergerinnen a Bierger, ob jonk oder al, Lëtzebuerger oder Netlëtzebuerger.

Meng Partei an ech wäerten eng konsequent awer fair Oppositionspolitik maachen. Opposition gehéiert an enger Demokratie derzou. Et geet em eis Stad. Dat ass jo schonn e puermol erwäant ginn. Mir probéiere konstruktiv a virun allem éierlech matzeschaffen. A mir wäerten eiser Kontrollfonctioun gerecht ginn. Och wann een net ëmmer enger Meenung ass, sollte mer eis ëmmer mat Respekt begéinen.

Mëttlerweil hunn ech 41 Joer. Ech wunne mat menger laangjäreger, fir mech aussergewöhnlecher Partnerin zu Uewerkuer a si stolze Papp vun engem wonnerbare Bouf.

Fir ofzeschléissen, wëll ech menger Famill a virun allem menger Partnerin Merci soe fir de Réckhalt an d'Ënnerstützung. Dat, an alle Liewensberäicher.

Ech soen iech Merci, fir d'Opmierksamkeet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Deen nächste Riedner ass den Aguiar Paulo.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Léiwe Schäfferrot, léif Kollegeen aus dem Gemengerot, léif Membere vun der Press, ech wëll domat ufänken, datt et e wichtige Moment vu mengem Liewen ass, dierfen hei ze sinn, als Member vum Déifferdenger Gemengerot. E spezielle Moment an och eng ganz grouss Eier. Well et sinn d'Leit dobaussen, déi menger Partei an och mir perséinlech, et erméiglecht hunn, hei ze sinn. Ech sinn hinnen alleguerten dankbar. Ech si mir bewusst, wat dat fir eng Responsabilitéit ass. Ech wäert och alles dofir maachen, fir iech net ze enttäuschen.

De Rescht vu menger Ried géif ech mer erlaben op franséisch ze halen, well et ass méi einfach fir mech. An ech denken, datt et och am Interessi ass vun de Leit heibannen a vun eise Bierger, datt

1. Discours des nouveaux conseillers

ech mech eben esou kloer wéi méiglech kann ausdrécken.

Je remercie encore une fois toutes les personnes qui ont voté pour moi et grâce auxquelles je suis ici aujourd'hui. Un grand merci aussi à ma famille, à mes amis, à mes proches, qui m'ont soutenu au cours de ces dernières années.

C'était ma deuxième campagne électorale. Désormais en tant que conseiller communal, il y a quelques thèmes qui me touchent et pour lesquels je souhaite m'engager plus particulièrement en raison de mon vécu. Un de ces thèmes est celui de l'intégration, notamment celle des étrangers. Et de toutes les difficultés qui y sont liées.

Pour ceux qui ne me connaissent pas encore, je suis de nationalité portugaise. J'ai rejoint mes parents au Luxembourg lorsque j'avais 17 ans à peine. Ils étaient arrivés six mois plus tôt. Et bien sûr, comme on pouvait s'y attendre, cela n'a pas été pas facile.

Je suis convaincu que personne n'immigre dans un pays en se disant: „Moi, le pays où j'habite ne m'intéresse pas. Je ne veux absolument pas m'intégrer.”

Non, je ne pense pas. Je pense que ce qui manque, c'est la connaissance des outils à disposition. Dans une ville comme Differdange, qui compte 110 nationalités différentes et 53 % d'étrangers, sensibiliser les nouveaux arrivants et les non-Luxembourgeois à ces outils est fondamental.

À Differdange, nous avons une commission d'intégration qui travaille dur pour réformer et soutenir ces personnes. Nous proposons des cours de langues pour adultes, notamment en luxembourgeois et en français, et ce, à un prix qui reste modeste. Nous avons depuis un peu plus d'un an une école primaire et un lycée international avec des sections francophones et anglophones. Surtout, l'apprentissage du luxembourgeois est obligatoire.

Ce qu'il faut, c'est informer les gens. La sensibilisation aux outils existants est fondamentale. Et là, où ces outils ne suffisent pas ou n'existent pas encore, il faut les développer ou les créer.

Un autre thème, qui me touche particulièrement, est celui de l'éducation et de la jeunesse. Après tout, je suis éducateur de formation et je travaille dans le cadre de la jeunesse depuis vingt ans. Je crois que la Ville de Differdange a fait énormément dans ce domaine au cours de ces dernières années. J'ai mentionné l'école internationale tout à l'heure, mais le collège échevinal précédent, avec déi gréng à sa tête, a également mis l'accent sur la construction d'écoles de quartier et sur le développement des maisons relais. La commune a aussi mis sur pieds un projet extrêmement intéressant, qui est celui de la crèche, de l'école et de la maison relais en forêt. Il faut poursuivre dans cette voie.

Et quand je parle des jeunes, il me tarde déjà de suivre prêt en tant que conseiller communal la construction et le développement du bâtiment sur le plateau du Funiculaire, qui accueillera une crèche d'intégration, gérée par l'APEMH, des logements pour étudiants et surtout aussi des appartements pour les jeunes, éventuellement encadrés. Les jeunes sont notre avenir. Nous savons que trouver un logement est un des défis auxquels ils doivent faire face. Ce projet est un début de réponse enthousiaste.

Enfin un autre thème qui me tient à cœur, est celui de l'écologie. Autrement je ne voudrais pas faire partie de déi gréng. Dans une ville en pleine expansion comme Differdange, il est essentiel de trouver un juste équilibre entre les développements urbain et économique nécessaires à une ville moderne et le respect de la nature qui est primordial à une bonne qualité de vie.

Je suis convaincu que déi gréng est le parti le plus apte à apporter les bonnes réponses — ensemble avec notre partenaire de coalition — à tous ces problèmes qui se posent. C'est pourquoi, encore une fois, je suis très fier de pouvoir faire partie de ce conseil communal. Je suis sûr que tous ensemble, nous saurons collaborer de manière constructive pour le bien de notre ville.

Et maintenant, je vais aussi dire quelques mots en portugais, parce que cela me tient particulièrement à cœur.

Il remercie à nouveau tous ceux qui ont voté pour lui ainsi que sa famille.

Plusieurs thèmes le touchent particulièrement en raison de son vécu personnel, et notamment celui de l'intégration et des difficultés qui y sont liées. Il rappelle qu'il est de nationalité portugaise et qu'il est arrivé à Luxembourg à 17 ans, soit 6 mois après ses parents. Et comme il fallait s'y attendre, l'intégration n'a pas été facile.

Paulo Aguiar se dit convaincu que personne n'arrive dans un nouveau pays en se disant qu'il ne veut pas s'intégrer. Ce qui se passe, c'est que les gens ne connaissent pas toujours les outils qui sont mis à leur disposition. Or ces outils sont fondamentaux dans une ville avec 10 nationalités et 53 % d'étrangers. Paulo Aguiar cite la commission d'intégration, qui soutient les nouveaux arrivants, les cours de langues en luxembourgeois et français proposés à un prix modeste et l'école internationale où l'apprentissage du luxembourgeois est obligatoire. Il faut donc informer les gens, et là où les outils ne suffisent pas, il faut en créer de nouveaux.

En tant qu'éducateur, la jeunesse tient à cœur à Paulo Aguiar. Le collège échevinal précédent a mis l'accent sur la construction d'écoles de quartier et le développement de maisons relais. La crèche, l'école et la maison relais en forêt sont aussi un projet intéressant. Toujours dans le domaine des jeunes, il se réjouit de pouvoir accompagner la construction de la crèche APEMH et des logements pour étudiants et jeunes sur le plateau du Funiculaire. Trouver un logement est un des défis auquel les jeunes sont confrontés et ce projet constitue un début de réponse enthousiaste.

L'écologie est un autre thème important pour Paulo Aguiar. Dans une ville en pleine expansion, il faut trouver le juste équilibre entre développement urbain et respect de la nature. Déi gréng apportent les bonnes réponses à ces questions.

Paulo Aguiar répète qu'il est fier de faire partie du conseil communal. Il est convaincu que les conseillers communaux sauront collaborer de manière constructive. Il remercie en portugais ses électeurs.

2. Déclaration du nouveau collège échevinal

GUY TEMPELS (CSV) explique qu'on lui a demandé de tenir un discours, mais il compte se montrer bref.

Il remercie tout d'abord tous ceux qui ont voté pour lui ainsi que sa famille.

Guy Tempels est né en 1971 à Esch-sur-Alzette. Il est allé à l'école à Ettelbruck. Il était prévu qu'il reprenne la ferme de son père, ce qui s'est fait assez rapidement après la fin de ses études en 1989.

Guy Tempels veut s'engager pour la sauvegarde de l'environnement et des belles plantes de Differdange. Chaque projet de construction doit être précédé d'un état des lieux afin de s'assurer que les espaces verts seront préservés ou compensés sur place. Il faut aussi veiller à ne pas dépasser les budgets prévus. Il faut privilégier la qualité de vie à une croissance à tout prix.

Differdange doit devenir une ville où il fait bon vivre, travailler et passer du temps. Les habitants qui souhaitent poser des questions à Guy Tempels peuvent se rendre chez lui. Il espère qu'on lui laissera le temps de s'acclimater au conseil communal.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que oui.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) se présente. Elle est mariée et mère de deux garçons de plus de quarante ans.

Elle remercie tout d'abord ceux qui ont voté pour elle.

Elle est née à Differdange dans la rue Saint-Nicolas. Elle a passé sa jeunesse dans le centre-ville avant de déménager à Niederkorn.

C'est Fränz Schwachtgen qui l'a convaincue de s'engager politiquement à l'époque de l'action Ronnebiérg. Elle fait partie de déi gréng depuis 1993. Elle voulait en effet s'investir pour l'environnement.

Yvonne Richartz-Nilles connaît Differdange comme sa poche. Elle était membre de la commission de la circulation où elle a fait de son mieux pour défendre ses idées. Elle connaît beaucoup de monde. Les gens lui communiquaient leurs doléances et elle essayait d'en tenir compte au sein de la commission.

Agradeço a todos pela a confiança que depositaram em mim e espero nao vos desiludir.

Villmools Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar.

Den Här Tempels Guy huet d'Wuert.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Häre vum Schäffen- a Gemengerot. Ech krut gesot, ech sollt eng kuerz Ried halen. Ech probéiere mech dann och kuerz ze faassen.

Fir unzufänken, wollt ech emol jiddweringem Merci soen, dee mech gewielt huet an och besonnesch menger Famill, déi mech ennerstëtzt huet bei mengem Projet.

Ech mengen, déi meescht Leit kenne mech. Ech sinn 1971 gebuer zu Esch/Uelzecht. Ech sinn op Ettelbréck an d'Schoul gaangen. Ech sollt Bauer ginn a mengem Papp säi Betrib iwwerhuelen. Dëst war och relativ séier geschitt. 1989 sinn ech aus der Schoul komm. Mäi Papp ass kuerz duerno gestuerwen an ech hu missen direkt asprangen.

Als Gemengerotsmember wëllt ech mech dofir fir eis Ëmwelt an d'Erhale vun deene ville flotte Plazen an eiser Gemeng asetzen. Bei neie Bauprojete sollte mer ëmmer virdrun en État des lieux maachen, dass versicht gëtt, de Maximum op dëser Plaz ze erhalen an och op der Plaz ze kompenséieren. Wa Bauprojete gemaach ginn, wär et och gutt, wann an Zukunft de Budget géif agehale ginn, dee virgesinn ass. Kee Wuesstem à tout prix. An den Erhalt vun eiser Liewensqualität.

Déifferdeng soll eng Stad sinn, wou d'Leit gäre wunnen a schaffen an och hir Fräizäit verbréngen. Wa Leit Froen hunn, kommt gäre bei mech. Ech sti gäre Ried an Äntwert.

Ech soe Merci an ech wär frou, wann déi nei gewielte Conseilleren och eng

kleng Ulafszäit kréichen, fir sech an dee ganze Gemengerot anzeschaffen.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Déi kritt Der.

Madamm Richartz-Nilles Yvonne, Dir hutt d'Wuert.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mäin Numm ass Yvonne Richartz-Nilles. Ech si bestuet a Mamm vun zwee Jongen, déi mëttlerweil och schonn iwwer 40 Joer hunn.

Als Éischt wollt ech all deene Wieler Merci soen, déi Vertrauen a mech hunn.

Zu Déifferdeng an der Nikolausstrooss gebuer, sinn ech ëmmer an der Gemeng bliwwen. Meng Jugend hunn ech verbruecht am Zentrum vun Déifferdeng. A spéider sinn ech mat menger Famill op Nidderkuer geplënnert. E grousst Interessi hat ech ëmmer fir meng Gemeng. Zur Zäit vun der Aktioun Ronnebiérg an erëm duerch de Fränz Schwachtgen, hunn ech mech politesch engagéiert.

Der grénger Partei sinn ech am Joer 1993 bäigetrueden. Déi gréng Partei war déi eenzeg Partei, mat där ech mech konnt identifzéieren. D'Aktioun Ronnebiérg hat mech gepräägt an ech wollt mech weiderhi fir d'Natur an d'Ëmwelt a menger Gemeng asetzen. Mat de Jore si fir déi gréng weider Beräicher ganz wichteg ginn an d'Entwécklung vun der Gemeng ass och fir mech ganz interessant ginn.

Meng Gemeng kennen ech, wann ech dat ka behaupten, bal aus dem Effeff. D'Verkëierskommissioun war fir mech e Beräich, wou ech onbedéngt mäi Pefferkär wollt bäileeën. Dat war net ëmmer einfach. Awer ech hu probéiert, mäi Bescht ze ginn.

Vill Leit an Déifferdeng kenne mech. D'Leit op der Strooss hu mech ugeschwat. Ech hunn nogelauschtert, mech informéiert, sinn op d'Plaze kucke

2. Déclaration du nouveau collège échevinal

gaangen a ganz oft ass an der Kommissioun de Leit hiert Uleies respektéiert ginn. An Zukunft wäert dat weider eng grouss Erausforderung fir mech sinn.

Ech war och etlech Joren am Comité vum Jugendhaus Déifferdeng. Mäi Mandat als Conseillère hunn ech uegell a wëll dat seriö maachen. Ech weess, dass ech eng staark Equipe hantert mer stoen hunn.

Mäin Asaz soll dozou bäidroen, dass d'Leit sech an hirer Gemeng wuel a sécher fillen. Mir ass och eng gutt Relatioun mat de Gemengebeamten an de Gemengenaarbechter wichteg.

An dann hunn ech nach een Uleies: Ech hoffen, dass mir heibannen oppen a fair Diskussioun feieren an am Interêt vum Bierger a vun der Gemeng zesummeschaffen.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Richartz.

Domadder wäere mer dann um Enn vum éischte Punkt.

ERNY MULLER (LSAP):

Kënne mer nach Stellung huelen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Stellung huelen zu wat?

(Ënnerbriechung duerch den Här Muller)

Et war just geduecht, dass déi nei Gewielte sech virstellen. Et ass elo net um Ordre du jour virgesinn, dozou Stellung ze huelen. Mä Dir wäert nach zu engem anere Moment d'Geleeënheet kréien, Här Muller, fir eppes kënnen ze soen. Ech kucken, ob ech dat nach eventuell agebaut kréien, dass et awer iergendwéi an den Ordre du jour passt.

Mir géifen dann zum zweete Punkt kommen. Dat ass de Koalitiounsaccord, deen der alleguerte virleien hutt. En ass

momentan an enger Sprooch gedréckt. Selbstverständlech wäert en nach an enger zweeter respektiv an enger drëtter Sprooch iwwersat ginn. Mir wollten iech en awer net virethalen. Dir hutt en haut eréischt ausgedeelt kritt, well en haut fäerdeg getippt ginn ass.

Déi fënnf Schäfte wäerten dee kuerz virstellen. Jiddereen e puer Minutten. Mir hu geduecht, well et och esou kuerzfristeg ass, wou mer dat konnten ausdeelen, dass mer haut net weider driwwer diskutieren, mä d'Diskussionen op den 3. respektiv den 10. Januar verleeën, nodeems mer d'Budgete virgestallt hunn. Da kann ee méi genee iwwert dat Ganzt schwätzen, well da gesäit een och méi kloer, wou mer wëllen hifueren.

Ech géif dann och meng Kolleegen aus dem Schäfferot bieden, sech kuerz ze halen. An ech versichen, datselwecht ze maachen.

A kuerze Wieder: Deen heite Koalitiounsprogramm ass zimlech schnell entstane mat eise Koalitiounspartner der CSV. Dat huet domadder ze dinn, dass déi zwou Parteien op Aenhéicht sinn. Quitte dass déi eng vläicht e bësse méi staark ass wéi déi aner. An dat ass ee groussen Ënnerscheid vun de Jore virdrun. Wou ee grouse Partner vläicht ëmmer huet musse weisen, dass en de grouse Partner ass. Dat war bei deem heite Koalitiounsaccord net de Fall.

Zweetens, wat méi wichteg war, dass déi zwee Programmer – iwwregens och dee vun der LSAP muss ech fairerweis soen – ganz no beienee waren. Déi dräi Parteien, déi d'Gemeng déi lescht véier Jore geleet hunn, hate wierklech déiselwecht Visiounen. Dofir ass et och ganz schnell zu dësem Programm komm.

Et ass en innovativen. Firwat innovativen? Well mer erëm weider wäerte Risiken anhuelen. Mir sinn der Meenung, dass ee muss Saache riskieren. Saache wéi de 1535 °C, wéi eis Handelszonen, wéi dat ganz neit Jugendhaus, wéi dat neit Verkéierskonzept, wou den Här Bertinelli scho vill dru geschafft huet. Ganz wichteg Saachen, wou een net weess, wéi et herno ausgoe wäert. Mä mir musse weider geziilt a gemoosse Risiken agoen.

Elle a fait partie du comité de la maison des jeunes de Differdange pendant de nombreuses années.

Elle exercera sa fonction de conseillère communale de manière sérieuse et sait qu'elle sera soutenue par une équipe forte. Elle espère que les débats seront corrects dans l'intérêt des citoyens.

ERNY MULLER (LSAP) demande s'il peut prendre position.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

lui demande à propos de quoi. (Interruption de M. Muller) Roberto Traversini rappelle que les nouveaux conseillers devaient se présenter. Il n'est pas prévu de prendre position. Le bourgmestre verra s'il est possible d'intégrer la requête de M. Muller dans l'ordre du jour.

Il passe à l'accord de coalition qui a été remis aux conseillers ce matin. Il sera traduit dans plusieurs langues ultérieurement, mais il n'a été fini que ce matin.

Les cinq échevins vont le présenter. Les débats auront lieu le 10 janvier après la présentation du budget. Il sera plus facile pour les conseillers communaux de prendre position lorsqu'ils sauront dans quelle voie le collège échevinal souhaite s'engager.

Roberto Traversini constate que cet accord de coalition a été facile à réaliser. En effet, les deux partenaires ont négocié d'égal à égal bien qu'un des deux partis soit un peu plus fort que l'autre. C'est une des principales différences par rapport aux dernières années, où les différents partenaires devaient démontrer qu'ils étaient les plus forts.

Par ailleurs, les programmes de déi gréng et du CSV — mais aussi celui du LSAP — étaient très proches. Cela prouve que ces partis avaient la même vision de Differdange. C'est ce qui a permis de clôturer l'accord de coalition rapidement.

Roberto Traversini trouve l'accord innovant. En effet, il est d'avis qu'il faut prendre des risques comme cela a été fait pour le 1535°, les zones artisanales, la nouvelle maison des jeunes ou le concept routier. Des risques ciblés et mesurés sont nécessaires, même si l'on n'est pas toujours sûr des résultats.

2. Déclaration du nouveau collège échevinal

L'accord de coalition est durable. Le collège échevinal veillera à ne pas gaspiller les ressources. L'environnement est ce qu'il y a de plus précieux. Il faut le protéger.

Pour ce qui est du volet social, des projets sont prévus pour les enfants, les jeunes, les séniors et les personnes handicapées. L'égalité des chances jouera aussi un rôle important.

Le nouveau collège échevinal compte discuter de chaque projet avec les citoyens. Il se rendra régulièrement dans les quartiers pour répondre aux questions.

Les syndicats resteront ouverts aux membres de l'opposition. Différence est une des seules communes à le faire.

Le collège échevinal réfléchit à retransmettre en direct les séances du conseil communal.

Un service logement comprenant des Différenceois sera créé. La Ville de Différence compte aussi se doter d'un parc immobilier. D'ailleurs, il y a quelques mois, la commune a commencé à construire des appartements pour jeunes et étudiants sur le plateau du Funiculaire.

L'année de la culture 2022 représente une grande opportunité. Trois échevins se partageront le ressort de la culture. Différence souhaite être un partenaire aussi important que les autres communes du sud.

Des investissements seront opérés dans les infrastructures sportives. Un stade d'athlétisme sera construit au Woiwer. Le collège échevinal souhaite soutenir davantage encore les clubs sportifs — notamment d'un point de vue administratif.

Roberto Traversini souligne ensuite l'importance de la collaboration régionale. Il faut être fiers d'habiter à Différence, mais aussi de pouvoir travailler ensemble avec les communes voisines. La caserne des pompiers et le futur stade d'athlétisme en sont de bons exemples. Il ne s'agit pas de montrer aux autres que l'on est les meilleurs, mais de rechercher des synergies. Le Pro-Sud est le bon endroit pour une telle collaboration.

Pour ce qui est de l'économie et de l'emploi, Roberto Traversini mentionne le 1535° et la zone artisanale. Une nouvelle zone sera créée

De Koalitionsaccord ass nohalteg. Mir wäerte ganz staark op eis Ressourcen oppassen. Ënner anerem op d'Energie. Net nëmmen op d'Energie, mä dat ass e ganz wichtege Deel dovun.

Mir wäerten natierlech op eng gesond Ëmwelt oppassen. Dat ass dat wichtigst, wat mer hunn. Wéi déi lescht Joren, wäerte mer versichen eis Ëmwelt esou ze schützen, wéi se et am Fong verdéngt huet.

Sozial gerecht ass deen heite Koalitionsprogramm, well e ganz vill fir d'Kanner wäert maachen. Fir ganz kleng Kanner, fir e bësse méi grouss Kanner, fir Jugendlecher, fir eis Seniores, fir Leit mat engem Handicap. D'Chancgläichheet wäert nach méi gepräägt ginn. An alles, wat Integratioun ass, fënnt een an deem heite Koalitionsaccord erëm.

Demokratesch ass en. Mir wäerten esou weiderfuere wéi déi lescht véier Joer. Datt mer all grouss an och méi kleng Projete wëlle fir d'Éischt mat de Bierger a Biergerinnen diskutieren. Mir wäerte reegelméisseg erëm an d'Quartiere goen an eis de Bierger stellen, fir datt se Äntwerten op hir Froe kréien.

Wéi der mierkt, hu mer eis Syndikater opgelooss fir d'Oppositioun. Mir sinn eng vun deenen eenzege Gemengen hei am Land – an ech fannen dat och richtig –, déi den Oppositiounsparteie Plazen a Syndikater gëtt. Egal wéi staark d'Partei ass oder ob et e volle Member ass oder net. Fir déi kënnen dobäi ze huelen.

Dir kënt och liesen, datt mer verschidden Iddien hunn, fir de Gemengerot vläicht och live ze iwwerdroen.

E wichtege Punkt ass de Logement. Mir wäerten e Service Logement grënnen, wou Leit aus der Stad Déifferdeng dra sinn. Mir hu kee Parc immobilier méi. Mir wäerten eis erëm een uleeën, wou een all Dag oder all zweeten Dag an der Zeitung ka kucken, wat hei zu Déifferdeng ze verkafen ass. Mir wäerten erëm e Parc immobilier opbauen.

Eppes, wat mer scho virun e puer Méint ugefaangen hunn – do hate mer deen éischte Steen um Plateau du Funiculaire gesat –, fir selwer Wunnengen ze bauen. Sief dat fir Jonker, sief dat fir Studenten.

Kultur. Hei solle weiderhin héich Investissementer gemaach ginn. D'Kulturjoer 2022 ass eng grouss Chance fir de Süden. Do musse mer eis wierklech dra knéien. Dir gesitt, dee Ressort gëtt vun dräi Schäffen iwwerholl. Dat weist, wéi wichtig mir dat Ganzt huelen. Mä och dat ënnert dem Virbehalt, datt d'Stad Déifferdeng op gläicher Aenhéicht ass wéi eis Südgemeinde ronderëm.

Sport ass och ganz wichtig. Selbstverständlech gëtt weider an d'Infrastrukturen investéiert. De Liichtathletikstadion wäert um Woiwer gebaut ginn. An ech hoffen esou schnell wéi méiglech.

Mir wäerte versichen de Veräiner nach méi – heiansdo mengt een, et wier net méi dran –, ënnert d'Äerm ze gräifen. Awer vläicht méi administrativ. Oder an der Koordinatioun. Mir wäerten eis mat de Sportsveräiner op en Dësch setzen, fir zesummen no Léisungen ze sichen.

Ganz wichtig ass fir eis d'regional Zesummenaarbecht. Mir hunn ugefaangen, d'Schëlter bei Déifferdeng ewechzehuelen. Mir sinn natierlech all stolz, an dëser Gemeng ze wunnen. Mir mussen awer och stolz sinn, mat eisen Nopeschgemeinden kënnen ze schaffen. Mir hate Courage gewisen – dat hätt net jiddweree gemaach –, eise Pompjesbau op Zolwer ze setzen. Mir weisen elo Courage mam Liichtathletikstadion, dee mer wëlle maachen.

Mir musse versichen am Pro-Sud nach méi aktiv ze ginn a méi regional zesummenzeschaffen. Net nëmmen am Beräich Kultur, Bauten, Sport, Wirtschaft, mä och am soziale Beräich. Mir mussen am soziale Beräich am Süde méi zesummeschaffen. Et geet net drëms, datt deen ee mam Fanger op deen anere weist a seet: „Ech maache méi wéi s du“. Mir mussen do Complementaritéit weisen. Wann deen een eppes mécht, muss deen anere vläicht eppes aneres maachen. Ech mengen, de Pro-Sud wär déi richtig Plaz, wou een dat soll maachen.

Wirtschaft an Aarbechtsplazen. Wat soll ee méi soen, wann een de 1535° kuckt, wann een d'Handelszon kuckt, wann een déi nächst Gemengerotssitzung kuckt, wou mer eng kleng Zone artisanale zu Nidderkuer wäerte schaffen.

2. Déclaration du nouveau collègue échevinal

Natierlech muss weider dru geschafft ginn. Natierlech ass et wichteg, dass am Zentrum versicht gëtt, alles um Liewen ze halen. Deen neie Schäfferot wäert och erëm versichen, Geschäftslokaler ze kafen an dann erëm zu engem ganz bëllegen Tarif – bëlleg, dass et sech awer dréit – erëm weiderginn.

Mäin allerleschte Punkt – an da sinn ech esou gutt wéi fäerdeg, dann hunn ech meng Zäit erageholl – sinn d'Finanzen. Mir sinn net duerch Zoufall do, wou mer elo sinn. Dat ass duerch déi ganz haart Aarbecht aus deene leschte véier Joer gewiescht. Eis Finanzen si gesond. Mir hunn eng Schold, déi réckgängig ass. Mir hunn d'Méiglechkeet, erëm e bësse Suen auszeginn. Mä all Euro wäert awer nach eng Kéier ëmgedréit ginn. All Euro, dee géif ausgi gi fir Saachen, déi ee vläicht e bësse méi bëlleg kritt hätt, géif mir extrem wéi doen.

Mir hu villes vir. Ech hoffen, dass mer dat kënnen zesumme maachen. Ech hoffen, dass et jiddweringem wierklech ëm d'Saach geet. Da misste mer déi sechs Joer wierklech Déifferdeng weider no vir bréngen, souwéi dat schonn déi lescht zwielef Joer gemaach ginn ass.

Dëser Koalitioun ass och de Mënsch wichteg. Dir wäert gesinn am Organigramm, dass de Mënsch am Mëttelpunkt wäert stoen an deenen nächste sechs Joer. Am Koalitiounsprogramm steet de Mënsch. De Mënsch steet am Budget. Mir wäerte vill Suen ausginn, dass eis Bierger sech gutt hei fillen, dass se an enger Stad kënnen liewen, wou d'Liewensqualitéit héich ass. Mir wäerten och versichen, verschidden Aarbechtsplazen nach méi opzestocken. Mir wäerten och versichen, adequat Büro fir eis Leit ze schafen. An dat sou schnell wéi méiglech.

Et kann een net alles an de Steen investéieren. Mir musse ganz vill an de Mënsch investéieren. De Mënsch erëm an de Mëttelpunkt setzen. An de Mënsch ass an deem heite Koalitioun-saccord am Mëttelpunkt. Dofir sinn ech frou, dass mer deen esou zustand kritt hunn. Dofir och nach eng Kéier e Merci un eise Koalitiounspartner.

Merci, dass der mer nogelauschtert hutt. Ech ginn d'Wuert weider un den

Tom Ulveling, den éischte Schäfte vun der Stad Déifferdeng.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, zu Ufank, wëll ech och eise Wieler an och meng Wieler villmoos Merci soen fir dat Vertrauen, dat se an eis hunn an déi d'Equipe vun der CSV bei de Wahle gestärkt hunn. Mir hunn ee Sätz bäikritt a sinn elo déi zweet stärkst Partei hei am Gemengerot.

Ech wëll awer och der ganzer Equipe vun der CSV Déifferdeng Merci soen. Et war eng super Ambiance an ouni jiddwer eenzelne Kandidat wier esou e gutt Resultat net méiglech gewiescht. Mir hu 5,7% Stëmme méi kritt wéi déi leschte Kéier. An dat huet eis gefreet.

Fir mech ass et elo eng grouss Éier, fir d'drette Kéier hei am Schäfferot kënnen ze déngen. Mä et ass awer och eng grouss Verantwortung. An d'äers sinn ech mer bewosst.

Et war fir mech ganz kloer, dass d'Gewënner vun de Wahlen, wann de Wielerwëlle sollt respektéiert ginn, sollten zesummen eng Koalitioun maachen. Wat jo dann och geschitt ass. Do muss ech meng Frënn vun der grénger Partei, déi jo – an dat muss een unerkennen – wierklech e super Wahlresultat haten, Merci soe fir dat Vertraue souwéi fir déi gutt Gespréicher, déi mer haten.

Ech ka soen, et ware ganz fair Verhandlungen. Mir waren all gläichgestallt. Et krut keen eppes imposéiert. Dofir konnte mer och zesummen e Programm opstellen, deen d'Zukunft vun eiser Stad nohalte wäert prägen an asurrieren.

Ech gesi mech als Schäfte, deen do ass fir jiddwieren. Meng Bierger steet all Mënsch op. Well nëmmen zesumme kënnen mer grouss Saache maachen. Dofir maachen ech en Opruff un d'Oppositioun: Loosse mer zesumme schaffen, loosse mer mat Fakten argumentéieren. Kommt, mer versichen, zesummen d'Zukunft ze plangen am géigesäitege Respekt.

Ech si bereet, voll transparent ze funktionéieren. Bei grousser Baute wëll ech

à Nieder Korn. Le collège échevinal compte aussi acheter des locaux dans le centre-ville et les louer ensuite à des prix raisonnables à des commerçants.

Les finances communales se portent bien grâce aux efforts consentis au cours des quatre dernières années. Le collège échevinal continuera à examiner toutes les dépenses.

Roberto Traversini espère que tous les conseillers communaux se rendent compte qu'il s'agit de faire avancer Differdange au cours des 6 prochaines années comme cela a été fait au cours des 12 dernières.

Au centre du programme de coalition se trouve l'homme. Des investissements importants seront consentis dans la qualité de vie des habitants. Le collège échevinal essaiera de renforcer l'équipe communale et d'aménager de nouveaux bureaux aussi vite que possible.

L'homme doit être au centre des projets. C'est ce que permet le programme de coalition. Roberto Traversini en profite pour remercier à nouveau le partenaire de déi gréng. Il cède la parole au premier échevin, M. Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) remercie à son tour les électeurs pour la confiance accordée au CSV. Il remercie aussi l'équipe du CSV pour l'excellente ambiance. Le CSV a obtenu 5,7 % de voix en plus. Tom Ulveling s'en réjouit.

Il est échevin pour la troisième fois et est conscient de la responsabilité que cela représente. Pour lui, il était évident qu'il fallait respecter la volonté des électeurs. Cela a été fait. Il félicite ses amis écologistes pour leur superbe résultat et les remercie pour leur confiance et pour les négociations, qui se sont bien déroulées. Rien n'a été imposé et c'est ce qui a permis de mettre sur pied un programme assurant un avenir durable à Differdange.

Tom Ulveling veut être un échevin à l'écoute de tous les citoyens. Il demande à l'opposition de collaborer et de privilégier les faits pour planifier ensemble l'avenir de la ville. Il se montrera transparent afin de permettre aux partis de donner leur avis à temps et d'approuver les projets. Il souligne l'importance des commissions consultatives où tout

2. Déclaration du nouveau collège échevinal

le monde peut faire des propositions.

Au cours des dernières années, Tom Ulveling a essayé de rapprocher la culture des gens. Il ne s'agit pas seulement d'organiser des fêtes, mais aussi de rénover des monuments ou des façades anciennes et de promouvoir le patrimoine industriel. Tom Ulveling continuera à présenter un bilan annuel de la culture.

Differdange devra prendre des initiatives pour 2022 et créer quelque chose de durable. La Groussgasmaschine a un rôle à jouer, et dans ce contexte, il faut trouver des synergies entre le Science Center et la Ville de Differdange. Le potentiel est énorme.

Tom Ulveling continuera à chercher des sponsors pour faire baisser le prix des manifestations.

Le personnel du service culturel devra être renforcé en vue de 2022. L'école de musique croitra de manière contrôlée. La bibliothèque et les archives joueront un rôle important. Le nouveau hall polyvalent offrira de nouvelles possibilités à la commune.

En ce qui concerne les jumelages, Tom Ulveling souhaite renforcer les liens avec les villes partenaires. Il faut convaincre les Américains d'aménager un campus dans l'ancien hôpital et rendre Differdange plus attractive pour les étudiants.

Le CID est une sorte de prestataire de services des citoyens. Pour pouvoir travailler convenablement, le CID a besoin d'ateliers et d'équipement adéquats. La commune va acheter deux nouvelles bennes électriques. Prochainement, un tour supplémentaire pour la collecte des ordures sera mis en place.

Tom Ulveling compte introduire un système par GPS permettant aux bennes de moins gêner le trafic. L'équipe de nettoyage sera formée et aura l'opportunité d'apprendre le luxembourgeois.

Des aires de jeux et des terrains multisports seront aménagés dans tous les quartiers. Certaines aires seront couvertes pour que les enfants puissent y jouer même quand il fait mauvais. La même mesure sera prise pour les pistes de boules.

En ce qui concerne les bâtisses, il s'agit d'un ressort dont Tom Ulveling s'est déjà occupé en 2002. Il se

all Mënsch mat abezéien an hinnen d'Chance ginn, am Virfeld schonns hir Avisen ofzeginn. Soudass d'Projeten, déi am Gemengerot presentéiert ginn, den Aval vun all Partei hunn.

An dësem Sënn wëll ech soen, dass ech consultativ Kommissiounen immens wichtig fannen. Hei kann all Mënsch sech abréngen a mat Iddien a Virschléi kommen. Dat dierfe keng Alibi-Kommissiounen sinn, mä et muss aktiv a kreativ geschafft ginn.

Elo zu menge Ressourcen. D'Kultur. Ech hunn déi lescht Jore versicht, de Leit d'Kultur méi no ze bréngen. An dësem Stil wäert ech weiderfueren. Et ass net nëmme Fester an Ausstellungen organiséieren, mä et sinn och Monumenter a Fassaden, déi renovéiert ginn, déi un eis Vergaangenheet erënneren. Des Weidere muss mer eise Patrimoine industriel schützen a promovéieren. Dat wäert ech mam Robert Mangen zesumme maachen. Ech méi dat kulturellt an hie méi den touristeschen Aspekt der-vun.

Ech wäert mech weider engagéieren, wéi dat all Joers üblech ass, de Kulturbilan ze presentéieren.

2022 wäert vill Zäit an Usproch huelen. Hei geet et drëms, eppes Nohalteges ze schafe fir Déifferdeng. Do muss mer elo Initiativen huelen. D'Renovatioun vun der Groussgaassmaschinhal steet dowéinst am Virdergrond, wou mer muss kucken zesumme mat Arcelor, dem Stat an dem Science Center Synergien ze schafen, fir Déifferdeng no vir ze bréngen. Hei besteet e risegt Potential, fir d'Leit op Déifferdeng ze zéien an hinnen eis Stad méi no ze bréngen.

Mir versiche weider um Sponsoring ze schaffen, fir dass mer de Präis vun den Organisatiounen kënnen decken.

An eisem Service culturel muss d'Personal opgestockt ginn, fir 2022 kënnen ze plangen. D'Museksschoul soll weider kontrolléiert wuessen, awer net ze schnell. Mir muss waarden, bis mer déi adequat nei Raim op der Place Nelson Mandela gebaut hunn. D'Bibliothék an de Gemengenarchiv wäerten eng weider wichtig Roll spillen. Wann déi nei Hal de la Chiers bis gebaut ass, kréie mer ganz aner Méiglechkeeten. Da kënnen mer villes anescht maachen.

Zum Jumelage. Hei muss mer versichen, méi zesummen ze organiséieren. Mir mussen e richtigen Austausch stattfanne loosse mat eise Partnerstied an hiren Awunner. Hei ass et immens wichtig, dass mer eis amerikanesch Frënn weider kënnen begeeschteren, fir en europäesche Campus am ale Spidol opzeriichten. Dat géif eiser Stad gutt-do an eng nei Mixitéit bréngen. Bref, mer muss versichen, Déifferdeng méi studentefrëndlech ze maachen.

De CID, deen och ënner meng Responsabilitéit fält, hunn ech ëmmer als Déngschtleschtungsbetrib fir eis Bierger gesinn. Si muss kënnen effizient schaffen. Dofir brauche se adequat Material an adequat Atelierien. Eis Mataarbechter wëssen, dass net ech hire Chef sinn, mä all d'Bierger.

Mer wäerte weider op Elektromobilitéit setzen. Mir hu schonn zwee nei Poubellesween an der Ausschreiwung, déi eng elektresch Hüttung hunn, wat manner Kaméidi mécht. An noer Zukunft muss en zousätzlechen Tour agefouert ginn, well mer dat soss net méi packe mam Zouwuess vun de Leit. Dowéinst wäert ech e System aféieren, deen iwwe GPS ka gesteuert ginn. A mer wäerte versichen, déi Tier esou ze gestalten, dass se net ze vill den Hauptverkéier stéieren. Am CID wäerten et och kleng Ännerunge ginn, dass mer méi effikass an effizient kënnen agéieren.

Eis Botzequippe mussen nei encadréiert ginn. Se mussen d'Chance kréien, ideal forméiert ze ginn an och lëtzebuergesch kënnen ze léieren.

Wat d'Spillplazen ugeet, wäerte mer an all Quartier adequat Spillplazen an Terrain-multisporten opriichten zesumme mat de Bierger. Spillplaze si wichtig, well Kanner a Jugendlecher sech do defouliere kënnen. Si kommen a Kontakt mateneen an dee Kontakt kënnit jidderengem zegutt. Mir wäerte versichen, en Abenteuerspillplaz opzeriichten. Mir wäerten och op de Wee goen, d'Spillplazen ze iwwerdecken, dass ee bei all Wieder kann dohi goen.

D'Boulë-Pistë selbstverständlech och, well eis Seniore sollen net am Reen stoe gelooss ginn.

Elo dee wichtigste Ressort. Dat sinn d'Bauten. Dat ass en extrem wichtige

2. Déclaration du nouveau collège échevinal

Ressort, well deen och déi meeschte Suen anhëlt, wann een dat däréf esou salopp soen. Vu dass ech dëse Ressort schonns eemol 2002 hat, weess ech, op wat ech mech aloossen, an ech weess och, wat do geleescht gëtt. Ech wäert versichen, dass d’Kierch am Duerf bleift, dass mer den Utile et nécessaire bauen. An dofir wäert ech den Nice-to-have op de Leescht huelen.

Ech wäert versiche bei all eise Bauten, dat ze chiffréieren, wat se duerno effektiv kaschten, wa se bis opgeriicht sinn. Dës Käschte sinn an der Planung ganz wichtig a sinn ze berécksiichtegen.

Ech wëll vun dëser Plaz aus dem viregte Bauteschaffen, dem Erny Muller, villmoos Merci soen. Hien huet immens vill geschafft an huet mer vill Aarbecht hannerlooss, déi elo muss finaliséiert ginn. Ech hoffen, dass hie mer vun Zäit zu Zäit mol mat engem gudden Rot kann zur Säit stoen.

De Service wäert reorganiséiert ginn an zwar esou, dass eng besser Koordinatioun méiglech ass tëschent de Bauten an dem Urbanismus. Et wäerten zwee eenzel Servicer opgeriicht ginn. Een, dee sech nëmmen ëm Hoch- und Tiefbau, also ëm d’Baute këmmert. Deen aneren, dee sech méi ëm den Urbanismus këmmert. Mä déi zwee mussen natierlech vernetzt matenee schaffen. Heifir wäert an Zukunft ee vun eise Mataarbechter op e Projet gesat ginn, deen dat Ganzt dann duerchzitt. Deejäinege wäert dann och musse riichtstoen, fir alles wat an deem Projet geschitt.

Als alleréischt muss e Kaderprogramm opgestallt ginn, aus deem ervirgeet, wéi mir eis Gebaier an Zukunft wëlle gesinn, wat fir Materialer mer gären hätten, wat fir Fënsteren, Dieren an eventuell Killsystemer. Da weess den Architekt, u wat e sech muss halen an et ass vu vir era kloer, wéi e soll plangen.

An Zukunft muss mer eis dann och iwwerleeën, wéi déi Materialien, déi mer verbauen, herno kënnen ofgebaut ginn, wann déi Gebaier no enger gewässer Zäit vu Joren erëm mussen ofgerappt ginn.

Ech wäert enk zesummeschaffe mam Service vum Georges Liesch, deen also den Urbanismus huet. Wëssend, dass

déi zwee Servicer enk matenee vernetzt sinn.

Wat eis Projeten ugeet, esou sinn der schonns vill ugefaangen. Déi wäerte mer natierlech fäerdeg maachen. Et sinn der schonns an der Planung wéi déi nei Schoul am Mattendall an d’Renovatioun vun der Sportshal. Déi wäerte mer nach eemol kuerz op de Leescht huelen. Da mussen nei Baute geplangt an opgeriicht ginn. Hei muss mer déi richteg Prioritéite setze fir déi nächst sechs Joer. Mer mussen déi Projeten esou staffelen, dass mer se och finanziell an deenen nächste Jore packen.

Fir mech ass den Neibau vum CID an de Bau vu engem groussen Parking um Contournement niewent der Renovatioun vun der Sportshal an dem Bau vun enger Schoul op der Nelson-Mandela-Plaz respektiv um Bock iewescht Prioritéit. Doniewent muss mer d’Place Nelson Mandela amenagéieren, souwéi eng interkommunal Liichtathletikspist bauen – dat hat de Buergermeeschter virdru gesot –, wou mer och schonns en Accord fonnt hu mat den Nopeschgemengen.

Mir mussen kucken, dass d’Kierch zu Lasauvage renovéiert gëtt. Déi gehéiert zu eisem Patrimoine.

Mir mussen eis och iwwerleeën, wat mam Lommelshaff muss geschéien.

Ausserdeem muss mer aktiv gi wat d’Senioren- an d’Studentewunnengen ugeet. Mir waarde schonn ze vill laang op d’Decisiounen vun de Promoteuren. Dofir froen ech mech, ob mer eis net sollten iwwerleeën, fir d’Seniorenheemer an Eegeregie ze bauen, fir dass et endlech virugeet. Wou een dann duerno just nëmmen nach brauch e Bedreier ze sichen, deen d’Soinen organiséiert.

De soziale Wunnengsbau muss mer weider promovéieren. Dat ass scho gesot ginn. Mä do muss mer oppassen, dass mer keng Gettoe schafen. Dofir mussen esou Bauten iwwert dee ganzen Territoire verstreut ginn.

Mir mussen eis och bewusst sinn – an domat wäert ech dann ophalen –, dass mer als Gemeng guer net méi esou vill Bauland hunn. Dofir muss mer mat deem wéinegen, dat mer hunn, spuer-

focalisera sur l’utile et le nécessaire et évaluera ce qui est accessoire. Les frais de maintenance des bâtisses seront pris en compte dès la phase de planification.

Tom Ulveling remercie M. Muller, l’échevin des bâtisses précédent. Celui-ci a entamé de nombreux projets. Tom Ulveling espère qu’il lui donnera quelques conseils.

Le service sera réorganisé de manière à permettre une meilleure collaboration entre les bâtisses et l’urbanisme. Chaque projet aura un responsable du début à la fin. Dès le départ, il faudra savoir quel type de bâtiment construire et quels matériaux utiliser. Ainsi, l’architecte saura exactement à quoi se tenir. La commune devra aussi réfléchir à la réutilisation des matériaux lorsque les bâtiments seront éventuellement démolis plus tard.

Tom Ulveling collaborera étroitement avec l’urbanisme, le service de M. Liesch.

Il reste de nombreux projets à finir. Certains comme l’école du Mathendahl et la rénovation de la salle de sport seront réévalués. Il s’agit de fixer des priorités pour s’assurer de la faisabilité financière des projets au cours des prochaines années. Tom Ulveling considère comme des priorités absolues le parking du contournement, la rénovation de la salle de sport, la construction d’écoles sur la place Nelson-Mandela et au Bock, l’aménagement de la place Nelson-Mandela et la construction d’une piste d’athlétisme intercommunale en accord avec les communes voisines. L’église de Lasauvage devra être renouvelée. Il faudra voir quoi faire avec le Lommelshaff.

Pour ce qui est des appartements pour seniors et étudiants, la Ville de Differdange attend depuis trop longtemps la décision des promoteurs. La commune pourrait décider de construire elle-même des logements pour seniors. Il suffirait ensuite de trouver un exploitant organisant les soins.

Tom Ulveling passe à la construction de logements sociaux. Il faut éviter de créer des ghettos en les répartissant sur tout le territoire. La Ville de Differdange ne dispose pas de beaucoup de terrain constructible. Il faut donc faire

2. Déclaration du nouveau collège échevinal

attention à la manière dont il est utilisé.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) a apprécié les discours des nouveaux conseillers communaux dont il partage les points de vue. Il a notamment été question de «qualité de vie» et de «ville où il fait bon vivre». Georges Liesch ajouterait qu'il faut lever le pied. M. Goffinet a d'ailleurs dit que pour certains, tout va trop vite. Il s'agit de thèmes importants lorsqu'on réfléchit au futur de la ville.

Georges Liesch a la chance de s'occuper des ressorts en relation directe avec la qualité de vie à Differdange: l'informatique, la mobilité, l'énergie, l'urbanisme, l'écologie et les bâtisses. Il pourrait les regrouper sous le terme «développement durable» puisqu'il s'agira de placer des jalons pour les générations à venir. Il a l'intention de discuter avec de nombreuses personnes et d'écouter ce qu'elles ont à dire. Il a d'ailleurs déjà formé un groupe de travail comprenant aussi des gens issus du domaine social et de l'intégration. Il espère pouvoir présenter les premiers résultats dans quelques mois.

Le PAG constitue une des grandes priorités de Georges Liesch. Il devra être terminé avant les grandes vacances. L'échevin compte exploiter du mieux possible le temps qu'il lui reste afin que le nouveau PAG ne soit pas seulement un tigre de papier, mais qu'il montre dans quelle direction Differdange doit aller.

Georges Liesch a également repris les ressorts de la mobilité et des bâtisses. Il remercie les échevins précédents pour leur travail. Tout à l'heure, il sera question de projets qu'ils ont entamés. Georges Liesch ne les remerciera pas à chaque fois, mais ils savent qu'il leur est reconnaissant.

Que compte faire l'échevin au cours des prochaines années? La situation sur les routes à Differdange est difficile, notamment à cause du grand chantier. Mais d'une manière générale, la Ville de Differdange doit réfléchir à la manière d'organiser la mobilité. Georges Liesch utilise le terme de mobilité, car parler de circulation ne suffit pas. La mobilité se

sam ëmgoen a versichen, eventuell neit Bauland ze erschléissen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Ulveling. Da géif ech dem Här Liesch d'Wuert ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Erlaabt mer fir d'Éischt emol unzefänke mat enger perséinlecher grousser Unerkennung fir all déi Untrëttsrieden, déi ech hei elo héieren hunn. Et huet mer Freed gemaach, déi Saachen nozelauschteren. An ech spieren, dass mer do op ganz ville Saachen un engem Strang zéien. Et war immens flott, dat hei an dëser Ronn ze héieren.

Et sinn e puer Wieder gefall, déi ech extrem wichtig fannen, déi ech dann och gäre géif opgräifen, ier ech herno e bësse méi an den Detail ginn. Wieder wéi „Liewensqualitéit“, „eng Stad, wou ee gäre leeft“, huet den Här Altmesch gesot. Ech géif dat nach betitelen ënner: „Entschleunegung, e Gang eraushuelen“.

De Serge Goffinet huet geschwat vun „et geet de Leit heiansdo ze schnell, vläicht ze schnell“. Dat si genau déi Themen, déi eis och beweegen, fir ze kucken, wéi mer eis Stad wellen an der Zukunft gesinn.

Ech hunn déi grouss Freed, déi Ressorte kënnen ze regroupéieren, déi hoffentlech dozou bäidroen, dass mer déi Liewensqualitéit an déi Freed hei zu Déifferdeng ze wunnen, an deenen nächste Jore kënnen gestalten a weider formen.

Wann ech déi Ressorte just eng Kéier opgräifen – Informatik, Mobilitéit, Energie, Urbanismus, Ekologie a Bauten –, sinn dat déi, déi een eigentlech ënner en Développement durable kënn setzen, wou ee seet: Dat ass dat, wou mer eis müssen zesummesetzen, fir d'Jalonen ze setzen, net nëmme fir déi nächst sechs Joren, mä souguer doriwwer eraus fir déi kommend Generatiounen.

An esou wëll ech deen Job och ugoen. Ech mengen, dass ech an deem Beräich mat ganz ville Leit muss schwätzen a ganz ville Leit muss nolauschteren, wéi si dat gesinn. Ech hunn e Grupp gegrennt, wou mer eis reegelméisseg wäerte gesinn, fir iwwert déi do Sujeten ze diskutéieren. Do sinn natierlech och nach Leit dobäi aus der Integratioun an aus dem Sozialen, déi net a menge Ressorte sinn, déi awer wichtig Elementer sinn, fir dës Stad an deenen nächste Jore kënnen esou ze gestalten. Ech hoffen, dass ech dat fäerdeg bréngen an iech kann an e puer Méint e puer Resultater bréngen.

Eng iewescht Prioritéit a menge Ressorten ass natierlech, wéi et hei scho gesot ginn ass, de PAG. Dir wësst, dass mer de PAG bis d'Summervakanz müssen accouchéiert hunn. Ech wëll deen awer net einfach an de Gemengerot bréngen, nëmme well mer musse fäerdeg si bis dohinner, mä ech wëll déi Zäit bis dohinner sënnevoll notzen, fir genau déi dote Weichen ze stellen, fir dass mer e PAG hunn, deen net nëmme e Pabeiertiger ass, mä dee wierklech weist, a wéi eng Richtung d'Stad Déifferdeng an deenen nächste Jore goe wëll.

Zwei Ressorten hunn ech iwwerholl vu menge viregte Kolleegen. D'Mobilitéit an d'Bauten. Virop, u si direkt emol e grousser Merci fir déi Aarbecht, déi an deene leschte Jore geschitt ass. Dat war net wéineg. Mir kommen um Ordre du jour vun haut nach op divers Projeten zréck. Ech wäert net bei all Projeten hinnen ëmmer erëm Merci soe fir dat, wat gemaach ginn ass. Net well ech dat net wëll unerkennen, mä dat gëtt dann iergendwann langweilig. Si wëssen awer sécher, wat gemengt ass. Ech sinn iwwerzeugt, dass mer nach eng ganz Rei Projeten wäerten am Gemengerot hunn, déi ganz kloer d'Handschrëft vun hinnen zwee droen.

Wat wëlle mer maachen an deenen eenzelne Ressorten? Wat wëll ech maachen an deenen nächste sechs Joer? Ech probéiere just e puer Saachen opzegräifen, ouni an den Detail ze goen. D'Mobilitéit ass hei schonn e puermol gefall. D'Verkéierssituatioun zu Déifferdeng ass net evident mat deem grousser Chantier, dee mer hunn. Mir müssen eis, iwwert dee Chantier ewech Gedanke maachen, wéi mer d'Mobilitéit an Zukunft zu Déifferdeng gesinn.

2. Déclaration du nouveau collège échevinal

Ech benotze bewusst den Term vu Mobilitéit an net vu Verkéier oder Circulation, well déi mer vill ze enk gräifen. Mobilitéit ass also éischer dat Wuert, dat ech an Zukunft wäert benotzen, fir doriwwer ze diskutéieren. Well Mobilitéit muss e Mix si vu ville Saachen. An deen hu mer bei wäitem nach net. Nach ëmmer gött hei zu Déifferdeng d'Mobilitéit mat iwwer 90% Autoen iwwerschriwwen. Dat wäert eis net d'Léisung bréngen an der Mobilitéit. Mir müssen also vill méi wäit denken.

Mir haten eng Verkéiersstud maache gelooss, déi ganz flott Pisten opweist. Mir müssen eis do nach eng Kéier eraknéien an déi Saachen eraushuelen, déi wierklech fir Déifferdeng wichteg sinn an Iwwerzeegungsarbecht maachen, fir déi Saachen och ëmzesetzen. Well et si Saachen dran, déi vläicht net jiddwerengem direkt aliichten an net jiddwerengem direkt gefalen, déi awer an der zweeter Lektür jiddwerengem Sënn maachen, dass se richtig sinn.

Zum Beräich Energie. Als Klimapaktgemeng mä och als gréngen Ëmweltschaffen, ass et fir mech kloer, dass mer d'Energie éischtens reduzéiere müssen, zweetens sënnvoll notzen an drëttens do produzéieren, wou mer kënnen, soudass mer iergendwou mëttelfristeg autark ginn, dass mer also hei op eng CO₂-Bilanz kommen, déi sech weise léisst. Do hu mer nach e ganz grouse Wee virun eis. Mir haten eng Partie Initiativen an deene leschte Jore geholl. Déi musse mer elo ëmsetzen. Mä mir müssen awer och nach nei Initiative fannen.

Bei der Produktioun bleiwen eis e puer interessant Projeten, déi mer kënnen ugoen. D'Solarenergie wäerte mer natierlech ëmmer nach promovéieren. Mir wäerten dat nach e bësse méi däitlech promovéiere wéi an deene vergaangene leschte Joren. Eise Wandpark geet hoffentlech geschwënn a seng Ligne droite. Et wäert net dobäi bleiwen. Mir kucken nach weider Sitten ze fannen, wou mer Wandenergie kënnen produzéieren. Also an deem Beräich geet et nach virun.

Mir schaffen un engem grouse Projet zesumme mat ArcelorMittal, fir thermesch Energie aus deem ganz grouse Quartier Fousbann/Uewerkuer ze gewannen. Ech hoffen, dass dee Pro-

jet reusséiert, well dat géif eiser Stad enorm vill bréngen.

Ekologie. Ech wëll nëmmen e puer Saachen erauspicken. Et ass sécher ee vun deenen dominantste Beräicher, mä wann ech et géif iwwerschreibe mat Liewensqualität, ass et genau dat, wat ech an der Ekologie op meng iewescht Prioritéit gesat hunn. Nämlech Liewensqualität, andeem mer Gréngs an eis Stad erabréngen.

Mir alleguerte kennen Déifferdeng. Mir wëssen, mir sinn ëmréngt vun enger immens flotter Natur. Hei zu Déifferdeng huet een et immens einfach. Et ass een a fënnel oder zéng Minutten an enger super intakter Natur, wou een d'Hektik aus der Stad vergiesse kann.

Mä mir müssen et och fäerdeg bréngen, gréng Korridoren duerch eis Stad ze zéien, wou een an der Stad selwer esou Plazen erëmfënnt. Och do hu mer schonn Akzenter gesat. Mä mir sinn däitlech nach net wäit genuch. Mir müssen do nach zwou Schëppen noleeën, fir dat hinzekréien, ebe grad an eiser Stadentwécklung, déi Korridoren haut scho reservéieren. An och am PAG, fir dass eis dat wäert geléngen, fir déi nächst Joerzénge.

Urbanismus. Ech hunn et scho gesot, de PAG ass sécher dat Thema, dat wäert dominéieren. Zur Liewensqualität gehéiert awer och Ëmgestaltungen. Mir wëssen, mir hunn elo eng nei Rode kritt, op déi mer laang Jore gewaart hunn. Elo ass se do. Elo gëllt et direkt, d'Äerm eropzestréppen, fir ze kucken, wéi mer d'Rue Emile Mark an d'Route de Soleuvre ëmgestalten. Wéi mer et fäerdeg bréngen, dass den Effekt vun der Rode an zwee Joer net verpufft an d'Leit erëm déi zwou Stroosse benotzen. Well ech gleewen nach ëmmer un dee Credo, deen déi gréng viru 15 Joer scho gesot hunn, an deen deemools belächelt goufen, mä dee sech haut méi wéi wouer erweist: All weider Strooss bréngt méi Verkéier.

Mir müssen et fäerdeg bréngen, den Awunner d'Stroossen erëm zréckzeginn, well si hu laang Joerzénge op déi Liewensqualität verzicht. Dat musse mer erëm dohinner zréckbréngen.

Och den Déifferdenger Zentrum brauch eng nei Nues. Mir wëssen alle-

compose de beaucoup d'éléments, qui ne sont pas encore tous présents à Differdange. Aujourd'hui, 90 % de la mobilité se fait en voiture. Or la voiture n'est pas la solution. L'étude sur la circulation a présenté des voies. Il faudra convaincre les gens d'accepter ces solutions. Or il est évident que certaines ne plairont pas à tout le monde même si elles sont justes.

Pour ce qui est de l'énergie, il faut l'utiliser de manière rationnelle, en réduire la consommation et en produire pour que Differdange devienne autonome à moyen terme. Il faudra prendre des mesures allant dans ce sens. Georges Liesch continuera de promouvoir l'énergie solaire. Il espère que le parc éolien pourra enfin être aménagé. La commune recherche aussi de nouveaux sites. Des discussions sont en cours avec ArcelorMittal pour produire de l'énergie thermique au Fousbann et à Oberkorn. Si ce projet aboutissait, il apporterait énormément à Differdange.

Pour Georges Liesch, écologie est synonyme de qualité de vie. Il faut augmenter la qualité de vie des habitants en introduisant des espaces verts dans la ville. Differdange est entourée de nature. En cinq ou dix minutes, on se retrouve dans une nature intacte où l'on peut oublier le stress de la ville. Parallèlement, il faut des corridors de verdure à travers Differdange. Un premier pas a été fait, mais il reste clairement beaucoup à faire. Le PAG constitue un instrument de choix pour y parvenir.

En ce qui concerne l'urbanisme, il y a des transformations à faire pour améliorer la qualité de vie. Differdange a enfin obtenu la rocade. Désormais, il faut réfléchir au réaménagement de la rue Émile-Mark et la route de Soleuvre pour éviter que dans quelques années les automobilistes ne recommencent à les emprunter au lieu de la rocade. Il y a 15 ans, on se moquait des écologistes lorsqu'ils disaient que chaque nouvelle route engendrait plus de trafic, mais ils avaient raison. Aujourd'hui, il faut rendre aux habitants la qualité de vie qu'on leur a retirée il y a des décennies.

Pour ce qui est du centre-ville, le nouveau centre commercial repré-

2. Déclaration du nouveau collège échevinal

sente un défi. Le centre-ville doit devenir plus attractif. Le collège échevinal veut le réaménager en shared space comprenant les écoles, les magasins et la place du Marché. Georges Liesch reviendra sur ce point plusieurs fois et espère que le débat sera objectif.

Tout le monde doit se sentir bien à Differdange. M. Altmeisch a parlé de sentiment de sécurité. Georges Liesch parle de design for all. Il faut analyser les points faibles de Differdange et ne pas avoir peur de les supprimer même si cela nécessitera de l'argent, de l'énergie, du temps et des chantiers.

Georges Liesch est aussi responsable des bâtisses avec M. Ulveling, mais lui s'occupera plutôt des maisons. Actuellement, les citoyens ont accès au règlement des bâtisses, mais il est compliqué. Les gens ne comprennent par exemple pas bien comment fonctionnent les passeports énergétiques. La commune doit les soutenir davantage et pour cela, elle a besoin de personnel. Il n'est pas tolérable de s'endetter pour au moins une génération et constater une fois la maison terminée qu'elle n'a pas la classe énergétique voulue.

En ce qui concerne l'informatique, Differdange ne doit pas rater le processus de Rifkin. Il faut adapter l'étude de Rifkin au niveau communal. En informatique, il faut placer les jalons pour les prochaines décennies, il s'agit d'un domaine où ce qui semble impossible aujourd'hui est là demain. Sans une infrastructure adaptée, Differdange ne sera pas prête pour l'avenir.

À propos d'informatique, les conseillers communaux disposent d'un formulaire pour choisir sous quelle forme ils souhaitent recevoir leurs dossiers à l'avenir. Ils peuvent choisir entre le papier, un ordinateur portable ou une tablette. Georges Liesch souhaite transformer la commune en une commune sans papier. Toutefois, les conseillers communaux peuvent encore choisir le papier comme support de prédilection. Dans ce cas, ils ne recevront pas d'outil informatique. En cas de questions, ils ne doivent pas hésiter à s'adresser au service informatique qui est là pour les encadrer et répondre à leurs questions.

guerten, dass mat engem Centre commercial, dee mer elo hei hunn, dee mer och wollten an dee mer och begréissen, awer gewëssen Ängschten do sinn. Zum Beispill: Wéi geet et weider mat engem Zentrum Déifferdeng? Mir müssen dee méi attraktiv gestalten.

Mir hu wëlles e ganz grouss ugeluechte Shared space am Déifferdenger Zentrum ze maachen. Wou eis Schoul mat dran ass, wou eis Geschäftswelt mat dran ass a wou eis Maartplaze mat dra sinn. Mir wäerten dee Rayon relativ grouss zéien, fir dee Shared space hei ze gestalten. Dat wäert e Sujet sinn, deen ech iech e puermol mat an de Gemengerot bréngen, fir iech ze informéieren, wou mer dru sinn a wou mer hoffentlech sachlech kënnen driwwer debattéieren.

Wat mer net däerfe vergiessen, ass den Design for all. Mir brauchen eng Stad fir all eis Awunner an – den Här Altmeisch huet et gesot gehat – fir Jonk a fir Al. Hien huet et mam Sécherheetsgefill gesot. Mä mir brauchen eng Stad fir eis alleguerten. Dat ass d'Konzept vum Design for all. Mir müssen eis Stad ënner d'Lupp huelen a kucken, wou eis Schwaachpunkten an deem Konzept sinn. Mir hunn der wahrscheinlech net wéineg. Mä mir musse se genau nennen an och keng Ängscht hu virun de Konsequenzen, wa mer déi Schwaachpunkte wëlle besäitegen. Dat wäert eis eppes kaschten. Suen, Energie, Zäit a Chantieren. Mä dat muss et eis derwäert sinn. Mir müssen eng Stad gi fir all Bierger. An déi Zäit musse mer eis onbedéngt huelen.

An de Bauten, wou ech dann a menge Ressorten elo net déi Bauten hunn, déi den Tom Ulveling genannt huet, mä éischter déi kllassesch Baute vun de Leit, musse mer eise Bierger zur Hand goen. Am Moment hu mer e Bautereglement, dat se kréien. Mä dat ass immens schwéierfällig. Fir vill Leit schwiereg nozevollzéien. Mir kennen d'Problematike vun Energiepäss, wou d'Leit net duerchblécken, wéi dat funktionéiert. Mir müssen als Gemeng dem Bierger vill méi zur Säit stoe bei der Ëmsetzung vun hiren Iddien a vun hire Pläng. Dofir musse mer eis natierlech och personell opstocken, fir dat kënnen ze maachen.

Et kann net sinn, dass haut ee sech fir op d'mannst eng Generatioun, wann

net souguer méi, muss verschëlden, fir en Haus ze bauen, a schonn ier en dra wunne geet, feststellt, dass säin Haus net esou gebaut gouf, wéi et hätt sollen. Dass et net déi Energieklass huet, déi et sollt hunn. Dat kann net sinn. Mir däerfen d'Bierger net am Reen stoe loossen. Mir musse vill méi aktiv um Terrain sinn, fir dem Bierger zur Säit ze stoen, fir dass dat herno erauskënnt, woufir e seng Suen agesat huet.

E leschte Ressort, wou ech nach kuerz drop aginn, ass d'Informatik. Ech soen dat elo vläicht e bëssen héichtrabend, mä ech denken, dass mer de Rifkin-Prozess zu Déifferdeng net däerfe verschlofen. Mir müssen déi Etüd Rifkin, déi fir mech ganz interessant ass, op de Gemengenniveau Déifferdeng erofbriechen. Mir müssen nach déi Lücken, déi am Rifkin-Prozess an der sozialer Kohäsioun sinn, schléissen.

Mir musse probéieren an der Informatik och d'Jalonen ze setze fir déi nächst Joerzéngten. Mir müssen de Courage hunn, an der Informatik Saachen ze denken, déi mer haut nach belächelen, wou mer soen: Dat do kënt ni. Mä grad an der Informatik ass dat, wann ee gesot huet, dat kënt ni, muer do. A wa mer eis haut net opstelle mat där richteger Infrastruktur a mat de richteger Visiounen, si mer net prett fir muer. Da sinn eis Bierger net prett, fir mat op deen Zuch ze klammen. Ech denken, dass dat och eng wichteg Aufgab ass an enger Stadentwécklung iwwert den Tellerrand ewechzekucken.

Ofschlësse géif ech dann och mat der Informatik. En éischte Punkt aus dem Koalitiounsprogramm, wou mer da kënnen e Krop hannendru setzen: Ech ginn iech elo en Dossier ronderëm, wou all eis Conseillere kënnen ukräizen, ob se e Laptop oder en Tablet wëllen als Aarbechtsmaterial. Mir müssen als Gemeng paperless ginn an deenen nächste Joren. An haut maache mer den Ufank. All Conseiller kann also elo hei wielen. E kritt vun der Gemeng informatesch Material zur Verfügung gestallt. Natierlech kann een och Pabeier ukräizen. Da kritt ee wéi gewinnt all seng Informatiounen nach um Pabeier geschéckt. Natierlech brauch ee jo dann och keen informatesch Outil. Mä all déi, déi dat wëlle probéieren, solle sech hei decidéiere fir ee vun deenen zwee Outilen.

2. Déclaration du nouveau collège échevinal

A fäert net fir an eise Service informatique ze goen, wann der Froen hutt, well si sinn do fir iech ze hëllef an ze encadréiere mat alle Froen. Wann der Ängschten hutt, gitt roueg bei si. Do gitt der gutt zerwéiert.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch.

Madamm Pregno, Dir hutt d'Wuert.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech wäert mech an deenen nächste sechs Joren haaptsächlech ëm véier Ressorte këmmen: Schoul, Structures d'accueil, Jeunesse an Egalité des Chances. Dat sinn Themen, déi mir perséinlech ganz no um Häerze leien a wou meng Grondvoraussetzung besteet, dass dat eng interessant an och eng flott Aarbecht gëtt.

Ech wäert probéieren, mech esou schnell wéi méiglech an déi Dossieren anzuschaffen. Ech hunn d'lescht Woch ugefaangen a sinn direkt mat zwee Féiss dragesprongen. Ech ginn och relativ gutt do gestäipt vun den Hären aus dem Schäfferot souwéi vun den Equippen hei am Haus an de Servicer um Terrain.

Mir wäerte virun allem déi nächst Jore Bewegung an Dynamismus brauchen, fir déi traditionell Rolleverdeelung tëschent Mann a Fra e bëssen opzelackeren. Ech sinn der Meenung, dass mir zesumme mam neie Koalitiounspartner déi néideg Kompetenzen an Outilen hunn, fir do nei Synergien ze schafen, déi et virun allem dann och de Fraen erméiglechen, sech ze verwierklechen.

D'Gemeng huet d'Charta zur Gläichstellung vun de Geschlechter ënnerschriwwen. Et läit elo an eiser Hand, wat domadder geschitt. Diskriminéierungen a Benodeelegungen opgrond vum Geschlecht, därferen an eiser haiteger Gesellschaft keng Plaz méi hunn. Als politesch Acteuren, musse mir do fir suergen, dass déi traditionell Geschlechterrollen e bësse gesprengt ginn.

Fraen a Männer mussen déi nämlecht Chancë kréien, sief dat an der Berufswelt fir d'Fraen an an der Familljestructur fir d'Männer.

Duerch d'Bedelegung vun der Gemeng um „Girls' and Boys' Day“ kënnen mir vu fréi un eis Kanner a Jugendlecher fir vläicht manner traditionell Berufschoixe begeeschten. An och duerch d'Maison-relais, d'Schoulen an anere Strukturen am Jugendsektor, duerch Projeten zur Gläichstellung vun de Geschlechter an der sexueller Orientéierung kënnen mer déi individuell Differenzéierung fërderen. Theme wéi Gewalt an der Koppel, Homophobie an all méiglech Diskriminéierungen, déi op Hierkonft, Hautfaarf, Relioun, etc, baséieren, wäerten definitiv méi breet thematiséiert ginn an Objet vun Oplärungscampagne sinn.

Wa mer vu Chancëgläichheet schwätzen, fänkt dat wuel bei deene klengste vun eiser Gesellschaft un. Mä net nëmmen eis Structure-d'accueilen an eis Schoule sinn de Schlëssel dozou. D'Encadrement vun de Kanner fänkt scho virun hirer Gebuert un. D'Eltere musse verstärkt matabezu ginn an duerch Servicer wéi Baby Plus op hir nei Roll als Eltere virbereet ginn. Dat ass net einfach eppes, wat ginn ass.

Dës Precoce-Vernetzung wäert wuel de Grondsteen setze fir eng Kooperatioun vu ville Partner oder am beschten och vun alle Partner am Educatiounsressort, déi eben e bescht méiglechst Encadrement solle schafe fir eng optimal Entwécklung vun eise Kanner. Eltere musse konsequent agebonne ginn. Informatiounen an Austauschwennter müssen op der Dagesuerdnung stoen, souwuel an de Structures d'accueil wéi an de Schoulen.

D'Angebot an eise Structures d'accueil an an eise Schoule wäert weider ausgebaut ginn. Fir qualitativ héich pädagogesch Encadrementer fir eis Kanner an eise Strukturen ze erméiglechen, wäerte mer eis weider eraknéien, Synergien a Kooperatiounen ze schafen. All Kand, egal vu wou et hierkënnt an och wann et speziell Bedürfnisser huet, muss kënnen beschtméiglechst encadréiert a gefuerdert ginn. Och do setzt de Koalitiounsaccord déi néideg Akzenter.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *s'occupera principalement de quatre ressorts: l'école, les structures d'accueil, la jeunesse et l'égalité des chances. Elle suppose que ce travail se révélera intéressant. La semaine dernière, elle s'est plongée dans les dossiers. Elle est soutenue par les autres échevins, par les équipes communales et celles sur le terrain. Au cours des prochaines années, il faudra du dynamisme pour faire bouger la répartition classique des rôles entre hommes et femmes. Laura Pregno se dit convaincue que le collège échevinal y parviendra. La commune dispose d'une charte à l'égalité des chances. Désormais, il faut agir. Les discriminations basées sur le sexe doivent disparaître. Il faut que les hommes et les femmes aient les mêmes chances au travail et au sein de la famille. Des actions comme le «Boys' and Girls' Day», auquel Differdange participe, permettent d'enthousiasmer les enfants pour des emplois moins traditionnels. Les maisons relais, les écoles, les structures actives dans le domaine de la jeunesse ainsi que différents projets portant sur l'égalité des sexes ou l'orientation sexuelle permettent de promouvoir la différenciation individuelle. Des problèmes comme la violence conjugale, l'homophobie et les différentes formes de discriminations seront thématiques et feront l'objet d'une campagne de sensibilisation. La promotion de l'égalité des chances commence auprès des enfants — mais pas seulement dans les maisons relais et les écoles. L'encadrement des enfants commence avant la naissance avec des services comme Baby Plus.*

Laura Pregno souhaite une collaboration entre tous les partenaires du secteur de l'enseignement — et notamment aussi les parents. Il y aura donc des soirées d'information et d'échange dans les structures d'accueil et les écoles.

L'offre dans les structures d'accueil et les écoles va être développée. Chaque enfant, quels que soient son origine ou ses besoins, devra être encadré de manière optimale. Les nouveautés sont nécessaires, mais il ne faut pas non plus remplacer tout ce qui marche. La commune doit écouter les gens sur le

2. Déclaration du nouveau collège échevinal

terrain et soutenir les initiatives pédagogiques.

Le collège échevinal mise sur la construction d'écoles de quartier, car elles apportent de nombreux avantages. Elles seront toujours associées à des maisons relais. Laura Pregno travaillera avec M. Liesch et M. Ulveling pour ce qui est de la construction et la rénovation des structures.

L'accord de coalition prévoit la mise en place d'un système de haut-parleurs dans les écoles pour pouvoir communiquer rapidement avec le personnel en cas d'urgence.

L'encadrement des enfants ne s'arrête pas après le cycle 4.2. En général, les enfants quittent l'école fondamentale à ce moment-là, mais ils restent à Differdange. Le conseil communal des enfants par exemple permet de promouvoir l'engagement des jeunes dans la politique.

La Ville de Differdange continuera son travail auprès des jeunes pour les aider à trouver un emploi ou à retourner à l'école. L'encadrement des jeunes est un outil de prévention.

Laura Pregno vient de présenter quelques points de l'accord de coalition. Elle espère que le collège échevinal et le conseil communal collaboreront de manière honnête et constructive. Elle restera à l'écoute et ceux qui le souhaitent peuvent aller prendre un café dans le bureau 17 qu'elle partage avec M. Liesch.

Laura Pregno termine par une citation: elle ne veut pas attendre le changement, elle veut le mettre en application.

ROBERT MANGEN (CSV) constate que malgré le niveau de vie élevé au Luxembourg, les différences sociales varient beaucoup de commune en commune.

Déi eng Säit Innovatioun an e gewësenen Dynamismus, mä et muss een awer och kënnen heiansdo un deem, wat bewäert ass, festhalen an net d'Leit iwverfuere mat ze vill Neiem. Saaachen, déi sech bewäert hunn, sollen och bleiwen. Mir kënnen als Gemeng och matwierken, andeems mir Impulser ginn an en oppent Ouer fir eis Leit um Terrain hunn. Well si sinn all Dag mat der Realitéit konfrontéiert. Pädagogesch Initiativen a Projeten an deene verschiddenste Beräicher, sief et Ëmwelt, Natur, Sport a Kultur sollen ënnerstëtzt ginn.

Mir setzen op kleng Quartier-Schoulen virun allem fir de Cycle 1 – dir hutt schonn dovun héieren –, well déi natierlech grouss Virdeeler mat sech bréngen. Ëmmer gekoppelt mat Maison-relaisen op de verschiddene Plazen an den neie Quartieren.

Beim Neibau a bei der Renovatioun, wäert ech souwuel mam Här Liesch wéi mam Här Ulveling zesummeschaffen, fir do direkt matagebonnen ze ginn, souwuel beim ëmweltfrëndleche Material, der Ëmsetzung vu Waasserspuermoosnamen, etc.

Des Weidere gesäit de Koalitiounsaccord vir, dass mer Lautsprecherstemer an d'Schoule bréngen, dass, wann e Cas d'urgence besteet, wéi et d'lescht Joer de Fall war, dat ganz schnell an effikass un d'Schoulpersonal kënnt. Dowéinst wäert e Fil conducteur ausgeschafft ginn. Ech ginn elo net weider drop an. Dat géif soss de Kader sprengen.

D'Encadrement vun de Kanner hält natierlech net am sechste Schouljoer respektiv am Cycle 4.2 op. Zwar verlosse si d'Grondschoul, bleiwen awer meeschtens hirem Liewensraum Déifferdeng erhalen. Wat jo och gutt ass.

D'Matgestaltung vun dese soll vu klengem u geübt a gefërdert ginn. De Kanner gemengerot ass eng Méiglechkeet, d'Participatioun vu klengem un ze fërdere an domadder natierlech och en Engagement vu Jonker an der Politik oder an anere participative Gremien ze fuerdere.

Eis Jugendstrukturen, déi haut scho ganz gutt funktionéieren, wäerten op deem Volet weiderschaffen. Déi op-sichend Jugendarbecht, déi bis elo

als Pilotprojet zu Déifferdeng funktionéiert huet, soll weider adaptéiert an ausgebaut ginn, fir dass jonk Leit, déi a kenge feste Strukture funktionéieren, opgefaange ginn an am beschte Fall an d'Aarbechtswelt respektiv an d'Schoul reintegréiert ginn.

Mir setzen Akzenter an der Präventiounsaarbecht, fir déi Déifferdenger Jonker beschtméiglech ze encadréieren an hinne geziilt bei der Aarbechts-respektiv Wunnengssich, déi momentan wierklech e grouse Problem ass, ënnert d'Äerm ze gräifen.

Dat si just e puer Punkte vu villen aneren, déi an eisem Koalitiounsaccord stinn, déi mir wëllen an deenen nächste sechs Jore realiséieren.

Wéi gesot, ech wäert mäi beschtméiglech maachen, fir dem Posten als Schäfte gerecht ze ginn. Ech wënsche mer eng konstruktiv an éierlech Kooperatioun mam Här Buergermeeschter, mat de Schäfte, den Dammen an den Hären aus dem Gemengerot an de Leit um Terrain. Ech probéieren en oppent Ouer ze hunn an oppent Häerz. Déi, déi wëllen, kënnen natierlech eng Taass Kaffi drénke kommen an de Büro 17, deen ech vum Här Muller zesumme mam Georges geierft hunn.

Zum Schluss vläicht e klengt Zitat – ech fannen et e bësse witzeg – leider vun Onbekannt: „Ech hat net wëlles op Changement ze waarden. Ech wäert probéieren, et ëmzesetzen.“ Ech hunn et e bësse adaptéiert, well soss wär et jo, wéi wann ech op der Déifferdenger Gare op d'Marie-Astrid géif waarden.

(Hilaritéit)

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno.

Här Mangen, Dir hutt d'Wuert.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Gemengerot. Trotz deem héije Liewensniveau zu

3. Tableau de préséance / 4. PAG et PAP

Lëtzebuerg, sinn déi sozial ekonomesch Ënnerscheeder vu Gemeng zu Gemeng grouss.

Ech wollt kuerz den Indice socioéconomique fir Déifferdeng virstellen, well et interessant ass. E besteet aus e puer Variablen. D'Prozenter vun de Leit mat RMG: do läit Déifferdeng bei 6,7%. National ass et 3,6%. De Prozent vum Chômage: 11,4%. National: 5,8%. De Prozent vun de Ménage-monoparentaux: do leie mer zu Déifferdeng bei 9,3%. National ass et 8%. De Prozent vun der Aarbecht op niddregem Niveau: do si mer zu Déifferdeng bei 30,7%. National ass d'Moyenne 17%. An de Salaire médian ass zu Déifferdeng 2.600 Euro. National variéiert en zwëschen 2.500 a 4.800 Euro.

Dës Wäerter schwätze fir sech. Soumat ass et wuel verständlech, datt ons Stad zu deene 15 schlechtste Gemenge gehéiert a punkto sozioekonomeschen Index. Dofir wäert d'Präventioun an d'Bekämpfung vun der Aarmut zu enge vun onse Prioritéiten hei vum Schäferot gehéieren.

Ech ziele just kuerz e puer Projeten op, fir net ze laang ze ginn. De Projet Senior Plus, deen elo déi lescht véier Joer vum Office social gedroe gi war mat de finanzielle Mëttele vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. Dëse Projet Senior Plus soll elo an d'Gemeng integréiert ginn, fir d'Senioren ze beroden an ze begleeden.

Entgéint onser Wegwerfgesellschaft, wëlle mir Projeten am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung offréieren: Tauschbörsen, Second Hand Shop, Carsharing, Reparaturzentren an Noperschaftshëllefgruppen. Do kann een zum Beispill virgesinn, datt d'Senioren de Jonke bei den Hausaufgaben hëllefen an dass déi Jonk eventuell de Senioren hëllefen, d'Wiss méien oder kieren. Soudatt eng Interaktioun entsteet ënert deene verschiddene Generatiounen.

D'Allocation de solidarité soll nach eng Kéier nei beliicht ginn. A wann néideg, ugepasst ginn.

Den Här Buergermeeschter huet scho vum Service Logement geschwat. Dat ass ganz wichteg. Virun allem muss mer Mietwunnenge schafen. An als Ge-

meng solle mer d'Virkaftsrecht, dat ons zousteet, ausnotzen. Wahrscheinlech wäerte mer net laanscht eng Diskussioun kommen, fir iwwe eng kommunal Taxe fir eidelsteeënd Haiser a kommerziell Lokaler ze diskutéieren.

Wat an der Gemeng feelt sinn Noutënnerkënt fir Leit a Katastrophefäll. Hei muss mer kucken, eng Léisung ze fannen. Net nëmme Jugendlecher, och eeler Leit sinn op der Strooss. Dofir maache mer en neit Konzept mat Streetwork, wou déi d'Leit op der Strooss e bësse begleet ginn a versicht gëtt, hinnen aus där schlechter Lag ze hëllefen.

Eng Berodungsstell fir Drogekonsum soll och geschaf ginn. Mä virun allem misst d'Politik méi an der Präventioun tätég sinn.

D'Integratioun vun de Flüchtlinge muss mer weider bedreiwen.

Eppes, wat schonn oft gefrot ginn ass virun allem vun der Kommunistescher Partei: De Geméisubau soll elo endlech gefërdert ginn. D'Gemengenterraine verpachten u Biobetriber, dass se Geméis ubauen. Eventuell e Gewächshaus mam CIGL aféieren, souwéi d'Konzept vu Stréiuebstwise beliichten.

Ech kommen dann zeréck zu de Senioren. Ech hunn dat schonn ugeschwat. De Senior Plus soll a sech an d'Gemeingeservicer agefouert ginn. Hei muss mer derfir suergen, datt d'Senioren e barrièrefräit Ëmfeld kréien. Eng besser Beliichtung a méi grouss Beschëlderunge vun de Stroossen. Multigenerationell Treffpunkten organiséieren op de Spillplazen. Fräizäit, Sport a Kultur fir Seniore fërderen. Des Weideren intergenerationell Wunnformen ureegen.

Ech wëll och e kleng Steen an d'Waasser geheien: Et gëtt jo ëmmer geschwat vu Jugendgemengerot. Ma firwat kee Senioregemengerot? Jiddwereen an onser Gemeng huet Rechter, ob Jugend oder eeler Leit. A wann ee fir deen een eppes virgesäit, misst een och eppes fir deen anere virgesinn. Ech sinn zwar der Meenung, datt mir am Gemengerot fir jiddwereen zoustänneg sinn, ob jonk oder al. Dat wär eng Méiglechkeet, wouriwwe mer kéinten diskutéieren.

Zum Tourismus. All déi touristesch Ënnerstëtzen, déi mer bis elo ge-

L'indice socioéconomique se compose de plusieurs chiffres: 6,7 % de Differdangeois touchent le RMG contre 3,6 % dans le pays. Le taux de chômage est à 11,4 % contre 5,8 %. Il y a 9,3 % de ménages monoparentaux contre 8 % sur le plan national.

Les emplois de faible niveau représentent 30,7 % à Differdange contre 17 % de moyenne nationale. Le salaire médian s'élève à 2600 € à Differdange contre 2500 à 4800 € dans le reste du pays. Differdange fait partie des 15 communes à l'indice socioéconomique le plus faible. Par conséquent, la prévention et la lutte contre la pauvreté doivent être une priorité du collège échevinal.

Robert Mangen mentionne le projet Senior Plus, qui a été financé jusqu'ici par l'office social et qui sera intégré à la commune. Pour faire face à notre société du gaspillage, des projets de bourses d'échange, de magasins de seconde main, de covoiturage, de centres de réparation et de groupes d'entraide seront mis en place. Les séniors pourraient par exemple aider les jeunes à faire leurs devoirs en échange de petits travaux de bricolage.

L'allocation de solidarité sera adaptée si nécessaire.

Differdange a besoin d'appartements à louer. La commune doit utiliser son droit de préemption. Il faudra aussi débattre d'une taxe sur les maisons et locaux vides.

La commune ne dispose pas d'abris de secours en cas de catastrophe. Il faut aider les gens à la rue qu'ils soient jeunes ou vieux.

Robert Mangen veut créer un service d'information et de conseil autour de la consommation de drogue.

Il souhaite promouvoir l'intégration des réfugiés.

Le parti communiste demande depuis longtemps la mise en place d'un projet de culture de légumes où la commune mettrait des terrains à disposition à des entreprises actives dans la culture biologique.

En ce qui concerne les séniors, il faut prévoir un environnement adapté à leurs besoins, un meilleur éclairage et une meilleure signalisation des rues, des lieux de rencontre multigénérationnels, etc. On parle

4. PAG et PAP

tout le temps de conseil communal pour les jeunes, mais pourquoi ne pas en créer un pour les séniors?

Pour ce qui est du tourisme, les projets en cours comme celui du territoire naturel transfrontalier seront poursuivis. Un centre pour visiteurs sera aménagé au Fond-de-Gras. Le collège échevinal réfléchit à la construction d'une auberge de jeunesse et de gîtes ruraux.

Robert Mangen passe à la santé publique et souhaite mettre l'accent sur la prévention.

La sauvegarde d'espaces verts à Differdange est importante tout comme la création des chemins de randonnée et de jogging. Robert Mangen propose de soutenir financièrement les familles socialement faibles dans le domaine du sport et de l'exercice physique.

En ce qui concerne la sécurité, il compte s'entretenir avec les différents acteurs pour voir ce que l'on peut faire.

Pour ce qui est des cultes, il souhaite contacter toutes les communautés religieuses pour entendre leurs doléances.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

Il passe au tableau de préséance. Il explique que s'il s'avérait nécessaire de voter dans une séance à huis clos, les deux conseillers communaux plus anciens devraient vérifier que le bourgmestre ne commette pas d'erreur lors du comptage.

(Interruption)

Roberto Traversini explique à M. Altmeisch qu'il a été tiré au sort et qu'il sera donc le premier conseiller à voter aujourd'hui. La prochaine fois il s'agira peut-être de quelqu'un d'autre. En tout cas, M. Altmeisch peut tranquillement voter oui sur ce point.

(Rires)

(Vote)

Roberto Traversini passe à une modification du PAG et cède la parole à M. Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

Il explique qu'il est question d'un échange de terrains dans la route de Pétange.

Au départ, certains habitants s'étaient montrés sceptiques. C'est pourquoi Georges Liesch souhaite

maach hunn, wéi den Territoire national transfrontalier an d'Veereenegung vu Minettpark a Parc industriel gi weidergefouert. Zu Lasauvage gëtt en neie Besucherzentrum gebaut am Fonds-de-Gras mat Informationsstellen iwwert d'Eisenindustrie souwéi Konferenzzraum a sanitär Anlagen. Mir sinn am Gaang ze iwwerleeën, fir eventuell eng Jugendherberg an och Gite-rurauxen zu Déifferdeng anzeféieren.

Zur Santé publique. Hei leeë mer besonnesch Wäert op d'Präventioun vum Gesondheetsschutz fir eng Verbesserung vun der Loftqualitéit, eng Verréngerung vu Kaméidi, de Konsum vu Bioprodukten, eng reduzéiert Stralebelaaschtung, fräi Raim fir Bewegung a kreatiivt Spillen zesummen zwësche Jonk an Al, Sports- an Ernährungsberodunge souwéi medezinesch Informatiounen, déi ech mam CHEM organiséieren.

Eng Erhaltung vu Gréngzonen an der Gemeng ass ganz wichteg, besonnesch d'Kalloftschleisen. Dat gehéiert och zur Gesondheet. A Walking- a Jogging-Weeër uleeën, datt d'Leit sech beweegen kënnen.

Eng kleng Ureegung mengersäits: Eventuell eng finanziell Ënnerstëtzung fir déi sozial schwach Familljen a punkto Sport a Bewegung, datt een dat och eng Kéier kéint a Betruecht zéien.

Securitéit an de Kultus gehéieren och zu menge Ressorten. Securitéit wäert ech Récksprooch huele mat deene verschiddene Leit, fir ze kucken, wat een an Zukunft maache kann. Déi Zäit hat ech nach net.

Punkto Kultus wëll ech op jidde Fall all déi reliéis Gemeinschaften, déi um Territoire sinn, kontaktéieren a kucken, wat fir eng Wënsch se hunn. Ech mengen, net nëmme bei enger Relioun bleiwen, mä all déi, déi um Territoire sinn, datt een do mat deene schwätzt.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

Merci och, Här Mangen.

Domadder géife mer zum drëtte Punkt kommen. E Punkt, dee mer schnell

kënnen evakuéieren, den Tableau de préséance. Dir wësst jo, wa mer géifen an enger netëffentlecher Sëtzung ofstëmme an et géifen Ziedelcher ausgezielt ginn, datt dann déi zwee eelsten hannert mir misste kommen a kucken, datt ech richteg zielen. Sidd dir mat där Lëscht averstanen?

(Ënnerbriechung)

En neien. Et ass nach näischt geschitt, Här Altmeisch. Et ass esou, datt de Gemengesekretär elo Nimm wäert opruffen an haut gëtt bei Iech ugefaangen. All Kéiers zéie mer een neien eraus. D'nächste Kéier kann et vläicht een anere sinn. Op alle Fall dierft Der hei mat rouegem Gewësse mat Jo stëmme.

(Hilaritéit)

Le collège échevinal décide à l'unanimité d'approuver le tabéau de préséance du conseil communal.

Da géife mer zum véierte Punkt kommen. Méi en décke Brocken. Dat ass eng PAG-Ännerung. Virun der Vakanz hate mer eng Saisine gemaach. Haut soll de Vott geholl gi fir déi PAG-Ännerungen. Ech géif elo dem Här Liesch d'Wuert ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

Merci. Et geet ëm eng Ännerung vum PAG, wou der jo wësst, dass mer en Echange maachen, fir Terrainen ze kréien am Péitenger Wee. Deen Echange, op dee mer nach zrëckkomme méi spéit um Ordre du jour, begräift, dass mer an dësem Deel um Péitenger Wee müssen eng Ännerung maache vum PAG, fir dass do eppes ka gebaut ginn.

Dee Projet war schon e puermol am Gemengerot diskutéiert ginn. Et waren och Awunner aus deem Eck, déi am Ufank ganz skeptesch waren, wat mer do wëlles hätten, firwat mer iwwerhaupt do wëlle bauen a firwat mer deen Tosch wëlle maachen. Ech wëll dofir nach eng Kéier kuerz drop agoen, wat deemools d'Initiativ vum Schäfferot war, fir dat heiten unzegoen.

4. PAG et PAP

Mir wëllen – wéi scho gesot an och begréisst ginn ass – an de Schoulen op de Wee vu Quartierschoule goen. Mir hunn zwou grouss Schoulen an eiser Gemeng, déi mer wierklech mussen e bëssen opsplitten. Dat ass sécher Déifferdeng/Zentrum an direkt hannendrun Nidderkuer. Nidderkuer ass nach en Deel, wou mer duerch d'Demografie-Etüd gewise kritt hunn, dass do nach vill Wuesstem wäert entstoen. Soudass déi Nidderkuerer Schoul eigentlech relativ séier wäert op der Gréisst si vun der Déifferdenger Schoul, wa mer elo net reagieren.

Dat war dunn eben den Ausléiser am deemolege Schäfferot, fir ze soen, ma da siche mer eng Plaz, wou mer eng Quartierschoul zu Nidderkuer kënnen bauen.

Op der Sich no dëser Plaz, si mer op de Mattendall gefall. Wou e Promoteur jo e Lotissement realiséiert. A wou et sech eigentlech ugebueden huet, fir do eng Quartierschoul ze bauen. Si läit matzen an engem neie Quartier, deen elo amgaangen ass ze wuessen. Si läit awer och ganz no un der besteeënder Nidderkuer Schoul, wat natierlech dann d'Ubannung un d'Maison relais, eventuell un d'Kantin an och un d'Sportsinfrastrukturen, déi do entstinn, erméiglecht. Dat war dunn den Ausléiser, fir mam Promoteur aus dem Mattendall a Gespréich ze kommen, fir ze kucken, ob mer deen Terrain géife kréien.

De Promoteur war awer net bereet, deen Terrain ze verkafen. Mä en huet awer gesot, hie wär natierlech bereet, deen Terrain ze tauschen géint en aneren Terrain, wou hien also kéint e Bauprojet maachen.

Do si mer erëm op d'Sich gaangen no esou engem Terrain, wou dat kéint sinn. An do si mer dann an de Péitenger Wee gefall – op dee Fussballsterrain, deen eben do ass.

Vill Leit, déi deem skeptesch géintiwuer stoungen, haten du gefrot: Firwat tauscht der? Firwat baut der d'Schoul net dohinner? Dat wär sécherlech eng Méiglechkeet gewiescht. Mä wann der Nidderkuer kennt, wësst der, wa mer déi Schoul géifen an de Péitenger Wee bauen, géife mer net déi Synergie-Effekter kréien, wéi wa mer d'Quartierschoul an de Mattendall géife bauen.

Et ass méi wäit ewech vum Zentrum. Et ass méi wäit ewech vun de Sportsinfrastrukturen. Sécher net méi ze Fouss ze maache fir Schoulkanner. Jiddefalls net während der Schoulzäit. Dat waren eigentlech d'Iwwerleeungen, firwat mer gesot hunn, si passt besser an de Mattendall wéi eben an de Péitenger Wee.

Déi Leit, déi géintiwuer dem Projet ganz skeptesch waren, hu mer gesinn. Mir hunn de Projet virgestallt. Mir sinn a Kontakt getruede mat de Leit an hunn an enger Biergerversammlung gekuckt, wat d'Wësch si vun den Awunner ronderëm, wéi si sech et géife virstellen.

De Projet huet dunn evoluéiert. En ass méi kleng ginn. Am Ufank war en e bësse méi grouss. De Projet ass also reduzéiert. Fir d'Gestaltung vum Park, deen nach ronderëm bleift, sinn de Bierger hir Iddie mat agefloss. Et ass schonn ugefaangen ginn, deen esou ze maachen, wéi si sech et virstellen. Soudass elo eng breet Zoustëmmung ass bei de Leit, wéi dee Projet sech entwéckelt huet.

Dat ass e gutt Beispill, wéi een e Projet mat de Bierger kann ugoen an hir Iddie wäitgehendst, esou wéi et ebe méiglech ass, mat anzebauen, fir dann dohinner ze kommen, wou herno jiddereen ze fridden ass.

Am Dossier gesitt der eng Reklamatioun. Déi Persoun ass gehéiert ginn. Si hält hir Reklamatioun oprecht. Dir kënnt noliesen, wat hir Beweggrënn sinn.

Dëse Schäfferot géif jiddefalls proposéieren, fir déi Modifikatioun ze stëmmen, fir dass d'Planung an de Bau vun der Quartierschoul am Mattendall méiglechst zügeg kann ugaange ginn.

Ech soen iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Et ass just opgaange mat der Zäit. Da géif ech dem Här Muller d'Wuert ginn.

revenir sur l'initiative du collège échevinal.

L'objectif est de construire davantage d'écoles de quartier. Actuellement, la commune compte deux grandes écoles à Differdange et Niederkorn. En outre, la population de Niederkorn est destinée à croître. Le collège échevinal précédent a donc décidé de construire une école de quartier dans cette localité. Il a entamé des discussions avec le promoteur construisant un lotissement dans le Mathendabl — un site idéal pour une école de quartier, car suffisamment proche de l'école de Niederkorn, de la maison relais et des infrastructures sportives. La commune a alors demandé un terrain au promoteur. Celui-ci a refusé de vendre. L'idée est alors née d'échanger ce terrain contre celui du terrain de football dans la route de Pétange.

Le collège échevinal aurait aussi pu décider de construire l'école dans la route de Pétange. Mais dans ces cas, les synergies possibles grâce au site du Mathendabl n'existeraient tout simplement pas. La route de Pétange est plus éloignée du centre et les enfants ne pourraient pas s'y rendre à pied pendant les heures de cours.

Le collège échevinal a rencontré les citoyens contraires à ce projet et a écouté leurs doléances lors d'une réunion d'information publique, ce qui a permis de faire évoluer le projet. Désormais, la surface est plus petite. Les idées des citoyens ont été intégrées dans l'aménagement du parc. Bref, les habitants sont largement satisfaits. Ce projet démontre que l'on peut tenir compte des idées des gens et transformer un projet de façon à satisfaire tout le monde.

Il reste cependant une réclamation. Les conseillers communaux disposent des informations dans leurs dossiers. Le collège échevinal propose d'approuver la modification du PAG pour que la construction de l'école de quartier dans le Mathendabl puisse commencer le plus rapidement possible.

4. PAG et PAP

ERNY MULLER (LSAP) remercie les membres de sa fraction qui lui ont accordé leur confiance et lui ont permis de les représenter au sein du conseil communal. Il félicite ensuite le bourgmestre et le collègue échevinal et les remercie pour leurs propos à son sujet et au sujet de M. Bertinelli.

Erny Muller félicite les conseillers communaux. Il constate que le conseil communal comporte désormais quatre femmes, ce qu'il salue. Un merci également aux électeurs du LSAP. Malheureusement, le résultat a été moins bon qu'attendu malgré le travail réalisé par les deux échevins socialistes de la coalition précédente.

De nombreux dossiers sont sur le point d'être réalisés. Les socialistes surveilleront particulièrement les projets dans le domaine des écoles, des maisons relais, des infrastructures sportives et du développement urbain.

Il a été dit tout à l'heure que certains projets seraient réévalués. C'est compréhensible. Mais il faudra voir s'ils correspondront encore à ce à quoi les socialistes s'attendent.

En tant que parti le plus important de l'opposition, le LSAP essaiera de se montrer constructif sans nécessairement être d'accord avec tout.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que c'est normal.

ERNY MULLER (LSAP) partage l'avis de M. Liesch. Il a lui-même accompagné ce dossier et peut confirmer que ce que M. Liesch a dit est correct.

Il regrette que le plan directeur du PAP ne figure pas dans le dossier, car il permet de voir que les deux résidences forment un beau projet. Elles seront construites de façon à ne pas créer un mur côté rue, mais une belle ouverture. Le projet sera donc attractif pour les personnes habitant en face.

Erny Muller ajoute que le collègue échevinal n'a pas pu trouver de meilleur site que le Mathendahl pour l'école. Le conseil communal devrait bientôt pouvoir approuver sa construction qui aurait alors lieu en parallèle avec le développement du quartier. Ce serait une première pour Differdange.

ERNY MULLER (LSAP):

Här Buergermeeschter. Als Fraktiounspriecher wollt ech emol fir d'Éischt menge Fraktiounskolleege Merci soen, dass se mer hiert Vertraue ginn hunn, fir d'LSAP hei ze vertrieben.

Erlaabt mer kuerz nach op de Sujet vu virdrun anzegoen. Ech wollt am Fong dem Här Buergermeeschter an deem neie Schäfferot felicitéieren an hinne Merci soe fir déi unerkennend Wiederer u meng Adress souwéi un d'Adress vum Fred Bertinelli. Ech mengen, dat kann ech hei mat aschléissen.

Am Numm vun der LSAP wëll ech zousätzlech deenen neie Conseillere, respektiv Conseillère felicitéieren. Ëmmerhin hu mir elo véier Fraen am Gemengerot. Déi Zuel ass also ëm eng Unitéit eropgaangen, wat mer nëmme kënnen begréissen.

Des Weideren – dat hunn d'Virriedner viru mir och gemaach – wëll ech och de Wielerinnen a Wieler Merci soen, déi eiser Partei an och mir selwer hiert Vertraue geschenkt hunn. Leider ass dat Wahlresultat hannert eisen Erwaardunge bliwwen. Obwuel vill a gutt Aarbecht geleescht gouf vun deenen zwee LSAP-Schäfferen aus der viregter Dräierkoalitioun.

Vill Dossiere si prett, fir ëmgesat ze ginn. Dat ass schonn hei ugeklungen. Mir wäerte sécherlech drop oppassen, dass d'Projeten an de groussen Zich an de Beräicher Schoulen, Maisons relais, Sportsinfrastrukturen, Stadentwécklung, an, an, an – mir kéinten der nach vill nennen – an eisem Sënn ëmgesat ginn. Well et sinn elo vill Dossiere prett, fir an deenen nächste sechs Jore kënnen unzegoen, dass et virugeet mat der Entwécklung vun eiser Stad.

Et waren Iwwerleeungen, déi dozou gefouert hunn, dass déi Dossieren esou ausgeschafft gi sinn. Elo heescht et: Déi ginn nach eng Kéier gepréift. Dat ass jo och an der Rei. Mä mir wäerte kucken, awéiwäit dass dat nach an der Opfaassung ass, wéi mir dat gesinn hunn.

Ofschléissend wëll ech matdeelen, datt d'LSAP als déi gréissten Oppositiounspartei wäert versichen, eng konstruktiv Oppositiounsaarbecht ze leeschen.

ten, ouni awer musse mat allem d'accord ze sinn. Dat schécken ech viraus.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass och okay.

ERNY MULLER (LSAP):

Da kéim ech zum eigentleche Sujet, dee mer haut um Ordre du jour hunn. Zu deenen zwee PAGE Route de Pétange a Mattendall.

Ech stëmmen dem Schäfte Liesch ganz zou. Ech hunn deen Dossier och behandelt am Schäfferot. Ech kann nëmme soen, wat hien iech elo grad erkläert huet. Dat stëmmt esou ganz genee.

Et ass e bësse schued – an ech ginn der-vun aus, dass de PAP nach net definitiv fäerdeg ass –, dass de Plan directeur vum PAP net am Dossier ass, well soss géift der gesinn, dass et wuel awer zwou Residenze sinn, déi an de Péitenger Wee kommen, mä déi awer e flotte Projet duerstellen. Dat muss een och soen. Dat ass „Wunnen am Park“. Déi sinn och esou orientéiert, dass dat net eng Mauer gëtt an der Strooss, mä eng flott Ouverture vun der Strooss aus gesinn. An och ganz attraktiv ass fir déi Leit, déi vis-à-vis wunnen. Dat alles muss awer och an de Kontext gesat ginn.

Mir konnte keng besser Plaz fanne fir déi Schoul am Mattendall. Déi ass ideal do. Dat war déi beschtméiglechste Plaz. Et war eng gutt Decisioun, fir se dohin ze setzen. D'Pläng si jo praktesch fäerdeg, den APS ass fäerdeg. Vläch muss een nach déi eng oder déi aner Ronn dréien an da kann direkt de Gemengerot d'Decisioun huelen, fir déi Schoul ze bauen. Da kann déi praktesch synchron mat der Entwécklung vum Quartier entstoen an déi éischt Kanner do optrieden. Dat wär déi éischte Kéier, wou esou eng Aktioun iwwerhaupt zu Déifferdeng stattfënnt, wou mer mam Quartier direkt eng Schoul entwéckelen.

Ech wëll och nach drun erënneren, dass et eng komplett Schoul gëtt. Zwar méi am ënneschten Zyklus, mä komplett. Dat heescht all d'Klasse mat Maison Relais integréiert an och eng Kichen,

4. PAG et PAP

wat och immens wichtig ass. Soudass et e komplette Projet ass an net wéi vläicht eng Kéier geduecht war, just fir de Précoce oder Spillschoul. Dat hei ass elo eng komplett Schoul vum ënneschten Zyklus. D'LSAP ënnerstëtzt déi PAG-Ännerungen nach ëmmer.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellente Erklärung, Här Muller.

Här Schwachtgen, Dir hutt d'Wuert.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Den Här Muller huet elo am Numm vun der LSAP geschwat an dem Wieler Merci gesot. Ech sinn elo fir d'Éischt an enger neier Situatioun hei an deem Conseil. Ech setzen net méi eleng als grénge Conseiller. Mä ech kann elo op eng staark Fraktioun zrëckgräifen. Am Moment kann ech d'Wuert fir si anhuelen, soulaang se nach net ageschafft sinn an déi verschiddenen Dossierer, wou se sech nach mussen erantrainéieren.

Den Ufank ass schwéier fir si. Dat hutt der haut gemierkt. Mir hunn awer d'Engagement, dass dat an e puer Sitzunge weiderkënnt. Wann ech e bësse weider kucken, gesinn ech d'Kollege vun der CSV, déi och fonkelnei sinn. Soudass mer op dëser Säit vun de Majoritéitsparteien op jidde Fall lauter nei Leit hunn. Wat et net méi einfach mécht.

ALI RUCKERT (KPL):

Déi gesinn awer net fonkelnei aus.

(Hilaritéit)

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech hunn Iech net verstanen, Här Ruckert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir géift net nei ausgesinn, Här Schwachtgen.

(Hilaritéit)

ALI RUCKERT (KPL):

Déi gesinn awer net fonkelnei aus, hunn ech gesot.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Okay. Dat iwwerloossen ech elo dem Bierger, fir dat ze beuerteelen.

Mir denken, dass mer eng ganz flott Zesummenaarbecht ënner eis hunn. Awer mer wëllen natierlech net ënner eis bleiwen, mä mat alle Partner heibannen esou vill wéi méiglech an esou vill, wéi dat gewollt ass, zesummeschaffen.

Et ass éinescht gesot gesinn, d'Kommissioun solle revaloriséiert ginn. Dat hu mer scho jorelaang betount. Et ass heiansdo u Klenggekeete gescheitert oder och einfach um Wëllen, fir richtig ze akzeptéieren, dass d'Kommissiounen an der richteger Zäit informéiert si ginn. Mä ech hoffen, dass do wierklech Meilesteng geschloe ginn, dass mer wierklech eng Biergerbedeelegung kréie vun eise Memberen a vun de Leit dobaussen, déi d'Demokratie wierklech vun ënnen no uewe bréngen.

Zum PAP ass vill gesot ginn. Den Här Muller war elo vir. Deen neie Bauteschaffen an deen ale Bauteschäfte schéngen jo do gutt ze koordinéieren. Si hunn den Dossier gutt presentéiert.

Ech wëll just soen, dass bei eis ganz kontrovers Diskussiounen waren iwwert dee verspéite Schoulbau am Mattendall. Well am Ufank net esou geduecht gi war. Wéi de Mattendall geplangt ginn ass viru Joren, ass jo gesot ginn, de PAP Mattendall funktionéiert ouni Schoul. An herno sinn déi nei Erkenntnisser komm: Mer brauchen awer eng Schoul do.

No der Terrainssich, hat sech erausgestallt, dass mer missten eng Léisung fanen op deem Terrain am Péitenger Wee. Wat mir och matgedroen hunn, woufir mer drop gepocht hunn, nodeems d'Awunner an d'Bewunner vun deem Quartier sech un déi grouss Wiss an un d'Fräizäitméiglechkeete gewinnt haten, datt si eng nei Wunnlandschaft géife kréien. Ech kann dat speziell gutt verstoen, dass een dat no Joerzénge nei Bauten a senger Géigend net a priori total akzeptéiert.

Il s'agira d'une école complète, surtout dans le cycle inférieur. La maison relais et une cuisine seront intégrées. Les socialistes approuveront la modification du PAG.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

remercie M. Muller pour ses explications.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

dit que pour la première fois, il n'est plus le seul conseiller écologiste. Il peut désormais compter sur une fraction forte. Il continuera à être le porte-parole jusqu'à ce que les autres conseillers se soient familiarisés avec la matière. Cela devrait être le cas dans quelques séances.

Fränz Schwachtgen constate que les conseillers communaux du CSV sont aussi tout nouveaux, ce qui ne simplifie pas les choses.

ALI RUCKERT (CSV) réplique qu'ils

n'ont pas l'air tout nouveaux.

(Rires)

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

n'a pas compris.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

plaisante sur le fait que M. Schwachtgen n'a pas l'air neuf.

(Rires)

ALI RUCKERT (KPL) répète que certains

conseillers n'ont pas l'air tout nouveaux.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

espère que la collaboration avec tous les conseillers communaux se passera bien et que les commissions seront revalorisées. Une plus grande participation des citoyens permettrait aussi de renforcer la démocratie.

Fränz Schwachtgen constate que l'ancien et le nouvel échevin ont bien présenté le dossier. Il rappelle que lors de la planification du Mathendahl, il n'était pas prévu de construire une école. Or une école est devenue nécessaire. Il a donc fallu trouver un terrain et Fränz Schwachtgen comprend que les habitants de la route de Pétange ne sont pas enthousiastes d'abandonner la grande prairie.

Le collègue échevinal a recherché le dialogue et la situation s'est ra-

4. PAG et PAP

pidement tassée. Jusqu'à présent, seule une réclamation écrite a été déposée contre la modification du PAG. Elle porte sur trois points que Fränz Schwachtgen ne considère pas comme essentiels. Il est question des détritrus près de l'arrêt du bus, mais rien ne dit que la situation empirera. Pour ce qui est de la valeur des maisons, le conseiller communal ne pense pas qu'elle baissera. Le réclamant s'inquiète ensuite du fait que le quartier va changer, mais les gens ont besoin d'appartements et Differdange doit en construire.

Finale, un seul point retient l'attention de Fränz Schwachtgen: les automobilistes roulent bien trop vite dans la route de Pétange. Il faudra en tenir compte lors de la réalisation du PAP afin de trouver une solution permettant d'améliorer la situation.

Malheureusement, la prairie disparaîtra en partie, mais pas entièrement.

La Cellule de l'aménagement du territoire a estimé qu'il fallait construire davantage de maisons unifamiliales. Le collègue échevinal a finalement décidé de ne pas tenir compte de cette remarque. Fränz Schwachtgen espère que la hauteur maximale sera retenue dans le PAG. L'orientation des deux résidences peut encore être modifiée pour limiter l'impact de l'ombre portée sur les maisons autour.

Fränz Schwachtgen se demande si à l'avenir, les projets ne devraient pas s'accompagner d'une analyse sérieuse de l'ombre. Les analyses faites par le passé évaluaient la situation au meilleur moment possible, c'est-à-dire au début de l'été avec le soleil au zénith. Mais une étude sérieuse permettrait de placer le bâtiment à l'endroit idéal.

Déi gréng approuveront la modification du PAG malgré les mécontentements.

FRANÇOIS MEISCH (DP) annonce que le DP n'est pas enthousiaste. Les démocrates auraient préféré des investissements dans la création d'un parc avec aire de jeu. Pour l'école, il aurait fallu chercher un autre terrain ou agrandir l'école de Niederkorn comme cela est prévu dans le plan directeur.

Et ass awer, wéi gesot ginn ass, an ech wëll dat widderhuelen, den Dialog ugestriift ginn. Ech denken, dass deen och ganz positiv war, well déi Wellen, déi am Ufank geschloe gi waren, sech op eemol geglätt hunn oder d'Waasser souguer erëm ganz flaach ginn ass. Tatsaach ass, dass bis elo just ee schrëftlechen Asproch gemaach ginn ass géint déi Ännerung vum PAG.

Do sinn dräi Punkten dran, déi net esou wesentlech sinn. An deem Asproch geet rieds iwwert de Müll, deen haut scho beim Bushaische läit. Dat kann herno vläicht besser ginn. Et kann awer och vläicht nach méi schlecht ginn. E weidere Punkt ass genannt ginn, dass soupçonéiert gëtt, dass déi Privathaiser u Wäert ofhuele wäerten, wann do gebaut géif ginn. Wat ech carrément net esou gesinn. An deen drëtte Punkt, dass d'Wunnlandschaft ännere wäert, do-duerch dass méi Leit dohinner kéimen. Mir sinn awer an där Spiral dran, dass méi Leit Wunnenge brauchen an dass mer och méi Wunnenge musse schafen. Dat do ass esou eng Plaz, wou muss dru geschafft ginn.

Ee Punkt aus deem Asproch, géif ech awer gären zrëckbehalen an eisem Mobilitéitsschäffen wierklech mat op de Wee ginn. D'Rennstreck Péitenger Wee ass säit jeehier e ganz geféierleche Geforepunkt fir d'Awunner an d'Bewunner aus där Strooss. An net nëmmen deen Eck. Wann een dee PAP realiséiert, sollt ee wierklech déi ganz Strooss ënner d'Lupp huelen an endlech zu zefriddestellende Léisunge kommen, dass vläicht d'Vitesse reduzéiert gëtt, respektiv déi Strooss u moderne Mobilitéitsuspréch soll verfügen. Ech wier frou, wann de Schäfferot dat hei kéint zur Kenntnis huelen a mat op de Wee huelen.

Wéi gesot, et gëtt keng Nullléisung fir déi Wiss. Déi Wiss kënn zu engem Deel ewech. Et bleift awer nach ganz vill Plaz, fir den Terrain als Gréng- a Spillraum ze notzen. D'Cellule vum Aménagement du Territoire hat e bësse bemängelt, et sollt ee méi a Richtung Eefamilljenhaiser goen. Dat ass net zrëckbehalde ginn. Et ass gesot ginn, mer bleiwe bei dem Konzept vu méi kompakt bauen. Dat heescht, Maximum Etagen an e Retrait. Ech hoffen, dass dat och wierklech de Maximum am PAG herno ass. Dat wär

da kaum méi héich wéi déi Haiser ronderëm.

D'Orientéierung vun deenen zwou Residenzen an deem PAG, deen eis deemools virgestallt ginn ass, ass esou gënschteg geluecht, dass een déi nach ka modifizéieren an deem Sënn, dass ee kuckt, e Maximum Récksiicht ze huelen op déi Haiser an op d'Crèche, wat d'Sonnenastrahlung ubelaangt.

Et sollt een och an zukünftege Baubepflangunge kucken, ob een net eng seriö Schiet-Analys oder Beschattungsanalys maache soll, déi Kapp a Fouss huet. Mir hatten an der Vergaangenheet där Analysen, déi einfach just déi schéinste Situation gewisen hunn, wou d'Sonn am Summerufank ganz uewen um Zenit stoung. Awer eng Schiet-Analys kann och seriö gemaach ginn a se kann och dann derzou bäidroen, dass nei Baute maximal gutt placéiert kéinte ginn.

Fir elo de Fazit ze zéien: Mat engem Hick vu verschiddene Gréngen heibanen an och dobaussen, sinn ech fir déi proposéiert PAG-Ännerung.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Här Fränz Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, souwéi beim éischte Vott, ass d'DP net ganz begeeschtert vun där Modification ponctuelle. Mir hätte léiwer gesinn, déi Plaz géif net verbaut ginn, mä déi effektiv dréngend noutwendeg Investitiounen an eng attraktiv Gréngfläch mat Park a Spillplaz wäeren an Ugrëff geholl ginn, souwéi äänlecherweis beim Parc de la Chiers hei zu Déifferdeng.

Fir d'Schoul hätte mir un Alternative geschafft. Terrain ofkaaft. A wann dat net gaange wär, hätte mer d'Schoul am Nidderkuerer Zentrum vergréissert. Souwéi de Masterplang et och fir de Campus scolaire Nidderkuer virgesinn hat.

4. PAG et PAP

Et freet eis awer, dass d'Commission de l'aménagement eis Kritik, déi mer ge-äussert haten, deelt betreffend d'Densitéit vun der Bebauung. An och de CSS, dee sougenannte Coefficient de scellement du sol, deen ausseet, dass iwwerhaapt kee Gréngs am PAP duer- no op där Plaz iwwereg géif bleiwen. Den Avis vun der Kommissioun weist, dass ze vill dicht wäert gebaut ginn.

Mir hate jo och kritiséiert, dass do géife grouss Residenze kommen, déi net an dee Quartier passen. D'DP stëmmt déi Modification ponctuelle vum PAG net mat aus de genannte Grënn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch.

Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer bei dësem Punkt kuerz auszuhuelen. Wéi der all wësst an och schonn ugeschwat gouf, gouf et virdrun en anere Plang zur Bebauung vun dëser Plaz, déi den hënneschten Deel ganz beluecht gehat hätt. Vill Awunner konnten dësem Zeenario wéineg ofgewannen. Dofir e grousst Kompliment un de Schäfferot, dem viregten an dem jëtzege, datt si sech éischtens mat den Awunner getraff an ausgetosch hunn, wéi wichteg dës Spillplaz fir Nidderkuer ass. An zweetens de Konsens gesicht hunn an d'Pläng revidéiert a reduzéiert hunn.

D'Resultat vun deem Konsens ass u sech een Deel dovun, wat mer elo hei virleien hunn. Gebaut gëtt elo just nach dee viischten Deel zur Strooss hin. Een Drëttel vun der Gesamtfläch vum fréiere Park. An am Géigenzuch realiséiert d'Gemeng um verbleiwenden Deel e flotte Park. D'Awunner goufen och gefrot, wéi si sech dëse Park géife virstellen a wat fir Spiller sollten dohi kommen.

An deem Kontext ass och ze bemierken, datt op dëser Spillplaz an de leschten zwanzeg Joer net vill investéiert gouf an ee Spill nom anere verschwonnen ass. An esou quasi just nach d'Wiss fir Fuss-

ball ze spillen an de Basketballsterrain iwwereg bloufen.

Aus dëser Spillplaz soll dann elo lues a lues e schéine Park entstoe mat vil- le Spiller fir d'Kanner an d'Jugend, déi zum groussen Deel och schonn ëmgesat goufen, a weideren Elementer fir och déi méi erwuesse Leit. Wéi Sportsgerä- ter an eng Petanquespist.

Dat Ganzt mat flott amenagéierte Weeër fir d'Leit, déi einfach do wëllen trëppele goen oder e bësse raschten. Déi Weeër maachen eng flott Verbindung vum Péitenger Wee an de Prënzebi- erg. Also och e Gewënn fir d'Awunner.

Dëst gouf an der Biergerversammlung an engem relativ breede Konsens uge- holl. Natierlech ass net jidderee frou doriwwer, mä dat hei ass e gudde Kom- promëss, wou engersäits een Deel Ter- rain getosch gëtt fir am Mattendall eng Schoul mat Maison relais kënnen no bei de besteende schouleschen a sport- lechen Infrastrukturen ze bauen an op där anerer Säit am Péitenger Wee end- lech erëm e schéine Park entsteet.

Zu deenen zwee negative Punkten am Avis vun der Commission de l'Aména- gement hunn ech eng aner Siicht drop. Si hunn de Bauprojet wuel isoléiert be- wäert ouni d'Informatioun vum Park hannendrun, dee jo och en Deel vum Ganzen ass. Zum enge schwätze se vun der Gréisst vun Habitations ano- nymes. Et handelt sech heibäi jo just ëm zwee Stäck. Jo, wann et näischt géif ronderëm ginn. Mä grad hei ass jo och de Park ronderëm. Ee Park, wou an der Vergaangenheet d'Leit sech getraff hunn an och deemnächst erëm kënnen do treffen. Den Här Muller huet u sech vun engem „Wunnen am Park“ ge- schwat, wat gutt zoutreff.

Zum Zweeten, schwätze se och vun Utilisation rationnelle ultérieure des fonds maintenus semblent largement hypotéquée. Dat heescht si schwätze vum hënneschten Deel, datt deen net uerdentlech méi duerch en Accès uge- schloss kéint ginn, fir verbaut kënnen ze ginn. Jo, dat ass jo och gutt esou, well mer jo de Park esou wëlle bestoen halen.

Gutt ass och, datt de Park elo schonns besteet. Dat heescht d'Leit, déi elo do wëlle kafen, wëssen, datt do eng Spill-

La Commission d'aménagement se montre elle aussi critique concer- nant la densité de construction. Le coefficient de scellement du sol dé- montre qu'il n'y aura plus de ver- dure sur le site.

Par ailleurs, le site n'est pas adapté à la construction de grandes rési- dences.

Le DP votera contre.

JERRY HARTUNG (CSV) signale que le premier projet prévoyait des constructions sur tout le site. Le collègue échevinal a finalement rencontré les habitants et constaté qu'une aire de jeux était importante à Niederkorn. Les plans ont alors été modifiés. Seule la partie anté- rieur de la rue sera bâtie, soit un tiers de l'ancien parc. Sur la surface restante, la commune aménagera un parc.

Jerry Hartung constate que peu a été investi dans ce site au cours des vingt dernières années. De l'aire de jeux, il ne reste que la prairie et un terrain de basket. Le collègue échevi- nal compte désormais y aménager un parc avec des jeux pour les pe- tits et une piste de boules pour les grands. Des chemins de promenade relieront la route de Pétange au Prënzebi- erg.

Bien entendu, tout ne le monde n'est pas content. Mais il s'agit d'un bon compromis permettant d'un côté de construire une école avec maison relais dans le Mathendahl à proximité d'autres infrastructures scolaires et de l'autre d'aménager un parc dans la route de Pétange.

La Commission de l'aménagement a évalué le projet sans tenir compte du parc. Or les différents éléments forment un tout. La Commission mentionne notamment les habita- tions anonymes, mais il y a un parc autour. M. Muller a d'ailleurs dit que c'était comme habiter dans un parc.

La Commission constate également que la partie postérieure du site ne serait que difficilement accessible ce qui ne permettrait pas de la viabi- liser. Pour Jerry Hartung, c'est une bonne chose puisque la commune souhaite conserver le parc.

Le parc existe déjà. Par conséquent, les potentiels acquéreurs savent qu'ils habiteront à proximité d'une

4. PAG et PAP

aire de jeux. Mais de nos jours, l'isolation est efficace.

Comme l'a dit M. Liesch, il faut sécuriser la route de Pétange à hauteur du Kornascht.

Les chrétiens sociaux sont satisfaits de ce projet et l'approuveront.

ALI RUCKERT (KPL) remercie les électeurs qui ont confirmé et renforcé le parti communiste.

Il constate que parfois, les projets sont réalisés trop vite. Dans ce cas-ci, il s'agit de réparer une erreur: le manque d'une école dans le Mathendahl. Il faut considérer les deux projets ensemble. Si la commune procède à un échange de terrains avec un promoteur pour construire une école, il est évident que les sites vont changer. Mais le site dans la route de Pétange n'avait pas évolué depuis longtemps et faisait presque honte à Differdange. Bref, on réalise des travaux qui auraient dû être faits il y a longtemps. La Commission de l'aménagement préconise la construction de maisons unifamiliales. Pourquoi le collège échevinal opte-t-il pour des résidences? Est-ce une décision du promoteur? Cela aurait-il hypothéqué la construction de l'école dans le Mathendahl?

Une grande partie du site sera transformée en parc. C'est positif pour les habitants. C'est pourquoi le KPL approuvera ce projet.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) remercie à son tour les électeurs qui ont permis à déi Lénk d'être représenté au sein du conseil communal. Il espère pouvoir contribuer au futur développement de Differdange. Déi Lénk a mis en place une rotation et dans trois ans, Gary Diderich sera remplacé par une femme. Il souligne le fait que les électeurs n'ont pas fait que voter les mêmes têtes que d'habitude. La liste de déi Lénk avait évolué et les jeunes ont obtenu de nombreuses voies. Le programme du parti a donc été confirmé.

Gary Diderich prendra position quant au programme de coalition quand cela figurera à l'ordre du jour. Ce n'est pas possible aujourd'hui. Mais il faudra le faire de manière sérieuse.

plaz ass, wou eben am Dag vläicht kéint emol Kaméidi duerch spillend Kanner sinn. Mä hautdesdaags ass jo och alles besser isoléiert.

Flott wier nach – den Här Liesch huet dat schonn ugeschwat –, wann den Iwwergang vun der Strooss am Péitenger Wee op der Héicht vum Kornascht méi sécher kéint gestalt ginn. Well mer wëlle jo, datt d'Kanner, déi Jonk an déi Erwuesse sécher an de Park kommen an nees zréck.

Mir sinn op jiddwer Fall frou, datt dëse Projet sech elo esou entwéckelt huet. An dofir stëmmt d'CSV dëse Projet mat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung.

Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, vu dass ech elo d'Wuert kréien, wëll ech awer fir d'Éischt deene Leit Merci soen, déi bei de leschte Wahlen d'Kommunistesch Partei gewielt hunn a se souguer gestärkt hunn. Ech hoffen, dass ech am Gemengerot hiren Uspréich och ka gerecht ginn.

Heiansdo ass et gutt, wann et e bessen dauert, ier ee Projet realiséiert gëtt. Heiansdo geet dat ze séier. Hei hu mer et mat engem spezielle Projet ze dinn, well am Fong eppes reparéiert gëtt, wat an der Vergaangenheet falsch gemaach ginn ass oder vergiess ginn ass. Dat ass eng Schoul am Mattendall ze bauen.

Et muss een dat also kombinéiert gesinn. Et kann een net dee Projet eleng gesinn. Wann elo d'Méiglechkeet geschaf gëtt, dass mer déi Schoul am Mattendall kréien, ass et kloer, da gëtt do en Tosch gemaach mat engem Promoteur. Da verännert déi Plaz sech. Woubäi ee jo och muss soen, dass do während ganz laanger Zäit näischt geschitt ass. Ech wëll net grad soen, dass et e Schanfleck vun der Gemeng war, mä déi Plaz war awer e bessen erfokomm. Elo ass et scho gutt, dass wat an der Vergaangenheet net gemaach ginn ass, elo endlech ka gemaach ginn.

Ech hu mer déi Kritik ugekuckt vun der Amenagementskommissioun. D'Fro, déi ech mer stellen: Se soen, et wär besser, wann do Eefamilljenhaiser géife gebaut ginn. War dat eng Optioun, déi de Schäfferot hat oder war de Promoteur net d'accord gewiescht? Wär dann zum Beispill d'Schoul am Mattendall hypothekéiert ginn, wa mer op de Wee gaange wäeren, fir hei Eefamilljenhaiser ze bauen? Dat muss ee schonn an deem Kontext gesinn.

Et ass jo och esou, dass trotzdeem e gréisseren Deel vun deem Areal als Park amenagéiert gëtt. A wou och gesot ginn ass, dass an Zukunft net drop gebaut géif ginn. Et ass dann trotzdeem fir déi Leit, déi an deem Quartier wunnen, eng ganz positiv Entwécklung, déi sech do maache wäert. Dofir wëll ech als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei soen, dass ech fir dee Projet stëmme wäert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleegeinnen aus dem Gemengerot an aus dem Schäfferot. Och vu mir, als Vertrieeder vun de Lénken, Merci un all d'Wieler, déi eis confirméiert hunn, dass mir och dës Mandatsperiod erëm als déi Lénk am Gemengerot vertruede sinn. Mir hoffen, dass mer weiderhi kënnen esou bäidroen zur Gestaltung vun Déifferdeng.

Mir wäerte jiddefalls dozou bäidroen, dass dëse Gemengerot sech weider diversifizéiert a méi d'Bevëlkerung vun Déifferdeng wäert erëmispigelen, doduerch dass mer rotéieren an dann op d'mannst eng Fra méi an dräi Joer wäert bäikommen an dann eng aner Stëmm déi Lénk hei wäert vertrieeden.

An deem Sënn, sinn ech spezifesch dem Wieler dankbar, well en eben net nëmmen no bekannte Käpp gekuckt huet. Mir hate jo do schonn e Changelement. Mir sinn awer programmatesch confirméiert ginn. An déi Leit, déi mer

4. PAG et PAP

dem Wieler proposéiert hunn, déi zum groussen Deel Jonker waren, krute vill Vertrauen. Et freet eis, dass Inhalter an eben eis Equipe confirméiert ginn ass.

Zum Koalitiounsprogramm an zu anere Stellungnamen, géif ech dann zu engem spéideren Zäitpunkt, wann dat um Ordre du jour virgesinn ass, Stellung huelen. Ech denken, dat ass wichtig. Dat ass haut net méiglech, vu dass mer elo nach vill Saache virun eis hunn. Dat soll een awer anstänneg maachen. Ech denken, dass mer dofir nach wäerte Geleeënheet kréien.

Zu deem heite Punkt um Ordre du jour vum PAG, denken ech, dass een, wéi et scho gesot ginn ass, in der Tat de gesamte Kontext sollt kucken. Et war am Ufank net virgesinn, am Mattendall eng Schoul anzeplangen. Dat war e Feeler. Dat muss een esou soen, dass dat net direkt geschitt ass. Do ass net dee ganze Wuesstem, laangfristeg, gekuckt ginn. An et war eng aner Orientéierung vun der Schoulpolitik am Sënn vun: Maahe mer grouss Masterpläng am Zentrum an zu Nidderkuer a probéieren alles op ee Raum zesummen ze kréien.

Dat huet virun allem organisatoresch a logistesche Virdeeler. Dat huet awer vun der Atmosphär vun de Konditiounen fir d'pädagogescht Schaffen och ganz vill negativ Konsequenzen. Ech si ganz frou. Ech hat jo net an der viregter Koalitioun, mä an där virdrun schonn am Gemengerot ëmmer abuecht, dass, wann ee manner Stress an zum Deel och manner Gewalt an esou Schoulcampusse wëll kréien, een a Richtung méi kleng Schoule muss goen, wou een e Maximum vu 400 oder 500 Schüler huet. An am beschten och ganz Zyklen vun Ufank bis zum Schluss.

Do stelle sech elo fir mech dës Froen. Mir hunn nach net genuch Detailler, wéi déi Schoul wäert ausgesinn. Den Här Muller huet gesot, dat soll eng komplett Schoul sinn. En huet awer och vun éischter Cycle geschwat. Do sinn also vu mir aus dës Froen: Wéi eng Klasse kënnen allegueren an där Schoul ënnerbruecht ginn? Wéi eng Infrastruktur ass an där Schoul? Gëtt et eng Bibliothék? Ass e Versammlungsraum do fir d'Schoulpersonal?

Et ass elo nach net wierklech Thema. Mä wann ee seet, mir müssen dat eent

bebaue wéinst där doter Schoul, ass dat awer wichtig.

An dann eben och d'Fro – an da kann ech awer schonn zum Deel op de Koalitiounsprogramm agoen –: d'Participatioun vun de Leit, déi concernéiert sinn. Ass d'Personal an d'Planung vun där Schoul do abezunn? Sinn d'Elteren abezunn, dass se wëssen, ob se herno müssen op e puer Plazen hir Kanner siche goen oder ob se vum éischter bis de véierter Cycle kënnen hir Kanner op enger Plaz ofhuelen?

Dat ass dat eent. Ech denke vun der Bauung selwer, ass et net ausgeschloss, dass dat och a Form vu Residenzen, déi jo awer kee risegen Ëmfang hunn, méiglech ass, dat wierklech do ze integréieren. Dat hänkt awer vum PAP of, dee mer elo nach net virleien hunn. Dat heescht, ech kann haut doriwwer ofstëmmen opgrond vun deem, wat mer virleien hunn. Dat ass d'Modifikatioun, dass do kann eppes gemaach ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig. Dorëms geet et.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Da mussen mir alleguer op d'Basis vum PAP decidéieren, ob dat och deem gerecht gëtt, wat d'Kommissioun seet, wat mir mengen, wéi de Quartier sech soll entwéckelen. Och wat d'Leit do ronderëm wëllen.

Wa mer wëssen, dass déi Leit scho sensibiliséiert sinn, wat déi Plaz ugeet, denken ech, dass ee mam PAP net soll waarden, bis erëm e Protest kënnt, mä d'Leit matabezéien.

Well et geet jo herno och ëm Integratioun. Et gëtt sech oft op d'Nationalitéit fokusséiert. Neen, Integratioun geet ëmmer dann, wa Leit an eng Stad plënnere oder innerhalb vun enger Stad, vun engem Quartier plënnere an zesumme solle liewen, dass Voisinage entsteet. Dee solle mer do méiglechst gutt gestalten.

Am Fong sinn d'Viraussetzungen all ginn. Et ass eng Plaz, wou d'Leit sech schonn ëmmer getraff hunn, déi de Leit

En ce qui concerne la modification du PAG, il faut considérer le contexte. Il aurait fallu prévoir une école au Mathendahl dès le départ. Malheureusement, on n'a pas tenu compte de la croissance à long terme de la population. En plus, l'administration de l'époque préconisait un campus scolaire centralisé. D'un point de vue logistique, c'est une bonne chose, mais les désavantages pédagogiques sont importants. Gary Diderich a souvent répété que des écoles plus petites engendrent moins de stress et donc moins de violence. Il préconise des écoles complètes de 400 à 500 élèves.

M. Muller a dit tout à l'heure que l'école du Mathendahl serait complète, mais a parlé ensuite du cycle 1. Qu'en est-il? Y aura-t-il une bibliothèque? Des salles de réunion? Ce n'est peut-être pas le sujet aujourd'hui, mais après tout, le PAG doit être modifié dans la route de Pétange pour permettre la construction de l'école.

Le personnel a-t-il été consulté au préalable? Les parents savent-ils quels cycles l'école accueillera?

Pour ce qui est des constructions, Gary Diderich constate que les résidences ne sont pas énormes et qu'il devrait être possible de les intégrer correctement au site. Certes, le PAP n'a pas encore été présenté, mais le vote d'aujourd'hui ne porte que sur une modification permettant de réaliser un projet.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

confirme les propos de M. Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

ajoute qu'il faudra attendre le PAP pour voir si le projet correspond aux attentes du conseil communal et de la Commission. En tout cas, il faudrait discuter avec les habitants dès le départ. Car l'intégration ne concerne pas seulement différentes nationalités, mais aussi de nouveaux voisins par exemple.

Gary Diderich constate que ce site a toujours été un lieu de rencontre. Il est normal que les gens ne veuillent pas plus de voitures et de chantiers. Mais ces travaux sont une bonne chose pour le quartier, d'autant plus qu'il faut des appartements. Bref, cette décision n'est pas mauvaise.

4. PAG et PAP

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

dirait même qu'elle est bonne.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *est d'accord.*

La route de Pétange est une ligne droite avec des voitures garées des deux côtés. Les automobilistes ont tendance à accélérer et à atteindre rapidement soixante kilomètres à l'heure au lieu des cinquante autorisés. Il faut donc aménager la chaussée différemment. Les enfants devront pouvoir profiter de l'aire de jeux sans prendre de risques.

Gary Diderich approuvera la modification du PAG et attend avec impatience le PAP.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ne pense pas que le Mathendahl était une erreur. Il aurait dû être construit il y a 15 ans. 32 % du terrain seront cédés à la commune, soit 7 % de plus que ce que le promoteur est tenu de faire. Le manque d'école constituait le seul problème. Or elle sera construite.

Le promoteur récupère ce qu'il perd en terrain au mètre carré près. C'est pourquoi la construction de maisons unifamiliales n'était pas une option.

M. Meisch ferait bien de dire ce qu'il voudrait construire. D'un côté, il n'est pas satisfait de la protection des maisons unifamiliales, car il voudrait bâtir plus d'appartements comme le demande le ministre du Logement. Mais de l'autre, il n'approuve pas ce projet où le collègue échevinal veut construire des appartements. Roberto Traversini rappelle qu'il y a quelques années, la commune avait abandonné une aire de jeux pour construire le lycée européen. C'est pourquoi il ne comprend pas pourquoi les démocrates n'approuvent pas le projet aujourd'hui. Il espère que M. Meisch trouvera la force de changer d'avis. Ce n'est pas la première fois qu'il le lui dit.

(Interruption)

wichtig ass, déi elo nei amenagéiert gëtt, déi also valoriséiert gëtt. An natierlech si vill Leit, déi léiwer hunn, dass eppes net bebaut gëtt, dass net méi Verkéier kënnt an dass kee Chantier ass. Mä ech mengen awer, dass wann déi Phas bis eriwwer ass, een eppes Guddes fir dee Quartier eben trotzdem gemaach huet, wann ee jo awer weess, dass mer musse Wunnenge bauen. Dass dat doten net déi schlechtesten Decisioun ass.

D'Kommissioun seet jo och, et ass eng Lacune am Tissue urbain.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kënnt och soen, et wär gutt.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Esou kann een et och soen. Genau.

Et ass och scho gesot ginn, d'Gestaltung vun der Strooss wäert och ganz wichtig sinn. Et ass einfach eng riicht Strooss, wou just Parkinge riets a léns sinn, wou den Autofuerer ganz schnell d'Tendenz huet, schnell ze fueren. Dat ass net déi eenzeg Strooss, wou et esou ass. Et sinn der souguer déi vill méi kuerz sinn, wéi d'Bielesser Strooss an anerer, wou ee ganz schnell op 60 ass, wou een awer nach op 50 soll bleiwen a wou een einfach muss dat anescht amenagéieren, fir dass dat net de Fall ass. Well do wäerte jo nach méi Leit eran- an erausfueren. En plus wëlle mer jo och, dass d'Kanner kënne vun der Spillplaz profitéieren, ouni sech a Gefor ze bréngen.

Mir wäerten déi Modifikatioun stëmmen, wéi mer dat och déi éischte Kéier gemaach hunn a kucken da gespaant op de PAP. Ech soen iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ier ech dem Här Liesch d'Wuert ginn, wëll ech op zwou oder dräi Saa-chen agoen. Ech mengen net, dass de Mattendall e Feeler ass oder war. De Mattendall, wann een dee kuckt, wéi en hätt solle viru 15 Joer gebaut ginn a wéi en haut ass, ass et doudsécher kee Feeler. Mir kréien do 32% Gréngflächen

respektiv Terrainen erëm zrëck. 7% méi wéi de Promoteur misst maachen.

An deen eenzege Bemol war d'Schoul. Déi gëtt elo gebaut. Dofir mengen ech, dass de Mattendall u sech am Endeffekt awer genau dat ass, wat eng modern Cité soll hunn.

De Promoteur wollt dat zeréck als Baufläch, wat en un Terrain verluer huet. Dofir ass d'Optioun vun den Eefamilljenhaiser net zrëckbehale ginn. Do war de Metercarré gekuckt ginn, wat déi eng Säit méiglech war ze bauen. An en huet genau datselwecht bal op de Metercarré erëmkritt. Här Muller, et war jo esou?

An zum Här Fränz Meisch wëll ech awer soen, et muss ee mer soen, wéi a wat mer solle bauen. Op där enger Säit weess ech, dass Der net extrem frou sidd mat eiser Decisioun vum Schutz vun den Eefamilljenhaiser. Wou Der sot, dass een op verschiddene Plazen awer nach soll kënne Appartementer bauen. Et soll een do dann deelweis méi dicht bauen. Dat seet iwwregens och de Logementsminister, deen Iech ganz no läit. An hei ass eppes, wou mer wierklech genau dat maachen. Et ass eng Plaz, wou keng Eefamilljenhaiser sinn a wou mer eis eens sinn am Schäfferot an och mam Schäfferot vu virdrun, dass sollen nach verschidde Méiglechkeeten opbleiwen, fir e bësse méi dicht ze bauen, fir Appartementer ze maachen. Dat ass awer dann e gudder Mix, dee mer kréien.

Ech widderhuelen et nach eng Kéier. Dat ass da fir d'Drëtt. Virun e puer Joren hate mer ganz genau datselwecht gemaach, wou mer eng Spillplaz opginn haten, fir Terrain ze kréien, fir den europäesche Lycée ze bauen. Dofir wonnert et mech nach ëmmer. Mat deenen dräi Argumenter, déi ech Iech gesot hunn, kéint Der awer vläicht iwwer Äre Schiet sprangen an dëse Projet matstëmmen. Mä bon, et ass jo net fir d'Éischt, dass ech Iech dat soen.

(Ënnerbriechung)

Mir haten aner Geleeënheeten, fir eis doriwwer auszetauschen.

Dofir fannen ech, dass et wierklech eng flott Plus-value ass fir déi ganz Plaz. An net ze vergiessen, et ass déi éischte Kéier,

4. PAG et PAP

datt eng Spillplaz esou ausgebaut gëtt, wéi d'Awunner an d'Awunnerinnen aus dem Quartier dat wollten. Do war kee Politiker dobäi. Do ware just déi Leit – Jonker a manner Jonker dobäi –, déi sech dat erausgesicht hunn. Ech mengen, datt et awer bis elo emol gelongen ass. An et ass nach net ganz fäerdeg.

Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et bleift am Fong net méi vill ze soen. Dir hutt op all d'Froe geäntwert. Ech géif just nach wëlle soen, dass mer op den Avis vum Ministère agaange sinn, dee gesot hat, dass déi Klasséierung vun enger Hab 2 ze dicht an ze grouss wär. Dat hu mer rektifizéiert. Dir gesitt am Dossier, dass mer et op eng Hab 3 ëmklasséiert hunn. Also an deem Punkt si mer dem Avis vun der Cellule nokomm.

Deen anere Punkt huet den Här Hartung erkläert, dass genau de Wonsch war, déi Terrainen ze hypothekéieren. Natierlech erfëllt d'Cellule hire Rôle. Si sinn do, fir méiglechst vill Wunnraum ze schafen. Si gesinn dat natierlech aus engem anere Bléckwénkel.

Fir op déi aner Froen anzegoen, déi gestallt gi si vum Här Diderich: Et ass kloer, dass mer haut jo just iwwer eng Modifikatioun vum PAG schwätzen. Den Här Muller hat dat jo och scho gesot. Hien huet dat och schonn e bëssen erkläert. De PAP, dee mer an dem Péitenger Wee hunn, ass quasi fäerdeg.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Muller ass senger Zäit viraus.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Den APS fir d'Schoul am Mattendall ass och quasi fäerdeg. Mir wollten am neie Schäfferot awer all déi Dossieren eng Kéier duerchgoen, och fir eisen zwee neie Kolleegen ze erklären, wéi et dozou komm ass, ier mer dat dann heihinner bréngen. Duerfir sinn déi bewosst net dran.

Mä natierlech ass déi Schoul, déi do geplangt ass, esou ugaange gi wéi all d'Projeten, déi mer am leschte Schäfferot haten. Den Här Muller an ech souze mat de Responsabele vu Schoul a Maison relais zesummen, fir genau dat doten ze maachen. Wéi soll déi Schoul ausgesinn? Wat brauche mer alles? Dat ass natierlech gemaach ginn. Also d'Personal, dat dohinner schaffe kënnt, war vun Ufank u matagebonne bei der Planung vun der Schoul. 100%eg. Dat kann ech Iech mat zwou Hänn ënnerschreiwen.

Déi Projete kommen elo relativ schnell an de Gemengerot. Da wäert Der dat och gesinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Se komme jo nach an d'Kommissioun.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

A si kommen nach an d'Kommissioun.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 2 voix non d'approuver la modification ponctuelle du PAG au lieu dit «Route de Pétange» à Niederkorn.

Da komme mer zu engem PAP, e Plan d'Aménagement particulier, deen och schonn e laange Baart huet. Da géif den Här Liesch eis dee kuerz oder méi laang virstellen. Wéi Der wëllt, Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dir wësst, ech si kee Frënd vu laange Rieden, duerfir maachen ech et kuerz.

Effektiv, en huet e laange Baart. Fir den Historique kuerz ze ëmräissen: 2015

En plus, l'aire de jeux est modifiée selon les souhaits des habitants. C'est une première et ce n'est pas fini.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *re-*vient sur l'avis du ministère, d'après lequel le classement en HAB 2 permettrait des constructions trop denses. Le collègue échevinal a reclassé la zone en HAB 3.

M. Hartung a raison de dire que le collègue échevinal voulait hypothéquer certains terrains. De son côté, la Cellule ne fait que remplir son rôle: demander à la commune de construire autant d'habitations que possible.

Comme l'a dit M. Diderich, aujourd'hui, il n'est question que de la modification du PAG. M. Muller a précisé que le PAP de la route de Pétange est presque fini.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *plaisante sur le fait que M. Muller est en avance sur son temps.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *ajoute que l'APS de l'école du Mathendahl est lui aussi presque fini. Mais le collègue échevinal voulait expliquer les deux dossiers aux nouveaux échevins. C'est pourquoi ils ne figurent pas encore dans les documents du conseil communal. Pour planifier l'école, M. Muller et Georges Liesch ont rencontré les responsables de l'école et de la maison relais. Le personnel a donc été inclus dès le départ.*

Les projets seront rapidement présentés au conseil communal.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ajoute qu'ils seront aussi présentés à la commission.*

(Vote)

Roberto Traversini passe au PAP suivant.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG), *qui n'aime pas les longs discours, se montrera bref.*

Le PAP en question a été approuvé en 2015, mais ne prévoyait pas de phasage. En théorie, le promoteur aurait dû réaliser une étude de tout le terrain. Or il ne s'intéressait qu'à un seul lot. C'est pourquoi le PAP a été modifié en 2017. La commis-

5. Finances communales

sion des bâtisses a remis un avis positif à l'époque.

Le plan prévoit la construction de deux résidences. Le promoteur pourrait déjà demander un permis de construire pour le lot 1, mais le lot 2 n'est pas encore prêt. Le collègue échevinal prévoit de rencontrer le promoteur pour voir si l'on peut encore apporter quelques modifications au lot 1.

Les devis remis aux conseillers communaux sont purement informatifs et permettent à la commune de demander une garantie bancaire au cas où le promoteur faisait faillite.

Le lot 1 aura une classe énergétique A. Georges Liesch considère ce projet innovant. Il répète que le collègue échevinal a l'intention de discuter à nouveau avec le promoteur pour modifier l'une ou l'autre chose.

ALI RUCKERT (KPL) confirme que ce projet a été approuvé le 15 juillet 2015. Mais à l'époque, il était question de 29 lotissements, dont 3 résidences et 1 pour séniors. Aujourd'hui, il n'est plus question que de deux résidences. Qu'en est-il?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) explique que le collègue échevinal veut évaluer une nouvelle fois la densité du projet. Cette discussion aura lieu dans le cadre du nouveau PAG.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) répète qu'en 2015, le plan directeur portait sur tous les terrains, mais ne prévoyait pas de phasage. Une première modification a réglé ce problème. Aujourd'hui, il est question uniquement des résidences dans la rue Prince-Henri. Le collègue échevinal veut se laisser le temps de voir si le reste est conforme à la façon dont il voit le développement urbain à l'avenir.

(Vote)

ass e PAP gestëmmt ginn op där doter Plaz. Allerdéngs war deemools an deem PAP näischt virgesi vun engem Phasage.

Soudass eigentlech de Promoteur hätt misse seng Etüde maachen op deem ganzen Terrain. Dee Promoteur war awer just interesséiert un deem Lous, wouriwwer mer haut diskutéieren. Dat wär fir hien eng riseg Aufgab gewiescht. Dofir ass dëse PAP modifizéiert ginn. 2017 hu mer am Gemengerot eng Modifikatioun vun deem PAP gestëmmt, wou eben déi Fro vun deem Phasage gekläert ginn ass. Dir gesitt, de Gemengerot war also schonn zweemol mat dësem Projet befasst. 2017 hat och d'Bautekommissioun dëse Projet an huet e positiven Avis ofginn.

Dir hutt de Plang virleien, wéi en ausgesäit. Dee gesäit also vir, dass do zwou Residencë gebaut ginn. E Lot I an e Lot II. Woubäi de Lot I eigentlech souwäit prett ass. Do ass de Promoteur souwäit, dass en d'Baugeneemegung eigentlech kéint ufroen. Mä de Lous II awer nach net. Un deem ass en nach amgaangen ze schaffen.

Mä mir wäerten eis nach eng Kéier mam Promoteur gesinn, fir de Lous I wierklech nach eemol duerchzediskutéieren an ze kucken, ob mer net nach déi eng oder déi aner Iddi vlächicht kéinte mat erabrénge.

Déi Devisen, déi elo am Dossier leien, sinn eigentlech nëmmen Devis informatifs. Déi gi benotzt, fir dass mir als Gemeng d'Garantie bancaire kënnen an deem dote Montant beim Promoteur froen, dass déi hannerluecht ginn, am Fall wou de Promoteur géif Faillite maachen en cours de route.

De Lous I ass quasi fäerdeg a gëtt och an der Energieklass A gebaut. Et sinn och schonn eng Partie Saachen dran, déi de viregte Schäfte mat ausgehandelt huet. Déi weisen, dass dee Projet ganz innovativ ass.

Mir wäerte just nach eng Kéier kuerz, wéi gesot, mam Promoteur diskutéieren, ob mer net nach déi eng oder déi aner Iddi abrénge kënnen. Da wäert dat och esou geneemegt ginn.

Méi ass dozou net ze soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn effektiv de 15. Juli 2015 iwwert dee Projet befonnt. Mä wann ech mech net ieren, ass deemools vun 29 Lotissementer rieds gaangen, dorënner dräi Residenzen an dovun eng Senioreresidenz. Dir schwätzt elo vun zwou Residenzen. Gëtt et elo eng Ännerung oder bleift et bei dräi Residenzen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nee. Dat hei ass elo dat, wat mer haut maachen. Mir wäerten dat Ganzt nach eng Kéier op de Leescht huelen, fir ze kucken, ob do soll esou dicht verbaut ginn oder net. Ech mengen, datt nach eng Kéier misst iwwert deen neie PAG gekuckt ginn. Natierlech muss een och berécksiichtegen, wéi wäit d'Engagementer scho gaange sinn an deem wat mer do wëlle vlächicht an deem neie PAG änneren oder och net.

Här Liesch, Dir hutt d'Wuert.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Genau esou ass et. 2015 hate mer e Plan directeur iwwert déi ganz Terrainen, déi natierlech, wéi Der gesot hutt, nach eng ganz Partie Unitéite virgesinn haten. Mä wou eben de Phasage net mat dra war.

Duerno hate mer jo déi Modifikatioun gemaach, wou de Phasage gekläert ginn ass.

Haut schwätze mer eigentlech just iwwert déi zwou Residencen, déi ënnen an der Rue Prince Henri gebaut ginn. Alles aneschtens, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, wëlle mer eis wierklech nach eng Kéier duerch de Kapp goe loossen, ob dat sënnvoll ass an am Sënn, wéi mir eis Stadentwécklung an den nächste Jore gesinn.

5. Finances communales

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le plan d'aménagement particulier au lieudit «Ronnwisen» à Oberkorn.

Da géife mer zum fënnefte Punkt kommen, d'Modifikatiounen am ordinären an extraordinäre Budget.

Am ordinäre Budget gesitt der am Tableau, wat mer müssen eropsetzen, fir datt mer kënnen déi sämtlech Facturë bezuelen. Dir gesitt ganz vill am 1535°. Dir wësst jo, datt mer de Budget am 1535° just sechs Méint virgesinn haten, well mer do sollten eng S.A. grënnen. Op deen Artikel komme mer méi spéit zeréck. Vu dass mer do d'Depensen op sechs Méint gerechent haten, ass et natierlech ganz kloer, datt déi eropginn.

Et si verschidde Saachen, déi eropginn. Mä am grouse Ganzen dréit dat Ganzt sech am ordinäre Budget. Et bleift souguer eng Soulte, wou mer dann nach hunn.

Gëtt et dozou Froen? Jo, Madamm Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Häre Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, Dir Hären, hei hu mer wéi all Joer d'Modifikatioun vum ordinären an extraordinäre Budget 2017. Den Exercice vun dëser finanztechnescher Balance ass okay, fir zum Beispill en Zousazkredit ze hu fir d'Projeten, déi méi schnell wéi virgesi virugginn. An de finanzielle Volet, deen zur Verfügung steet, fir d'Rechnunge vun de Fournisseuren nach kënnen mat dësem Budget ze begläichen. Dat ass ganz wichteg fir d'Fournisseuren. An zum Beispill de Budget vun de Projeten, déi manner deier ginn, ze aktualiséieren.

Mir freeën eis natierlech, dass déi staatlech Subventioun fir d'Maison relais an

d'Sportshal vun der Fousbanner Schoul schonn ukomm ass.

D'DP stëmmt dës Modifikatioun.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul.

Här Gary Diderich, w.e.g.l.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech hätt e puer konkret Nofroen. Virun allem beim „ScHmIT Happens“ wonnert et mech, dass de Budget sech verduebelt huet. Gëtt et Grënn dofir? Och bei de Recetten. Wat ass do geschitt? Dat war jo awer ausverkaaft. Oder ass et vläicht dat, wat domat gemengt ass?

Bei de Kopiesmaschinne froen ech mech, wéi déi sou bedeitend kënnen eropgoen, dass et herno 75.000 Euro kascht amplaz vu 45.000 Euro. Dat si jo awer Saachen, déi ee lount, wou ee relativ gutt plange kann. Wéi erkläert sech déi Entwécklung? Dat sinn déi zwou Nofroen, déi ech op jidde Fall hätt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Op eng Fro kann ech Iech direkt eng Äntwert ginn. Bei „ScHmIT Happens“ si ganz vill Recetten erakomm. Dat war just falsch gebucht ginn. Do hat ee geduecht, mat de Recettë misst ee „ScHmIT happens“ bezuelen. Mä säi Kontrakt war mat den Entréeë gereegelt. Dat Event huet eis 25.000 Euro kascht. Mir hunn der 40.000 erakritt. Dir wäert am Budget herno gesinn, datt dat e Benefice war vu 15.000 Euro. Esou eppes kënn net oft vir. Et soll och elo net dorunner gemooss ginn. Kultur soll net mat Benefice gemooss ginn. Dat ass emol déi eng Äntwert.

Op déi aner Fro mat de Fotokopiermaschinne, hoffen ech, datt den Här Liesch eng Äntwert huet. Et ass op alle Fall net alleng déi aus dem 1535°, déi de Präis hei ausmécht. Här Liesch.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé aux modifications des budgets ordinaire et extraordinaire.

Certains postes ordinaires ont été modifiés pour que l'administration puisse régler toutes les factures. C'est notamment le cas du 1535°, où le budget ne portait que sur six mois parce qu'il était prévu de créer une SA. C'est ce qui explique l'augmentation du budget.

Malgré les adaptations, le budget ordinaire reste équilibré

CHRISTIANE SAEUL (DP)

constate qu'il est question de modifications du budget 2017. Ces adaptations permettent de disposer des fonds nécessaires pour les projets ayant avancé plus vite que prévu et de régler les factures des fournisseurs. Elles permettent aussi d'actualiser les dépenses pour les projets qui se sont révélés moins chers que prévu. Christiane Saeul se réjouit que la subvention de l'État pour la maison relais et la salle de sport de l'école du Fousbann soit arrivée. Le DP approuvera les modifications.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

s'étonne que le budget de ScHmIT Happens ait doublé. Que s'est-il passé? Le spectacle n'était-il pas complet? Pour ce qui est des photocopies, le budget passe de 45 000 à 75 000 €. Comment cela est-il possible? Les machines sont louées. Le collègue échevinal devrait donc pouvoir estimer correctement les dépenses.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que dans le cas de ScHmIT Happens, il s'agit d'une erreur de comptabilisation. L'évènement a coûté 25 000 € à la commune. Les recettes s'élèvent à 40 000 €. Les bénéfices se montent donc à 15 000 €. Ces choses-là n'arrivent pas souvent. La culture n'est pas là pour rapporter de l'argent. Il ne faut donc pas prendre ce spectacle comme modèle.

Pour ce qui est des photocopies, Roberto Traversini espère que M. Liesch a une réponse.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

s'inquiète effectivement de l'augmentation du budget pour les photocopies depuis des années. D'un côté, le nombre de services communaux

5. Finances communales

et de salles de classe s'accroît. De l'autre, il faut effectivement prévoir une campagne de sensibilisation.

Mais il y a une autre explication. Le collègue échevinal a encouragé les enseignants à limiter l'usage d'imprimantes.

Il y a quelques années, chaque salle de classe disposait d'une imprimante couleur. Or les cartouches séchaient pendant les grandes vacances. Et elles coutent cher. C'est pourquoi le collègue échevinal a préféré installer des photocopieurs dans les écoles. Ceci explique l'augmentation des frais dans les écoles. Mais de l'autre côté, les dépenses liées aux cartouches d'imprimante ont baissé, ce qui n'apparaît malheureusement pas dans le budget.

Cependant, M. Diderich a raison de vouloir sensibiliser les gens au problème.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
passé à l'extraordinaire, où certains projets ont avancé plus vite que prévu.

Le bourgmestre n'est pas content concernant certains points. L'échevin aux bâtisses pourra fournir les explications.

La maison des jeunes est beaucoup plus chère que prévu et le budget de la crèche en forêt a explosé parce que la commune a finalement installé cinq roulettes au lieu de deux. En tant que responsable des finances, Roberto Traversini n'est pas content. À l'avenir, le collègue échevinal vérifiera plus sévèrement les budgets avant de les mettre sur papier. À force de vouloir faire des économies, on finit parfois par se mentir à soi-même.

ALI RUCKERT (KPL) *s'étonne aussi de l'énorme différence dans certaines sommes.*

Il ne comprend pas non plus pourquoi l'assainissement du sol sur le site de l'école internationale n'avait pas été prévu. Le collègue échevinal semble avoir découvert quelque chose que tout le monde savait déjà.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo, effektiv. Et ass net nëmmen dëst Joer. Mir gesinn an de leschte Joren eigentlech eng Entwécklung, déi eis wierklech e bësse Suerge mécht. Dat ass, dass déi Zuel vun de Kopien ëmmer weider an d'Luucht geet.

Et erkläert sech zum engem Deel do-duerch, awer net nëmmen, dass mer méi Servicer a méi Schoule a Klasseraim bäikréien. Mä dat ass et net alleng. Mir müssen effektiv eng Sensibiliséierungscampagne maachen, dass eigentlech just nach déi Saache solle kopéiert a geprint ginn, déi och wierklech noutwendeg sinn.

Als zweet Erklärung – dat ass awer méi positiv –, mir hunn et fäerdeg bruecht haaptsächlech an de Schoulen, déi an deem Beräich immens matgeschafft hunn, d'Enseignanten ze encouragéieren, op hir Printereren ze verzichten. Wéi der wësst, virun e puer Joer war nach an all Klassen all eng faarweg Imprimate mat Kartuschen. Déi sinn dann ëmmer während der Summervakanz ausgedréchent. Mir hat verschidde Saachen ausprobiert. Mä et ass awer eigentlech ni richteg reusséiert.

Doropshin hate mer mat den Enseignanten geschwat a gesot: Mir stellen iech léiwer nach eng Kopiesmaschinn méi an d'Schoulen. Da gitt der eis déi Imprimate zréck. Éischtens sinn déi Kartuschen immens deier, wou dir net richteg kënn dovunner profitéieren. Dat ass natierlech och ee Grond, firwat grad an de Schoulen d'Kopien immens an d'Luucht gaange sinn. Mä wat ee leider net an deem Budget hei gesäit, sinn natierlech d'Onkäschtchen vun de Kartuschen, déi op där anerer Säit massiv erofgaange sinn. Dat ass emol sécher eng Erklärung.

Mä ech ginn Iech awer ganz Recht. Et ass eng Entwécklung, déi mer sollten am A behalen an d'Leit e bësse sensibiliséieren, fir méi paperless ze denken.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la 1re modification ordinaire de l'exercice 2017.

Da komme mer zum Extraordinären. Dir gesitt, dass verschidde Saache méi schnell gemaach gi sinn, wéi et virgesi war.

Ech wëll eppes net verstoppen. Et sinn zwou Saachen, wouriwwer mer wierklech net extrem frou sinn. Mä et ass eben elo esou. A wann der dofir gären Erklärungen hätt, de Bauteschäfte kann iech se ganz gäre ginn.

Déi éischt Saach ass eist Jugendhaus, dat e bësse méi deier gött – e bëssen ass staark ënnerdriwwen –, fir net ze soen extrem vill méi deier gött.

An déi zweet Saach ass d'Bësch-Crèche, wou e ganz anere Budget entstanen ass, wéi eigentlech virgesi war. Mä et muss een awer dozou soen, am Budget ware keng fënnef Ween virgesinn, mä just zwee. Dat huet sech entwéckelt op fënnef.

Ech géif mengen, dass dat eng Erklärung ass. Mä ech muss soen, richteg frou als Responsabele vun de Finanze sinn ech net. Mir wäerten an Zukunft dann och esou virgoen, dass déi Budgeten, déi mer opsetzen am Ufank vun engem Joer, nach eng Kéier iwweckelt ginn, ier se definitiv op Pabeier gesat ginn. Net dass ee wëll spueren, spueren a spueren an da kritt een déi Zuelen, déi ee gären hätten, an am Endeffekt huet ee sech an déi eegen Täschen gelunn. Dat soll net sinn.

Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir hutt déi Saach elo schonn ugeschnidden. Do sinn e puer Posten dran, wouriwwer ee sech nëmme wonnere kann, awéiwäit déi Kreditter iwweckelt gi sinn. Ech hu mech awer och gewonnert, muss ech soen, dass d'Entseuchung vum Buedem bei der internationaler Schoul net virgesi war. Dass dat op eemol entdeckt gött, obscho mer alleguer wëssen...

5. Finances communales

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass méi.

ALI RUCKERT (KPL):

... dass dat de Fall ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass méi ginn.

ALI RUCKERT (KPL):

Et ass vill méi ginn. Et kascht vill méi, wéi et virgesi war.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat ass natierlech eng grouss Zomm. Déi Saache missten also an Zukunft vläicht besser gekuckt ginn.

Ech wollt awer soen, dass ech als Vertrieber vun der Kommunistescher Partei déi Modifikatioune vum ausseruerdentleche Budget net stëmme wäert. Net wéinst deenen eenzelne Posten, déi do drastinn, mä well ech natierlech och géint den initiale Budget gestëmmt hunn. A well mir als Kommunistesch Partei deelweis ganz aner Prioritéiten hätten, fir ze realiséieren. Et ass also eng Prinzipiesach, firwat ech géint déi Verännerung vum ausseruerdentleche Budget vun deene Kreditter stëmme.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir ännert heiansdo Är Prinzipien, Här Ruckert. Ech verstinn Iech awer.

Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Déi Depollutioun hu mer jo scho gekläert, firwat vill méi ugefall ass. Mä déi Sue wäerte mer jo herno souwisou vum Stat zrëckbezuelt kréien oder net?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir versichen déi erëmzkréien. Dat steet och am Artikel.

GUY TEMPELS (CSV):

Et wier wichteg, dass een am Viraus ëmmer elo vläicht kuckt, d'Projeten esou auszeschaffen, dass mer net ze vill Imprevü kréien. Dat wär top.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech muss soen, datt et manner dem Bauteschäfte seng Schold ass wéi meng selwer. Ech sinn deen, deen ëmmer dréckt, well ech da mengen, et géif een... a jo, dann huet een heiansdo déi Resultater. Mä ech sinn och léierfäeg.

GUY TEMPELS (CSV):

Wonnerbar. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Déi allgemeng Bemierkunge si gemaach, déi ech och wollt ënnersträichen. Ech wollt nach bei engem konkrete Punkt nofroen. Dat ass an der Villa Hadir, wou mer vun 260.000 Euro ursprénglech geplangt elo op 660.000 Euro kommen. Dat heescht 400.000 Euro méi.

Et ass awer och de Centre médico. Mir schwätzen net nëmme vun der Villa Hadir, wa mer vun deene Montante

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que les travaux ont été plus importants que prévu.

ALI RUCKERT (KPL) *rétorque que la différence est vraiment énorme.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

admet que M. Ruckert a raison.

ALI RUCKERT (KPL) *répète qu'il s'agit d'une somme conséquente. Il faut faire attention dès le départ.*

Le conseiller communal n'approuvera pas les modifications parce qu'il avait voté contre le budget initial qui, selon lui, ne place pas les priorités là où il faut. C'est une question de principe.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

comprend M. Ruckert même s'il sait que ses principes peuvent évoluer.

GUY TEMPELS (CSV) *pense qu'il faudrait planifier les projets de façon à ce qu'il n'y ait pas trop d'imprévus.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que l'échevin des bâtisses n'est pas le seul responsable. Le bourgmestre essaie toujours de faire baisser les prix ce qui peut entraîner ce type de résultat. Mais il apprend de ses erreurs.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *a une*

question concernant la Villa Hadir. Les dépenses sont passées de 260 000 € à 660 000 €, soit une augmentation de 400 000 €. Le centre médico est lui aussi concerné. Que s'est-il passé concrètement? La Villa Hadir n'a rien d'agréable. Le restaurant souffre à cause du chantier. Il n'y a pas d'éclairage à l'entrée. Le conseil communal a approuvé deux projets au cours des dernières années. Des plaques en plâtre, que M Diderich aurait pu poser lui-même, sont le seul résultat qu'il ait vu.
(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

plaisante sur le fait qu'il sait désormais ce que M. Diderich fera dans trois ans.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *répond qu'il lui arrive même maintenant de*

5. Finances communales

poser des plaques de plâtre. Il voudrait savoir pourquoi les frais ont augmenté autant.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

demandera aux services responsables de remettre une facture détaillée à M. Diderich. L'argent a servi à mettre en conformité le bâtiment. Les travaux ont eu lieu exclusivement à l'intérieur, qui n'était plus en bon état.

Roberto Traversini se réjouit que Revue ait décidé de rester. Il ajoute que des institutions de l'État s'installeront aussi dans la Villa Hadir.

Désormais, il reste à mettre en conformité le premier étage. Comme ce n'était pas prévu, les frais ont augmenté. C'est au premier étage qu'emménageront les services de l'Éducation.

Pour ce qui est du centre médico, le collège échevinal profite du départ des services de l'Éducation pour rénover. Roberto Traversini propose à M. Diderich de se rendre sur les lieux avec quelqu'un du service technique pour voir quels travaux ont été réalisés.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *espère que les variations de budget seront maîtrisées à l'avenir. Le DP approuvera les adaptations.*

ALI RUCKERT (KPL) *rappelle que le bourgmestre veut se faire rembourser par l'État. Comment compte-t-il s'y prendre? Y a-t-il un accord?*

M. Traversini sait pertinemment que l'État a roulé la Ville de Differdange lors de l'acquisition du terrain. A-t-il vérifié ce que l'État compte faire cette fois-ci?

schwätzen. Betrifft dat elo méi dat eent oder dat anert Gebai?

A bei der Villa Hadir, wat ass do elo konkret geschitt? Ech fannen, dass den Zoustand vun der Villa Hadir am Moment net immens aluedend ass fir e Gastronomiebetrib, dee schonn ze leiden huet ënner engem Chantier, dee ronderëm ass. Do ass keng Beliichtung, wann een erakënnt. Dat ass en immens däischeren Zougang, deen een do huet. Do hu mer awer zwee Projete gestëmmt iwwert déi lescht Joren, vun deenen ech bis elo just Gipsplacke gesinn hunn, déi ech selwer och hätt kéinte leeën.

(Gelaachs a Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da weess ech, wat Der no deenen dräi Joer wäert maachen.

(Gelaachs)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech maachen dat och elo schonn heiansdo.

Wat ass do scho geschitt? Wou sinn déi Käschten an d'Luucht gaangen?

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wäert eise Servicer soen, si sollen Iech eng detailléiert Rechnung ginn, wat d'Villa Hadir kascht huet a wat de Centre médico wäert kaschten. Et ass nëmmen am Interieur geschafft ginn. Déi Sue si just fir d'Konformitéit vum Gebai.

Do kommen elo staatlech Institutiuonen dran. D'Revue ass Gott sei Dank bliwwen. Den Interieur war wierklech net méi an engem extrem gudden Zoustand. Dofir hate mer decidéiert, et frësch ze maachen. Mir hunn dovunner profitéiert, datt den éischte Stack fräi war, fir datt d'Revue dee Moment konnt erofgoen.

Elo profitéiere mer dovun, fir deen éischte Stack och konform ze maachen. Dat gëtt dann natierlech méi deier, wéi mer am Ufank d'Joer geduecht hatten, well mer dat net virgesinn hatten. Op deen éischte Stack wäert d'Education herno dra kommen. Do kommen Antennen dra vun der Education.

Am Centre médico ass et d'selwecht. Do geet d'Education deelweis eraus, well se dann an d'Villa Hadir geet an da profitéiere mer och dovunner, fir frësch ze maachen. Mä Dir kritt selbstverständlech ganz gär den Detail dovunner, wat lénks a riets investéiert ginn ass. Dir kënnt ouni Problem, wann Der wëllt eng Visite maachen, mat engem Techniker vun eis dohinner goen, fir ze kucken, wat mat deene Sue geschitt ass.

Här Meisch François.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Just ganz kuerz. Merci, Här Buergermeeschter. Déi meeschte Froe goufe gestallt. Äntwerte goufe scho ginn. Mir hoffe just, datt déi Schwankungen an Zukunft ausbleiwen. Mä dës Kéier géife mer en trotzdeem nach esou matdroen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci.

Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir hutt grad gesot gehat: Mir versichen déi Suen erëmzekeréie vum Stat. Wéi staark wëllt Der dann do versichen. Oder gëtt et scho vläicht eng Ofmaachung?

Dir wësst ganz genau, dass d'Regierung d'Déifferdenger Gemeng ugeschmiert huet, scho wéi deen Terrain kaaft ginn ass. Dass mir fir méi en deiere Präis kaaft hunn, wéi mer vun der Regierung zrëckkritt hunn. Hutt Der vläicht schonn Är Fühler ausgestreckt, ob d'Regierung bereet ass do eppes ze maachen?

6. Enseignement / 7. Actes et conventions

Ech wëll awer och nach an deem Zesammenhang drop hiweisen – hei hu mer et mat engem classesche Fall ze dinn –, wou net de Pollueur payeur spillt. Wou hei d'Allgemengheet – an deem Fall d'Gemeng oder de Steierzueler generell – fir eppes bezuele muss, wat en net ugeriicht huet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, ech setze mech mat Leif a Séil an, fir déi Suen erëmzekerien. Leit, déi scho bei esou Diskussiounen dobäi waren, wëssen dat. Ech versiche wierklech de leschten Euro ze kréien. Et ass op deem Budget gebucht ginn. Mir wäerten alles drusetzen, datt mer déi Sue global erëmkréien. Et misst scho vill kommen, datt mer déi net géife kréien. Mä bon. Eng 100% Garantie huet een ni.

Bis elo, muss ech soen, hu mer dat versprach kritt. Mir hunn och e Bréif vum Ministère kritt, datt d'Méikäschte géife gedroe ginn. Dee Bréif ass vun dräi Ministeren ënnerschriwwen ginn. Vum Här Gramagna, vum Här Bausch a vum Här Meisch.

Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wollt op d'Sécherheet vun deem Schantjen agoen. Ech weess, datt d'Madamm Richartz mech viru Méint drop ugeschwat hat. Dee Restaurant/Café fonctionnéiert gutt – a mir sinn och frou driwwer – trotz dem Schantjen, dee e ronderëm sech huet. Mä déi Zäit war et net méiglech, well de Kanal no baussen op war a keen Elektresch do louch an et dee Moment net konnt gemaach ginn. Mä d'Leit vum Schantjen hate mer awer versprach, soubal d'Strooss zou wier, de Kanal dra wier an d'Elektresch géif leien, datt een da provisoresch eng Luucht géif dohinner setzen, bis déi definitiv Luuchten do wieren.

Dofir, Avis un den Här Liesch, fir dann do esou schnell wéi méiglech, wann d'Elektresch am Buedem läit, déi Luuchten dohinner ze setzen.

Mä op Är Interventioun hin, hat ech dat nogefrot. Dat sinn elo Méint hier. Dat war d'Äntwert, firwat et net gemaach ginn ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir kucken dat dann no. Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 1 voix non d'approuver diverses augmentations et diminutions de crédits extraordinaires de l'exercice 2017.

Mir schloe vir am Punkt 5c den Impôt foncier dëst Joer nach esou ze loossen, wéi en ass. Dir hutt d'Tabell virleien. Mir géife virschloen, deen esou ze loossen.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech widderhuele mech all Joers. Ech wäert dës Kéier net weider drop agoen, mech einfach enthalen an der neier Koalitioun eng Chance ginn, dat fir d'nächst Joer dann ze reconsideréieren. Op jidde Fall sinn aner Gemengen, déi elo schonn op de Wee ginn, un der Grondsteier eppes ze maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir wësst jo, datt mer d'lescht Joer e grouse Schratt no uewe gemaach hu bei Terrains à fins d'habitation, wou net gebaut ass. Do si mer jo op 600% eropgaangen. Mä ech hunn awer kee Problem, datt een dat vläicht eng Kéier an der Logementskommissioun an an der Finanzkommissioun géif op d'Dagesuerdnung setzen, fir Proposen auszeschaffen.

Da géife mer zum Vott kommen.

Par ailleurs, Ali Ruckert constate que l'on ne tient pas compte du principe du pollueur payeur puisque c'est le contribuable qui trinque.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

fera tout ce qu'il peut pour récupérer l'argent, qui a d'ailleurs été comptabilisé. Il ne peut pas s'imaginer que la Ville de Differdange ne soit pas remboursée, mais il n'existe pas de garantie à 100 %. Cependant, il dispose d'une promesse du gouvernement. Il a aussi reçu une lettre signée par trois ministres disant que les frais supplémentaires seraient remboursés.

FRED BERTINELLI (LSAP)

souhaite revenir sur la sécurité du chantier. Le restaurant fonctionne bien malgré le chantier. Cependant, on n'avait pas pu installer l'éclairage en raison des travaux de canalisation. Mais normalement, une lampe provisoire aurait dû être installée une fois ces travaux finis. Fred Bertinelli tenait à en informer M. Liesch.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à l'impôt foncier et suggère de ne pas le modifier cette année.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

répète la même chose tous les ans. Cette fois-ci, il se contentera de s'abstenir et de laisser une chance à la nouvelle coalition d'intervenir l'année prochaine.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rappelle que l'année dernière, l'impôt sur les terrains à fins d'habitation non bâtis était passé à 600 %. Mais une discussion pourrait effectivement avoir lieu au sein de la commission des finances et de la commission du logement.

(Vote)

Roberto Traversini passe à l'impôt commercial et propose de conserver le taux existant.

(Vote)

7. Actes et conventions

Roberto Traversini passe au point 6, l'occupation des postes dans l'enseignement fondamental.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *explique qu'il s'agit de la version définitive de l'organisation du personnel scolaire. Les adaptations sont faites en fonction des congés et des remplacements. Actuellement, 366 enseignants tiennent 7344 heures à Differdange.*

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passé à la cité Hondsbësch pour la vente de l'avant-dernier terrain.*

(Vote)

Roberto Traversini passe à la vente de 1,32 a dans la route de Belvaux. La Ville de Differdange demande 50 000 € l'are.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux terrains dont il a été question tout à l'heure dans le cadre de la modification du PAG. En fait, il s'agit d'acheter des terrains dont Differdange a besoin et d'en céder d'autres.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Déi zwee oder een elo?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Een. Den Impôt foncier fir d'Éischt.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 abstention de fixer les taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2018.

Den Impôt commercial géife mer natierlech och wëllen d'selwecht halen. Dir gesitt, den 1. November hätte mer dat missen eraginn. Dir verstitt awer och, firwat dat dëst Joer net méiglech war. Dofir géif ech iech bieden, deen dann och dëst Joer nach eng Kéier matzestëmmen.

Mir kommen zum Vott, w.e.gl.

Le conseil communal décide à l'unanimité de fixer le taux de l'impôt commercial pour l'exercice 2018.

Da komme mer zum siwente Punkt. Ee Punkt, dee mer schonn zwiefel Mol um Ordre du jour haten.

Nee, Pardon. Mir si beim sechste Punkt. Dat ass den Enseignement fondamental. D'Occupation de postes. Madamm Pregno, elo hat ech Iech iwwerspronnen.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci.

Hei geet et ëm déi definitiv Versioun vun der Personalorganisatioun fir d'lafend Schouljoer. Et gëtt am Virfeld ëmmer eng provisoresch gestëmmt. Da mussen Adaptatioune gemaach ginn, well d'Congéen erakommen a Remplacementen musse gemaach ginn.

Dat hei ass dann déi definitiv Versioun mat momentan 366 Enseignanten, déi

am grouse Ganzen déi 7.344 Stonnen an der Grondschoul zu Déifferdeng ofdecken. Dat ass eng Formalitéit.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Exzellent. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité de ratifier la modification de l'occupation des postes de l'enseignement fondamental 2017-2018.

De siwente Punkt ass d'Cité Galerie Hondsbësch. Et ass deen zweetleschten Terrain. Dann hätte mer se all verkaaft. Mir kënnen direkt zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente d'un terrain de 2,82 a au lieudit Cité Galerie Hondsbësch à Niederkorn.

Dat nächst ass 1,32 Ar, deen an der Bieleesser Strooss verkaaft gëtt. De Präis hu mer adaptéiert. Hei ass et e Stéck op der Haaptstrooss, wou mer 50.000 Euro den Ar froen. Dir gesitt, datt den Akt och esou geschriwwen ass.

Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente d'un terrain de 1,32 a au lieudit «Route de Belvaux» à Oberkorn.

Den nächste Punkt ass méi interessant fir d'Stadentwécklung. Dat sinn déi Terrainen, iwwert déi mer virdrun diskutéiert hate bei der PAG-Ëmännerung. Et gëtt nach aner Terrainen, déi fir d'Stadentwécklung extrem wichteg sinn, datt mer se kréien, respektiv datt mer eppes lassginn, wou mer zënter Joeren drop setzen.

7. Actes et conventions

Dat eent ass den Tosch am Péitenger Wee mam Mattendall. Amplaz kréie mer dann Terrain fir eis Schoul ze bauen. Dat ass een Echange.

Deen aneren Echange ass mam ale Monopol an der rue Kelvert. Dat ass e Projet, op deem mer wierklech laang souzen a mer am Fong geholl ni richteg ee fonnt hunn, deen do eppes wollt realiséieren, well et extrem komplex ass. Elo ass een drun interesséiert, fir et ze kafen, an deen de Schanfleck och zimlech schnell aus Déifferdeng wëll ewechhuelen.

Dat Drëtt ass och en extrem wichtigen Terrain. Dat ass Lauterbännen. Fir iech genau ze erklären, wou et ass – ech weess net, ob dir de Kadasterplang an ärem Dossier hutt –, ass dat niewent der Garage Collé. Do muss ech soen, dass den Här Muller gutt geschafft huet, datt mer déi Terraine konnte kréien, fir eise CID drop ze bauen, an datt mer deen och esou baue kënnen, datt mer net brauchen ze fäerten, datt wann e bis fäerdeg ass, e schonn erëm ze kleng wär.

Déi dräi Terraine sinn extrem wichtig fir eis Stad. Dir gesitt, et ass keng Soulte. Dat heescht, déi 7% vum Mattendall, déi mer méi kréien, kréie mer hei net verrechent. Déi kréie mer esou mat. Ënnert dem Stréch, kann ee soen, datt hei keen iwwert den Dësch gezu ginn ass. Doriwwer si mer frou. An ech wier natierlech och frou, wa mer do kéinten den Accord vun iech all kréien.

Jo, Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Här Buergermeeschter, Merci. Ech mengen, et ass schonn ënnerschriwwen. Mir confirméieren am Fong haut deen Echange.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir kéinten awer och nach Nee soen.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir kéinten awer Nee soen.

Ech si selwer ganz frou driwwer, wat mer do gelescht hunn a wat mer fäerdeg bruecht hunn an deem ale Schäfferot. Well mir haten nämlech den ancien Monopol ausgeschriwwen ouni Succès. Obwuel mer eis do ganz staark engagéiert haten, fir en ze iwwerginn. Dat war jo eppes, wat ëfters am Gemengerot sengerzäit gesot ginn ass: Wéi geet dat do viru mat där Evolution? Firwat läit dat nach ëmmer esou brooch an zerfällt?

Do ass e PAP ausgeschafft ginn. An e PAP, deen een engem octroyéiert, ass ganz schwéier, dass en akzeptéiert gëtt vun de Promoteuren. Nom éischten Echech, dee mer haten, hu mer verschidde Promoteure gefrot, ënner wat fir enger Form dee PAP dann eng Akzeptanz kéint kréien. An do ass eppes ganz Flottes dobäi erauskomm. Dee Projet ass doduerch nach besser ginn. Mir hunn et du schlussendlech nach fäerdeg bruecht am ale Schäfferot dës Firma ze fannen. Dëse Promoteur, deen dann dee ganzen Deel nei baut an och déi al Fassad, déi do ass, respektéiert an e flotte Projet doraus mécht. Dat zum ancien Monopol.

Dat anert hu mer scho beschwat. D'Prioritéit war Lauterbännen, wou awer nach net all d'Terraine kaaft gi sinn. Do maachen ech en Appell un den Här Liesch respektiv un de Schäfferot och elo op de Wee ze goe vun deenen aneren Terrainen, fir déi och nach ze kréien. Do si scho vill Gespréicher gefouert ginn. Mä do bleiwen awer nach Terrainen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do sinn e puer méi komplizierter.

ERNY MULLER (LSAP):

Déi sinn e bësse méi komplizéiert. Ee ganz komplizéiert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ee ganz komplizéiert.

Le premier échange concerne le terrain dans la route de Pétange et celui du Mathendahl pour l'école. Le deuxième est réalisé dans le cadre du projet de l'ancien Monopol dans la rue Kelvert. La situation est complexe, mais le collègue échevinal a finalement trouvé un promoteur disposé à réaliser un projet.

Roberto Traversini passe ensuite au terrain «Lauterbännen» situé à côté du garage Collé. M. Muller est parvenu à obtenir ces terrains sur lesquels emménagera le CID.

Ces trois terrains sont importants pour la Ville. Les 7 % de terrain supplémentaire cédé à la Ville de Differdange au Mathendahl ne seront pas facturés. Roberto Traversini s'en réjouit et espère que le conseil communal donnera son accord à ces actes.

ERNY MULLER (LSAP) précise que l'accord est signé. Le vote d'aujourd'hui ne porte que sur l'échange.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que le conseil communal pourrait voter non.

ERNY MULLER (LSAP) admet que c'est vrai.

Il est content du travail réalisé par l'ancien collègue échevinal. Un appel d'offres pour l'ancien Monopol n'avait pas produit de résultats. Au fil des ans, les conseillers communaux ont souvent demandé où en était ce projet alors que le bâtiment tombait en ruines.

Un PAP avait été élaboré. Or il est difficile qu'un promoteur accepte un PAP déjà fait. Le collègue échevinal a alors discuté avec plusieurs promoteurs pour trouver une solution, ce qui a permis d'améliorer le projet. Finalement, un promoteur a accepté de réaliser un projet sur tout le terrain et de conserver la belle façade.

Pour ce qui est de Lauterbännen, Erny Muller demande à M. Liesch de poursuivre ses efforts pour acquérir les derniers terrains.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que pour certains terrains ce sera difficile.

7. Actes et conventions

ERNY MULLER (LSAP) *ajoute que pour un d'entre eux, ce sera très compliqué. En tout cas, il reste des terrains à acheter. L'ancien collègue échevinal a commencé le travail.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *rappelle que le DP a déjà donné son avis concernant le terrain dans la route de Pétange. Malheureusement, ce terrain et celui de l'ancien Monopol figurent dans un seul acte. François Meisch aurait préféré un vote séparé.*

Les démocrates sont contents qu'un promoteur s'intéresse à l'ancien Monopol.

Le CID à Niederkorn constitue aussi une bonne nouvelle.

C'est pourquoi les démocrates ne peuvent pas voter contre. Ils s'abstiendront toutefois, car ils ne peuvent pas prendre position de manière séparée.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *se demande quand il faut vider un bâtiment pour qu'il puisse être vendu. Car il y avait des ateliers d'artistes dans l'ancien Monopol. Or ils ont dû quitter les lieux il y a trois ans et rien ne s'est passé. La même chose est vraie pour le Maxim's. Les gens n'y habitent plus depuis des années. N'aurait-on pas pu conserver ces ateliers et ces habitations plus longtemps?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que le collègue échevinal s'est montré trop optimiste en pensant que les promoteurs se battraient pour réaliser un projet sur ces sites. Mais M. Diderich a raison. À l'avenir, il faudra faire attention à ces choses.*

JERRY HARTUNG (CSV) *approuvera ces actes. Il se réjouit que le CID ait trouvé un nouveau site. Les ouvriers communaux pourront enfin travailler dans des conditions adéquates au service de la population. Tout a été dit concernant la route de Pétange et le Mathendahl. Pour ce qui est du Monopol, une date a-t-elle été fixée pour les travaux? Il ne faudrait pas que le promoteur attende que les prix grimpent.*

ERNY MULLER (LSAP):

Mä do sinn awer nach Terrainen ze kafen. Den Ufank, wéi gesot, hate mer schonn am fréiere Schäfferot gemaach am Interêt vun där ganzer Entwécklung op där Plaz. Dat war dat, wat ech wollt dozou soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller.

Här François Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, zum Terrain am Péitenger Wee hu mer eis Meenung jo schonn e puermol gesot. Mir fannen et schued, dass an engem Akt den Terrain am Péitenger Wee souwéi och den Terrain vum fréieren Déifferdenger Monopol stinn. Mir hätten et léiwer gehat, dat wär e separaten Akt gewiescht an da wär och e separate Vott eventuell méiglech gewiescht.

Op där anerer Säit si mer natierlech frou, dass endlech ee Promoteur sech dem fréieren Déifferdenger Monopol unhëlt an datt do endlech eppes geschitt. Dat ass natierlech eng gutt Saach souwéi och den CID zu Nidderkuer.

Aus deem Grond, kënne mer hei net dergéint stëmmen. Mä mir wäerten eis enthalen. Mir hätten et léiwer gesinn, wa fir all Element e separaten Akt gemaach gi wär. Dann hätte mer och separat kéinten dozou Stellung huelen.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Just eng kuerz, kleng Bemierkung. Ech froe mech, ab wéi engem Moment een esou Gebaier eidel muss maachen, fir

dass een an eng Vente geet. Well an deem heite Fall ware Kënschtleratelieren dran am ale Monopol. Déi sinn awer scho virun dräi Joer oder méi gefrot ginn, fir do eraus ze goen. Déi hätten u sech nach kéinten dräi Joer hir Aarbecht weidermaachen.

Mir hunn en ähnlecht Phenomen am Maxim's, wou eben och virun enger Rei Jore schonn de Betrib opgehale ginn ass an d'Leit net méi do kënne wunnen. A wou ech mech froen: Kéint een do vläicht e bësse méi laang waarden, bis ee wierklech weess, do geschitt eppes? An esou Wunnraum oder e Raum fir Kënschtler awer méi laang nach am Gebrauch ze halen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Och do ware mer ganz optimistes, well mer geduecht hunn, wa mer et géifen ausschreiwen, géifen d'Leit sech zerschloen, fir doraus e Projet ze maachen. Dir hutt vollkomme Recht. Domat muss ee wierklech an Zukunft oppassen. Déi dräi Joer wiere wierklech méi nätzlech vu Kënschtler genotzt ginn.

Den Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Mir wäerten dat heite matstëmmen. Mir wollte just och soen, datt mer frou sinn, datt de CID endlech eng nei Plaz kritt, wou och d'Gemengenaarbechter gutt Aarbechtsbedéngunge kréien, fir eben och hir Aarbecht am Déngscht vum Bierger kënnen ze maachen.

Zum Péitenger Wee an zum Mattendall ass schonn alles gesot ginn. Zum Monopol si mir och frou, datt endlech eppes geschitt. Mir wollte just froen, ob am Kontrakt en Datum virgesinn ass, bis wéini de Promoteur eppes muss maachen. Net datt dat elo erëm laang brooch läit an hien drop waart, datt d'Präisser nach eropginn.

Merci.

7. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Auswenneg, kann ech mech elo net drun erënneren, datt en Datum drop steet. Mä mir wäerten dem Promoteur dat elo ganz schnell soen. Ech weess emol, datt hien op de Vott vun haut waart, fir kënnen esou schnell wéi méiglech lasszefueren.

Mir wäerten awer an Zukunft bei esou Saachen oppassen, datt ee wierklech d'Datumen draschreift. Dat ass net onwichtig. Well mir hate scho ganz aner Erfarunge gemaach. Dat ass op alle Fall eng gutt Bemierkung.

Et wär schwéier gewiescht, dräi Akten ze maachen, Här Meisch, well et am Fong geholl deeselwechten Acquireur ass a well et esou mat him ofgemaach gi war, datt et sollt an engem Akt sinn. Ech verstinn awer Är Bedenken.

Da géife mer zum Vott kommen, w.e.gl.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 2 abstentions d'approuver les actes de vente concernant les parcelles aux lieudits «Zwischen Lantberaennen, Mathendabl, route de Pé-tange», «rue Kelvert, avenue de la Liberté».

Merci. Den nächste Punkt ass eng Konventioun, déi fir d'Stad Déifferdeng en enorme Gewënn ass net nëmmen an der Keess, mä och eng gewëssen Unerkennung, déi mer kréien. Et geet hei ëm de 1535°. Méi genau ëm d'Konventioun mam Stat no jett Joren. Mir hate wierklech vill Visite vum Premier bis de Finanzminister aus Portugal an ech weess net, ween nach alles. De Grand-Duc a seng Famill, déi all hei waren. Wou jiddweree gesot huet, wéi flott dee Projet dach wär. Mä ënnert dem Stréch hu mer ni en Euro kritt.

Wann der elo déi Konventioun kuckt, ass dat op alle Fall eng Konventioun, wou mer eis net erdreemt haten, esou ze kréien, well mer am Ufank déi éischt zwee Joer drop geschafft haten, eng S.A. ze grënnen. Schlussendlech kréie mer dann elo déi néideg Unerkennung duerch d'Ënnerstëtzung vum Ekono-

miesministère an haaptsächlech vun der Madamm Francine Closener. Well wa Si net do gewiescht wier, wier déi heite Konventioun nach net zustane komm. Si huet eis wierklech gutt ënnert d'Äerm gegräff.

De Gemengerot wäert weiderhin an den nächste Joren decidéieren, wéi eng Locatairen do erakommen. Et gött just e Grupp kreéiert, wou eis verschidde Locatairë virgeschloe ginn. Mä et bleift nach ëmmer d'Decisioun vum Schäferot respektiv vum Gemengerot, déi Bailen duerno guttzeheeschen oder net.

Et ass fir eis wierklech eng extrem flott a wichtig Saach. Ech ka mer jo bal net virstellen, datt een net domat averstane wär, fir déi Suen ze kréien. Eng grouss Angscht war, datt mer géifen d'Autonomie verléieren. Dat ass awer absolut net de Fall.

Mir géifen dann dëst Joer 3 Milliounen Euro kréien, wéi der am Rectifié kënn noliessen. 3 Milliounen Euro d'nächst Joer an 3 Milliounen Euro d'iwwer-nächst Joer. Mat dëser Konventioun kritt d'Stad Déifferdeng am Ganzen 9 Milliounen Euro. Déi mer och wäerte brauchen, fir den C an de B fäerdeg ze maachen. Dann hu mer wierklech eppes Nohalteges a Laangwiereges geschaf, dat hei am Land an europawäit ganz schwéier ze fannen ass an dat mer do zesumme kreéiert hunn.

Här Muller, Dir hutt d'Wuert.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter.

D'LSAP begréisst natierlech dës substanziell Ënnerstëtzung vun 9 Milliounen Euro vum Stat, woufir mir eis ëmmer bei eise Ministeren am Wirtschaftsministère agesat hunn. A speziell – an Dir hutt et scho gesot – d'Staatssekretärin Francine Closener hat en oppent Ouer fir eis Doleancen.

De 24. September ass de Kontrakt ënnerschriwwen ginn, deen eis erlaabt, déi weider Transformatioun vum Gebai C a B käschtenneutral fir d'Stad Déifferdeng duerchzeféieren.

Dës Konventioun ass awer och u Bedéngunge geknüpft an Dir sidd schonn

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ne connaît pas la date par cœur. Mais il sait que le promoteur attend la décision d'aujourd'hui pour pouvoir commencer rapidement.

À l'avenir, le collègue échevinal veillera à fixer des dates au préalable à cause des expériences faites par le passé. La remarque de M. Hartung est correcte.

Roberto Traversini explique à M. Meisch qu'il aurait été difficile de faire trois actes, car il s'agit du même acquéreur et que celui-ci avait demandé un seul acte. Mais le bourgmestre comprend la remarque de M. Meisch.

(Vote)

Roberto Traversini passe à une convention portant sur le 1535° avec l'État. Il rappelle que des ministres et le grand-duc et sa famille ont visité le 1535°, mais la commune n'a jamais reçu un sou.

La convention d'aujourd'hui constitue presque un rêve. En effet, au départ, il était question de créer une SA. Mais grâce à M^{me} Francine Closener, la Ville de Differdange obtient la reconnaissance qu'elle mérite. C'est à elle que l'on doit cette convention.

Le conseil communal continuera à choisir les locataires du 1535°. Un groupe pourra faire des suggestions. Roberto Traversini ne peut pas s'imaginer que les conseillers communaux ne soient pas d'accord avec cette rentrée d'argent, car en plus, la commune conservera son autonomie. La Ville de Differdange obtiendra trois-millions d'euros cette année, trois-millions l'année prochaine et trois-millions l'année suivante, soit neuf-millions en tout. Ils serviront à finir les bâtiments B et C. Differdange disposera alors d'une structure durable comme il n'en existe pratiquement pas dans le pays et en Europe.

ERNY MULLER (LSAP) *salue cette subvention de neuf-millions d'euros. La secrétaire d'État Francine Closener a entendu les doléances de la Ville. Le contrat du 24 septembre permettra de transformer les bâtiments B et C sans frais supplémentaires pour Differdange.*

Une des conditions est la mise en place d'un comité de sélection composé d'au moins trois experts indé-

7. Actes et conventions

pendants issus du secteur des industries créatives. Ce comité donnera son avis sur les dossiers de candidature. Il faudra aussi un expert pour la SOUNDFACTORY.

Le 1535° a aussi besoin d'une structure administrative optimale. Les socialistes préconisent un comité d'administration compte tenu de l'envergure de ce hub créatif. Il est tout de même question de mille emplois en plus de la SOUNDFACTORY et de l'espace dans le bâtiment B pour les organisations.

GUY TEMPELS (CSV) se réjouit au nom du CSV du financement de ce projet d'avenir. Il reste à définir comment fonctionnera le comité de sélection et qui en seront les membres pour s'assurer que le choix se fera en toute transparence. Le bail a été prolongé de cinq ans, ce qui est aussi une bonne chose. Dans la convention, le propriétaire demande la construction d'une passerelle. Qui la construira?

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que la fabrique créative a été lancée en 2012. Le but était de transformer d'anciennes halles industrielles en centre créatif et d'offrir aux acteurs créatifs de bonnes conditions financières et professionnelles. Jusque-là, il n'existait pas de sites comparables au Luxembourg.

L'industrie créative est vaste. Elle comprend les agences de pub, les programmeurs de jeux vidéos, les designers, les artistes, les musiciens, les médias... Il n'y a pas de limites. À l'époque, les sceptiques étaient nombreux. Aujourd'hui, il est évident que la Ville de Differdange était pionnière dans le domaine. Le 1535° est bien implanté dans la commune et au-delà. Des centaines d'emplois ont été créés et d'autres le seront lorsque les 16 000 m² seront entièrement aménagés.

François Meisch espère que le concept ne sera pas dilué et que le secteur créatif continuera à être renforcé au 1535° et ailleurs.

Les démocrates se réjouissent que l'État récompense le courage de Differdange. Les ministères de l'Économie et de la Culture ont été intéressés par ce projet dès le départ.

drop agaangen. Esou zum Beispill steet am Text ënner Engagement de la Ville: „La ville mettra en place un comité de sélection d'au moins trois membres experts indépendants issus du secteur des industries créatives choisies par la ville”. Dëse Comité soll dann en Avis ofginn, wat d'Kandidaturdossiere vun neie Locataire ubelaangt, respektiv hir Selektioun. Hei muss sécherlech och eng Kompetenz vertruuede sinn, wat d'Bewäertung vun der Soundfactory a besonnesch dem Tounstudio ubelaangt.

D'LSAP ass der Meenung, dass de 1535° och déi optimal Verwaltungsstruktur soll kréien. Dat gëllt souwuel fir déi reng administrativ Verwaltung wéi déi méi iwwegräifend politesch Verwaltungsstrukturen. Mir sinn der Meenung, dass am Sënn vun der Transparenz, mä och der Envergure vun dësem creative hub éischter e Verwaltungsrot heifir soll virgesi ginn. Et handelt sech ëmmerhin ëm e Site mat ronn 1.000 kreativen Aarbechtsplazen an der Endphas, nieft Soundfactory e weidert Potential am Gebai B, wou jo och e groussen Espace soll entstoe fir villsäitig Organisatiounen an Aktivitéiten. Bref, en eemolege Site, an Dir hutt et scho gesot, um nationale Plang, zu deem eng beschtméiglech professionell Verwaltungsstruktur gehéiert.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller.

Här Tempels an dann den Här Meisch.

GUY TEMPELS (CSV):

Mir vun der CSV sinn zefridde mat där Léisung fir de Finanzement fir dee richtungsweisende Projet. Et misst vläicht nach gekläert ginn, wéi dee Comité de sélection wäert funktionnéieren oder ween do dran ass, fir ze kucken, dass do ëmmer d'Transparenz spillt an déi richtig Leit op hir Plaz kommen.

Et muss een och dobäi betounen, dass de Bail fënnef Joer méi laang wäert lafen, wéi et am Ufank virgesi war. Wat och flott ass.

Dann nach eng kleng Saach: Hannen an der Konventioun freet de Proprietär fir eng Passerelle. Do misst iergendwéi eng Passerelle gebaut ginn. Ech wollt wëssen, ween déi Passerelle wäert bauen oder wéi dat wäert geschéien.

Ansonsten hu mir kee Problem domat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffchen- a Gemengerot, 2012 goung et lass mat der Kreativfabrik, wéi se deemools nach genannt gouf. Et goung drëms, aus alen Industrieinstallatiounen, Halen, Atelieren a Büroe vun ArcelorMittal een neie Kreativstanduert ze maachen. Dat, fir kreativen Entreprises a kreativen Acteuren, déi professionell haapt-sächlech an deem Domän schaffen, gutt finanziell Bedéngungen a flexibel Konditiounen unzëbidde vum Aménagement hier, fir sech do nidderzeloossen.

Et gouf bis deemools kee vergläichbare Kreativstanduert hei am Land. Et gouf keng Gemeng, déi sech an deem Domän ervirgedoen hat. Am Ausland gouf et awer schonns Beispiller, wou fréier industriell genotzte Gebaier fir kreativ Zwecker ëmfunktionnéiert goufen.

D'kreativ Economie ass ganz vaste. Et gëtt keng limitéiert Opzielung, déi een do am Fong kéint maachen. Dat kënnen Architekten sinn; dat kënnen Werbeboîté sinn; et kënnen Programmeure fir Spiller- a Videoanimatiounen sinn; Designer, Kënschtler, Museker... Et kann an de Medieberäich eragoen. Et si quasi keng Limitte gesat. Et soll sech alles ronderëm d'kënschtlersch Kreatioun dréien.

Vill Leit hunn deemools nach grouss Ae gemaach an der Saach net onbedéngt getraut. Mëttlerweil kënnen mer awer soen, dass mer als Gemeng Virreider waren. De 1535° creative hub, wéi e mëttlerweil heescht, ass ganz staark implantéiert a vernetzt an deem Beräich notamment och wäit iwwe eis Grenze vun der Gemeng eraus.

7. Actes et conventions

Honnerte vun Aarbechtsplaze konnten esou geschaf ginn. An et kommen der nach dobäi, wann déi quasi 16.000 Quadratmeter bis ganz erschloss sinn.

Et muss een awer oppassen, datt d'Konzept net wäert verwässert ginn an d'Weiderentwécklung an den Ausbau vum kreative Secteur zu Déifferdeng musse weidergedriwwen ginn. A wann et no eis géif goen net nëmmen um aktuelle Site, mä och doriwwer eraus.

Mir begréissen et, dass de Stat de Courage, dee mer zu Déifferdeng haten, belount. Vun Ufank u waren zwee Ministären, d'Ekonomie an d'Kultur, ganz staark um Projet interesséiert. D'DP stëmmt déi Konventioun ganz gären natierlech mat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci.

Här Schwachtgen.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll kuerz derbäi soen, dass 2012 d'Iddi vun de Politiker hei zu Déifferdeng ausgegangen ass. Den Erfolleg vun deem Site weist, dass mer eis als Déifferdeng wierklech konnte behaapte contre vents et marées am Ufank mat null Finanzéierung vu baussen, déi elo endlech komm ass.

Déi Zomm vun 9 Milliounen Euro ass net grad näischt. Ech hoffen, dass dann an Zukunft, no deene Joren, eng staatlech Ënnerstützung garantéiert bleift. Well déi ass, souwäit ech dat héieren hunn, bis elo jo nach net ugeschwat ginn.

(Ënnerbriechung duerch den Här Ulveling)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Fuert weider, Här Schwachtgen. Lauschtert dem Här Ulveling net ëmmer no.

(Gelaachs)

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll einfach domadder soen, dass mer eis all kënnen op d'Schëller klappen. An dass de Gemengerot seng Roll immens gespilt huet. All deene Leit, déi doranner schaffen an doranner aktiv sinn, ass ze felicitéieren.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt och kuerz drop agoen. Dat wichtegst ass gesot ginn. Et ass e Projet, dee gewot war a wou een nach net all d'Äntwerten hat, wéi mer deen ugaange sinn. Awer ganz vill Leit am Gemengerot – an ech selwer – hunn deen ënnerstëtzt.

Déi Lénk kann dat begréissen, dass de Patrimoine valoriséiert ginn ass, der Saach neit Liewen agehaucht ginn ass an dass do Leit ënnerstëtzt ginn, fir eng Aktivitéit ze lancéieren. Eng kreativ Industrie huet sech do entwéckelt, wou ganz ënnerschiddlech Betriber zesummekommen. Dat war jo och ëmmer esou e kontrovers Thema. Et war zum Deel verstane ginn, dass do just Startups sollten hikommen. An et ass awer grad dee gudder Mix, dee sollt zum Succès bäidroen.

Net ze vergiessen, dass do och en Incubateur vun SISEn an deene Lokalitéiten dran ass, also Sociétés d'Impact Sociétal, mam 6zero1 an dass dat och e positive Projet ass, dee mir jiddefalls ënnerstëtzen.

Bei allen Erwänunge vun de politesche Responsabelen, déi dat dote méiglech gemaach hunn, mengen ech, ass et och wichteg der Persoun, déi als Gemengebeamten haaptsächlech doru geschafft huet, dem Tania Brugnioni, och e Merci hei ze soen. Déi do och ganz vill perséinlecht Engagement gewisen huet an dat och ënner anerem duerch déi dote Konventioun belount gëtt.

Le DP approuvera la convention.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) rappelle qu'en 2012, l'idée est venue d'hommes politiques. Le succès du 1535° démontre que Differdange a su s'imposer contre vents et marées et sans aucune subvention.

Neuf-millions d'euros représentent une belle somme. Fränz Schwachtgen espère que ce soutien se prolongera au-delà de trois ans. Il n'en a pas encore été question.

(Interruption de M. Ulveling)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande à M. Schwachtgen de poursuivre sans écouter M. Ulveling.

(Rires)

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) ajoute que le conseil communal peut se féliciter du rôle qu'il a joué.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) rappelle que lorsqu'il a été lancé, ce projet osé comprenait de nombreuses inconnues. Pourtant, la plupart des conseillers communaux l'ont soutenu.

Déi Lénk salue la valorisation du patrimoine. Le développement d'une industrie créative a permis à de nombreuses entreprises de s'implanter sur les lieux. Au départ, il avait été question uniquement de startups, mais c'est finalement le mélange d'entreprises qui a fait le succès du 1535°.

Gary Diderich rappelle qu'un incubateur de sociétés d'impact sociétal, le 6zero1, se trouve aussi sur les lieux.

Outre les hommes politiques, il faut aussi remercier la personne qui plus que toute autre a travaillé sur ce projet, Tania Brugnioni. C'est aussi son engagement personnel qui est récompensé à travers cette convention.

7. Actes et conventions

En ce qui concerne le comité de sélection, il doit se composer au minimum de trois personnes du secteur de l'industrie créative. Afin de conserver un vaste support pour le 1535° et assurer la transparence dont a parlé M. Tempels, il faut choisir les bonnes personnes. Y aura-t-il des hommes politiques? Si oui, il ne pourra pas s'agir uniquement de membres de la majorité, mais de tous les partis même s'il ne devra pas s'agir d'une commission de vingt personnes.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond qu'il faudra voir au cours des prochaines semaines comment rassembler un tel comité, qui devra être capable de réagir rapidement. La crainte lorsqu'il était question de créer une SA était qu'il faudrait convoquer un conseil d'administration pour chaque décision et que cela prendrait des mois.

Roberto Traversini profite de l'occasion pour demander aux conseillers communaux ayant un bon rapport avec le ministre de la Culture ou le Secrétaire de leur dire que le centre culturel de Differdange fonctionne bien et qu'il mériterait un subside. Car ici au Luxembourg, parler à des gens qui connaissent des gens aide parfois.

ALI RUCKERT (KPL) *trouve que l'on induit les gens en erreur quand on parle d'industrie créative. Produire de l'acier est créatif. Or au cours des dernières décennies, plus de 6000 emplois créatifs ont été supprimés à Differdange. Ali Ruckert salue la subvention pour ce projet de la commune, mais regrette que le gouvernement n'ait rien fait contre le démantèlement de l'industrie de l'acier à Differdange ou contre la fermeture de l'école professionnelle, qui n'a pas été remplacée.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

donne raison à M. Ruckert concernant l'école professionnelle. Mais 700 personnes travaillent encore dans l'industrie de l'acier à Differdange et l'année dernière a été la meilleure pour ArcelorMittal depuis longtemps. Le bourgmestre sait toutefois que M. Ruckert et lui ne tomberont pas d'accord. Pour ce qui est de l'école professionnelle, le

Finallement ass d'Fro jo schonn opgeworf gi vun deem Comité de sélection. Do muss e Minimum vun dräi Leit aus der Kreativindustrie dra sinn. Fir de Rescht ass näischt gesot ginn iwwert déi Kompositioun vun deem Comité de sélection.

Wann een de breede Support, dee mer hunn, wëll weider lieweg halen an déi Transparenz, déi den Här Tempels erwänt huet, wär et gutt, eben och zesammen ze kucken, wéi d'Kompositioun ass, dass een déi richtig Leit do dran huet. Et muss ee kucken, ob een do politesch Verrieder wëllt dran hunn an deem Comité de sélection zousätzlech zu deenen aus dem Privaten a ween dat da soll sinn. Jiddefalls denken ech, dass dat net nëmmen eng Saach vu Majoritéite sollt sinn, mä dass een do am Fong all d'Parteie sollt abezéien. Et muss elo keng Kommissioun vun 20 Leit sinn.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Och hei iwwerleeë mer an Zukunft, wéi mer dat wäerte maachen, wann d'Konventioun esou approuvéiert ass vum Ministère. Mir wäerten an deenen nächste Woche kucken, wéi mer esou e Selektionscomité zesummekréien, datt et ka grad esou schnell weidergoen an esou schnell reagiert ginn, wéi dat am Moment de Fall ass. Well dat war am Fong geholl eng Angscht, déi opkomm war, wou et hätt sollen eng S.A. ginn, datt mer dann op eemol misste fir alles Verwaltungsrecht aberuffen. An da misst een dräi oder sechs Méint waarden.

Mir huelen emol alles mat. Da kucke mer wéi mer dat maachen.

Ech wier op alle Fall och frou, wa Leit, déi hei ronderëm den Dësch sinn, ee gutt kennen aus dem Kulturministère oder de Secrétaire à la Culture, wann déi deem vläicht eng Kéier géife wénken, datt mir och en extrem gutt funktionéierend Kulturhaus hunn an datt mer eis do vläicht och e Subsid kéinten erwaarden. Well am Moment kréie mer do näischt.

Dofir, en Appell ronderëm den Dësch: Wann der Leit kennt, wou een deen anere vläicht kennt, hëlleft dat heiansdo hei zu Lëtzebuerg. Da leet e gutt Wuert an, datt mer och fir eis kulturschaffend Leit eppes an eise Budget kréien.

Ali Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass hei e bëssen awer eng Irféierung vun der Öffentlechkeet stattfënn, wann hei ëmmer vu Kreativindustrie geschwat gëtt. Et ass besonnesch kreativ, wa Stol hiergestallt gëtt. Dat ass e besonnesch kreativen Industriemetier, wou e grouse Mehrwäert geschaf gëtt. An de leschte Joerzëngte sinn iwwer 6.000 kreativ Aarbechtsplazen zu Déifferdeng ofgeschaf ginn.

Ech begrëissen natierlech, wann d'Regierung elo Sue gëtt fir dee Projet, deen entwéckelt ginn ass vun der Gemeng. Mä ech bedauern awer och nach eng Kéier, dass dës Regierung an déi viiregt Regierung näischt gemaach huet, fir ze verhënnern, dass d'Stolindustrie esou zu Déifferdeng ofgebaut ginn ass a besonnesch nach viru Kuerzem, dass d'Léierbud zougemaach ginn ass, ouni dass e gläichwärtigen Ersatz op Déifferdeng komm wär.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Bei der Léierbud ginn ech Iech honnertprozenteg Recht. Bei deem aneren hunn ech, wéi Der wësst, eng aner Meenung. Hei schaffen am Moment nach ëmmer 700 Leit. D'lescht Joer war et dat bescht Joer, zënter dass et ArcelorMittal hei gëtt. Si hunn esou vill produzéiert, wéi scho laang net méi. Mä mir ginn eis do souwisou net eens.

Mä mat der Léierbud, kann ech Iech nëmmen ënnerstëtzen, datt dat vläicht net déi beschten Iddi war. Do hate mer awer zesammen am Gemengerot eng Resolutioun gestëmmt, unanime, datt mer dat net géife gutt fannen.

Här Bertinelli, w.e.gl.

7. Actes et conventions

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech fannen de Projet och ganz gutt. Mä ech mengen, wann de Bâtiment B lues a lues ufänkt fäerdeg ze ginn an da 700 Leit do schaffen, hu mer nach méi e grouse Verkéiersproblem. Well d'Leit stinn am Moment an engem Quartier. A wann d'Zolwerstrooss zrëckgebaut gött, wéi et ugeduecht ass, an dat e Quartier résidentiel gött, kënnen d'Leit, déi am 1535 °C schaffen, net méi do parken.

Dofir muss een och schnellstméiglech iwwerleeën, wéi een dee Verkéiersproblem geléist kritt. Well dee wäert ganz akut ginn. Well ech mengen, datt dat Gebai B éischer fäerdeg ass wéi eist Parkhaus. Da kréie mer schnell e grouse Problem mat de Parkingen. Ech wëll just drop opmierksam maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

Mir géifen dann zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de cofinancement avec l'État relative au projet 1535° creative hub.

Merci.

Dat nächst ass d'Garderie am Markenhäus. Dir wësst, datt déi iwwerholl gi war vum CIGL. Datt et deelweis Maison relais war an deelweis Garderie. Mä dat hat am Fong geholl net dee grouse Succès, wat zwar net ze verstoen ass, mä et war awer esou. Du war se eng gewëssen Zäit zou. Eo hu mer eng Erzéierin, déi erëm eng Garderie respektiv Kannerbetreuung draus mache wëll. Dir hutt de Contrat de bail am Dossier leien. An dorëms geet et.

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat bleift awer elo net déiselwecht Form. Fréier war et eng stonneweis Be-

treiung fir Mammen oder Pappen, déi bei den Dokter gaange sinn, respektiv akafen. Da konnte se hir Kanner do ofginn.

Elo ass dat net méi deeselwechte Modell. Elo ass dat eng vollwäerteg Struktur, e Foyer du jour, wou d'Kanner eng gewëssen Zäit an eventuell dee ganzen Dag opgeholl ginn. Et ass e bësse schued, dass déi aner Saach net esou funktionéiert hat. Dir hutt richteg gesot, et hat net dee Succès. Mä d'Grondiddi war awer ganz gutt. Et ass e bësse schued, dass mer dat net méi konnten assuréieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech ginn Iech do ganz Recht. Déi Erzéierin, déi dat opmécht, wäert wahrenscheinlech e puer Saachen ubidden.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Als déi Lénk bedauere mir ganz staark, dass mir eng öffentlech Betreuungsstruktur privatiséieren. Mir verloune se u privat. Ech mengen, dass mer éischer de Géigendeel sollte maachen. Mir hunn d'Kornascht. Dat ass ganz gutt. Mä mir missten awer éischer eis Offer ausbauen als Gemeng.

Well et gött immens vill privat Crèchen. An dat Gebai gehéiert eis. Wann dat Konzept net funktionéiert huet, denken ech, dass et un eis gewiescht wär, fir en anert Konzept auszeprobéieren ënner eegener Féierung.

An deem Sënn, kënne mir dat doten net ënnerstëtzen. Ech hoffen, dass mer awer éischer an déi aner Richtung zukünfteg ginn. Oder wa mer Strukturen opbauen, vläicht esou eng Struktur mussen annexéieren zu enger anerer. Vläch war déi Annexéierung un d'Maison relais net onbedéngt fërderlech. Dat sinn einfach verschidde Saachen.

Ech weess zum Beispill, dass d'Personal net ëmmer frou war, fir samschdes unzetrieden, wou déi an der Maison relais dat net hu musse maachen. Mä ech denken, dass een dorun nach hätt

conseil communal avait adopté une résolution unanime.

FRED BERTINELLI (LSAP) soutient ce projet. Mais il signale que lorsque 700 personnes travailleront sur le site, les problèmes de circulation vont s'amplifier. Et avec la route de Soleuvre destinée à devenir une zone résidentielle, les personnes du 1535° ne pourront plus s'y garer. Il faut rapidement trouver une solution, car le bâtiment B risque d'être terminé plus vite que le parking.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

donne raison à M. Bertinelli.

(Vote)

Roberto Traversini passe à la garde-rie dans le Markenhäus. Elle avait été reprise par le CIGL et fonctionnait en partie aussi comme maison relais. Malheureusement, elle n'a pas eu le succès escompté et a fermé. Aujourd'hui, une éducatrice souhaite en faire une garderie.

ERNY MULLER (LSAP) signale que la garderie va évoluer puisqu'il ne s'agira plus d'un accompagnement de quelques heures ponctuelles. La nouvelle garderie fonctionnera comme un foyer de jour.

Erny Muller regrette que l'ancien modèle n'ait pas fonctionné, car l'idée était bonne.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

regrette qu'une structure d'accompagnement publique soit privatisée. Il faudrait faire le contraire et élargir l'offre de la commune. Après tout, le bâtiment appartient à la Ville de Differdange et si le concept ne fonctionnait pas, on aurait pu en essayer un autre. C'est pourquoi déi Lénk n'approuvera pas ce projet.

Peut-être que l'annexion à la maison relais était une mauvaise idée. Gary Diderich sait que le personnel n'était pas content de travailler le samedi alors que les employés de la maison relais étaient libres. Il pense que l'on aurait pu trouver une solution.

7. Actes et conventions

ALI RUCKERT (KPL) revient sur les propos du bourgmestre selon lequel le concept de la garderie annexée à la maison relais n'aurait pas fonctionné. M. Traversini s'est-il demandé pourquoi ce concept n'a pas marché? N'aurait-on pas pu faire autre chose? La solution aujourd'hui est une solution de facilité: privatiser et se débarrasser de la garderie. Ali Ruckert est contraire à cette façon de procéder permettant de créer un nouveau foyer de jour privé.

En plus, les installations actuelles seraient mises à disposition gratuitement. De quoi s'agit-il? Du mobilier? Ces choses ont été payées par le contribuable et voilà qu'un particulier peut en profiter. Quelle est l'explication de M. Traversini?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

confirme qu'il s'agit de quelques meubles ayant été offerts à la commune par le CIGL. Le loyer se monte à 900 € par mois.

Le bourgmestre mentionne le foyer du jour u plateau du Funiculaire géré par l'APEMH. Loin de lui l'idée de comparer l'APEMH à un particulier, mais là aussi, la commune met quelque chose à disposition d'une association.

Il cède la parole à M. Liesch concernant le fonctionnement.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

rap-pelle que l'idée de départ était d'ouvrir une garderie et non un foyer du jour. Les gens auraient pu y laisser leurs enfants quelques heures, par exemple pour aller faire les courses. Il s'agissait de soutenir les commerçants.

Malheureusement, cela n'a pas fonctionné. Les gens utilisaient la structure comme une maison relais. Bien sûr, on aurait pu refuser ces enfants, mais la garderie n'aurait alors eu aucun client.

Le collègue échevinal et l'Association des commerçants ont essayé de promouvoir la structure en décorant les fenêtres, en installant des beachflags et en distribuant des feuilles volantes dans les magasins. La décision avait été prise d'essayer encore un an et de dresser un nouveau bilan. Mais les choses n'ont pas changé: la garderie n'a jamais été acceptée par les gens.

kéinte schaffen. Ech hoffen, dass et an Zukunft awer an déi Richtung geet.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich.

Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et ass elo gesot ginn, dat Konzept vu virdrun huet net funktionéiert. Dee Foyer du jour, deen do war ass jo herno un d'Maison relais ugeschloss ginn. Dat hätt net funktionéiert.

Hutt Der Iech Gedanke gemaach iwwert d'Ursaachen, firwat et net funktionéiert huet? Hutt Der Iech vläicht iwwerluecht, dass d'Konzept net richtig war? Dass ee vläicht op en anere Wee hätt misse goen? Oder ass dat hei net elo eng Facilitéitsléisung, et einfach engem Privaten ze ginn? An dann der Saach lass ze sinn? Da brauch ee sech keng Gedanke méi driwwer ze maachen.

Op alle Fall, als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei, kann ech net d'accord si mat deem Virgoen, wou mer dann erëm e private Foyer du jour heihinner kréien.

Besonnenesch huet mech gewonnert – do kënnt Der eis dann och vläicht eng Explikatioun ginn –, dass hei drasteet, dass déi aktuell Installatioune gratis zur Verfügung gestallt ginn. Ëm wat handelt et sech do? Handelt et sech do ëm de Mobilier?

Dat si jo awer alles Saachen, déi vun der Allgemengheet bezuelt sinn. Déi sinn iwwert de Budget bezuelt ginn, deelweis iwwert de Stat, deelweis iwwert d'Gemeng. Elo kritt e privaten dat gratis zur Verfügung gestallt. Kënnt Der eis eng Explikatioun dozou ginn?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo. Ganz kuerz. Da ginn ech dem Här Liesch d'Wuert. Et handelt sech ëm déi puer Miwwelen, déi nach dobanne sinn. Déi Miwwelen, déi dobanne sinn, hat de CIGL déi Zäit der Gemeng geschenkt. Wat ech och net méi wéi richtig fannen. Et si verschidde Saachen, déi souwisou mussen erneiert ginn. Mir froen 900 Euro de Mount.

Virun der Vakanz hu mer e Foyer du jour um Plateau du Funiculaire opgemaach. Dee gëtt och net vun eis selwer bedriwwen. Dee bedreift d'APEMH. Natierlech ass d'APEMH net mat engem Privaten ze vergläichen. Do hutt der 100% Recht. Mä och do stelle mer eppes zur Verfügung. Dat gi mer enger Associatioun. Ech wëll déi zwou Saachen awer wierklech net an een Dëppe geheien.

Da ginn ech dem Här Liesch d'Wuert iwwert d'Fonctionnement, firwat mer dat esou gemaach hunn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Déi Grondiddi war, fir eng Garderie ze maachen. Also eigentlech kee Foyer du jour an deem Sënn. Mä d'Id-di war wierklech eng Garderie, wou d'Leit, wéi hei och scho gesot ginn ass, wa se an Déifferdeng géifen akafe goen, hir Kanner kéinten eng oder zwou Stonnen ofginn, fir dat kënnen ze maachen. Et war eigentlech geduecht, fir der Geschäftswelt zu Déifferdeng eppes ze bidden, wat ee soss net esou direkt géif fannen.

Dat hate mer probéiert. Mir haten awer gemierkt, dass dat net geklappt huet. D'Leit haten hir Kanner eigentlech bruecht, fir se als Ersatz vun enger Maison relais ze profitieren. Mir hätten natierlech de Choix gehat, déi Leit direkt erëm heem ze schécken an ze soen, esou funktionéiert et net. Mä mir haten awer gesinn, dass mer keng aner Clienten haten. Also hu mer deene Leit awer gehollef.

Mir haten eis doropshin zesummege-sat mam Geschäftsverband a gekuckt, wéi mer dat nach méi kéinte promouvoir. Wéi mer et aneschtens kéin-

7. Actes et conventions

te maachen. Mir haten e puer Saache probéiert. Un der Visibilitéit geschafft. Dir hat vläicht gesinn, dass d'Fensterer mol dekoréiert waren, dass mer Beachflaggen opgesat haten, Ziedele mam Geschäftsverband ausgeschafft haten, déi un d'Geschäfte verdeelt gi waren, déi se hire Clienten an de Grapp konnten drécken, fir ze soen, wéssst der, dass et eng Garderie gött, déi der quasi fir näischt kënn net nutzen.

Dunn hate mer gesot, mir probéieren dat nach eng Kéier ee Joer. No engem Joer maache mer nach eng Kéier e Bilan. An dee Bilan war nach ëmmer, dass mer gesot hunn: Et funktionéiert net. Et dréit net. Et gött net akzeptéiert bei de Leit.

Doropshi war virun e puer Joer d'Garderie eigentlech iwweholl gi vun der Maison relais als Antenn. Dat hat eis awer och Schwierigkeete bruecht. D'Maison relais Déifferdeng huet schonn dräi Raimlechkeete mat Momenter. Dat heite war eng Véiert. An d'Gerance vun enger Maison relais mat dräi Satellitte ronderëm ass personaltechnesch immens opwänneg. Et muss ee wëssen, dass ee fir souvill Kanner all Kéiers en Educateur brauch. A wann do och nëmmen zwee Kanner an engem Satellitteraum sinn, wéi zum Beispill an der Garderie, muss ech jo awer en Educateur dohinner setzen.

Dat war also logisteschem enorm schwéier fir am Zentrum véier Raimlechkeete mat enger Maison relais funktionéieren ze loossen. Dofir war gesot ginn, dat do gi mer op, well déi Raimlechkeete sinn ze kleng. Et muss ee wëssen, do kréie mer en Agreement vu knapps 20 Kanner. Dofir hu mer dat opginn.

Parallel dozou war – an dat weess den Här Hartung vläicht besser wéi ech – eisen Espace zu Déifferdeng, deen a Lokaler ënnerbruecht war zu Nidderkuer, ënner aller Klarinett. Do hate mer dréngend Raimlechkeete gebraucht. Dunn hate mer gesot, wa mer dat do elo opginn, amenagéiere mer den éischte Stack vun der Garderie fir den Espace. Déi bleiwen och elo do. Déi hunn elo hir Raimlechkeeten.

Dir wéssst, den Espace ass eng pädagogesch Mesure, wou mer Kanner erausheulen, déi zäitweis eng 1:1-Betreiung brauchen. Mir hunn där Kanner a mir

brauchen dat. Leider. Iergendwann hu mer du gesot: Wat maache mer elo mat där Surface, déi ënne bleift? Fir eng Maison relais ass et einfach ze kleng an e Kleng-Kand-Beräich fir eng Crèche ass am Zentrum awer nach ideal. Wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, reagéiert déi Madamm jo op hir Clienten. Wa si dat och stonneweis mécht, hu mer zwou Mécke mat engem Schlag.

Zur Privatiséierung wëll ech just soen, wann Der sot, mir misste probéieren als ëffentlech Hand nach Crèchen ze maachen, ginn ech Iech honnertprozenteg Recht. Mä ech géif awer gär gesinn zu Déifferdeng, wat mer géife maachen, wa mer net all déi vill privat Crèchen hätten. Mir mussen vläicht vill méi drop oppassen, dass d'Qualitéit vun deene Crèchë stëmmt. An dass d'Präisser an d'Bedéngunge stëmmen an deene Crèchen. Mä ech mengen, dass mer awer de Privatsektor och brauchen, deen zesumme mat der Gemeng de Leit entgéintkënn. Well mir hunn awer eng riseg Demande. An d'Gemeng kritt dat do alleng an där Zäit net gestëmmt. Mir brauchen de Privatsektor. Awer vläicht méi kontrolléiert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt vläicht nach e puer Ureegung ginn, wat een ebe grad mat esou enger gudder Plaz am Zentrum hätt kéinte maachen. Dat géif iwwerteneestëmme mat deem Koalitionsprogramm, deen hei och virläit zum groussen Deel.

Wann ee méi Participatioun vu Kanner a Jonker wëll, huet een zu Wolz e Projet dee Kannerbüro heescht. Deen huet gëschter fënnef Joer gefeiert. Dat wär eng ideal Plaz gewiescht, fir ze soen, et ass net eng Crèche, et ass net eng Plaz, wou ee seng Kanner souzesoen ofgëtt, mä wou d'Kanner selwer kënnen soen, amplaz an d'Maison relais wëll ech dohinner goen an ech wëll do Projeten ausschaffen an un Aktivitéite matschaffen, wou ech selwer quasi méi mech an d'Gemeng abréngen a méi mat decidéieren. Et ass en anere Modell wéi

C'est alors que la gestion a été reprise par la maison relais de Differdange. Mais la maison relais disposait déjà de trois locaux. Un quatrième n'a fait qu'amplifier les problèmes de gestion du personnel. Car il fallait un éducateur même si une des antennes n'accueillait que deux enfants. Finalement, le collège échevinal a décidé de fermer la structure, car les locaux étaient trop petits et ne pouvaient accueillir que vingt enfants.

Par ailleurs, M. Hartung peut témoigner du fait que l'Espace de Differdange se trouvait dans des locaux dans un état inacceptable. C'est pourquoi le collège échevinal a décidé d'utiliser le premier étage de la garderie pour l'Espace. Georges Liesch rappelle que l'Espace permet de sortir des élèves de leur classe en cas de besoin.

De toute façon, le Markenhaus est trop petit pour une maison relais, mais idéal pour une crèche dans le centre. Bref, le collège échevinal fait d'une pierre deux coups.

Pour ce qui est de la privatisation, Georges Liesch donne raison à M. Diderich sur le fait qu'il faille ouvrir plus de crèches publiques. Mais il se demande comment ferait Differdange sans ses crèches privées. La commune doit veiller à la qualité des crèches privées et aux conditions qu'elles proposent. Mais elle ne peut pas s'en passer si elle veut répondre à la demande des parents.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) souhaite faire des suggestions correspondant au programme de coalition. Le bureau des enfants à Wiltz, qui existe depuis cinq ans, constitue un bon moyen de promouvoir la participation des enfants et des jeunes. Les enfants peuvent y aller d'eux-mêmes pour y réaliser des projets et faire des activités. C'est un modèle différent du conseil communal des enfants.

7. Actes et conventions

À Thionville, il existe un établissement, où les parents peuvent aller avec leurs enfants.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que cela existait aussi à Differdange.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) explique que les enfants peuvent y jouer et les parents discuter entre eux. Si cela existe dans la région, il est étonnant que personne ne le sache. Ce type de structures aurait pu être combiné avec le concept de la garderie. Car pour un enfant, il est plus amusant de jouer avec d'autres enfants que d'aller au supermarché et demander des choses que les parents ne veulent pas acheter.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) tiendra compte de ces propositions. Mais il demande à M. Diderich de ne pas attendre la signature du contrat de bail pour avancer des idées. La Ville de Differdange a des commissions. Pourquoi attendre le conseil communal?

Initiative Liewensufank avait ouvert un lieu de rencontre pour les enfants et les parents, mais cela n'a jamais fonctionné.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) réplique que le collègue échevinal peut aussi demander l'avis du conseil communal ou des commissions au préalable.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que oui. Mais le Markenhaus est vide depuis deux ans.

(Vote)

Roberto Traversini en vient à des contrats de bail dans le 1535°, où des locataires passent du bâtiment A au bâtiment C, car les locaux étaient devenus trop petits. Il y a aussi de nouveaux locataires.

(Vote)

ee Kannergemengerot. Dat ass eng Iddi, wat een do hätt kënne maachen.

Eppes, wat eis feelt zu Déifferdeng, ass eng Plaz, wou Eltere mat hire Kanner kënne higoen. Dat huet een zu Diddenewen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat hu mer och hei gehat.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

A ganz ville Stied. Mä wou een einfach oppe kann dohinner goen. Wou d'Kanner kënne spillen. Wou d'Eltere kënne matenee schwätzen. Wann et dat scho gött hei oder an der Géigend, ass dat op jidde Fall ze begrëissen. Mä dann ass et awer och komesch, dass net vill Leit doriwwer informéiert sinn. Dat do wär och eng gutt Plaz gewiescht fir esou eppes.

Vläicht wär dat ze kombinéiere gewiescht mat deem Konzept vu virdrun, wou een hätt kënne säi Kand ofgi ginn, fir kuerz op e Rendez-vous ze goen. Well in der Tat ass et fir e Kand méi interessant mat anere Kanner ze spillen, wéi mussen duerch de Supermarché ze goen an ëmmer an der Keess déi Saache virun d'Nues gehalen ze kréien, déi een als Elteren net wëll, dass d'Kanner soen: „Oh, kréien ech dat”.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Mir huelen all déi Ureegungen un. Mir hu jo nach dat eent oder dat anert Lokal hei zu Déifferdeng.

Mä wann der esou Iddien hutt, waart wann ech gelift net bis de Bail an de Gemengerot komm ass. Mir hu jo Kommissiounen. Ech liesen och alt déi eng oder déi aner Berichter, wann et nëmme geet a wann der alt emol kommen. Mä ech hunn ëmmer esou d'Gefill, am Gemengerot falen engem déi beschten Iddien an, wat een alles hätt kéinte maachen.

Mir schreiwen eis déi Iddien op. Déi sinn net schlecht.

Den Treff mat den Elteren hate mer probéiert. Et ass bal kee komm. Et war eng Betreuung vun der Initiativ Liewensufank mat der Eltereschoul. Et ass kee komm. Dat hate mer. Mir hu bal alles probéiert gehat.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ëmgedréit: Wann esou Froestellung si mat eppes, kënnt Der dat och an de Gemengerot oder an eng Kommissioun bréngen. Da kënne d'Iddien och éischer kommen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Selbstverständlech. Déi zwou Saache si wichteg.

Mä d'Markenhaus steet elo schonn zwee Joer eidel. Ech hunn net eng Iddi héieren. Net hei aus dem Gemengerot an och soss néierens.

Mä et ass net falsch.

Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 16 voix oui, 2 voix non et 1 abstention d'approuver le contrat de bail avec la garderie «Au pays d'Eden» au rez-de-chaussée du «Markenhaus» à Differdange.

Dat nächst si Contrat-de-bailen, respektiv Geplënners vu lénks no riets. Vu lénks no riets heescht aus dem Bâtiment A an de Bâtiment C. Do hate sech Leit viru Joren installéiert an d'Büroe sinn op eemol ze kleng ginn. Déi plënneren dann elo eriwwer an de C.

An natierlech sinn och e puer Neier bäikomm. Dir hat d'Méiglechkeet dat nozekucken. An Zukunft gött et jo méi einfach, wa mer dat alles kënne elektronesch verschécken. Dann hutt der dat och alles. Mä et ass elo näischt Neies do dran.

Kënne mer dat esou guttheeschen?

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail au 1535° creative hub.

Dat nächst ass hei an der Avenue Charlotte. Ech nenne keng Nummer. Do hu mer virun aacht oder néng Joer an engem Haus Zëmmere frësch maache gelooss. Ech zielen iech kuerz d'Geschicht, wéi et dozou komm ass.

Dat war déi Zäit wéi mer d'Bistrot kontrolléiert hunn. Wann een d'Bistrot kontrolléiert, wëssen déi meescht Proprietären, respektiv déijéineg, déi d'Zëmmere verlounen, datt et hinnen souwisou näischt geschitt, well se keng Alternativ hunn, fir eis vill Locatairen ënnerzekeréien.

Do hu mer geduecht, da maache mer ebe genau dat, wat d'Leit mengen, wat mer net géife maachen. Mir hunn een Haus an d'Rei maache gelooss. D'Zëmmere frësch maache gelooss. D'Bistroszëmmere si kontrolléiert ginn an een ass vun der Police zougemaach ginn. Vun engem Dag op deen aneren, waren déi Leit hei ënnerbruecht. Wat mer dee Moment net gemaach haten, mir haten hinne kee Kontrakt ginn.

Mir wëllen dat elo änneren. Mir wëllen, datt déi e Kontrakt kréien. Datt een de Leit no enger gewëssen Zäit, wa se näischt aneschtens fannen, awer ka soen, et gött Zäit. Datt een dat och net fir näischt zur Verfügung stellt. Tëschenduerch war och deen een oder anere Refugié dran. Déi sinn erëm all eraus.

Mir wëllen awer, datt an Zukunft jiddwereen, deen do erakënnt, e Bail ënnerschreift. Ausser am Fall vun enger grousser Katastrophe. Mä meeschtens ginn déi dann an en Hotel bruecht. Dat hei ass fir an Zukunft. Mä mir hunn dat scho méi laang.

(Ënnerbrechung)

Nee. Et ass méi gönschteg.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de mise à disposition d'un logement d'urgence.

Alles, wat Technik ass, erkläert den Här Liesch. Et geet em eng Installatioun vun Tango.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et ass eng Antenn, déi op de Parking vum Aquasud kënnt. Do ass schonn eng drop vun der Post. Elo kënnt dann niewendrun nach eng vun Tango. Déi Plaz gött zu deeneselwechte Konditioune verlount. Mir kréien 2.500 Euro am Joer fir déi 20 m², déi se vum Parking profitieren. De Kontrakt leeft néng Joer. Dat si Kontrakter, wéi mer se üblicherweis bis elo am Gemengerot ëmmer haten.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Gëtt et dozou Froen?

Merci. Da kënne mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec Tango pour l'installation d'un système de mobilophonie à Oberkorn.

Eng flott Konventioun, fannen ech perséinlech. Et geet em eng Photovoltaikanlag, déi Jonker op den Daach vun deem deiere Jugendhaus um Fousbann opgeriicht hunn. Här Liesch, kënnt Dir eis déi Konventioun am Detail erklären, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech schécke viraus, dass dat e flotte Projet war, well et ass jo scho geschitt. Et war geplangt, um Daach vum Jugendhaus eng Solaranlag opzeriichten. Du koum d'Iddi op, amplaz vun enger classescher Solaranlag, déi e Betrib géif drop setzen an déi mir als Gemeng da géife bezuelen a bedreiwen, ob een net mat de Jugendlecher kéint e Projet maachen. Mir haten eis gesi mam Jugendhaus, fir mat hinnen iwwert déi Iddi ze diskutieren. Mir haten och mat

Roberto Traversini passe à une maison dans l'avenue Charlotte où les pièces ont été refaites il y a huit ou neuf ans. À l'époque, la commune effectuait des contrôles dans les cafés louant des chambres. Les cafetiers pensaient que rien ne leur arriverait parce que la commune n'avait pas d'autre solution à proposer aux locataires. C'est dans ce contexte qu'une maison a été rénovée. Cela a permis de fermer un café et de proposer un logement aux locataires — sans signer de contrat. Aujourd'hui, le collège échevinal veut établir un contrat avec ces personnes. Car si après un certain temps, elles ne trouvent pas un autre logement, elles doivent payer un loyer.

La maison en question a aussi accueilli l'un ou l'autre réfugié entre-temps.

Mais à moins d'une catastrophe, les locataires devront signer un contrat de bail à l'avenir.

(Interruption)

Roberto Traversini répond que le loyer sera moins élevé qu'ailleurs.

(Vote)

Roberto Traversini cède la parole à M. Liesch pour une installation de Tango.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que Tango veut installer une antenne sur le parking d'Aquasud comme celle de la Poste.

La commune louera le site aux mêmes conditions, c'est-à-dire 2500 € par an pour 20 m². Le contrat porte sur neuf ans.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passe à une convention concernant une installation photovoltaïque sur le toit de la maison des jeunes du Fousbann.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que les panneaux solaires ont déjà été installés. Au lieu de faire réaliser les travaux par une entreprise, le collège échevinal a mis sur pied un projet avec les jeunes et Greenpeace, qui avait déjà réalisé quelque chose de semblable en Suisse.

8. Office social

Pendant les vacances de la Toussaint, les jeunes ont installé les panneaux sur le toit supervisés par une entreprise expérimentée. Georges Liesch a pu constater l'enthousiasme des jeunes.

La convention permet de mettre l'installation photovoltaïque à disposition pour que les jeunes, leurs parents et les citoyens puissent acheter des parts. Greenpeace est l'exploitant. Le projet est comparable à celui du stade municipal où une société gère les panneaux.

Georges Liesch espère répéter cette expérience.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *suppose qu'il doit sortir. En effet, la convention est signée avec une société coopérative, Transition Minett. Tout le monde peut acheter des parts. Comme Gary Diderich est coopérateur, il doit quitter la salle.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *plaisante sur le fait que M. Diderich est un grand propriétaire terrien.*
(Rires)
(Vote)

Roberto Traversini demande à M. Diderich de réintégrer la salle et lui précise que sa remarque de tout à l'heure était une blague.

Il passe au bilan de l'office social et cède la parole à M. Mangen, qui était président de l'office en 2014-2015.

ROBERT MANGEN (CSV) *explique que c'est empreint de nostalgie qu'il présente ce bilan. Il y a 15 ans, alors qu'il n'était dans aucun parti politique, les socialistes l'ont proposé comme membre de l'office social.*

Greenpeace geschwat, well si schonn esou e Projet an der Schwäiz realiséiert haten an eben e bëssen Erfahrung haten an och interesséiert waren, hei zu Lëtzebuerg esou e Projet ze maachen. An esou ass deen dann zustane komm.

An der Allerhellegevakanz hate mer mat enger ganzer Rei Jugendlecher vum Jugendhaus déi Panneauen op den Daach bruecht, montéiert an ugeschloss. Natierlech ënnert der Supervisioun vun engem Betrib, deen awer Erfahrung huet, fir dass herno awer Stroum produzéiert gëtt an net eppes aneschters. Dat war ganz flott. Ech war selwer bei deem Projet dobäi. An et huet ee gesinn, déi Jonk waren op jidde Fall begeeschtert, fir do matzemaachen.

Déi Konventioun dréit drëm, dass mer déi Anlag, déi déi Jugendlech matgeholf hunn opriichten um Daach, elo zur Verfügung stellen. Do gëtt also eng Societéit gegrennt, wou déi Jugendlech, d'Elteren an d'Bierger Parten huele kënnen, fir des Solaranlag ze bedreiwen. An de Bedreiwer selwer ass an deem Fall Greenpeace.

Dat ass d'Konventioun. Mir maachen et e bësse wéi um Stadion vum Fussballsterrain, wou mer als Gemeng den Daach enger Societéit zur Verfügung stellen a si d'Anlag dann do bedreiwen. An deem Fall ass et mat Jugendleche gemaach.

Dat ass wierklech e ganz flotte Projet. Dat wëlle mer nach eng Kéier widderhuelen, wa mer d'Geleeënheet hunn, bei aneren Diech.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wäert hei mussen erausgoen. Dat ass am Fong eng Societéit coopérative, déi scho méi laang existéiert, mat där d'Konventioun gemaach gëtt. Transition Minett. Déi huet schonn aner Installatiounen an anere Gemenge gemaach. Do kann all Bierger sech Parten huelen. Doduercher, dass een als Persoun do

Parten hëlt, ginn dann erëm nei esou Projeten a Stand gesat, in der Tat.

Vu dass ech do Coopérateur sinn, wäert ech dann elo de Raum verloossen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir sidd jo e Grossgrundbesitzer.

(Gelaachs)

Dat war natierlech e Witz. Datt dat ganz kloer ass.

Wann et keng Wuertmeldunge méi dozou gëtt, géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec une société coopérative pour la mise à disposition d'une partie de la toiture de la Maison des jeunes du Fousbann pour une installation photovoltaïque.

Här Diderich, Dir kënn erëm erakommen. Ech hu gesot, datt dat e Witz war. Net datt nach een dat géif eescht mengen. Ech fannen dat wierklech eng flott Saach.

Da géife mer zum aachte Punkt kommen, eisem Office social. Bilans, Comptes et Pertes. Mir hunn den nach-President heibannen, well Dir dierft net méi President sinn, säitdeem Der vereedegt sidd. Op alle Fall waart Dir déi Zäit nach President. Dofir kritt Dir elo nach eng Kéier d'Wuert, fir eis de Bilan vum Office social ze maache vu 2014/2015.

Här Mangen, Dir hutt d'Wuert.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. E bësse wehmüteg maachen ech de Bericht des Kéier vum Budget vum Office social. Viru 15 Joer sinn ech, deemools nach ouni Parteikaart op Virschlag vun der sozialistescher Partei Member vum Office social ginn.

8. Office social

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wa se dat gewosst hätten, seet den Här Liesch.

(Gelaachs)

(Diskussiounen)

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Dovu war ech déi lescht siwe Joer President. Et waren net ëmmer schéi Momenter. D'mënschlecht Leed an onser Gemeng ass grouss. Mä mir waren all, d'Personal vum Office social an d'Membere vum Conseil d'administration, eng engagéiert, zuverlässig a begeeschtert Equipe. Ech soen hinnen alleguerten e grouse Merci fir hir Hëllef a Gedold. Ech wäert se awer net vergiessen an als Schäfte vum soziale Ressort si jiddefalls tatkräfteg ënnerstëtzen.

Ier ech op de Budget ze schwätze kommen, wëll ech nach e puer allgemeng Informatiounen matdeelen. Déi Déifferdenger Populatioun ass zwëschen 2007 an 2016 ëm 22,7% geklommen. Den Ausländerundeel läit bei 56%. National leie mer bei 48%. Interessant ass d'Tatsaach, dass déi auslännesch Populatioun zweemol méi schnell wüsst wéi déi eenheemesch. D'Alterspyramid ass relativ jonk an onser Gemeng.

D'Personal vum Office besteet aus véier Équivalents à temps plein. Dat sinn Assistante-socialen. Dat ass eng fir 6.000 Awunner. An dräi Persounen fir den administrativen Deel. Dat sinn dann 0,5 pro 6.000. Wann der dat ausrechent, leie mer largement driwwer. De Schlëssel krute mer accordéiert vum Ministère de la Famille wéinst där spezieller Déifferdenger Situatioun, déi ech virdu während menger Schaffenerklärung erkläert hunn.

Dobäi kënnt de Poste vun enger Assistante sociale fir de Projet Senior Plus déi lescht véier Joer, deen och vum Office finanziert gouf mat de Suen, déi mer krute vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. Dat si Suen, déi berechnen ginn op d'Gewënner vun der Loterie Nationale. 1/6 vum Gewinn gëtt ausgedeelt un all d'Office-socialen am Land. Dee Schlëssel gëtt opgedeelt op déi Secoursen, déi mir als Office so-

cial de Leit accordéieren. Den Undeel variéiert vun Office social zu Office social.

De Poste vum Projet Senior Plus fält jo ewech. Dee gëtt da vun der Gemeng iwwerholl.

Da gëtt et nach den SRAS, de Service régional d'action sociale. Dat ass dee Service, dee sech ëm déi Leit këmmert, déi den RMG hunn an déi erëm op den Aarbechtsmaart agegliddert ginn. Där hu mer aktuell 54 zu Déifferdeng, déi begleet ginn. No deem neie Gesetz vum RMG, deen elo Revis heescht an net méi RMG, gëtt den SRAS an den Office social agegliddert. Da wäerten et an Zukunft annerhalfe Assistenten-socialen erëm méi sinn, déi an den Office social komme mat der Méiglechkeet, fir nach erëm zwee zousätzlech Posten ze kréien.

D'Aktivitéit vum Office social klëmmt steteg vun der Reform vun 2011 un. D'Demanden hunn ëm 100% zougéhol. Wéi gesäit d'Populatioun vun den Demandeurinnen aus? Et sinn e bësse méi Fraen, déi kommen. Den Duerchschnittsalter ass ongeféier 44 Joer. 2/3 sinn Ausländer. Si si meeschtens Locataire a komme vermehrt aus dem Déifferdenger Zentrum. De Schoulniveau ass niddreg. An erstaunlecherweis hunn déi meescht eng Pai. Also den Term vu Working poor ass sécherlech hei ubruucht.

De Financement vum Office social gëtt gedeelt. 50% d'Gemeng, 50% vum Ministère de la Famille. Dëst Joer hu mer bei deenen ordinäre Recetten e Secours, dee mer kréien. Dat gëtt also och 50/50 opgedeelt. 1,6 Milliounen. Dat heescht 800.000 Euro d'Gemeng an 800.000 Euro de Ministère de la Famille. Avancen: 560.000 Euro. Salaire: 665.000 Euro. Gestiou: 900.000 Euro. Dat sinn déi Suen, wou mer Leit betreien, déi net richteg mat hire Finanzen eens ginn, dass se iwwert d'Ronne kommen. Dat sinn am Moment 42 Fäll.

D'Sue vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte vun der Loterie sinn 280.000 Euro, déi mer dëst Joer kréien. Dat mécht – ech hunn dat alles opgeronn – ongeféier 3,6 Milliounen Euro.

D'Depensen, déi mer hunn, ass d'Gestiou. Déi 900.000 Euro, déi mer kréie

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

a entendu ce que M. Liesch vient de dire: si seulement les socialistes avaient su.

(Rires et discussions)

ROBERT MANGEN (CSV) ajoute qu'il a été président de l'office social pendant sept ans et constate que la souffrance humaine est grande à Differdange. Le personnel de l'office social et les membres du conseil d'administration sont des personnes engagées. Robert Mangen les remercie. Il ne les oubliera pas maintenant qu'il est échevin.

La population de Differdange a augmenté de 22,7 % entre 2007 et 2016. Elle est formée de 56 % d'étrangers contre 48 % sur le plan national. La population étrangère croît deux fois plus vite que celle luxembourgeoise. Les habitants de Differdange sont relativement jeunes.

Le personnel de l'office social comprend 4 équivalents plein temps — soit une assistante sociale pour 6000 habitants — et 3 personnes pour le volet administratif. C'est le ministère de la Famille qui a accordé cette clé à Differdange compte tenu de sa situation spécifique.

Une assistante sociale supplémentaire s'occupe du projet Senior Plus depuis quatre ans. Le projet est financé par l'office social grâce aux dons de l'Œuvre grande-duchesse Charlotte provenant des gains de la loterie nationale dont 1/6 sont redistribués aux offices sociaux. À l'avenir, le projet sera repris par la commune.

Le SRAS accompagne 54 personnes touchant le RMG. Le RMG va devenir le Revis et le SRAS sera intégré à l'office social, qui recrutera 1,5 assistante sociale de plus.

Les demandes dont s'occupe l'office social ont augmenté de 100 %. Il y a plus de femmes que d'hommes. L'âge moyen des demandeurs est de 44 ans. 2/3 sont des étrangers. Il s'agit souvent de locataires habitant dans le centre de Differdange. Leur niveau d'études est bas. En général, ils travaillent et sont donc des working poor.

L'office social est financé à 50 % par l'État et à 50 % par la commune. Le secours s'élève à 1,6 million d'euros, les avances à

8. Office social

560 000 €, les salaires à 665 000 € et la gestion à 900 000 €. La gestion représente l'argent provenant de personnes ne parvenant pas à gérer leurs finances. L'office social touchera aussi 280 000 € de l'Euvre grande-duchesse Charlotte. En tout, les recettes se montent à 3,6 millions d'euros.

Du côté des dépenses, Robert Mangen mentionne 900 000 € pour la gestion, 600 000 € pour les avances, 55 000 € pour le tiers payant et 700 000 € d'avances des années précédentes, mais pas encore remboursées.

Les secours ont augmenté de 80 000 €.

Pour ce qui est du tiers payant, il reste toujours une petite somme que les gens doivent payer eux-mêmes. Quand ils ne le peuvent pas, l'office social intervient. Cela représente 55 000 €.

En ce qui concerne les secours, les frais alimentaires constituent le poste le plus important avec 260 000 €. Viennent ensuite les frais médicaux, les assurances et les loyers.

L'office social gère aussi l'allocation de solidarité. L'année dernière, 1038 demandes ont été faites. Les frais se montent à 400 000 €.

Les bilans 2014-2015 ont été contrôlés par le ministère. Ils sont en ordre. Robert Mangen demande au conseil communal de les valider. C'est une formalité.

Robert Mangen ajoute que l'office social est confronté à un problème de locaux. Le personnel va augmenter compte tenu de l'intégration du SRAS. Il faudra donc trouver une solution.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
constate que M. Mangen a traité les points a et b en même temps. Il demande aux conseillers communaux de faire pareil.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)
n'a pas grand-chose à dire concernant le rapport. En revanche, il voudrait que les données fournies par M. Mangen soient exploitées dans le cadre du nouveau PAG. M. Mangen a parlé du centre, mais les autres quartiers sont également concernés. Il faudrait voir dans le cadre du PAG quoi faire au cours des pro-

vun de Leit, gi mer och erëm aus. Déi gehéieren ons net.

Avancen, déi mer maachen, si 600.000 Euro. Dat sinn a sech Suen, déi mer de Leit bezuelen an déi si awer dann erëm zrëckbezuelen.

Den Tiers payant mécht 55.000 Euro aus.

D'Salairien an d'Administratioun sinn e grouse Chiffer: 1,320 Milliounen Euro.

D'Secourse sinn ongeféier 700.000 Euro. Dat si Suen, déi mer de Leit ausbezuelen an déi se net méi mussen zrëckbezuelen, well se déi Méiglechkeet net hunn.

Dir gesitt et sti 700.000 Euro Recetten aus. Dat sinn Avancen, déi mer déi Jore virdu bezuelt hunn, mä déi d'Leit bis elo nach net zrëckbezuelt hunn.

D'Secoursen hunn ëm 80.000 Euro zougeholl. Dat ass keen negligeebele Chiffer.

Beim Tiers payant bleift ëmmer e kleng Chiffer iwwreg, déi d'Leit mussen aus hirer Täsch bezuelen. Meeschtens iwwerhëlt den Office social déi Käschen, well d'Leit déi Méiglechkeet net hunn, se ze bezuelen, och wann dat kleng Betrag sinn. Dat mécht ëmmerhi 55.000 Euro am Joer aus.

Bei de Secourse sinn d'Frais alimentaires deen héchste Poste mat 260.000 Euro. Dat si Suen, déi mer de Leit gi fir an d'Epicerie sociale, wou se kënnen mat Bons alimentaires an d'Epicerien akafe goen.

Da kommen d'Frais médicaux an d'apdiktesch Rechnungen. Duerno Asurancen a Loyer.

D'Allocation de solidarité gëtt och vum Office social ausbezuelt. Dee Montant bleift ongeféier konstant déi lescht Joren: 1.038 accordéiert Demanden. Dat mécht e Käschtepunkt aus fir ons Gemeng vu 400.000 Euro.

Déi verschidde Bilane vun 2014/2015 hate mer schonn hei virgestallt. Déi si kontrolléiert gi vum Ministère. Déi sinn a sech an der Rei. Dat muss just duerch

de Gemengerot validéiert ginn. Dat ass einfach eng Formalitéit.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir sot dat esou.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Jo. D'Jore si schonn ofgelaf.

Da wëll ech nach eppes uspriechen. Mir hunn e Problem mat de Lokaler. D'Personal hëlt zou, vu datt och elo den SRAS an den Office social matagebonne gëtt. An d'Raimlechkeete fänken awer un, relativ enk ze ginn. Do musse mer eng Léisung fannen. Do musse mer iergendwann eng Kéier iwwerleeën, a wat fir eng Raimlechkeete mer kënnen déi ganz sozial Struktur insgesamt hiessen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Dokter Mangen. Et ass iech vläicht opgefall, den Här Mangen huet den A an de B matenee geholl. Ech wier frou, wann een dat géif esou weiderféieren.

Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ganz kuerz. Ech wëll net vill zum Bericht soen. Just vläicht déi hei Remarque: Déi interessant Donnéeën, déi Dir elo evoquéiert hutt, kéint ee verwäerte fir an de PAG. Dir hutt bestëmmt nach méi präzis Donnéeën. Dir hat den Zentrum ugeschwat. Et si jo awer nach aner Quartiere betraff. Kéint een dat mat an eisen Entwécklungsplang huelen, wat mer déi nächst Jore maachen? Dir schwätzt vun engem neie Centre social. Déi Donnéeë missten onbedéngt verwäertbar si fir d'Zukunft.

Zweetens wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir Iech, Här Mangen, an Ärer ganzer Equipe am Numm vun deene Gréng villmools Merci ze soen.

8. Office social

An ech denke vun der ganzer Equipe heibannen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen.

Madamm Saeul. Jo, ganz gären.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Zum Budget rectificé 2017 an initial 2018 wéilt ech als Éischt emol mengem Virspriecher souwéi dem Staff vum Office social a sengem Conseil administratif felicitéieren a Merci soe fir déi kompetent Aarbecht, déi si all Dag maachen, a hire sozialen Engagement fir de Bierger.

Den Office social hat d'lescht Joer eng Lëscht vun 2.056 Clienten. Dëst ergëtt 6.267 Visitten am Joer. Dovu sinn am Ganzen 8.003 Demanden. 390 Rendez-vous goufen net respektéiert. Mathematesch gesinn, mécht dëst eng Moyenne vun 20,8 Clienten pro Dag. Dës Zuele sinn och nach stabil fir 2017. D'Tendenz, trotz allem, no uewen.

Den Office social ass eng Ulafstell fir e grouse Volet vun Demanden. Esou entsteet fir de Staff en Dag mat engem ganz variabelen Aarbechtsoflaf. Am Joer 2016 huet eng Statistik gewisen, dass véier vu fënnf Haushälter mat dem finanziellen Engagement betreffend dem Logement e gréissere Problem hunn. Dann ass et natierlech logesch, dass bei de Leit, déi de Mindestloun oder de qualifizéierte Mindestloun kréien, d'Haushaltsfinanze schnell aus dem Gläichgewicht kommen. Wann déi lafenden Onkäscht wéi Loyer, Taxen an Hëtzes bis vun der Pai ewech sinn, bleift net genuch fir d'Liewenskäscht. E Beispill vu working poor.

De Stress, deen déi mannerbemëttelt Leit an hirer Situatioun erliewen, wierkt sech och op hir Gesondheet aus.

Am Budgetsposten ënner Aide aux nécessiteux hu mer Posten, déi sech eraushiewen. Hei wéilt ech mech de Wieder vum Här Mangen uschléissen.

Ech wéilt awer e puer Posten eenzel eraushiewen. D'Frais d'alimentation, also d'Bon-alimentaire fir d'Épicerie sociale, de Secours Loyer mat den Assurancen, d'Soin-médicauxen an all senge Beräicher an d'Aide Logement wéi d'Chargen an d'Elektrescht. Ech hu gesinn, dass d'Elektrescht och ganz héich ass.

Positiv sinn d'Recetten. D'Dotation vun der Loterie nationale. Dat heescht, der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte.

An der Praxis bleift weiderhi vill ze dinn, wou d'Equipe vum Office social de Bierger mat Rot an Dot zur Säit steet. Ech soe Merci fir d'Nolauscheren. D'DP stëmmt den Office-social-Budget.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess, dass et Leit am Land gëtt an der Regierung a soss op Staatsplazen, déi eis ëmmer zielen, mer wäeren eent vun deene räichste Länner vun der Welt. Dofir misst een eigentlech erstaunt sinn, wann den Här Mangen seet: „D'Leed an eiser Gemeng ass grouss.“ Wa mer esou e räicht Land sinn, misst ee jo froen: Firwat ass d'Leed an eiser Gemeng dann esou grouss?

Et ass natierlech absolutt ze begréisen, wann d'Gemeng Suen ausgëtt, fir deene Leit ze hëllefen. An dat, an deene verschiddenste Formen. Et gëtt Leit, déi kënnen d'doktesch Rechnungen net bezuelen. An engem vun deene räichste Länner vun der Welt. Do misst ee sech dach emol vläicht Froen stellen, net nëmmen hei am Gemengerot, mä och op méi héijen Niveauen, firwat dat esou ass.

Ech muss feststellen – an dat hunn ech schonn als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei e puermol gemaach –, datt d'Aarmut nëmme verwalt gëtt an deem Land souwéi d'Aarbechtslosigkeit verwalt gëllt. Et ginn ëmmer

chaines années. Fränz Schwachtgen profite de l'occasion pour remercier M. Mangen et son équipe au nom de déi gréng.

CHRISTIANE SAEUL (DP) félicite M. Mangen, l'équipe de l'office social et le conseil d'administration pour leur travail et leur engagement au service de la population.

L'office social compte 2037 clients, ce qui représente 6267 visites par an et 8003 demandes. 390 rendez-vous n'ont pas été respectés. En moyenne, 20,8 personnes se rendent à l'office social chaque jour. La tendance est à la hausse.

Les demandes sont variées. D'après des statistiques de 2016, quatre ménages sur cinq ont du mal à payer leur logement. Quand on touche le salaire minimum, il ne reste pas grand-chose une fois réglés le loyer et les charges. C'est ce qu'on appelle les working poor. Ces difficultés occasionnent du stress, ce qui entraîne des répercussions négatives sur la santé.

Christiane Saeul s'associe aux paroles de M. Mangen en ce qui concerne l'aide aux nécessiteux. Elle mentionne plus particulièrement les frais d'alimentation, le secours pour le loyer, les assurances, les soins médicaux et l'aide au logement comme l'électricité.

Du côté des recettes, Christiane Saeul souligne la dotation de la loterie nationale, c'est-à-dire l'Oeuvre grande-duchesse Charlotte.

Dans la pratique, l'équipe de l'office social a du pain sur la planche. Le DP approuvera le budget de l'office social.

ALI RUCKERT (KPL) constate que certaines personnes du gouvernement répètent que le Luxembourg est un des pays les plus riches au monde. Il est donc étonnant d'entendre M. Mangen parler de souffrance humaine à Differdange.

La commune a raison de prévoir des fonds pour aider les gens sous différentes formes. Certains habitants d'un des pays les plus riches du monde n'arrivent pas à payer les honoraires de médecins. Il y a des questions à se poser.

Comme il l'a souvent répété, Ali Ruckert constate que le pays ne fait que gérer la pauvreté et le chômage.

8. Office social

On engage de plus en plus de gens dans les offices sociaux et l'administration de l'emploi pour s'occuper des nécessiteux et des chômeurs. Or cela ne résout pas le problème.

Une grande partie des clients de l'office social travaillent quarante heures ou plus par semaine pour un salaire de misère. Mais la pauvreté n'est pas une catastrophe naturelle. C'est une conséquence des décisions politiques. Quand il y a des riches, il y a aussi des pauvres. Il faut donc intervenir.

Ali Ruckert constate pourtant que l'allocation de vie chère n'a pas été adaptée à l'indice depuis 2009. En 2014, le gouvernement a promis aux syndicats d'adapter les allocations familiales au salaire médian. Il ne l'a pas fait. Tout cela explique qu'il y a des pauvres à Differdange. La Chambre des salariés a réalisé une étude montrant que le salaire minimum est trop bas de 20 %. Il faut prendre des décisions politiques. Ali Ruckert signale qu'en tant que député, le bourgmestre pourrait déposer un projet de loi pour augmenter le salaire minimum.

Sans vouloir jongler avec les chiffres, Ali Ruckert constate que la pauvreté est due à des décisions politiques et que ce sont donc les décisions politiques qui peuvent changer la situation.

SERGE GOFFINET (LSAP) a déjà débattu du bilan au sein de l'office social. Il ne veut pas non plus faire de politique nationale. Il se contente de remercier M. Mangen pour son travail. Peu d'hommes politiques se montrent aussi sociaux que lui.

Chaque fois que le conseil d'administration n'était pas d'accord, M. Mangen a joué le rôle d'arbitre. Il a parfaitement mené son équipe. Serge Goffinet le remercie de nouveau.

JERRY HARTUNG (CSV) remercie à son tour M. Mangen et son équipe au nom du CSV.

Il souligne le problème des gens qui travaillent, mais n'ont plus de quoi vivre une fois le loyer payé. Les enfants à l'école souffrent aussi de cette situation. Il faut trouver une solution. M. Mangen est désormais

méi Leit agestallt, fir sech ëm déi Leit ze këmmen um Aarbechtsamt an an de Sozialämter. Mä de Problem gëtt net geléist. Dat ass den eigentleche Problem.

Et ass elo gesot gi mat Recht: E groussen Deel vun deene Leit, déi op d'Sozialamt kommen, si Leit, déi schaffen. Déi schaffen dacks 40 a méi Stonnen an der Woch, fir en Hongerloun ze kréien. Dat ass jo awer net hir Schold, wann et Hongerléin hei an deem Land gëtt. Oder wann et Léin gëtt, mat deenen een net lieve kann.

Dat ass jo keen Natureeregnis, wann et Aarmut hei zu Déifferdeng gëtt. Oder an anere Gemengen am Land. Mä et ass eng Folleg vu politeschen an ekonomeschen Decisiounen. Dofir gëtt et deen Aarmut. Wann et räich Leit gëtt, gëtt et och aarm Leit. Dat muss een also änneren. Dat kann een net nëmme verwalten.

Elo hunn ech awer gemierkt zum Beispill, dass d'Deierungszoulag vum Stat zënter 2009 net méi ugepasst ginn ass un den Index. Dat féiert och derzou, dass mer zu Déifferdeng méi aarm Leit hunn. Dass d'Famillenzoulagen, wou d'Regierung de Gewerkschafte versprach hat am November 2014, dass se géifen un de Medianloun ugepasst ginn. Also un dee Loun, wou d'Hal-schent vun de Leit driwwer an d'Hal-schent vun de Leit drënner läit. Dat bis haut net geschitt.

D'Chambre des salariés huet eng Etüd gemaach, wou se festgestallt hunn, dass beim Mindestloun en Nohuelbedarf ass vun 20%. 20%! Et sinn also politesch Decisiounen, déi misste geholl ginn. A wann zum Beispill den Här Buergermeeschter a senger Funktioun als Deputéierten géif an der Chamber e Gesetzesprojet eraginn, fir de Mindestloun ze erhéijen, géif en natierlech och derzou bäidroen, dass et zu Déifferdeng manner aarm Leit géife ginn a manner Working Poor.

Ech wëll elo hei net vun Zuele schwätzen, mä ech wollt déi puer prinzipiell Bemierkunge maachen, fir ze soen, dass et politesch Decisioune sinn, firwat et esou vill Aarmer gëtt. An dass dat just duerch politesch Decisioune ka geännert ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert.

Här Serge Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech wollt eigentlech näischt zum Bilan an zu de Konte soen. Mir haten dat schon am Office social. Ech wëll och keng Nationalpolitik maachen. Ech wollt och näischt zum Budget soen, mä ech wëll dem Robert Mangen villmools Merci soe fir dat, wat hie geleescht huet. Ech kennen net vill Leit hei an der Gemeng, déi politesch aktiv sinn, déi esou e grouse soziale Gedanke féiere wéi hien.

Bei all den Decisiounen, déi mer getraff hunn a wou mer mol e bësse méi bockeg waren – deen een hat e bësse méi eng enk Astellung, fir vläicht eppes net ze bezuelen –, war ëmmer de Robert, dee geschicht huet. En huet déi Equipe wonnerbar gefouert. Déi zéng Leit vum Office social si wonnerbar mat him gefuer an hien ass natierlech wonnerbar mat hinne gefuer. Ech soen him op jidde Fall vun eiser Säit aus, villmools Merci. Merci Robert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Jerry Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Meng Virriedner hu scho ganz vill gesot. Quasi alles. Ech wëll natierlech am Numm vun der CSV och dem Robert a senger ganzer Equipe e grouse Merci ausdrécken.

Effektiv ass dat e grouse Problem, datt souguer wann d'Leit schaffe ginn a wa se de Loyer bezuelt hunn, scho bal näischt méi iwwreg ass fir d'Liewen. Dat gesi mer och an de Schoulen, wou d'Kanner drënner leiden. Do musse mer wierklech kucken, wéi mer dat uginn. De Robert ass jo elo dann zoustänneg fir dat Soziaalt. Dat léisst hoffen, datt e

8. Office social

weess, wou mer mussen déi richteg Akzenter setzen.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wëll awer eppes dozou soen, och wann et ëmmer schwéier ass, wa schonn alles gesot ginn ass. De Stellegwärt vum der Aarbecht vum Office social ass einfach ze ënnersträichen.

Ech mengen, dass et in der Tat dee politesche Kontext gëtt an déi politesche Decisiounen, déi den Här Ruckert genannt huet. Déi Situatioun zu Lëtzebuerg muss net eng reng Fatalitéit sinn, wou mer net nëmme mussen nokucken, mä wou mer ganz konkret eppes kënnen maachen. An desto méi elo, wou um nationalen Niveau erëm budgetär méi Sputt do ass.

Wann ee kuckt, wéi eng Entwécklung mer wäerte kréien zu Lëtzebuerg – et ass jo haut och scho vum Rifkin-Prozess geschwat ginn a vun der Digitaliséierung – a wa mer eis haut net ganz staark iwwerleeën, wéi mer déi Zukunft gestalte wëllen, wäerte mer fir nach méi Leit nach méi eng schwiereg Situatioun kréien, well an esou enger Gesellschaft ass fir net qualifizéiert Aarbecht nach manner Plaz, wéi et elo schonn de Fall ass. Dat sinn elo schonn déi Populatiounen, déi am meeschte Problemer hunn, mat hirer Aarbecht hiert Liewen ze finanzéieren. Dat heescht awer net, dass hir Aarbecht manner Wäert hätt. Mä an eiser Gesellschaft ass dat awer leider esou.

Mir gesinn dat a ville Beräicher, mä fir nëmme ee Beispill ze ginn: D'Leit, déi botzen, hunn nach ëmmer keen Urecht op e qualifizéierte Mindestloun, och wa se zéng Joer Aarbechtserfahrung hunn. Mir hunn am Privatsektor nach ëmmer kee Kollektivvertrag, deen dat assuréiert, obwuel d'Gerichter op d'mannst schonn enger Persoun dat Recht zougesprach hunn. Just fir ee Bei-

spill ze ginn. Déi Aarbechtskonditiounen si bei wäitem net déi einfachst an deem Sektour.

Dofir muss déi Aarbecht gemaach ginn, déi den Office social mécht. E grouse Merci un all déi Leit, déi sech engagéieren, souwuel am Conseil wéi och vum Personal.

Mir mussen onbedéngt weider Ustrennung maachen, fir net nëmme d'Aarmut ze verwalten, mä se och aktiv unzegoen. Et gëtt schonn e puer Projeten. Awer mir kréien dat net mat esou Projeten alleng opgehewen. Do musse richtungsweisend Decisiounen geholl ginn. Déi brauchen déi politesche Iwwerzeegung.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Wann et keng Wuertmeldunge méi gëtt, géif ech dem Här Robert Mangel d'Wuert nach eng Kéier ginn.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech huelen déi sämtlech Mercien, déi ronderëm de ganzen Dösch komm sinn, mat fir d'Personal. Ech freeë mech iwwert déi Ënnerstëtzen. An ech mengen, si och.

Ech wëll kuerz op e puer Froen äntweren. Effektiv ass am Zentrum de Problem méi grouss. Ech hat jo virdu vum sozioekonomeschen Index geschwat an och vun de Mietwunnengen. Mir musse versichen, eng Mixitéit an d'Gemeng ze kréien, datt mer déi Fäll aus dem Zentrum erauskréien. Déi Leit, déi Problemer hunn, iwwert d'Gemeng ze verdeelen, datt sech keng Gettoe bilden. Dat zitt ëmmer erëm aner Problemer un. Mir kréien iergendwann eng Kéier méi grouss Problemer hei zu Déifferdeng am Zentrum – Drogeproblemer an aner –, wann déi Defavoriséiert all op enger Plaz sinn.

Mir wäerte versichen – dat ass schonn ugeschwat ginn – mat de Mietwunnengen, datt mer d'Virkaftsrecht als Ge-

échevin aux affaires sociales. Il saura placer les bons accents.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que presque tout a été dit, mais il est important de souligner à nouveau la valeur du travail accompli par l'office social.

M. Ruckert a raison de parler du contexte et des décisions politiques. La situation luxembourgeoise n'est pas une fatalité. Il faut intervenir, et ce, d'autant plus que le budget national laisse une marge de manœuvre.

Tout à l'heure, il a été question du processus de Rifkin. Le Luxembourg doit réfléchir à la façon dont il voit son avenir, car une telle société a moins de place encore pour les travailleurs non qualifiés. Or ce sont déjà les personnes ayant le plus de mal à joindre les deux bouts. Gary Diderich donne l'exemple du personnel de nettoyage, qui n'a pas droit au salaire minimum qualifié même s'il dispose d'une expérience de plus de dix ans. Il n'existe pas de contrat collectif dans le privé même si la loi a donné raison au moins à une personne.

C'est pourquoi le travail de l'office social reste absolument nécessaire. Gary Diderich remercie le conseil d'administration et le personnel pour leur engagement.

Il reste du pain sur la planche pour trouver des solutions au lieu de simplement gérer la pauvreté. Il existe déjà certains projets. Mais ils ne suffisent pas. Il faut prendre des décisions politiques.

ROBERT MANGEN (CSV) remettra tous les remerciements au personnel. Il se réjouit des soutiens.

Pour revenir aux questions posées, il constate que les problèmes sont plus importants dans le centre-ville. Il est important de créer une mixité pour sortir les cas difficiles du centre et les répartir à travers la commune. Car les ghettos engendrent d'autres problèmes. Tôt ou tard, le centre rencontrera des problèmes de drogue par exemple s'il concentre tous les défavorisés.

La commune compte faire usage de son droit de préemption pour acheter des appartements dans les quartiers et les louer aux personnes dans le besoin.

9. Organisation de l'école de musique

Les bourses d'échange et d'autres projets vont dans la bonne direction.

L'allocation de solidarité sera adaptée. Il en sera question dans les commissions.

La culture de légumes permettra de soutenir les personnes sans emploi.

M. Reuter, le chef du département social, réalise des statistiques depuis dix ans sur les clients de l'office social et la population. Il présente les chiffres une fois par an. Robert Mangen propose aux conseillers communaux d'assister à une telle présentation. Il suggère au bourgmestre d'en remettre une copie au conseil communal ou bien d'envoyer un fichier électronique.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

remercie à son tour M. Mangen pour la bonne collaboration. Les conseillers communaux peuvent voir dans le budget que la commune a souvent soutenu l'office social même si elle ne s'en est pas toujours vantée. Tous les chiffres figurent dans le budget.

Sans vouloir lancer un débat, Roberto Traversini admet que certains pourraient gagner davantage et que tout le monde veut toujours plus. Mais il n'est pas d'accord avec le terme «salaire de misère» employé par M. Ruckert. Ce sont les loyers qui constituent le problème. Mais il existe une subvention nationale augmentant constamment.

Les aides sociales doivent parvenir aux personnes qui en ont besoin. Mais on ne peut pas parler de salaires de misère.

Roberto Traversini passe au vote.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

demande si les deux points seront votés en bloc.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

(Vote)

Roberto Traversini passe à l'organisation de l'école de musique.

meng, wat ons zousteet, an Zukunft notzen, fir Wunnengen an de Quartieren opzekafen oder ze lounen an déi dann u Leit weider ze verlounen, déi méi schlecht dru sinn.

D'Tauschbörsen an alles, wat mer maachen, ginn an déi richteg Richtung.

D'Allocation de solidarité wëlle mer upassen. Dat kënnt elo an d'Kommissiounen. Déi kënnen ons jo da Propose maachen, wéi mer dat kënnen ugoen.

De Geméisubau ass en Element, wou mer d'Leit kënnen ënnerstëtzen an de Leit eng Aarbecht ginn. D'Aarbechtslosegkeet ass relativ héich bei ons. Mir musse kucken, datt d'Leit sur place eng Aarbecht kréien.

Den Här Reuter, Chef vum Sozialdepartement vun der Gemeng, mécht scho säit zéng Joer Statistiken iwwer d'Leit, déi an den Office social kommen. Och Statistiken iwwert d'Populatioun. Hie stellt dat eemol am Joer vir. Ech géif iech all virschloen – et ass ëmmer ganz interessant, fir déi Chifferen ze kréien – emol laanscht ze kommen, wann hien déi virdréit.

Eventuell misste mer kucken, Här Buergermeeschter, datt d'Leit aus dem Gemengerot eng Kopie kréien. Dat ass zwar ëmmer relativ vill Pabeier. Oder iwwert den elektronische Wee. Mä datt all d'Conseilleren déi Informatioun kréien.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Och vu menger Säit Merci. Och Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Ech hat déi grouss Freed, mat Iech zesummeschaffen, vläicht e bësse méi am Hannergrond. Mä dir gesitt am Budget, datt d'Gemeng ganz vill bäileet an och ganz vill Saache bäigesteiert huet, ouni dat un déi grouss Klack ze hänken. Am Budget fannt der et awer natierlech erëm.

Ech wëll elo keng Diskussioun ufänken. Et ass richteg, datt vläicht een hei am Land net genuch verdéngt a jiddweree méi verdénge wëll, Här Ruckert. Mä

vun Hongerloun ze schwätzen, domat sinn ech awer net mat Iech averstanen.

De Problem sinn d'Loyeren. Dee Problem musse mer an de Grëff kréien. Do gëtt et awer och eng Subvention de loyer vum Stat – et soll een och déi positiv Saache soen an déi gëtt och konstant eropgesat.

Da muss ee kucken, datt een net mat der Géisskan verdeelt, mä wierklech punktuell deene Leit hëllef, déi wierklech Hëllef brauchen. Mä ech mengen, datt een awer net ka vun engem Hongerloun schwätzen.

Dat gesot, mengen ech, kréie mer nach vill Geleeënheet, fir doriwwer ze schwätzen.

Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Merci fir déi vill Mercien. Da géife mer zum Vott kommen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Alles mateneen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kënne mer den A an de B zesummenhuelen?

Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les bilans et comptes de profits et pertes des exercices 2014 et 2015 de l'office social.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le budget rectifié 2017 et le budget initial 2018 de l'office social.

D' École de musique. D'Organisation définitive. Här Ulveling.

9. Organisation de l'école de musique

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, et ass eng Success Story, déi ech iech däerf presentéiere vum neien Direkter, deen elo genau ee Joer en place ass. Dëst ass am Fong seng zweet Organisatioun. Déi Éischt war e wierklech an d'kaalt Waasser gehäit ginn.

Dir kënt feststellen, dass eis Schülerzuel terribel an d'Luucht gaangen ass an engem Joer. Mir hunn eng 50% méi Schüler wéi virun engem Joer. Den aktuelle Chiffer läit bei 580 Schüler. Duvunner sinn 120 Schüler aus de Maison-relais. Et konnten 100 nei Schüler opgeholl ginn doduerch, dass mer nei Klasse gemaach hunn.

Dat ass natierlech immens flott, mä iergendwa ginn déi Raim, déi mer hunn, net méi duer. Dofir hat ech virdu gesot, mir musse lues wuessen. Mir mussen elo kucken, dass mer e Plateau errechen, wou mer eis e bësse stabiliséieren. Eréischt wann déi Raimlechkeete vun der Extenssioun vun der Museksschoul fäerdeg sinn, kënne mer weider wuessen. Well mir mussen eng gutt Qualitéit bréngen. An et huet kee Sënn, dass duerno esou vill Leit do sinn, dass een an deen anere rennt an dass et net méi virugeet.

Mir hunn e gesonde Mix vu Männlein und Weiblein. Déi sinn hei 50:50 vertrauden. Och bei Residenten an net-Residenten: 50% Residenten a 50% non-résidents. Bei de Kanner bis 17 Joer sinn 2/3 ageschriwwen. A vun Adulten iwwer 18 Joer 1/3. Wat eng flott Saach ass.

Den Direkter huet eng Tâche vu 40 Stonnen. Zënter ganz kuerzem huet en eng nei Sekretärin, déi him zur Hand geet.

Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir deene Leit Merci ze soen, déi jorelaang an der Museksschoul gewierkt hunn an déi elo hir verdéngte Pensioun kritt hunn. Dat ass d'Madamm Schuller, den Här Schaber an den Här Armbrorst.

Ech wëll awer och dem Direkter félicitéiere fir d'Initiativ, déi e geholl huet, Musek a Form vu Musekssatelieren an de Maison-relais an an de Crèchë virzestellen. Wouduerch d'Kanner e klen-

gen Aperçu kréien, wat Musek ass. Mir erhoffen eis doduerch, wann d'Kanner musikalesch encadréiert ginn, dass se de Wee an d'Museksschoul fannen, wou se dann eppes Seriöses léieren. An natierlech duerno, dass déi Leit, déi d'Museksschoul besicht hunn, weiderhi Musek maachen. Mir erhoffen eis, dass se Musek an eise lokale Veräiner maachen, sief dat an der Fanfare, sief dat an der HMD, sief dat a Mandolinnen, an all deene Veräiner, déi sech wierklech mat Musek ofginn.

Ech mengen, dass mer wierklech e gudde Choix gemaach hunn, andeems mer den Här De Bouw als Direkter genannt hunn. Déi Chiffere weisen jiddefalls, dass en um gudde Wee ass.

E kleng Bemol wëll ech awer och soen. Dat ass deen, dass déi staatlech Subventionen an Zukunft leider wäerten ofgoen. Dat kënt dohier, dass eng nei Museksschoul bäikomm ass. Dee Fong, deen de Stat zur Verfügung huet, gëtt op all Museksschoul verdeelt. Soudass mir dann e bësse manner wäerte kréien.

D'Gemeng Déifferdeng stécht 1,1 Millioun Euro Netto all Joer an déi Museksschoul. Dat, och ganz bewusst, well mer eben der Meenung sinn, dass d'Kanner an déi Erwuessen eng flott Beschäftegung sollen hunn an de Sparte vum Sport, der Musek an der Kultur. Dofir ënnerstëtze mer dat och esou.

Dir krut elo e klengen Aperçu vu Personal a vu Kanner, déi ageschriwwen sinn. Dat hei waren déi Haaptchifferen, déi relevant an interessant sinn. Ech géif iech bieden, eisen Direkter weiderhin ze ënnerstëtzen, andeems der déi Museksschoulpresentatioun an déi Organisatioun ënnerstëtzt. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling.

Här Muller, w.e.g.l.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Ulveling fir dës Explikatiounen. Mir als LSAP sinn natierlech och héich erfreut iwwer de Succès, deen eis Museksschoul huet, a wëlle

TOM ULVELING (CSV) rappelle que le nouveau directeur est en place depuis un an. Il s'agit de sa deuxième organisation.

Tom Ulveling constate que le nombre d'élèves a augmenté de 50 % en un an pour passer à 580 unités, dont 120 élèves provenant des maisons relais. Les nouvelles classes accueillent cent élèves de plus.

Il est évident que les locaux actuels ne suffiront pas éternellement. C'est pourquoi il faut stabiliser le nombre d'élèves. L'école de musique ne pourra reprendre sa croissance que lorsqu'elle disposera de nouveaux locaux. L'important est d'assurer un enseignement de qualité.

L'école de musique compte autant d'hommes que de femmes et autant de résidents que de non-résidents. 2/3 des élèves ont 17 ans ou moins.

Le directeur travaille à plein temps et dispose d'une nouvelle secrétaire.

Tom Ulveling profite de l'occasion pour remercier les employés de l'école de musique partis à la retraite. Il félicite le directeur pour la création d'ateliers présentant la musique dans les maisons relais et les crèches. Il espère que ces enfants finiront par aller à l'école de musique d'abord et dans les associations locales, les fanfares, l'HMD ou le club de mandolinistes ensuite. Tom Ulveling pense que la commune a bien fait de recruter M. De Bouw. Les chiffres montrent qu'il est sur la bonne voie.

Le seul bémol concerne les subventions de l'État qui vont baisser à l'avenir. En effet, l'État répartit les fonds prévus entre les différentes écoles de musique et une nouvelle école a ouvert ses portes.

La Ville de Differdange dépense 1,1 million d'euros pour son école. Le collège échevinal est d'avis que les gens doivent pratiquer des activités culturelles, musicales et sportives.

Tom Ulveling vient de citer les chiffres les plus pertinents. Il demande aux conseillers communaux de soutenir le directeur en approuvant l'organisation de l'école de musique.

ERNY MULLER (LSAP) se réjouit du succès que rencontre l'école de musique et félicite le directeur et son équipe pour leurs initiatives.

10. Personnel communal

Il salue le fait que l'éveil musical fonctionne à nouveau. L'école de musique rencontrait en effet des difficultés liées au transport des enfants dans les différents bâtiments. Cette année, les inscriptions ont augmenté de 47 %.

L'enseignement est diversifié et certains cours sont en anglais pour tenir compte des élèves de l'école internationale.

Il s'agit aussi de garantir de nouvelles recrues qualifiées aux associations musicales, aux associations de chant et au club de mandolinistes.

Erny Muller a participé à une réunion avec M. De Bouw et a appris que l'école de musique a besoin de locaux supplémentaires. Mais cela prend du temps. Il a aussi constaté que M. De Bouw recherche des synergies avec les associations musicales. De nos jours, les associations ont plus de mal à recruter des membres qu'autrefois.

FRANÇOIS MEISCH (DP) remercie tout d'abord l'équipe de l'école de musique dirigée par M. De Bouw. Depuis janvier 2014, l'école dispose enfin de locaux adéquats. La majorité de l'époque pensait que la demande augmenterait grâce aux nouveaux locaux et cela s'est avéré exact.

Pour ce qui est du niveau des classes et des élèves, le développement est positif. Il faut cependant s'assurer que les associations locales parviennent à recruter des membres qualifiés.

Pour conclure, François Meisch remercie tous les enseignants et leur souhaite bonne chance dans l'accomplissement de leurs tâches.

Le DP approuvera l'organisation de l'école de musique 2017-2018.

GUY TEMPELS (CSV) remercie à son tour le directeur et le personnel pour leur formidable travail. Il y a une liste d'attente. La demande est importante. Il n'y a rien à ajouter. Le CSV approuve l'organisation.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) signale que le nombre élevé de non-résidents coute beaucoup d'argent à la commune. Le collègue échevinal ne compte pas augmenter le minerval et privilégie une so-

selbstverständlich dem Direkter mat senger ganzer Equipe vun den Enseignantë vun hei aus felicitéiere fir all hir Initiativen.

Besonnenesch, muss ee soen, dass et wichtig ass, dass den Eveil musical erëm funktionéiert, deen eng Zäit net méi funktionéiert hat, well mer Problemer hatten, well d'Gebaier ze vill verstreut waren an et Transportschwieregkeete gouf, fir déi Kanner dohin ze kréien. Dat ass elo erëm um gudden Wee. Dat erkläert dann och déi 47% Zounam vun den Aschreiwunge vun dësem Joer.

Et gëtt ganz diversifizéiert enseignéiert. Och spezifesch fir Déifferdeng. Mir kennen dat. Dat ass och gutt. A souguer Englesch, wéi Der sot, well d'École internationale jo och elo neierdénge mat dran ass a matmécht.

Dir hutt och erwäant, dass et awer en Zil muss bleiwen, niest all deenen Diversifikatiounen, eise kommunale Museksgesellschaften, Gesangsveräiner oder Mandolinnen e qualifizéierten Nowuess ze assuréieren.

Souwäit mir informéiert sinn – ech war jo och an enger Sitzung dobäi, wou doriwwer geschwat ginn ass mam Här de Bouw – bräichte mer dréngend nei Raimlechkeete. Dat ass jo och alles schonn um gudden Wee. Dat brauch seng Zäit selbstverständlich.

Mä do hunn ech awer matkritt, dass den Här De Bouw Kontakt sicht zu de Museksgesellschaften, fir nei Synergien ze realiséieren. Fir dass eis Museksgesellschaft fir d'Zukunft erëm besser opgestallt sinn. Et gëtt jo eng Rei Leit, déi nach méi engagéiert si wéi ech, well bei mir ass dat schonn eng Zäitche méi laang hier. Mä do mierkt een awer, dass et e bëssen happert. Dass mer net méi op deen Niveau kommen – och zueleméisseg –, wéi dat emol an der Zäit war. Do ass nach e bëssen Handlungsbedarf. Et ass bestëmmt net onméiglech, dat erëm ze errechen.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Den Här Fränz Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffchen- a Gemengerot, ech wëll och der Direktioun ënnert der Leedung vum Här Rudi De Bouw Merci soe fir säin Engagement.

Zënter Januar 2014 huet eis Musekschoul endlech adequat Raimlechkeeten. D'Rechnung, déi deemools gemaach gouf, dass d'Demande sech doduerch positiv géif entwéckelen, ass jo dann och opgaange glécklecherweis.

Wat den Niveau vun de Klassen an den eenzelne Schüler ugeet, ass d'Entwécklung och ganz positiv, kann ee feststellen.

E klänge Bemol awer. Dat ass schonn zweemol gesot ginn. Mir musse kucken, dass eis lokal Veräiner och am Nachhinein besser kënnen ausgebildete Schüler a Leit rekrutéieren.

Zum Schluss wëll ech nach allen Enseignante Merci soen an eng glécklech Hand wënsche bei deenen Aufgaben, déi elo op se zoukommen. D'DP stëmmt déi definitiv Organisatioun vun der Museksschoul fir 2017/2018 mat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci.

Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Ech wollt och nach dem Direkter an dem Personal Merci soe fir déi super Aarbecht, déi se maachen. Et gesäit een, et ass eng Waardelëscht do. Et ass Demande do. Ech menge méi ass net dozou ze soen a mir wäerten dat mat Jo stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels.

Dir hutt gemierkt, datt ganz vill non-Résidenten hei sinn. Dat kascht der Stad Déifferdeng ganz vill Geld. Do misst ee vläicht mat eisen Nopeschgemenge

10. Personnel communal

kucken, wéi een dat kéint duerch aner Saachen opfänken. Saachen, déi si hunn a mir net, wou eis Kanner kéinten dovun profitéieren. Mir denken net drun, d'Gebür an d'Luucht ze setzen. Mä et muss een da kucken, regional zesummen eng flott Léisung ze fannen.

Mir kéinten zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire 2017-2018 de l'école de musique.

Merci. Dat nächst ass och e ganz wichtige Punkt: deen neie Kollektivvertrag vun eise Salariéen an de Südgemengen. Et ass e Kollektivvertrag, deen zimlech schnell ausgeschafft ginn ass par rapport zum Leschten, dee mer hei gestëmmt hunn. Dat sinn nach keng aacht Méint hier. Un deem war bal néng Joer geschafft ginn. Deen heiten ass bannent siwe Méint ausgeschafft gi vun engem Aarbechtsgrupp a vu sämtleche Südgemengen ënnerschriwwe ginn.

Et gi Verbesserungen no uewen. Soss hätte wahrscheinlech och net sou vill Gewerkschaften ënnerschriwwen. Déi Verbesserunge kënnen der noliesen. Ech zielen der just zwou oder dräi op. De Rescht hutt der gelies. Déi sinn och op verschiddene Säite vun de Gewerkschaften ze fannen. Et ass och ganz gutt erkläert, souguer mat engem Hurra drënner, datt en esou schnell komm ass.

Et sinn déi verschidde Carrièren opgeléicht vun den Ufanksgehälter bis zum Loun, wann een an d'Pensioun geet, wou ee ganz genau weess, wat ee wéini verdéngt. Et sinn am Fong geholl dräi Lountabellen.

Et ass eng Opwärtung vun der nidregster Carrière, d'Agents de nettoyage. Elo kënnen eng Opwärtung. Ech ka verschidde Leit verstoen, déi soen, et géif nach net duergoen. Mä d'Richtung ass op alle Fall ginn.

Eppes, wat geännert huet, ass awer extrem wichtig. Wann een am private Secteur geschafft huet – an dat ass oft de Fall beim Botzpersonal – a wann ee bei d'Gemeng komm ass, ass d'Anciennetéit net berécksiichtegt ginn. Dat

ass elo net méi esou. D'Anciennetéit gëtt gekuckt. Dat mécht direkt wierklech – a Gott sei Dank – vill aus. Eng Prime unique vun engem Joresgehalt vun 2016 an eng Augmentatioun vum Punktwäert vun 1,5%.

Dat alles ass zesummen ausgeschafft ginn, wéi gesot zimlech schnell. Do muss een där ganzer Delegatioun an de Gewerkschaften Merci soen, datt se wierklech konstruktiv matgeschafft hunn. Ech wier natierlech och frou, wann der dee Kollektivvertrag géift unhuelen. Dee wäert den 1. Januar 2018 a Kraaft trieden.

Här Schwachtgen.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Mir Gréng si frou, dass een neie Kollektivvertrag konnt ofgeschloss ginn, wou 18 Gemengen, plus d'Gewerkschaften zesumme souzen.

Ganz positiv ass, dass mir als Gemeng Déifferdeng an deem Aarbechtsgrupp vertruede waren. Siwe Gemenge waren do dra vun deenen 18. An dass am Fong déi lescht an och déi schwierigste Hürde vun deem Vertrag konnt ofgeschloss ginn.

Mir hunn elo d'Stellungsname vun de Gewerkschaften do leien. Den Här Buergermeeschter huet dat elo kuerz virgedroen. Ech wollt vläicht eng Kéier déi Punkten trotzdeem opzielen, déi vu Gewerkschaftssait als beluewendend erausgestrach ginn. Ech ziele se net all op.

Et ass scho gesot ginn, de Lounpunktwäert gëtt ëm 1,5% gehuewen. Et gëtt eng Joresprimm vun 1% ausbezuelt. E sozialen Urlaub vu 24 Stonne pro Trimester attribuéiert. Eng Familljenzoulag vu 27 Punkten a spéider 29 Punkten, wou am Secteur public nageschafft gëtt. Et kommen déi linear Carrièren. D'Endgehalt gëtt ëm véier Punkten erhéicht. Wichtig ass wéi gesot d'Urechung vun den Anciennetéitsjoren, wann ee bei anere Patrone virdu geschafft huet. An och ganz wichtig ze betounen ass, dass Mesurë solle geholl gi fir Salariéen, déi laang aarbechtslos waren, respektiv schwéier placierbar sinn. An da vläicht ee vun deene wichtigste Punkten, deen net esou ervirstécht wéi

lution régionale. Il faut voir quels cours les communes voisines proposent que Differdange n'a pas.

(Vote)

Roberto Traversini passe au contrat collectif des salariés des communes du sud. Il a été élaboré assez rapidement comparé au dernier pour lequel il avait fallu huit ou neuf ans. Il contient des améliorations ayant permis aux syndicats de l'approuver. Roberto Traversini se contente d'en mentionner deux ou trois.

Le contrat énumère les salaires des différentes carrières, du début de carrière jusqu'à la retraite. Chacun sait donc en détail ce qu'il va gagner.

La carrière des agents de nettoyage est valorisée. Roberto Traversini comprend que cela ne suffit pas à certains, mais cela va dans la bonne direction. Avant, lorsque les agents de nettoyage provenaient du secteur privé, leur ancienneté n'était pas reconnue. Désormais, ce sera le cas. Ils auront aussi droit à une prime unique à hauteur d'un salaire de 2016 et d'une augmentation du point indiciaire de 1,5 %.

Roberto Traversini remercie la délégation et les syndicats pour leur collaboration constructive. Il demande aux conseillers communaux d'approuver le contrat collectif, qui entrera en vigueur le 1^{er} janvier 2018.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

explique que les écologistes sont heureux que les négociations entre 18 communes et les syndicats aient abouti.

La Ville de Differdange était représentée dans le groupe de travail comprenant 7 communes sur 18. Les principaux obstacles ont pu être supprimés.

Le bourgmestre a passé en revue l'avis des délégations. Fränz Schwachtgen souhaite revenir sur certains points: l'augmentation du point indiciaire de 1,5 %, une prime annuelle de 1 %, un congé social de 24 h par trimestre et une allocation familiale de 27 puis de 29 points. Les carrières deviennent linéaires. Le salaire en fin de carrière augmente de quatre points. Les années d'ancienneté accumulées auprès d'autres patrons sont reconnues. Des mesures seront prises en faveur de salariés ayant été au

10. Personnel communal

chômage depuis longtemps ou qui sont difficiles à placer. Le dialogue social sera amélioré.

Pour Fränz Schwachtgen, ce contrat ne remet plus en cause les acquis sociaux, mais constitue un véritable progrès. Déi gréng l'approuveront.

FRED BERTINELLI (LSAP) *se réjouit du consensus trouvé avec les syndicats. Cela n'a pas été facile. Les forces de gauche ont finalement soutenu les syndicats, ce qui a permis de trouver un accord.*

Certaines communes ont d'abord fait bloc contre l'accord. Mais les choses se sont accélérées lorsque le président a été remplacé. De nombreuses communes n'approuvaient pas le premier contrat. Il a été révisé et le résultat est bénéfique et mérité pour les travailleurs du secteur. Fred Bertinelli est content.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *constate qu'après les négociations, le contrat collectif des travailleurs communaux est terminé. Le DP s'associe à ce qui vient d'être dit. Les démocrates sont contents des décisions prises dans l'intérêt des salariés communaux.*

ALI RUCKERT (KPL) *souligne le fait que le bourgmestre n'ait fait qu'un résumé extrêmement court des négociations. En effet, celles-ci n'ont pas duré huit mois, mais presque dix ans.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *proteste.*

ALI RUCKERT (KPL) *répète qu'elles ont duré pendant presque dix ans à cause de la position des communes représentées par le CSV et le DP. Et la Ville de Differdange et M. Traversini se sont longtemps tus.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *a pris position au sein du groupe de travail.*

ALI RUCKERT (KPL) *rétorque que c'était l'année dernière, mais il n'a rien dit avant.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *réplique qu'avant, il ne prenait pas part aux négociations.*

d'Païen. Dat si Mesurë fir d'Verbesserung vum Sozialdialog.

Mir mengen, dass dës Verbesserung kee Sozialofbau méi bedeuten, wéi dat vläicht am Ufank gefaart gi war a kritiséiert gi war an och esou ausgesinn huet, mä e reelle Fortschrëtt. Dofir stëmme mer natierlech derfir.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen.

Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech ass d'LSAP Déifferdeng frou, wa mer elo endlech zu engem Konsens kumm si mat de Gewerkschaften zesummen, fir deen heite Kontrakt fir d'Südgemengen hinzeckréien.

Et war relativ schwéier. Et muss een och soen, dass d'lénks Kräften an de Gemenge sech wierklech op eemol op d'Kopp gestallt hunn an zu de Gewerkschafte stoungen, datt et zu deem Accord kumm ass. Well dat war net evident. Verschidde Gemengen hate gemauert géint dat doten. Do ass vill argumentéiert gi mat deem engen a mat deem aneren, bis en Accord fonnt ginn ass.

A wou de Verhandlungspresident gewiesselt huet an déi richteg Leit op der Plaz waren, ass et e bësse méi schnell gaangen. Et ware vill Gemengen, déi nom éischte Projet gesot hunn, se wieren domadder net d'accord. Och lénks Parteien. Dat alles ass nach eng Kéier op de Leescht geholl ginn an d'Resultat léisst sech wierklech weisen. Siwen oder aacht Joer war näischt geschitt. Dat do ass effektiv eppes, wat fir déi Leit am ganze Secteur bénéfique ass an och net geklaut ass. A wat déi Leit meritéiert hunn. Dofir sinn ech och zefridden.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli.

Madamm Saeul. Eng Fra dertëschent, Här Ruckert, da kritt Dir d'Wuert.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. No Verhandlung steet elo den integrale Kollektivvertrag vun de Gemengenaarbechter. D'Demokratesch Partei schléisst sech de Virriedner un. A mir si frou, dass eng Decisioun getraff gouf am Interêt vun eisen Aarbechter.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madamm Saeul.

Här Ruckert, Dir hutt d'Wuert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Buergermeeschter huet eis elo grad hei eng extrem verkierzte Fassung gi vun deene Verhandlungen do. Déi hu jo net während aacht Méint stattfonnt, déi hu bal während zéng Joer stattfonnt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nee.

ALI RUCKERT (KPL):

Während zéng Joer hu se bal stattfonnt. Firwat? Majo well eng Rei Gemengen a besonnesch awer déi, wou d'CSV an d'DP eppes dran ze soen haten a wou d'Déifferdenger Gemeng sech laang net dozou geäussert huet – och den Här Traversini net –...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dach am Aarbechtsgrupp.

10. Personnel communal

ALI RUCKERT (KPL):

Am Aarbechtsgrupp d'lescht Joer. Awer virdrun iwwerhaapt net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen. Do hunn ech net dierften dobäi sinn.

ALI RUCKERT (KPL):

Et muss ee soen, dass d'Gefor bestoung, dass ee massiven Ofbau vu Léin géif kommen...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

ALI RUCKERT (KPL):

... fir d'Aarbechter. Net nëmme fir d'Aarbechter, mä och fir d'Aarbechterinnen a fir d'Botzfraen. Ee Moment sollten déi 30% vun hirem Loun ewechgeholl kréien. An et waren net nëmme Leit vun de Gréngen, déi domat d'accord waren, mat der CSV a mat der DP.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass net wouer.

ALI RUCKERT (KPL):

Souguer en LSAP-Schäfte vun Esch war domat d'accord. Eréischt wéi déi ganz Saach...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Deen ass awer elo net méi bei der LSAP.

ALI RUCKERT (KPL):

Voilà. E gehéiert och net dohinner dann.

Mä et muss een awer soen, déi ganz Saach ass eréischt un d'grouss Klack gehaange ginn, wéi déi kommunistesch Zeitung ëffentlech doriwwer geschwat huet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Och scho virdrun.

ALI RUCKERT (KPL):

Do ass et eréischt richtig an d'Ëffentlechkeet komm. Do ass jo och de Verhandlungsführer geännert ginn. Et ass eng sozialistesche Politikerin vun Esch, déi d'Verhandlungen iwwerholl huet. Do ass et an eng aner Richtung gaangen, muss ee soen. An eng positiv Richtung. Dat ass elo grad hei gesot ginn.

Mä wat besonnesch wichteg ass bei deem Vertrag, ass jo awer, dass et zu enger Afeierung komm ass vu lineare Lafbunnen. Dat ass ganz wichteg. Nieft deenen anere Verbesserungen, déi do komm sinn.

Mä – an do muss ech drun erënneren, wat ech an enger Gemengerotssëtzung hei virun engem Joer gesot hunn –, wann dee Vertrag ënnerschriwwen gëtt, muss ee fäerten, dass och Verschlechterungen drakommen. An esou ass et och komm.

Et ass net nëmme e Vertrag, deen 100% gutt ass. Mä et si Verschlechterungen dran bei den Eingangsléin. Déi kréien an Zukunft manner. Firwat ass dat esou? Well soll gespuert ginn op deenen, déi nei agestellt ginn. Dat hunn elo d'Gemengen a virdrun de Stat kopéiert vun de private Patronen. Mer wëssen, dass et an der Tëschenzäit eng ganz Rëtsch vu groussen Betriber am Land gëtt – a Betriber, déi eigentlech scho reegelrecht Statsbetriber si wéi Luxair a Cargolux –, déi d'Eingangsléin ganz radikal gekierzt hunn an de leschte Joren.

Do schéngen anscheinend de Lëtzebuerger Stat an d'Gemenge sech elo e Beispill wëllen ze huelen. Wat derzou féiert, dass an Zukunft d'Eingangsléin global no ënnen harmoniséiert ginn. Dat ass also ee ganz schlechte Punkt.

ALI RUCKERT (KPL) souligne le risque qu'il existait de voir les salaires des travailleurs et des femmes de ménage baisser massivement. Mais les écologistes n'étaient pas les seuls d'accord avec le CSV et le DP.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

proteste.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle que même un échevin socialiste d'Esch était d'accord.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

précise que l'échevin en question ne fait plus partie du LSAP.

ALI RUCKERT (KPL) répond qu'il n'a rien à y faire.

Il ajoute que cette affaire a commencé à faire grand bruit lorsque la Zeitung communiste en a parlé.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

riposte que cela a commencé avant.

ALI RUCKERT (KPL) insiste que le journal communiste a rendu l'affaire publique. Le négociateur a été remplacé par une femme politique eschoise de gauche et les choses ont pris une tournure positive.

L'introduction des carrières linéaires est particulièrement importante. Malheureusement, comme Ali Ruckert l'a dit il y a un an, le contrat apporte aussi son lot de détériorations. En effet, le contrat n'est pas positif à 100 % à cause de la dégradation des salaires de départ. Il s'agit en fait de faire des économies sur le dos des nouveaux salariés. Les communes ont copié ce procédé de l'État, qui s'est lui-même inspiré de patrons privés.

Des entreprises — et même des entreprises quasiment publiques comme Luxair et Cargolux — ont radicalement baissé les salaires d'entrée au cours des dernières années. Elles constituent un modèle pour l'État et les communes, ce qui entraînera une baisse globale des salaires de départ.

Mais la mesure est prise de manière intelligente. En effet, ces entreprises ne baissent pas les salaires de personnes travaillant depuis un ou deux ans, car personne ne va se battre pour le salaire de quelqu'un qui ne travaille pas encore dans

10. Personnel communal

l'entreprise ou la commune. En d'autres termes, les nouvelles recrues gagneront moins à la commune et à l'État. Pourtant, elles devront travailler tout autant que les autres. C'est ce qu'Ali Ruckert appelle «travailler à 100 %, gagner 80 %».

Ali Ruckert approuvera le contrat, parce qu'il améliore les choses et que les syndicats l'ont signé. Mais la baisse des salaires de départ est une mauvaise chose. Les salariés auront moins d'argent et donc plus de problèmes.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *est d'accord sur le fait que le contrat va dans la mauvaise direction et ne l'approuvera pas. Les syndicats ont fait ce qu'ils ont pu. Les responsables politiques en place ont appliqué la tendance décrite par M. Ruckert. Déi Lénk ne peut pas l'accepter.*

Le nouveau contrat collectif lance le mauvais signal compte tenu des prix de l'immobilier au Luxembourg. Les salariés gagneront moins les trois premières années. Or tout le monde sait ce que cela signifie lorsqu'on a besoin d'un prêt pour s'acheter une maison.

Quand on analyse la situation, on se rend compte que ce sont les jeunes qui auraient besoin de plus d'argent et pas les personnes en fin de carrière, qui disposent souvent d'un logement sans prêt à couvrir.

Gary Diderich ne saurait soutenir la dégradation de la situation. C'est d'ailleurs ce qui explique que les négociations aient duré huit mois. Heureusement, le contrat apporte aussi des améliorations. Mais elles ne suffisent pas à compenser les pertes.

Mä se si ganz schlau. Dat huet ee grad an de Privatbetriber gesinn. Si hunn drop verzicht, d'Léin ze kierze vu Leit, déi schonn een oder zwee Joer do schaffen. Esou hu se d'Leit auserneen dividéiert. Wie setzt sech scho fir een an engem Betrib oder an enger Gemeng an, deen nach net do schafft? Dat ass dat schlecht un där ganzer Entwécklung. Dat heescht also och déi Leit, déi nei agestallt ginn elo bei der Gemeng am Aarbecherverhältnis, wäerten an Zukunft manner verdénge wéi déi Leit, déi virdrun hei geschafft hunn.

Beim Stat ass et ähnlech. Si wäerte manner verdénge. Si wäerten awer datselwecht musse schaffen. Dat ass déi Saach: 100% schaffen, 80% verdénge. Wéi se dat och elo beim Stat wëlle maachen, wou dann d'Stagiairen ebe vill manner déi éischt dräi Joer kréie wéi dat véiert Joer, wa se dann ugestallt sinn.

Ech wäert fir dee Kollektivvertrag am Numm vun der Kommunistescher Partei stëmmen, well eng ganz Rëtsch Verbesserung kumm sinn. An d'Gewerkschaften hunn dee jo och ënnerschriwwen. Mä ech wollt awer hei uprangeren, dass dat an eng ganz falsch Richtung geet, wann d'Eingangsléin gekierzt ginn.

Mir hu virdrun vun de Working Poor geschwat. Bei de Gemengen ass dat vläicht net esou de Fall. Mä bei de Privatbetriber ass dat awer de Fall. Wann d'Eingangsléin gekierzt ginn, heescht dat, dass déi Leit am Ufank vum Mount manner an der Pai hunn, dass se dann nach méi Schwieeregkeeten hunn, fir iwwert de Mount ewechzekommen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Här Gary Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter.

Et geet an déi falsch Richtung. Do ginn ech dem Här Ruckert Recht. Dowéinst wäerte mir net dofir stëmmen, och wann d'Gewerkschaften dat doten ën-

nerschriwwen hunn. Et ass och net jidderereen onbedéngt glécklech domadder gewiescht. Et war vläicht net méi dran an deem Kontext, dee mer haten oder deen d'Gewerkschaften virfonnt hunn.

Dat ass e politesche Kontext vun de Gemengeféierungen, déi en place waren, wéi déi dote Verhandlung gefouert gi sinn. Do gëtt einfach eng Tendenz ëngesat, wéi den Här Ruckert se elo beschriwwen huet, a mir maachen dat mat. Dat kënne mir als déi Lénk jidde-falls net mat verrieden.

D'Gewerkschaften hu sech dat doten net gewënscht. Mir denken, dass et och dat falscht Signal ass grad zu Lëtzebuerg bei eise Wunnengspräisser, déi dräi éischt Joren deenen déi nei ufänken, déi jo am Ufank probéiere sech iergendwéi e Liewen hei opzebauen, manner an der Pai ze ginn. Mir wëssen alleguerte ganz genee, wat dat heescht fir e Prêt a fir sech eben eng Wunnen ze erméiglechen.

Wann een d'Wunnsituatioun genau analyséiert, wien, wéini, zu wéi enge Präisser wunnt an Hypothéiken huet, wësse mer genee, dass et déi Jonk sinn, déi am Ufank méi bräichten an et net déi en fin de carrière, wou een onbedéngt. Well an deem Alterssegment sinn déi meescht, déi zu Lëtzebuerg wunnen ouni Prêt, dee se nach musse couvréieren.

Op jidde Fall kënne mir déi Verschlechterung net ënnerstëtzen. Et ass wéinst där Verschlechterung, wou déi Verhandlungen an déi zweet Ronn gaange sinn. Soss wär alles schonn ënner Dach und Fach gewiescht virun aacht Méint. Dorunner war anscheinend näischt ze maachen. Gott sei Dank sinn aner Verbesserung kumm. Dat ass och nëmme richtig esou. Mä dat do ass awer een Hauptfacteur gewiescht. An dee gëtt leider fir eis net opgehuewe vun deenen aneren.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Hartung.

10. Personnel communal

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Och d'CSV ass frou, datt et hei zu engem neie Kollektivvertrag koom, deen déi verschidde Gemengen a Syndikater droen, wou vill Verbesserunge fir d'Aarbechter dra stinn.

An deem Kontext muss een dann awer och soen, datt mer hei zu Déifferdeng Gott sei Dank déi gutt Situatioun hunn, datt mer versichen, alleguer déi Aarbechtsplazen an eise Gemengeservicer selwer ze halen. Ech denken, dat muss een an deem Kontext dann och soen.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung.

Déi Diskussioun si mat de Gewerkschafte gefouert ginn. Vlächicht am Ufank e bësse méi schlecht, duerno e bësse besser. Dat hei war de Kompromëss mat de Gewerkschaften. Well och bei eis ware verschidde Leit, déi gesot hunn, et ass vlächicht net gutt direkt am Ufank, well s de dann de Prêt hues, well s de wunne gees... Déi Diskussioun si gefouert ginn an dat hei war de Kompromëss herno zwëschen de Gewerkschaften an de Gemengevertrieder.

Ech hu schonn eng Kéier heibanne gesot: Ech wëll net soen, wat d'Leit bei eis verdéngen an deene verschiddene Carrièren. Mir hunn et emol eng Kéier ganz schnell ausgerechent. Do kann ee wierklech net méi vun Hongerléin schwätzen. Dat si Léin, wou een awer zu Lëtzebuerg normal dovunner liewe kann. Mir schwätzen hei vun héije Léin. Et geet wahrscheinlech ni duer.

Ech sinn domat averstanen, wann ee seet, am Privaten ass et anescht. Mä wann een hei de Punktwäert kuckt an dat multiplizéiert mol d'Punkten, gesitt der, datt mer hei vu Léin schwätzen zwëschen 3.300 a 5.700 Euro. Dat ass net grad näischt.

Mir hunn et awer och fäerdegbruecht, datt déi ënnescht Carrièren no uewe revidéiert gi sinn. Mir hunn et och fäerdeg bruecht, datt emol eng nei Tabell erakënnt vu Leit, déi am Laangzäitchô-

mage sinn. Dat ass och dran. Dat war nach ni dran.

Et muss een awer e bësse mat zwee Féiss um Buedem bleiwen. Ech fannen, datt dat wierklech eng riseg Verbesserung ass. Datt et net duergeet, ass jo kloer. Et wëll ee jo och ëmmer méi. Mä et muss een awer oppassen, datt een déi zwee Enner zesummekritt. Ech mengen, datt dat hei awer wierklech eng riseg Verbesserung ass. Zemoos fir déi an den ënneschte Carrièren.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver la convention collective de travail des salariés des communes du sud.

Dat hei ass just als Informatioun. Ech wollt, datt dat eng Kéier hei géif festgehale ginn. Quitte datt mer et déi lescht Joren esou gemaach hunn. Datt déi Leit bei eis an de Structure-d'acceullen all am SAS-Kollektivvertrag ugestallt ginn. Och eis Aide-educatricen. Dat wollt ech iech am Fong geholl just matdeelen.

Wann der domat averstane sidd. Mir hunn et bis elo esou applizéiert. Mir haten et just nach ni an de Gemengerot geholl. An ech hätt gär, datt dat gemaach gëtt. Datt jiddweree weess, wéi d'Leit bei eis agestallt ginn.

Madamm Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Ass dat zum Punkt 10 d)?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wat gelift?

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Ass dat elo zum Punkt 10 d)?

JERRY HARTUNG (CSV) se réjouit de la signature de ce contrat collectif en accord avec les différentes communes et les syndicats. Le contrat améliore la situation des salariés. À Differdange, les responsables politiques essaient de préserver les emplois dans les services communaux. C'est une bonne chose.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rappelle que les discussions ont été menées avec les syndicats et le contrat collectif constitue un compromis. La question des prêts immobiliers a été abordée et il a fallu trouver un compromis.

Roberto Traversini ne veut pas dire ce que gagnent les salariés dans les différentes carrières. Mais en tout cas, on ne peut pas parler de salaires de misère. On peut très bien en vivre à Luxembourg. Mais l'argent ne suffit jamais.

Dans le privé, la situation est peut-être différente. Mais à la commune, les salaires en question se situent entre 3000 et 5700 €. Ce n'est pas rien.

Les carrières inférieures ont été valorisées. Les personnes au chômage depuis longtemps profiteront aussi de nouveaux avantages. Mais il faut garder les pieds sur terre. Les gens veulent toujours plus, mais les communes doivent parvenir à joindre les deux bouts. Pour Roberto Traversini, le contrat collectif représente une amélioration énorme, surtout pour les carrières inférieures.

(Vote)

Roberto Traversini tient à rappeler que tous les employés des structures d'accueil de Differdange — y compris des aides-éducateurs — sont engagés d'après le contrat collectif SAS. Le bourgmestre tenait à le préciser pour que tout le monde sache comment sont engagés les gens.

CHRISTIANE SAEUL (DP)

demande s'il s'agit du point 10d.

11. Classement d'un immeuble

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

CHRISTIANE SAEUL (DP) demande si

elle peut prendre la parole.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

plaisante sur le fait que M^{me} Saeul a droit à tout.

CHRISTIANE SAEUL (DP) explique

que les salariés des structures d'accueil font partie de la convention collective SAS. Cela représente une amélioration massive pour quelque 150 personnes, dont les éducateurs gradués, les éducateurs diplômés et les aides-éducateurs.

Le DP approuvera la convention, mais Christiane Saeul a quelques questions. Elle a entendu parler de manque de personnel dans les structures d'accueil. Les agents de nettoyage seraient forcés de remplacer les éducateurs — notamment en été. Comment est-ce possible?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

confirme que les salariés de Differdange sont intégrés dans la convention SAS.

Il admet également que Differdange est confrontée à un manque de personnel dans le milieu éducatif. C'est dû au fait que la commune a fortement développé ses structures et au fait que beaucoup d'enfants naissent à Differdange, ce qui est une bonne chose.

Le marché est frappé d'un manque de personnel éducatif. Il suffit de regarder les journaux pour s'en rendre compte. Un samedi, Roberto Traversini a compté 87 vacances de poste dans un grand quotidien. Le problème à Differdange est massif. Mais la commune recrute du personnel tous les jours.

Parfois, des éducateurs s'en vont et le personnel remplaçant n'a pas besoin de qualifications particulières. La solution n'est pas idéale, mais c'est mieux que de renvoyer les enfants à la maison.

Depuis plusieurs années, Roberto Traversini a l'impression de ne faire que réagir. La commune doit dépasser le seuil des 75 % remboursés par l'État. Car si elle essaie de se maintenir à 75 % exactement, elle finit inmanquablement par retomber en dessous au bout d'une semaine. Tôt

BUERGERMEESCHTER ROBERTO

TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Däerf ech eppes dozou soen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO

TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo. Ganz gären, Madamm Saeul. Dir däerft alles.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. De sozioeducative Beräich, dat heescht d'Salariée vun de Structures d'accueil, schlësse sech zesumme mat der Kollektiv-Konventioun vun der SAS. Dëst bréngt eng massiv Verbesserung vun de Carrière fir plus minus 150 Leit an dese Strukturen. Ënner anerem fir d'Educateurs gradués an d'Educateurs diplômés, well eng nei Carrière-Struktur do ass. Parallel dozou gëtt och den Aide-Educateur opgewäert. D'DP stëmmt dës Konventioun am Interêt vun eiser Belegschaft.

Ech hätt awer dozou e puer Froen un de Schäfferot. Et ass mer zu Ouere gedroe ginn, dass de Personalmangel an de Structures d'accueil vun de Leit aus de Botzequippe misst opgefaange ginn. Dat war haaptsächlech dese Summer méi grouss an intensiv. Meng Froen wäeren: Wat ass do drun? Wéi kënn et dozou? Wat gedenkt de Schäfferot ze maachen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO

TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Éischtens emol ass dat alles richtig, wat Der gesot hutt. Ech wëll awer just hei soen, datt mer d'Leit bei eis all am SAS-Kollektivvertrag hunn.

Zu äre Froen: Et ass richtig, datt mer am Moment Personalmangel hunn. Mir sinn amgaangen ze rekrutéieren. Wann der kuckt, bal all Woch steet an der Zeitung, datt mer Leit brauchen. Dat kënn awer zum Deel dohier, well mer d'Strukturen erweidert hunn. Dat

heescht, mir hu vill méi Strukturen. A well mer vill Leit hunn, déi Kanner kréien. Mir haten déi Diskussioun schonn, wat jo och gutt ass, datt mer och herno Leit hunn, déi d'Pensioune bezuelen.

Et ass wierklech e grouse Manktem un edukativem Personal um Marché. Wann der d'Zeitunge samschdes kuckt, fir keng Zeitung ze nennen, gëtt et eng grouss, wou vill Annoncen dra sinn. Ech hat d'leschte Kéier gekuckt. Ech mengen, et waren eng 87 fräi Posten alleng op engem Samschdeg, déi dra stoungen.

Mir hunn do wierklech massiv Problemer. Mir sinn amgaangen, drun ze schaffen. Et lafe bal all Dag Virstellungsgesprécher. An all Dag stelle mer Leit an. Ech mengen net, datt et dowéinst ass, datt d'Leit et manner gutt bei eis sollten hunn.

Et ass och richtig, datt mer mol Personal hunn, dat fort geet. Mä d'Konventioun léisst dat zou. Fir Ersatzpersonal brauch ee keng eng extra Qualifikatiounen ze hunn. Dat heescht, déi Leit, déi mer siche ginn, si voll berechtigt, déi Aarbecht ze maachen. Et ass vläicht net déi ideaalst Léisung. Mä et ass op alle Fall besser, mir gräifen op déi Leit zréck an d'Kanner kënnen an eise Strukture bleiwen, wéi wa mer d'Kanner missten heem schécken.

Et ass e Problem. Zënter Joren hu mer d'Gefill, datt mer just ëmmer nëmmen hannendru schwammen. Dat ass kee gutt Gefill. Mir sinn eis eens, datt mer versichen, iwwert de Seuil vu 75% ze kommen, déi mer vum Stat erëmkréien. Well mer wëssen, wa mer bis do sinn, dauert et keng Woch, da si mer schonn erëm drënner. Dat heescht, mir wäerte versichen e puer Prozent driwwer ze leien. Quitte datt dann Enn dës Joers de Gemengerot driwwer decidéiert an datt mer musse wëssen, datt mer méi erëmbezuelen. Mä dat eent bréngt dat anert mat sech.

Wa mer just ëmmer wëlle genau um Seuil leien, lafe mer ëmmer hannendrun. Mir mussen einfach eng Kéier d'Decisioun huelen, datt mer e puer Prozent driwwer ginn.

Et ass awer ganz richtig, wat Der gesot hutt.

12. Règlements communaux

Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adhésion à la convention collective du secteur SAS pour les salariés des structures d'accueil.

Merci. Den eefte Punkt. Dat gött et och, gesitt der. Do sinn nei Proprietären an eiser Gemeng, déi esou e schéint Haus kauft hunn. Déi hätte gär, dass et klasséiert gött. An net nème baussen, mä och bannen.

Schéin, dass et dat gött. Ech mengen, dass et awer och vläicht eng Ureegung ass, well mer zënter Méint a Joren drop hiweisen, dass d'Bausubstanz och zum Patrimoine vun eiser Stad göllt. Ech mengen, dass dat awer och e bëssen dozou bäidréit.

Här Schwachtgen.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech begréissen et expressément, dass mer grad am alen Eck vun Déifferdeng, douewen an der Klouschterstrooss, op Initiativ vun de Proprietären deen do Fall elo hunn. Ech hoffen, dass deen och Schoul mécht.

Dat Haus ass 1909 gebaut ginn. Et huet ëmmer der Famill Pieren/Klein deemoos gehéiert. Herno der Famill Steroni/Pieren an esou virun. Eng bekannte Léierin aus Déifferdeng.

Duerno waren aner Proprietären dran. Haut ass elo déi Famill dran, déi et effektiv op den Inventaire supplémentaire vun de Sites et Monuments huele léisst. Wat schonn, mengen ech, e bëssen exceptionnel an der Gemeng ass. Mir hunn e puer rar architektonesch Objeten an der Gemeng just op deem Patrimoine supplémentaire. An hofentlech mécht dat e bësse schoul.

Ech mengen och, et sollt een déi Haiser e bëssen aus dem Anonymat huelen a vläicht och doduercher begleeden, dass ee se am Magazin eng Kéier virstellt. Ee vun eisen Historiker ka bestëmmt méi

Geschichten driwwer schreiwen, wéi ech elo zielen.

Ech hu mer just vun där Famill, déi dra gewunnt huet, e puer Saachen ziele gelooss, wéi schéin et och bannen dra war mat Stuck-Plaffongen. Et war e Sprangbur virun der Dier. Et huet fréier engem Notaire respektiv Dokter gehéiert. Et ass jo extra an der Klouschterstrooss an engem Eck eragebaut, vun der Hauptstrooss, vun der...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Roosevelt-Strooss.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Roosevelt. Vun der Weiergaass, Här Traversini.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Weiergaass. Pardon, jo.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Et ass jo an Ärer Noperschaft.

Et ass de Moment a Renovatioun. Ech hunn zwou Fotoe matbruecht. Leider ass mäin Tëntendrucker en panne gefall iwwert dem Drécken. Dat Haus ass aus dem Ufank vum 20. Joerhonnert.

Wéi gesot, mer sollte weider Werbung maachen. Ech hunn héieren, dass elo nach eng ganz Partie Propositione bäikomm si bei déi Lëscht, déi mer schonn ausgeschafft haten. Ech hat am Service nogefrot. Dat gött elo alles nogekuckt. An et ass elo nach ze froen, ob nach ëmmer Leit kënnen aus eegener Initiativ op déi Lëscht vun eiser Gemeng kommen, fir do begutacht ze ginn.

Et bréngt jo och eppes. Déi Leit kréie Consultatioun. Déi Leit kréien Hëllef, wa se hir Fassade frësch maachen, wa se hir al Fënstere wëllen doubléieren amplaz ewechzegehen.

ou tard, le conseil communal devra prendre une décision.

(Vote)

Roberto Traversini passe au point 11. Les propriétaires d'une maison ont demandé à ce que l'intérieur et l'extérieur soient classés. C'est une bonne chose. Roberto Traversini espère que cela incitera d'autres à protéger le bâti.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

se réjouit de cette demande de propriétaires dans la rue du Couvent à Differdange.

La maison a été construite en 1909. Elle appartenait à la famille Pieren-Klein et plus tard à la famille Steroni-Klein. Les propriétaires actuels souhaitent que la maison soit classée dans l'inventaire supplémentaire des Sites et Monuments. Actuellement, seuls quelques rares objets differdangeois y figurent. Fränz Schwachtgen espère que cette décision fera école. Il propose de sortir telles maisons de l'anonymat en les présentant dans le DIFF-MAG.

La maison en question a des plafonds en stuc. Une fontaine se trouvait devant l'entrée. La maison a appartenu à un notaire et à un docteur. Elle se situe au coin de la rue...

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

pense qu'il s'agit de la rue Roosevelt.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

répond qu'il s'agit de la rue de La-sauvage.

(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

s'excuse.

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

constate que M. Traversini habite tout près.

Il a apporté deux photos de la maison. Malheureusement, il n'a pas pu les imprimer, car son imprimante n'avait plus d'encre. Il répète que la maison date du début du XX^e siècle.

Il estime que la Ville de Differdange doit continuer à promouvoir ces mesures. Il a appris que la liste actuelle serait complétée. Il est dans l'intérêt des gens de faire évaluer leurs maisons puisqu'ils ont droit

13. Syndicats des communes

à des aides pour rénover leurs façades.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
passé aux règlements de circulation. Il demande à M. Liesch de présenter les points a et b en bloc.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)
explique que le point a est une modification du règlement de circulation. L'échevin précédent, M. Bertinelli a réalisé un travail formidable. Le nouveau collègue échevinal tient absolument à maintenir ce document à jour.

Les principales modifications concernent l'Entrée en ville et la rue du Gaz, la cité d'O, le Mathendahl 2. Les arrêts de bus de la commune sont répertoriés. Le Kannerbongert est désormais réglementé. La vitesse en direction de la France passera de 90 km/h à 50 km/h et touchera donc surtout le trafic de transit. Des ralentisseurs seront installés. Georges Liesch espère qu'il n'y aura jamais d'accident à ce croisement.

Georges Liesch mentionne ensuite une nouvelle voie pour le bus à l'entrée en ville pouvant aussi être utilisée par les cyclistes. À l'avenir, d'autres voies de bus seront aussi ouvertes aux cyclistes.

Les conseillers communaux peuvent consulter les points moins importants comme l'ajout de panneaux de signalisation dans leurs dossiers.

Pour ce qui est des règlements d'urgence, ils sont demandés par les habitants, par exemple lorsqu'ils ont besoin d'une partie du trottoir pour monter un échafaudage afin de refaire leur façade. Ces règlements sont approuvés immédiatement afin de ne pas faire attendre les gens et sont soumis au vote du conseil communal rétroactivement.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)
rappelle que la route de Longwy sera réglementée. S'agit-il d'un chemin repris ou d'une route nationale? Car si ce n'est pas une route communale, la Ville de Differdange n'est pas compétente.

Ech si frou doriwwer. Ech hoffen, dass et an déi Richtung mat eisem Patrimoine weidergeet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir och. Da kéinte mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité de se prononcer en faveur de la proposition de classement d'un immeuble sus au n° 5, rue du Couvent à Differdange sur l'inventaire des monuments nationaux.

Da komme mer zum nächste Punkt. D'Zirkulationsreglementer. Huel Der A a B mateneen, Här Liesch, w.e.gl. Merci.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. De Punkt A, dat si Modifikatioune vum Zirkulationsreglement. Do ass am viregte Schäfferot, ënnert der Leedung vum Fred Bertinelli eng super Aarbecht gemaach ginn, deen dee ganzen Dossier opgeschafft hat. Dir erënnert iech bestëmmt un déi Gemengerotssëtzung, wou mer dat Dokument hei haten. Mir wëllen op kee Fall dat Dokument al gi loossen, mä ëmmer à jour halen. Duerfir komme mer reegelméisseg heimat an de Gemengerot, fir en aktuell Verkéiersreglement ze hunn.

Déi gréissten Ännerungen, déi der an deem Dokument erëmfant, sinn déi Chantieren Entrée en Ville zesumme mat der Rue du Gaz. Dann hu mer d'Cité O, déi heimat reglementéiert gëtt. De Mattendall II, wou jo och schon d'Aarbechten am Gaang sinn. Da si mëttlerweil all d'Bus-Arrêten aus der ganzer Gemeng mat opgefouert.

Eisen neie Site douewen um Kannerbongert ass ganz nei reglementéiert ginn. Dir hutt eng Skizz am Dossier, wou der gesitt, wéi dat amenagéiert gëtt. Do gëtt d'Vitesse erofgesat. Dat heescht, dass elo douewen um Kanner-

bongert, Nidderkuer Richtung Franckräich – also haaptsächlech den Transitverkéier – op där doter Streck nach just 50 erlaabt ass an net méi 90. Do wäerten och nach Ralentisseure kommen, fir dass mer op där Kräizung hofentlech ni en Accident wäerten hunn.

Wat nach vläicht interessant ass: Eng Busspur ass elo oppaangen, déi och vu Vëlofuerer därfer benotzt ginn. Dat heescht am Zentrum an der Entrée en Ville ass d'Busspur och fir d'Veloen op. Eng Zweet si mer amgaangen a Richtung Nidderkuer. Anerer kommen no, soudass an Zukunft all d'Busspuren och fir d'Veloen op sinn.

Ech hunn elo just déi gréisser Punkten opgezielt. All déi kleng Saache wéi Schëlter, déi bäikomm sinn, fannt der am Dossier. Dat ass näischt Neies.

A wann ech deen zweete Punkt direkt mathuelen, sinn dat déi Règlements d'urgence, déi d'Leit esou ufroen. Zum Beispill, wa se eng Stee mussen oprichten, wa se hir Fassade frësch maachen. Dat musse se hei ufroen. D muss e règlement d'urgence gestëmmt ginn, fir dass se en Deel vum Trottoir kënne mat benotzen. Déi ginn ëmmer direkt uegell, fir d'Leit net waarden ze loossen, bis deen nächste Gemengerot ass. Déi ginn da retroaktiv gestëmmt. Déi, déi scho méi laang dobäi sinn, kennen dat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass zwee Meter vu mir ewech. Merci, Här Liesch. Eise Gemengesekretär hat gefrot, ob ech dat Haus géif kennen.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hu just eng Nofro. D'Hiel erop zu Nidderkuer – also d'Route de Longwy – gëtt reglementéiert. Ass dat e Chemin repris? Ass dat eng Rue nationale? Oder ass dat eng Gemengestrooss, wou mir d'Handhab driwwer hunn?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech hunn et akustesches net héieren.

13. Syndicats des communes

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

D'Lonkecher Strooss, de Kondel erop. D'Hiel erop op Nidderkuer a Richtung Fond-de-Gras gött hei reglementéiert. Ass dat eis Kompetenz? Ass dat e Chemin repris? Oder ass dat eng Nationale? Dat ass mer vun de Kaarten hier net kloer. Wann et eng Nationale ass, kënne mir jo net e Reglement drop setzen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dat ass an dësem Fall kloer. Dat läit an der Kompetenz vun der Gemeng. Mir ginn hin, dass mer dat Stéck uewen um Kondel erop – eigentlech just virdrun, wou et et jo erageet an de Kannerbongert – op Vitesse 50 reglementéieren. Do kommen och e puer Stoppschëlter bäi. Well Dir gesitt op der Skizz – duerfir läit déi jo dobäi –, dass mer do op deenen zwee Honnert Meter op 50 reduzéieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do misst ee vläicht kucken an Zukunft nach ze reduzéieren. Mä mir kucken dat.

Mir géifen zum Vott kommen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Alles, wat Verkéier ass?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo. Alles, wat Verkéier ass. A a B.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications du règlement général de circulation.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Da si mer bal um Schluss. Mir komme bei d'Syndikater.

(Ënnerbriechung)

Ah, d'Nuits blanches. Vun do un, dass den Här Mersch net méi hei ass...

(Gelaachs)

Dat war ëmmer dem Här Mersch seng Aufgab. Sidd der averstane mat deene fräien Nuechten, déi mer iech ausgedeelt hunn? Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé des nuits blanches officielles pour 2018.

Elo nach e bësse seriö. Mir hunn et geschwë gepackt. Dir gesitt, wéi eng Delegéierte mer a sämtlech Syndikater genannt hunn. Dir hutt och gesinn, dass mer weider der Opposition eist Vertraue ginn, dass se d'Stad Déifferdeng an deene Syndikater verriet. An net hir Partei oder hir Meenung. Mir vertrieiden do d'Stad Déifferdeng. Ech muss soen, dass dat déi lescht véier Joer vun do un, wou mer dat agefouert hunn, exzellent gelaf ass.

Mir kucken, wann et zäitlech méiglech ass, wann een alleng an engem Syndikat ass a kee vun der Opposition dobäi ass, dass deen eis eemol am Joer oder all zwee Joer am Gemengerot eppes dorriwwer zielt. Op alle Fall, vun do un, wou den Här Ali Ruckert am Sidor ass, hu mer ganz vill Suen erëmkritt. Fuert esou weider, Här Ruckert.

(Ënnerbriechung duerch den Här Ruckert a Gelaachs)

Dofir hu mer Iech och ganz gären do dra gelooss.

Ech wëll d'Nimm elo net all opzielen. Sidd der domat averstanen? Et kënnt just een Numm bäi. An eng kleng Ännerung. Am TICE ass den Här Altmeisch aus der LSAP vertrueden. An am Conseil vun de Museksschoulen ass den Här Meisch als Suppleant dran. Ass dat esou?

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *n'a pas entendu ce qu'a dit M. Diderich.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *demande si la règlementation de la route de Longuy en direction du Fond-de-Gras est bien de la compétence de la commune. Les cartes ne sont pas claires.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *répond que la route est de la compétence de la commune. La vitesse sera limitée à 50 km/h à partir du Kannerbongert sur quelque 200 m. La commune installera aussi quelques stops.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *propose de réfléchir à une réduction ultérieure de la vitesse à l'avenir.*

(Vote)

Roberto Traversini passe aux syndicats.

(Interruption)

Roberto Traversini constate qu'il a oublié les nuits blanches. C'était toujours M. Mersch qui s'occupait de ce point.

(Rires)

(Vote)

Roberto Traversini passe aux délégués auprès des syndicats. Le collègue échevinal continuera à faire confiance aussi à des membres de l'opposition, car ils représenteront Differdange et non leur parti. Les quatre dernières années, cela s'est très bien passé. Dans la mesure du possible, les délégués présenteront les nouveautés une fois par an ou tous les deux ans.

Roberto Traversini ajoute que depuis que M. Ruckert représente Differdange au SIDOR, la commune a reçu beaucoup plus d'argent.

(Interruption de M. Ruckert et rires)

Roberto Traversini explique que c'est la raison pour laquelle M. Ruckert reste délégué dans ce syndicat. Le bourgmestre ne veut pas énumérer tous les noms. Parmi les nouveautés figurent M. Altmeisch auprès du TICE et M. Meisch auprès du Conseil des écoles de musique en tant que suppléant.

14. Commissions consultatives

TOM ULVELING (CSV) ajoute
M. Bernard.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
constate que M. Bernard ne figure
pas sur la liste.

(Interruption)

Roberto Traversini mentionne en-
suite M^{me} Saeul auprès du SICEC et
M. Diderich auprès du SES.

ERNY MULLER (LSAP) se réjouit que
le collègue échevinal poursuive l'ini-
tiative permettant aux membres des
fractions d'occuper une place dans
les syndicats. Il est cependant déçu
qu'avec quatre mandats, les socia-
listes n'aient obtenu qu'un repré-
sentant.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
s'est tenu à ce qui avait été fait il
y a quatre ans. À l'époque, les dé-
mocrates disposaient de sept sièges,
mais n'avaient obtenu qu'un repré-
sentant auprès des syndicats. Ce-
pendant, le collègue échevinal a l'es-
prit ouvert. Si des changements ont
lieu dans les syndicats, les ASBL
ou les fondations, des membres de
l'opposition pourront être choisis.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) a lu
le programme de coalition. Or il
constate que les délégués aux syn-
dicats se composent de 2 femmes et
de 26 hommes.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
lui demande s'il parle des syndicats.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) répond
que oui. Le programme de coalition
parle de parité.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
dit que le collègue échevinal y tra-
vaille.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) réplique
qu'il a du pain sur la planche.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
constate que c'est vrai. Mais la si-
tuation va évoluer au fil du temps.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) répond
que dans trois ans, déi Lénk comp-
tera une femme de plus dans ses
rangs.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An den Här Carlo Bernard.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO
TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo, mä dee steet net op der Lëscht.

(Ënnerbriechung)

Pardon. Dat war nach net op der Lëscht.
De SICEC ass d'Madamm Saeul. Déi
aner misste mer all hunn. Den Här
Gary Diderich ass am SES.

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir begréissen, dass de Schäfferot déi
Initiativ weiderféiert, fir den eenzelne
Membere vun de Fraktiounen hei eng
Plaz an de Syndikat ze ginn. Mir si just
e bëssen enttäuscht. Mir hu véier Man-
dater, anerer der zwee oder een. A mir
hu just ee Vertrieeder kritt. Dat huet eis
e bëssen enttäuscht. Dat muss ech awer
éierlech soen. Mä fir de Rescht ass déi
Initiativ weider gutt gemaach.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO
TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir hunn eis am Fong geholl un dat
gehalen, wat mer viru véier Joer ofge-
maach haten. Deemoools haten eis Kol-
lege vun der DP siwe Sätz an haten och
just ee kritt. Dann hätten déi der vill
méi misse kréien.

Mä mir sinn op. Mir sinn net zou. Wa
sech nach eppes deet an deene verschi-
dene Syndikater, Asblen oder Fondati-
ounen, hu mir absolutt kee Problem,
Leit aus der Oppositoun dohinner ze
schécken. Well ech muss soen, datt dat
extrem gutt geklappt huet.

Den Här Diderich freet d'Wuert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hunn eng Bemierkung ze maachen.
Ech hunn de Koalitiounsprogramm
elo an där Zäit gelies. Mir si bei zwou
Fraen a 26 Männer, déi mer an d'Syndi-
kater schécken.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO
TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

An d'Syndikater?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo. Am Koalitiounsprogramm steet Pa-
ritéit.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO
TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo. Mir versichen drun ze schaffen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Do wäert also nach vill Aarbecht sinn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO
TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir hu vill Aarbecht.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Da géif ee soen, dass een dat elo stëmmt,
mä dass een dann nach...

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO
TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

An dräi Joer ass et jo schonn erëm e
bëssen aneschters, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An dräi Joer bréngt mir jiddefalls eng
Fra weider eran.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO
TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech hoffen, datt mer dat an de Kom-
missiounen och esou kënnen zielen,
Här Diderich.

Mir schaffen drun. Ech muss awer och
soen, datt dat een an dat anert nach
kann änneren. Déi Syndikater setze
sech nei zesummen. Et ka ganz gutt
sinn, datt mer nach méi oft zrëckkom-
men. Mir komme esou oft zrëck, wéi de
Gemengerot dat fir richtig fënnt.

14. Commissions consultatives

Kënne mer zum Vott kommen? Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la nomination des délégués représentant la Ville de Differdange dans les syndicats de communes.

Da wärem mer bei de Kommissiounen. Mir géifen d'Presidenten an d'Presidentinnen virhuelen, wann der wëllt?

(Ënnerbriechung)

Et gött zwou Méiglechkeeten, seet eise Gemengesekretär. Dir hutt alles ausgedelt kritt. Ech wäert elo net déi 143 Nimm virlesen. Dir gesitt jo, wou mer iwuerall Presidenten a Presidentinnen hunn.

Här Diderich, hei hu mer e bësse Paritéit bei de Presidenten an de Presidentinnen. Do si mer scho méi no. Mir schaffen drun.

Da géif ech iech froen, wann der domadder averstane sidd.

Den 13. Dezember ass eng nächst Gemengerotssitzung. Ech soen iech och herno déi, déi mer scho bis d'grouss Vakanz provisoersch festgehalten hunn. Den 3. Januar wäert de Budget presentéiert ginn an den 10. Januar d'Diskussiounen.

Kënne mer déi 143 Leit en bloc esou guttheeschen?

Jo, Här Muller. Ganz gär.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hu gesinn, eng Partei huet d'Klimatteam mat erageholl. Déi meescht hunn dat awer net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Well d'Klimatteam jo en Appel séparé war. Well mir hunn och eng Vertriederin am Klimatteam. Mir hunn dat awer elo net hei berécksiichtegt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nee. Selbstverständlech ass déi dran.

ERNY MULLER (LSAP):

Okay.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Iwwert d'Klimatteam kënne mer nach den 13. Dezember schwätzen. Do wäerte sécher och nach déi eng oder déi aner Ännerunge kommen.

Mir wäerten och eng Versammlung maache mat de Presidente vun de Kommissiounen, fir datt mer awer eng gewësse Linn hunn, u wat ee sech soll halen.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir géifen dat op jidde Fall esou stëmmen.

Allgemeng zu de Kommissiounen, e puer Bemierkunge vun eiser Säit. Den Här Schwachtgen hat vu Revaloriséierung vun de Kommissiounen a Biergerbedelegung geschwat. Do stellt sech d'Fro, wann ech de Koalitiounsprogramm kucken, ob mer vläicht spéider nach verschidde Kommissiounen zum Deel opmaache fir interesséiert Bierger.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

A vläicht och Paritéit. Et huet elo wahrencheinlech keen déi 144 Memberen,

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que la situation dans les commissions peut encore évoluer.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux présidents et présidentes des commissions.

(Interruption)

Roberto Traversini ne compte pas lire les 143 noms. Il signale à M. Diderich que l'équilibre entre hommes et femmes est presque assuré pour ce qui est des présidents.

Le bourgmestre signale aux conseillers communaux que la prochaine séance aura lieu le 13 décembre, la présentation du budget le 3 janvier et les débats budgétaires le 10 janvier.

Il demande si les membres des commissions peuvent être votés en bloc.

ERNY MULLER (LSAP) précise que les socialistes comptent une représentante au sein du Klimatteam. Mais ils n'en ont pas tenu compte, en raison de l'appel séparé.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que c'est juste.

Il sera question du Klimatteam le 13 décembre. Il y aura des changements.

Le collègue échevinal se réunira avec les différents présidents pour dresser une ligne commune.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) approuvera les commissions.

Tout à l'heure, M. Schwachtgen a parlé de revalorisation des commissions et de participation citoyenne. Ne faudrait-il pas ouvrir les commissions aux citoyens intéressés?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) revient sur la question de la parité. Il suppose que personne n'a compté tous les membres des commissions et du comité.

14. Commissions consultatives

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond que la parité est presque atteinte.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *demande à M. Traversini s'il parle des commissions.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond que oui, en tout cas pour ce qui est de déi gréng.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *ajoute qu'il faut aussi éviter de rassembler toutes les femmes dans la commission scolaire et la commission des enfants, et les hommes dans la commission des bâtisses. C'est ce qui s'est passé au cours de la dernière période législative.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
rappelle que la commission des bâtisses compte une présidente.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *signale qu'il y a une différence entre membres et observateurs. Or dans la pratique, cela ne change rien, car les commissions ne votent pas. Il ajoute qu'à Luxembourg-ville, chaque parti élu a droit à un membre dans chaque commission. C'est logique.*

Gary Diderich se réjouit que déi Lénk dispose d'un observateur et qu'il ait été proposé pour la commission des loyers, un sujet qui lui tient particulièrement à cœur.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
plaisante sur le fait que M. Diderich n'est pourtant pas une femme.
(Rires)

M. Diderich est en droit d'avoir des exigences. Mais dans la pratique, il n'y a pas de différence entre les observateurs et les membres. Il s'agit simplement de faire une distinction pour tenir compte des résultats des élections. Les observateurs peuvent eux aussi prendre la parole. Mais il faut respecter la volonté des électeurs.

Roberto Traversini ajoute que les vice-présidents sont élus par les commissions. Le collègue échevinal suggère aux commissions de choisir un membre de l'opposition. Il espère que le message passera aux présidents. Il sait bien qu'il est parfois difficile de choisir un vice-pré-

déi mer fir d'Éischt gesinn hunn, scho gezielt. Net nëmmen d'Presidenten, mä och d'Membere vum Comité.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir sinn net wäit ewech, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och an de Kommissioun selwer?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo. Bei deene Gréngen op alle Fall.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ah. Mä et misst een do eng Kéier kucken. Net, dass mer erëm esou Tendenzen hunn, dass mer bei Kanner a Chancëgläichheet a Schoul vill Fraen hunn a bei Bauten a Finanzen zum Beispill manner Fraen. Esou war dat d'lescht Mandatsperiod. Dass een do eben nach kéint dru schaffen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Bei de Bauten ass eng Fra Presidentin.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo. Ech weess. Dat ass och gutt esou. Just, dass en Ënnerscheid gemaach gëtt zwëschen Observateur a vollem Member. Dat versti mir net ganz. Et mécht u sech jo bal keen Ënnerscheid, well a wéinege Kommissiounen ofgestëmmt gëtt. Mä jiddefalls vum Gemengereglement hier, gëtt et kee Grond dat esou ze maachen.

An der Stad Lëtzebuerg gëtt et 27 Conseilleren. Eng Partei, déi just ee Vertrieeder huet, huet awer an all Kommissioun ee Vertrieeder. Dat heescht wann de Bierger op d'mannst ee Vertrieeder an de Gemengerot wiert, denken ech, dass déi logesch Schlussfolgerung misst sinn, dass een och ee volle Vertrieeder pro Kommissioun huet. Well d'Kommissi-

oun e jo consultativ sinn zum Schäfferot an indirekt och zum Gemengerot.

Mir begréissen et op d'mannst emol, een Observateur nach an der Kommissioun ze hunn. Mir begréissen och ausdrécklech, dass ech proposéiert gi sinn zu mengem ganz positiven Iwwerrasche fir d'Loyerskommissioun, wat en Thema ass, wat mer ganz staark um Häerz läit.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir sidd zwar keng Fra, mä mir hunn Iech awer dohinner gesat. Gesitt Der?

(Gelaachs)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat ware meng Bemierkungen dozou. Mir wäerten dat esou ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir versiche jiddwereen d'selwecht ze behandelen och nom Wahlresultat. Et kann een natierlech dat fuerderen, wat Der fuerdert. Dir hutt en Observateur dran. Dir wësst, dass déi grad esou ugesi ginn an de Kommissiounen, wéi wa se Membere wieren. Ech mengen net, dass do een e Stempel opgedréckt kritt.

Et ass einfach eng Gerechtegkeet fir déi Parteien, déi awer méi Prozenter hunn, fir do awer e klengen Ënnerscheid ze maachen. Mä och do si mer bereet mateneen ze schwätzen an en Aarbechtsgrupp ze maachen. Mä, ënnert dem Stréch, wësst Der, dass d'Observateuren deeselwechte Stellewäert hunn. Se kënnen och matschwätzen. Mä et ass einfach aus Respekt vis-à-vis vum Wierlerwëllen, dass do no de Prozenter gekuckt gëtt.

Wat mer och decidéiert hunn – an och schonn d'leschte Kéier, quitte dass dat heiansdo schif gaangen ass, mä dat war dann net dem Schäfferot seng Schuld: D'Vizepresidente ginn an déi jeeweileg Kommissioun gewielt. Well mer och do fannen, dass ouni Problem ee vun

14. Commissions consultatives

der Opposition Vizepräsident oder Vizepräsidentin ka ginn. Ech perséinlech géif et begréissen, wann et esou géif gemaach ginn.

En Appel vum Schäfferot, dat un eis Presidenten a Presidentinnen esou widerzeginn. Datt d'Opposition soll do d'Vizepresidentschaft vun de Kommissiounen iwwerhuelen. Ech weess, datt et heiansdo schwéier ass. Mä dat ass op alle Fall eise Wonsch. Kuckt just, wann dat ze maachen ass.

Jo, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hunn eppes vergiess. Dat anert war – dat hate mer Iech och esou gemailt –, dass mer d'Fro wollten opwerfen, ob et net méiglech wär, Suppleanten ze nenne fir d'Vertrieder an de Kommissiounen, fir dass, wann eng Kéier een net ka goen, een dann awer een anere kéint schécken. Besonnesch wann ee just ee Vertrieder huet. Heiansdo ass een dräi Woche krank oder dräi Méint krank. An dann extra dofir an de Gemengerot ze kommen, mécht wéineg Sënn.

Wann een do Suppleanten hätt, wéi dat an anere Gemengen de Fall ass, kéint een awer heiansdo intervenéieren. Quitte dass et d'Zil soll sinn, dass ee kontinuéierlech do ass. Mä dat wär wierklech fir Ausnamesituatiounen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass ganz richtig, wat Der sot. Wann ee just eemol all sechs Méint oder eemol am Joer dohinner geet, bréngt dat net extra vill. Ausser wann een d'Dokumenter mat heem kritt.

Mir kënnen awer eng Kéier doriwwer schwätzen. An iwwerhaupt iwwert d'Règlements internes. 2006, Här Goffinet, wann Der Iech kennt drun erënnere, hate mer dorunner geschafft. Bis elo ass nach näischt dru geännert ginn. Firwat net dat op de Leescht huelen an e puer Verbesserung maachen. Do sidd Der ganz gär wëllkomm, Här Diderich.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Just ee Wuert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, ganz gären.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Een, deen en halleft Joer oder méi laang net kënnt, kéint een och u sech d'office ersetzen. Eng Kommissioun ass e wichtegt Organ. Och wann et berodend ass. Dat wär awer dee richtege Wee.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

D'Partei kënnen dat jo zu jidder Zäit maachen.

SERGE GOFFINET (LSAP):

D'Partei kënnen et maachen. Mä et misst och d'Méiglechkeet ginn, wann een einfach net aktiv ass, dass een dee kéint erausboxen. Dat ass emol mäin Avis.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass e ganz positiven Avis. Ech sinn Ärer Meenung. Mir sollten de Parteien dat awer net virschreiw. Do mussen d'Parteien hir Verantwortung iwwerhuelen.

Am Ufank ass ëmmer groussen Undrang an zum Schluss, déi lescht zwee dräi Joer, wann ech verschidde Kommissiounen kucken, souzen der deemno just zwee oder dräi do. Dat ass och net positiv. Ech hoffen, dass deen Undrang, deen elo iwwerall an de sämtleche Parteien ze vermieren ass, déi sechs Joer unhält. Da stellt sech de Problem net vum Suppleant. Well elo huet een d'Gefill, et wäeren net genuch Plazen an de Kommissiounen.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Dowéinst och déi Propos.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Goffinet.

sident de l'opposition, mais c'est le souhait du collègue échevinal.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

a oublié de demander s'il était possible de nommer des suppléants pour les commissions au cas où un membre tomberait malade. Il peut arriver que quelqu'un doive s'absenter pendant plusieurs semaines ou plusieurs mois. D'autres communes disposent de suppléants pour les situations exceptionnelles.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est d'avis que si l'on se rend aux commissions une fois par semestre ou une fois par an, cela ne sert à rien. Il propose de discuter des règlements internes ultérieurement. La question avait déjà été abordée en 2006, mais rien n'a changé depuis.

SERGE GOFFINET (LSAP) *estime qu'un membre ne se présentant pas aux réunions pendant six mois ou un an devrait être remplacé d'office. Les commissions sont des organes importants, même si elles ont uniquement consultatives.*

TOM ULVELING (CSV) *répond que les partis peuvent le faire à tout moment.*

SERGE GOFFINET (LSAP) *acquiesce. Mais il faudrait pouvoir sortir quelqu'un qui n'est tout simplement pas actif.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est du même avis, mais il faut laisser les partis prendre cette décision. Au début, il y a toujours beaucoup de monde, mais au bout de deux ou trois ans, il n'en reste que quelques-uns. Ce n'est pas bien. Car actuellement, le problème des suppléants ne se pose pas. On a l'impression qu'il n'y a pas assez de place pour tout le monde.

SERGE GOFFINET (LSAP) *répond que c'est la raison pour laquelle il a fait cette proposition.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

l'en remercie et cède la parole à M^{me} Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP) demande s'il est possible d'assister à une réunion de commission en tant que conseiller communal même si l'on n'est pas membre.

TOM ULVELING (CSV) répond que oui.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) confirme que c'est évident. Il compte rencontrer les présidents des commissions prochainement. Il abordera notamment la question des invitations et des rapports.

Bien entendu, les remplacements sont plus faciles, si des suppléants sont prévus. Mais les conseillers communaux peuvent assister aux réunions. D'ailleurs, ils reçoivent une invitation. Ce sera plus facile lorsque tout le monde aura un laptop.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) propose un calendrier commun.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe au vote.

(Vote)

Roberto Traversini clôture la séance.

Ganz gären, Madamm Saeul

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Ganz kuerz, Här Buergermeeschter. Wann ech zum Beispill un engem Punkt ganz staark interesséiert sinn an enger Kommissioun, awer net an der Kommissioun sinn, kann ech als Gemengerot...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Selbstverständlech.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

... wéi dat virdrun och üüblech war no-lauschtere goen?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Selbstverständlech.

Dofir hunn ech gesot, datt ech d'Presidente gär géif gesinn. Dat geschitt och ganz geschwënn. Mir versiche méi handendrun ze bleiwen, wat d'Invitatiou-

nen an d'Berichter ubelaangt, wat an enger Kommissioun geschitt.

Dann ass et natierlech och méi einfach, wann s de ee muss ersetzen, wann s de ee Suppleant hues. Dat ass ganz richtig.

Als Gemengerot kënnt der zu all Abléck an d'Kommissiounen goen. Mä sämtlech Verrieder kréie jo eng Invitatioun. Et ass jo net, datt keng Invitatiounen géifen erausgoen. All d'Verrieder kréien eng Invitatioun. Déi kënnen iech dat jo matdeelen. Mir versichen eis awer do nach ze verbesseren. Wa jiddweree bis esou e gescheite Laptop huet, ass et vläicht nach méi einfach.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

E gudde gemeinsame Kalenner.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wäert Iech dann och d'Sitzunge matdeelen.

Le conseil communal approuve à l'unanimité la nomination des membres permanents et des présidents des commissions consultatives.

Kommt, mir schléissen d'Sitzung, andeems mer elo zum Vott kommen.

(Vott)

Exzellent. D'Sitzung ass eriwwer. D'Journaliste mussen eraus.

ÉTAT CIVIL – NAISSANCES

BUTTAFUOCO Rose Marie	Metz (F)	12.07.2017
TOLLARDO FERNANDES Morgane	Esch-sur-Alzette	30.08.2017
CARVALHO RODRIGUES James	Esch-sur-Alzette	03.09.2017
COURTOIS Aénor Marion Elise	Esch-sur-Alzette	02.09.2017
MIGUEL PEDROSA Lysani	Esch-sur-Alzette	03.09.2017
MEHOVIC Aman	Esch-sur-Alzette	06.09.2017
OULATTOU Aicha	Rabat, Maroc	07.09.2017
DOS SANTOS DINIZ DE MOURA Mike Anderson	Luxembourg	10.09.2017
FRENTZ Raphaël	Esch-sur-Alzette	11.09.2017
MADHI Elaine Ali Hussein	Esch-sur-Alzette	13.09.2017
BARROS SEMEDO Enzo Francisco	Esch-sur-Alzette	14.09.2017
DE CARVALHO FERREIRA Matilde	Luxembourg	14.09.2017
PEREIRA Dylan	Woluwe-Saint-Lambert (B)	
FERNANDES Jayhan	Luxembourg	15.09.2017
JUNIUS Agathe	Esch-sur-Alzette	16.09.2017
POLIGNANO MENDES Mackenzie Rose	Luxembourg	20.09.2017
EL GUERRAB Lina	Luxembourg	21.09.2017
DA SILVA FERNANDES Gabriela	Esch-sur-Alzette	26.09.2017
WU Boven	Esch-sur-Alzette	27.09.2017
DA CUNHA PEREIRA Iris	Luxembourg	27.09.2017
FURTADO ALVES TEIXEIRA Deyvon	Esch-sur-Alzette	29.09.2017
LEIRAS DA SILVA Enzo	Luxembourg	02.10.2017
SHALA Eldon	Luxembourg	03.10.2017
BOUAFIF Mayassine	Luxembourg	03.10.2017
AFOUN Kyan	Esch-sur-Alzette	04.10.2017
BESTGEN Sébastien	Esch-sur-Alzette	06.10.2017
VELOSO RIBEIRO Mayara	Esch-sur-Alzette	07.10.2017
FERREIRA MARTINS Arianne	Esch-sur-Alzette	07.10.2017
REXHA Jon	Esch-sur-Alzette	11.10.2017
FORTES BARBARO Jayleen	Luxembourg	11.10.2017
SHKURENKO Philip	Luxembourg	12.10.2017
DERVISEVIC Davud	Esch-sur-Alzette	13.10.2017
CARLIZZI Olivier Paul	Esch-sur-Alzette	13.10.2017
FERREIRA Barbosa Léa	Esch-sur-Alzette	15.10.2017
VEIGA NARDELLA Inaya	Luxembourg	16.10.2017
COSTA MARTINS Evan	Esch-sur-Alzette	17.10.2017
DA SILVA PINTO Lara	Luxembourg	18.10.2017
AL-BALAWÉ Mariam	Luxembourg	19.10.2017
PINTO PÉREZ Mário	Luxembourg	20.10.2017
MARQUES PINTO Diego Philippe	Luxembourg	20.10.2017
SILVA RAMOS Martim	Esch-sur-Alzette	22.10.2017
LOPES PIRES Charlène	Esch-sur-Alzette	22.10.2017
MAY Nolan	Luxembourg	22.10.2017

ALMEIDA RODRIGUES Luena	Esch-sur-Alzette	23.10.2017
RODRIGUES RIBEIRO Nina	Luxembourg	23.10.2017
PRENTIKJ Damir	Esch-sur-Alzette	27.10.2017
PINTO ABREU Luísa	Luxembourg	27.10.2017
ALBINO DOS SANTOS Jade	Esch-sur-Alzette	27.10.2017
HIGGINS NAOISE Pádraig	Luxembourg	31.10.2017

ÉTAT CIVIL – DÉCÈS

JAERLING Julien Michel	Nieder Korn	01.09.2017
DA ROCHA FERNANDES Rosa Maria, ép. de DIAS Augusto Faria	Luxembourg	04.09.2017
KASPROWICZ Janina, vve de XHANGO Qemal	Esch-sur-Alzette	08.09.2017
KIRSCH Anne Maria, vve de BRASSEL René Marie	Luxembourg	09.09.2017
DALEIDEN Guillaume René Nicolas Jean, vf de GLAUBEN Lydie Catherine	Esch-sur-Alzette	11.09.2017
EICKMANN Ernest Henri	Esch-sur-Alzette	11.09.2017
DA SILVA RIBEIRO Maria Albana, ép. de TEIXEIRA Carlos Alberto	Luxembourg	12.09.2017
BAUSTERT Jacques, vf de WAGNER Marguerite	Esch-sur-Alzette	13.09.2017
LEFEBVRE Flore Elise, vve de D'AVENIA Claude	Differdange	15.09.2017
MENDES ANDRADE António, ép. de LOBO Casimira	Vieira do Minho (P)	15.09.2017
STREVELER Marco Nico	Luxembourg	17.09.2017
BOSSIO Giuseppe	Nieder Korn	25.09.2017
THILMANY Hedwige Agnès, vve de DIEDENHOFEN Jean-Pierre	Pétange	25.09.2017
LINSTER Regine, vve de NÜRENBERG Joseph Camille	Nieder Korn	25.09.2017
GIAMPELLEGRINI Orise Flavio, ép. de BOUR Astrid	Nieder Korn	29.09.2017
WEBER Henriette Elisabeth Catherine, vve de WEIS Marcel Aloyse Jacques	Differdange	03.10.2017
ZAHLES Armand Lucien Jean, ép. de ROTA Lilianna	Nieder Korn	07.10.2017
REILAND Marguerite, vve de GINDT August	Bascharage	10.10.2017
DE SOUSA Vasconcelos Gwendolyne	Woluwe (B)	10.10.2017
MARTINS José, ép. de SILVA Leal Amália	Luxembourg	10.10.2017
BRUBACH Virginie Maria, vve de MORES Antoine Charles	Esch-sur-Alzette	11.10.2017
STANCIU Paul, ép. de GHEORGHE Vasilica	Esch-sur-Alzette	13.10.2017
ZOVER Marie, vve de DIEDERICH Jean Lambert	Ober Korn	16.10.2017
GLAVICICH Emma, ép. de CHRISTMANN Jacques Mathieu	Esch-sur-Alzette	18.10.2017
LEANDRO Kilian	Ober Korn	19.10.2017
DO ROSÁRIO Martins António Augusto	Esch-sur-Alzette	23.10.2017
KRIPLER Jean-Marie, ép. de MARINGER Myriam Marie Rollande	Nieder Korn	23.10.2017
THEIN Emile, ép. de LÉON Margot Marie Anne	Nieder Korn	25.10.2017
GREISCH Astrid Georgette	Nieder Korn	25.10.2017
RASCH Ernestine, vve de BERNARD Jean-Pierre	Esch-sur-Alzette	28.10.2017
WAGNER Fernand	Nieder Korn	31.10.2017

ÉTAT CIVIL – MARIAGES

THREINEN Eric Jean Louis & DANIELYAN Armenuhi	01.09.2017
DASTHY Sascha Mario & ACKERMANN Caroline	01.09.2017
SCHENK Danny & FERNANDES Cindia	01.09.2017
COLBETT Christian & FERREIRA FERNANDES Silvia	06.09.2017
WELLIONG Roy Antoine & KIM Ha Na	15.09.2017
SILVA Miguel André Filipe & REIS DUARTE Cinthia	16.09.2017
DI NARDO Vanessa & MWAWASHE Evans Khashihiri	22.09.2017
WAGNER Guillaume Frédéric Joseph & PRABORAN Nipaporn	22.09.2017
MULLER Christian Marcel & ENDRES Sandra	14.10.2017
WEBER Gérald Adolphe Marie Adrien & EPPE Marie-France Huguette	14.10.2017
MALAQUIAS Da Silva Rúben Alexandre & DOS SANTOS Ana Sofia	23.10.2017

VARION PRODUCTIONS PRÉSENTE

MAXIME ARRIVE EN VILLE GASTEUIL

MISE EN SCÈNE
ÉDOUARD PLUVIEUX

AALT STADHAUS
5 MAI 2018 | 20H30

TICKETS (25EUR)
WWW.LUXEMBOURG-TICKET.LU
WWW.TICKET-REGIONAL.LU

WWW.STADHAUS.LU

「varion」

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT
STADHAUS
Differdange